


# INFO BLAT

°01 24

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 24. JANUAR 2024




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT °01 24

**COMPTE-RENDU DU 24 JANVIER 2024**

4–86

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 01/2024**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 24 JANVIER 2024

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Zenia Charlé (LSAP)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (Piraten)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Eina Ceman (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Présentation des projets du CIGL Differdange par les dirigeants de l'association.**
3. **Projets communaux :**
   a. Construction d'une crèche et de logements pour jeunes dans le quartier Arboria à Differdange, article budgétaire 4/259/221311/18017, décompte ;
   b. Rénovation et transformation des maisons situées place Saintignon à Lasauvage (adjacentes au gite rural), article budgétaire 4/430/221312/21005, devis supplémentaire.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :**
   a. Modification ponctuelle de la partie écrite du PAG à Differdange concernant l'article 11 sur les emplacements de stationnements et l'article 18 concernant les zones délimitant les fonds soumis à l'élaboration d'un plan d'aménagement particulier nouveau quartier — saisine du conseil communal suivant l'article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain ;
   b. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Op-de-breeden-Dréischer à Oberkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la société BEPE IMMO SARL.
5. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié de bail emphytéotique et de vente d'un appartement situé dans le Gravity Tower à Differdange ;
   b. Convention avec l'État du Grand-duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la reconstruction du passage supérieur routier dit Schwaarzbréck à Oberkorn et transfert de propriété d'une partie de l'ouvrage ;
   c. Autorisation domaniale avec l'État du Grand-duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la mise à disposition pour une durée de quatre ans d'un terrain faisant partie du domaine ferroviaire pour les besoins de la police grand-ducale en vue d'y aménager un parking ;
   d. Convention visant la cession d'une parcelle (trottoir) dans le cadre de la construction d'une maison unifamiliale dans la rue Jos-Lommel à Niederkorn ;
   e. Contrats de location de parcelles aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn ensemble avec le devis, le plan d'implémentation du parking projeté en ces lieux ainsi qu'une adaptation de l'article budgétaire 4/623/221322/24002 ;
   f. Deuxième avenant au contrat de location conclu avec l'État du Grand-duché de Luxembourg concernant une partie de la villa Hadir située au no 51 de la rue Émile-Mark à Differdange ;
   g. Contrat de bail pour un logement locatif situé au sein du complexe Gravity à Differdange ;
   h. Contrat de bail commercial d'un local situé au no 4 de l'avenue de la Liberté à Differdange ;
   i. Contrats de bail et un avenant concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
   j. Convention de coopération avec l'établissement public Servior portant sur la mise à disposition du système de poubelle intelligente ORBISK ;
   k. Premier avenant à la convention du 4 février 2022 avec l'ASBL Poppespënnchen.
6. **Règlements communaux :**
   a. Charte de bonne conduite à respecter en cas de manifestation dans l'espace public ;
   b. Règlement d'ordre intérieur relatif aux archives communales de la Ville de Differdange ;
   c. Modification du Règlement de circulation ;
   d. Règlements temporaires de circulation.
7. **Commissions consultatives et groupes de travail :**
   a. Confirmation des membres du Comité d'accompagnement économique ;
   b. Changements proposés.
8. **Motion sur le gaspillage alimentaire.**
9. **Questions**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie le technicien, monsieur Steve Feinen, et ouvre la séance. Il souhaite une bonne année et une bonne santé à tous ceux qu'il n'a pas encore rencontrés. Il espère que le conseil communal pourra continuer à travailler comme jusqu'à présent pour le bien des citoyens.*
*Madame Ceman est malade. Elle a donné procuration à monsieur Tempels, qui votera donc pour elle.*
*Les questions de monsieur Meisch, monsieur Cillien, monsieur Aguiar et madame Pregno ainsi que la motion des écologistes seront traitées à la fin de la séance.*
*Guy Altmeisch passe aux communications.*
*(Interruption de Mme Pregno)*
*Guy Altmeisch lui cède la parole.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que concernant le point 5e portant sur le parking de la rue de l'Eau, le plan dans le dossier des conseillers communaux n'est pas le même que celui présenté à la Commission de la mobilité. Cela rend un vote difficile. Le parking présenté à la Commission de l'environnement comprenait 43 places de stationnement, celui d'aujourd'hui, 50.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno constate qu'il s'agit de 53 places. Elle demande que ce point soit retiré de l'ordre du jour.*
*Pour ce qui est du point 6, la Charte de bonne conduite, qui a déjà dû être retirée de l'ordre du jour une première fois, n'a toujours pas été présentée à la Commission de l'environnement et à la Commission du vivre-ensemble. Laura Pregno trouve que ce serait important afin d'obtenir un consensus aussi large que possible.*
*En outre, il est question d'une annexe dans le document. Or cette annexe n'est pas là. Laura Pregno demande donc de retirer ce point de l'ordre du jour.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir mussen nach ee Moment op den Här vun der Technik waarden. Merci, Här Feinen Steve.

Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, Iech fir eis éischt Gemengerotssitzung vum Joer 2024 ze begréissen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir alleguerten deene Leit, déi ech nach net begéint sinn, e schéint neit Joer ze wënschen, net nëmmen deene Leit hei am Sall, mee och de Leit dobaussen an déi, déi eis nolauschteren. E schéint neit Joer 2024, eng gutt Gesondheet an, dass alles dat an Erfëllung geet, wat se sech wënschen. Dass mir et fäerdegbréngen, hei am Sall esou virunzeschaffen, wéi mer dat elo an där leschter Zäit hei bewisen hunn, an dat ëmmer nëmmen zum Wuel vun eise Bierger, mat deene Moyenen, déi mer finanziell hunn an och mat deene Moyenen, déi mer zäitlech hunn.

D'Madamm Ceman Emina léisst sech entschëllegen, déi sech krankheetshallwer ofgemellt huet an déi eng Procuratioun ofginn huet fir den Här Tempels Guy, soudass den Här Tempels Guy bei den Ofstëmmungen déi Roll wäert iwwerhuelen.

Eriwwer zu de Froen. Ech hunn eng Rei Froen an eng Motioun vun der grénger Fraktioun erakritt. Wat mer um Schluss behandelen.

Sinn nach Froen unzemellen? Ech schreiwe mer dat op. Den Här Meisch, den Här Cilien, den Här Aguiar, d'Madamm Pregno. Mir wäerte scho probéiere keen ze vergiessen a jiddwerengem esou direkt op seng Froen ze äntweren, wéi mer dat kënnen a wéi eis dat à même ass. Ech hu mer se all opgeschriwwen. Dat wäerte mer dann herno traitéieren.

Da géife mer zu de Kommunikatioune vum Schäfferot kommen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hätt fir d'éischt eng Fro.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, villmools merci fir d'Wuert.

Ech hunn zwou Froen zu zwee Punkten, déi um Ordre du jour sinn, vläicht virewech fir d'Klarifikatioun.

De Punkt 5), wat de Parking an der Rue de l'Eau ugeet, do ass en anere Plang an der Mobilitéitskommissioun gewise gi wéi deen, deen am Dossier läit. En plus läit keen Avis vun der Mobilitéitskommissioun vir, wat d'Saach schwiereg mécht, fir zu deem Dossier do ze tagen, wann den Dossier als solchen hei en aneren ass wéi deen, deen an der Kommissioun gewise gouf.

An der Kommissioun gouf e Plang mat 43 Parkplaze gewisen. Hei ass e Plang vun 53 Parkplazen dran, en Ënnerscheed vun zéng Parkplazen. Mir froen, fir dee Punkt erofzehuelen.

Dann hätt ech en anere Punkt, de Punkt 6), dat ass déi Charte de bonne conduite, déi jo schonn eng Kéier iwwerschafft gouf an zu engem anere Moment vum Ordre du jour geholl ginn ass. Mir si ganz frou, dass se dann elo an de Kommissioune gedréit huet. Leider war se awer net an der Ëmweltkommissioun an och net an der Commission du vivre-ensemble, respektiv ass dozou keen Avis am Dossier. Wat mer awer immens wichteg géife fannen, well dat aner Aspekter nach eng Kéier weist a mer do vill méi e breede Konsens géife kréien, wa mer dat nach eng Kéier géifen an deene Kommissiounen dréie loossen.

D'autant plus feelt alt erëm déi Annex, déi am leschte Saz steet. Dir wësst, wéi schwiereg et ass, iwwer eppes ofzestëmmen, wou den Dossier net ganz komplett ass.

Dofir froe mer, d'Punkte 5e a 6a vum Ordre du jour ze huelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir Är Ufro. Ech géif d'Wuert deenen zoustännege Schäffe ginn, fir dorop ze äntweren. Mengersäits just: Wa mer e Plang bäileien hu mat 40 Parkplazen a mer schwätzen iwwer 53, ass dat esou ausschlaggeebend? Den zoustännege Schäffe kann eis méi Erklärungen dozou ginn an dann zéie mer d'Konklusioun. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Domadder hunn ech mech extra beschäftegt, Madamm Pregno. Den éischte Plang, deen erauskomm ass, hu mer gekuckt: Wat ass méiglech? Do ass e Plang erstallt gi mat 43 Parkingen. A wou mer déi zwee Terrainen, déi mer do gelount hunn, kritt hunn, do hu mer gekuckt, wéi mer et kënne maachen. Well mir jo déi eng oder aner Heck an e Bam mussen ewechhuelen a mer herno vill méi dohinner setzen, fir ze kucken, datt dat sech zesumme gestalt, hu mer dat dann esou gemaach.

Ech gesinn awer elo net, firwat mer dat vum Ordre du jour sollen huelen, well et elo zéng Parkplaze méi sinn. Hei geet et drëms, fir bei der Schoul sou gutt wéi méiglech Parkraum ze schafen, dee gutt ass. Tant mieux, wa mer do e puer Parkinge méi kréien, well mer wëssen, wat do all Dag lass ass. Mir hu probéiert, do de Maximum ze kréien.

Ech hunn immens drop opgepasst, datt herno vill méi Natur do ass. Mir setzen herno 23 Beem dohinner. Et ginn dräi Hecken an zwee ganz kleng Beem ewechgeholl. Mir wëllen, datt Natur do ass an een de Parking och net esou gesäit.

Deen éischte Plang, deen erausgaangen ass, dat war deen, dee mer der Verkéierskommissioun matginn hunn. Mee esou eng Fro ass awer och an der Verkéierskommissiouns net gestallt ginn, firwat et elo zéng Parkinge méi sinn. Dofir gesinn ech elo net, datt een dee sollt vum Ordre du jour huelen.

Déi éischte Kéier, dat hunn ech jo nach verstanen, Madamm Pregno, mee dat hei …

(Ënnerbriechung)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, mer mussen ee schwätze loossen. Den Här Bertinelli huet d'Wuert, wann den Här Bertinelli fäerdeg ass, probéiere mer, dat e bëssen ze uerdnen

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech mengen, et geet jo hei deem ganze Gemengerot drëms, datt mer do Parkraum schafen, deen anstänneg ass. Deen déi Gefor, déi elo de Moment do ass, ewechhëlt. Datt mer do elo zéng Parkinge méi kréien, do hunn den Här Ulveling an ech dru geschafft. An den Här Ulveling hat gesinn, mat eise Leit an den Architekten, datt een do eventuell zéng Parkinge méi géif hikréien. An ech war och iwwerzeegt dovunner. Ech mengen, datt dat eng gutt Saach fir eis Bierger, fir eis Gemeng ass, fir déi Gefor ewechzehuelen.

Wann elo um Parking selwer, wéi de Parking läit oder soss eppes gewiescht wär, hätt ech gesot, do kann een driwwer schwätzen. Mee dat wéinst zéng Parkinge méi oder manner vum Ordre du jour ze huelen, dat gesinn ech awer net an.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. D'autant plus, wëll ech do dobäi soen, et ass jo eng Plus-value, wa mer d'Zuel vun de Parkingen eropsetzen. A wann Der sot, Dir hätt deen ee Plang net gesinn an et wier en anere Plang elo do, dann hutt Der deen anere Plang gesinn, soss kéint Der jo net dee Verglach zéien.

Do sinn och der Meenung wéi den Här Bertinelli, dass et eng Plus-value ass fir d'Bierger a fir all Mënsch, wa mer do méi Parkinge schafen, wéi am Virfeld virgesi war. An déi gi selbstverständlech ëmmer nëmme geschaaft am Respekt vum Legislateur an am Respekt vum Environnement. Dofir gesi mir als Schäfferot elo net an, dass mer dat solle vum Ordre du jour huelen.

Déi aner Saach, de Punkt 6), do géif ech d'Wuert un den Här Wagner Thierry ginn, fir eis d'Erklärungen dozou ze ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à l'échevin responsable. Il se demande toutefois si une différence de quelques places de stationnement est une condition suffisante pour retirer un point de l'ordre du jour.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique avoir évalué ce qui était possible. Au départ, il était question de 43 places de stationnement. Mais ensuite, la commune s'est rendu compte qu'il y avait de la place là, où se trouvent les haies et les arbres.*
*Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi il faudrait retirer ce point de l'ordre du jour pour une différence de dix places de stationnement. Il s'agit de créer des places de stationnement près de l'école. Tant mieux s'il y en a plus.*
*En outre, Fred Bertinelli a veillé à ce que les compensations soient effectuées comme il faut. La commune va planter 23 arbres et 3 haies pour compenser 2 petits arbres.*
*Le premier plan a été présenté à la Commission de la mobilité. Personne ne s'est demandé pourquoi il manquait dix places de stationnement. Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi il faudrait retirer ce point de l'ordre du jour.*
*(Interruption de Mme Pregno)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à madame Pregno de laisser monsieur Bertinelli terminer ses propos.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répète qu'il s'agit de créer des places de stationnement qui ne sont pas dangereuses pour les enfants. Monsieur Ulveling a eu l'idée de créer dix places supplémentaires. C'est une bonne chose pour les citoyens. Fred Bertinelli aurait compris la réaction de madame Pregno s'il y avait un problème avec le parking. Mais dix places de plus sont une bonne chose.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que le nouveau plan représente une plus-value. Par ailleurs, madame Pregno a vu le premier plan puisqu'elle le compare au deuxième.*
*Ces places sont une bonne chose pour la population et sont créées*

*dans le respect de l'environnement et du législateur. Pourquoi vouloir retirer ce point de l'ordre du jour ? Guy Altmeisch cède la parole à monsieur Wagner pour le point 6.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique avoir présenté la Charte de bonne conduite aux trois commissions en contact direct avec les associations. Thierry Wagner ne pense pas qu'il faille la présenter à d'autres commissions.*
*Il est question de règlements que les associations connaissent déjà. L'annexe est un texte de loi que l'on peut rechercher facilement. Bref, le document ne représente rien de nouveau et concerne les associations. La seule nouveauté concerne le fait que les associations auront besoin d'une assurance quand elles organisent une fête.*
*La Commission du sport et la Commission des festivités ont remis un avis positif. La Commission culturelle a demandé des détails sur les assurances. Ce sera fait dans un deuxième temps avec les associations et un expert. Il s'agit de détails qui ne doivent pas figurer dans un règlement. Toutefois, le collège échevinal veut fournir toutes les explications aux associations.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à madame Pregno si les explications lui suffisent.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *salue les explications. Elle signale cependant que le premier plan a été présenté à la Commission de la mobilité le même jour que le deuxième plan a été envoyé aux conseillers communaux.*
*Sur la base du premier plan, la Commission de l'environnement s'était réjouie du fait que les anciens arbres et haies seraient préservés. Or ils ne le seront pas à en juger par le plan des conseillers communaux. Cela manque tout de même de transparence.*
*Laura Pregno est contente qu'il y ait dix places de plus pour les résidents et les enseignants. Là n'est pas la question. Mais où est la transparence dans ce dossier ? Laura Pregno voudrait que les commissions puissent débattre de*

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Déi Charte de bonne conduite hu mer an dräi Kommissioune ginn, déi och direkt mat Veräiner betraff sinn.

Dat war am Fong de Wonsch, dass mir gären hätten, dass d'Veräiner gefrot gi via hir Kommissiounen. Dat ass den A an den O. Dass een déi nach a weider Kommissioune soll ginn, där Meenung si mir net. Dat géif de Bou e bëssen iwwerspanen.

Hei geet et ëm Gesetzestexter, ëm Reglementer, déi scho bestinn, déi d'Veräiner eigentlech och scho kennen. An och dee leschte Punkt, ass u sech en Text, e Gesetzestext, wat jidderee kann nosichen, dat muss een net onbedéngt am Dossier hunn. Dat ass e Gesetzestext, dee besteet. Op Legilux ass en direkt erëmzefannen. Dat si Saachen, un déi d'Leit sech sollen halen. Dat hei betrëfft d'Veräiner.

Et ass och näischt Neits dobäi. Ausser vläicht dat mat den Assurancen, wat awer eng normal Saach ass, dass d'Veräiner sech sollen assuréieren, wa se un engem Fest oder enger Manifestatioun deelhuelen. Soit e Fest vun der Gemeng, respektiv wa se selwer e Fest hunn. Dat ass ganz normal.

An do war en Avis vun der Kulturkommissioun dobäi. Déi aner zwou Kommissiounen, Sport a Festivitéiten, ware ganz positiv. Bei der Kultur war just de Vermierk dobäi, dass vläicht nach Detailer misste kommen, wat d'Assurancen ubelaangt. Dat wëlle mer och maachen an enger zweeter Etapp. Vläicht iwwer Videokonferenz, wou mer d'Veräiner invitéieren, mat engem Expert zesummen ze analyséieren, wat ee muss virdenken, éier een esou eppes plangt. Wéi wäit eng Assurance muss goen.

Mee dat sinn alles Detailer, déi een net an engem Reglement ka festhalen, soss gëtt, ech soen et nach eng Kéier, de Bou iwwerspaant an dat bréngt näischt. Well mir wëssen, bei den Assurancen ass et meeschtens ëmmer, wann de Fall sou wäit ass, da gëtt et e Pour et contre an da muss een dat analyséieren. Mee mir wëllen d'Veräiner awer opkläre via en Expert, deen an den Assurancen doheem ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir déi zousätzlech Erklärungen. Ass dat okay esou fir Iech?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech ka vill vun deenen Erklärunge begréissen. Ech wëll awer just dem Här Bertinelli äntweren, dass an der Mobilitéitskommissioun deen nämmlechten Dag, wou de Plang un de Gemengerot erausgaangen ass, een anere Plang gewise ginn ass.

Ech begréissen déi zéng Parkplaze méi. Et ass net dat, wat ech uprangeren. Ech fannen et just immens schued, dass hei ale Bestand vun Hecken ewechgeholl gëtt an ale Bestand vu Beem, wou se op deem Plang an der Mobilitéitskommissioun net ewechgeholl gi sinn. An dat immens begréisst ginn ass vun de Memberen. Dat heescht, do begréisse Memberen eppes, déi soen, wéi flott ass dat, datt Der et fäerdegbréngt, dat ze erhalen, an herno gëtt am Gemengerot iwwer eppes ofgestëmmt, wou dat grad feelt. Ech fannen, dass d'Transparenz an deem Dossier net ginn ass.

Ech fannen dat immens flott, wann et zéng Parkplaze méi si fir de Corps enseignant a fir d'Leit aus dem Quartier, ëm Gottes Wëllen, dat sot ech schonn d'leschte Kéier, dass et immens flott ass fir de Quartier. De Quartier brauch et. Ech fannen awer, dass d'Transparenz hei net ginn ass an deem Dossier. Et ass dat, wourëm et mir geet.

Ech hätt einfach gären, dass aktuell Dossieren aktuell an de Kommissioune kënne begutacht ginn. Sou wéi Dir et gefuerdert hutt, wéi Der et gesot hutt an Ärem Accord de coalition: Transparenz, Biergerparticipatioun, breede Konsens. Et geet just dorëms. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir huelen dat zur Kenntnis. Mir wëllen nach zousätzlech erklären, dass mer déi Hecken an déi Sträich, déi mer do ewechhuelen, dass dat selbstverständlech vum Legislateur octroyéiert ass an déi Kompensatioun wäerten duerch-

féieren, fir dass mer do Equivalenz schafen, vun deem, wat do ewechgeholl gëtt. Soudass mer do net vill Schued an der Natur schafen, héchstens nach eng Plus-value och fir d'Natur schafen, andeem mer do e puer Meterkaree weider maachen.

Da kéime mer zum éischte Punkt vum Ordre du jour, de Kommunikatioune vum Schäfferot. D'Wuert geet un den Här Ulveling. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zwou Saachen. Éischtens wëll ech Iech driwwer informéieren, datt ech an Är Casen de Rapport vum S.I.A.CH. vum leschte Joer geluecht hunn, dat kënnt Der mat heem huelen a studéieren.

Dat anert, wollt ech deene Leit Merci soen, wou den Äisreen komm ass, déi schaffe komm sinn. Mir haten als Gemeng gesot, déi, déi vu wäit hier kommen an déi mam Auto kommen, déi solle léiwer doheem bleiwen, well mer kee Risiko wollten agoen.

An déi, déi schaffe komm sinn – a stellvertriedend fir déi wëll ech och eis Ekipp Poubelle dofir ganz speziell luewen, well si awer trotzdeem a wierklech extreem schwierege Konditiounen et fäerdegbruecht hunn, hire ganzen Tour ze maachen. Bis op déi eng oder déi aner Strooss, wou se mam Camion net eropkomm sinn, well et ze glat war, hu se et fäerdegbruecht, dat ze maachen. Dofir wollt ech hinnen eng Kéier Merci soen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ass nach eng Kommunikatioun vun eiser Säit aus? Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Et ass e bësse méi eng laang Kommunikatioun. Mee et ass awer eng wichteg.

Et ass super, dass grad haut, den Dag selwer, d'Journée internationale du sport féminin ass. De Jerry Hartung, als Ressortschäffe vum Vivre-ensemble, an ech selwer, waren zu Esch op enger Pressekonferenz, wou e puer Gemengen hir Aktioune presentéiert hunn.

Wichteg ass net, an de puren Aktionismus ze verfalen, mee konkreet Sensibiliséierung a Mesuren ze lancéieren, déi à long terme hiren Notze sollen hunn.

Ëmmer nach steet den Dammesport am Schiet vun den Hären, international wéi national. Net ze schwätze vu Länner a Regiounen, wou Sport fir Fraen aus kulturellen a reliéise Grënn verhënnert gëtt.

Besonnesch de mediale Stellewäert an déi Diskrepanz tëscht Männer a Fraen ass enorm. Op der internationaler Bün geet et dann och besonnesch ëm Sponsoringsgelder, wéi och Primmen. Net fir näischt hunn d'US-Fussballmeedercher mat hirer Kapitänin Megan Rapinoe jorelaang mat hirem Verband gekämpft, fir gläichberechtegt bezuelt ze ginn.

Trotzdeem ginn astronomesch Gelder, wéi bei den Transferten, ëmmer u Männer an hir Agenten ausbezuelt. De Grond ass séier fonnt. Méi Zuschauer, méi Fans, méi TV-Presenz, ergo méi Geld. Mee ass dat richteg?

Am Beachvolley bei den Dammen ass d'Mediepresenz do, mee just, wann d'Shorte kuerz genuch sinn. A gëtt dann och nach reglementéiert. Dat nennt een da wuel bëllege Chauvinismus.

Am Beachhandball gouf et eng knapp Kampfofstëmmung, dass Fraen trotzdeem hiren normale Short, wéi an der Hal, undoen däerfen. Lëtzebuerg, an nëmmen dräi aner europäesch Länner, hunn déi Motioun deemools um internationale Verbandkongress gestallt an effektiv och duerchkritt.

Komme mer zréck op Déifferdeng. Do hu mer eng Erfollegsgeschicht an e Pionéier am Dammefussball, an zwar de Progrès Nidderkuer. Dee jorelaang net nëmmen d'Nummer eent zu Lëtzebuerg war, mee och de Sport promouvéiert huet. Mee einfach war et fir si och deemools net. Net ze gleewen, dass si hu missen en eegene Kommitee hunn, mat engem eegene Budget, an dass se och

*dossiers actuels. Après tout, l'accord de coalition parle de transparence, de participation citoyenne et de consensus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répète que les haies et les arbres seront compensés comme prévu par le législateur. Tout au plus, la commune crée une plus-value pour la nature.*
*Guy Altmeisch passe aux communications et cède la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a remis aux conseillers communaux le rapport du SIACH de 2023.*
*Il remercie les employés qui sont venus travailler quand il y a eu les pluies verglaçantes. Le collège échevinal leur avait proposé de rester à la maison, mais certains sont venus. Tom Ulveling remercie particulièrement la voirie, qui s'est occupée de la collecte des déchets partout dans la commune à l'exception de quelques rues rendues inaccessibles.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *rappelle que c'est la Journée internationale du sport féminin. Avec monsieur Hartung, il a assisté à une conférence de presse à Esch où les communes ont présenté leurs plans d'action. Thierry Wagner ne veut pas tomber dans le sensationalisme, mais mettre en place des mesures de sensibilisation utiles.*
*Le sport masculin continue de faire de l'ombre au sport féminin. Dans certaines régions du monde, les femmes ne peuvent même pas faire du sport. Dans nos pays, les primes ne sont pas toujours comparables. Thierry Wagner explique que l'équipe féminine américaine de football a lutté pendant des années pour une rémunération équitable.*
*L'explication est facile à trouver : plus de spectateurs, plus de supporteurs, plus de médias… Mais est-ce juste ?*
*Les médias sont présents dans les compétitions de volley de plage féminin, mais uniquement parce que les shorts sont courts et d'ailleurs règlementés. Pour ce qui est du handball de plage, les femmes ont le droit de porter des shorts normaux, mais cela n'a pas été facile à obtenir.*

*Differdange a une longue tradition pour ce qui est du sport féminin. Le Progrès Niederkorn a longtemps été numéro un au Luxembourg et a assuré la promotion du sport. Mais cela n'a pas été facile non plus. L'équipe avait son propre comité, son propre budget et devait payer pour pouvoir utiliser un terrain appartenant à la commune. Heureusement, les choses ont bougé depuis ces temps-là.*
*Tessy Troes a présenté un documentaire intéressant sur le football féminin à l'Aalt Stadhaus. Differdange a organisé un* public viewing *de la Coupe du monde 2019 et de la finale en Australie. C'était la seule ville avec Dudelange à le faire.*
*Thierry Wagner s'excuse d'ailleurs d'avoir utilisé le terme de football féminin, mais c'est ce qui est propagé dans les médias : on parle de football quand ce sont les hommes, et de football féminin. Il rappelle le slogan de la dernière Coupe d'Europe en Angleterre :* Women play football, not women's football.
*Differdange compte de nombreux clubs où des femmes sont licenciées. Les clubs de sport d'équipe ont généralement une équipe féminine de haut niveau. Il ne faut pas oublier non plus les sports traditionnellement féminins.*
*Les cours de sport de la commune sont fréquentés surtout par des femmes. Les hommes font figure d'exceptions.*
*Comment la commune peut-elle soutenir le sport féminin ? Le Règlement des subsides constitue un des outils. Parmi les critères pourraient figurer le pourcentage de femmes licenciées ou le nombre de femmes faisant partie du comité. Malheureusement, peu de femmes occupent des postes de décision dans le monde du sport.*
*Il faut inciter les clubs à investir dans le sport féminin. À titre d'exemple, monsieur Scheuren a construit une section féminine de handball chez les Red Boys en quelques années. Aujourd'hui, presque toutes les catégories comptent une équipe féminine.*
*Thierry Wagner cède la parole à monsieur Hartung pour quelques détails supplémentaires.*

nach den Terrain hu musse bezuelen, fir d'Matcher. Een Terrain, deen iwwregens der Gemeng gehéiert.

Glécklecherweis ass dat zënter Joren awer net méi esou. Mee et beweist, wéi schwéier et ass, sech duerchzesetzen an engem Männerdomän, och haut nach!

Interessant ass dem Tessy Troes hiren Documentaire iwwert den Dammefussball, deen eis Gemeng schonns am Ale Stadhaus gewisen huet, mat uschléissender Diskussiounsronn.

An deem Sënn war et normal, dass mer an der Vergaangenheet d'WM 2019 a Frankräich an elo kierzlech d'Finall an Australien zesumme mat eiser Dammennationalekipp als Public Viewing gewisen hunn. Kléngt eigentlech normal, mee mir ware mat Diddeleng déi eenzeg am Land.

Dir musst mech awer entschëllegen, well ech nees e Feeler gemaach hunn a vun Dammefussball geschwat hunn, wat u sech schonn nees eng Ausgrenzung ass. Et gëtt A, de Fussball – dat sinn d'Hären. An et gëtt B, den Dammefussball. An de Medie gëtt schonns leider eng Differenz do propagéiert. Prägnant war de Slogan op der EM an England „Women play football, not women's football". E klengen, mee e wichtegen Ënnerscheed.

Et gëtt awer eng Rei Sportsveräiner an der Gemeng, wou vill Fraen a Meedercher lizenzéiert sinn. Mir hunn an eisen Ekippesportaarte mëttlerweil eng éischt Dammenekipp a meeschtens och op héijem Niveau. Plus natierlech déi traditionell méi weiblech Sportaarten, wéi de FlicFlac an de GRS zum Beispill, mee och Sportaarte mat enger gréisserer Mixitéit vun Arts martiaux bis Badminton.

Mir bidden als Service des sports eng sëllege Sportscoursen un, wou sech prinzipiell vill méi Fraen aschreiwen. Männer sinn do éischter d'Ausnam. An dësem Kader sinn zwee reng Fraesportscoursen am Parc Gerlache geplangt, am Fréijoer/Summer.

Am Kader vum Fraesport gëtt et eng Ausstellung vum nationale Fraerot iwwert d'Athleetinne bei den Olympesche Spiller. Déi Expo war och schonns am Aquasud.

Konkreet: Wat kënne mer als Gemeng à long terme maachen? Een Outil ass sécherlech d'Subsidereglement fir d'Sportsveräiner. Do huet ee Stellschrauwen, déi ee bei enger Reform vun eisem Reglement uwende kann. Do kann een, wéi beim Qualité+ um Sportsministère, Krittäre festsetzen.

Punkte kritt ee fir e Prozentsaz u Meedercher, déi een am Veräin huet respektiv déi lizenzéiert sinn, wéi vill Arbitterinnen a Jugen een huet am Club, mee och, an dat ass och e signifikante Krittär, d'Unzuel un Dammen an engem Kommitee.

Leider sinn och net genuch Fraen op féierende Positiounen am Sport, national wéi international.

Mir mussen eis Veräiner sensibiliséieren, sech nach méi an de Fraesport ze investéieren. Ee gutt Beispill sëtzt hei um Dësch an huet bewisen, dass et geet: De Michel Scheuren huet quasi eng inexistent Dammesektioun vum Handball Red Boys an e puer Joren opgebaut, esoudass, Stand haut, bal all Kategorie mat Meedercher besat ass. An dobäi gehéieren d'Dammen zu den drëttbeschten Ekippen am Land.

Mat deem gudde Beispill wëll ech meng laang Kommunikatioun ophalen a ginn d'Wuert weider, Här Buergermeeschter, wann Der erlaabt, un de Jerry Hartung, deen nach e puer Detailer huet.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools Merci. Gudde Moien. Ech géif weiderfueren. Wéi den Här Wagner grad gesot huet, hu sech déi zwee Déifferdenger Servicer, Sport a Chancëgläichheet, hei flott zesummegesat an ergänzt, fir eppes Flottes, Nohalteges op d'Been ze stellen.

Déi Part, wat méi Sport ass a vum Sportsservice ofgedeckt gëtt, gouf jo grad vum Sportschäffen opgezielt. De Chancëgläichheetsservice iwwerhëlt méi de Volet, wat d'Sensibiliséierung ugeet. An dësem Kader lancéiere si den Dréi vun enger Rei vu klenge Spotte vu Sportlerinnen, déi representativ sollen d'Leit uspriechen: jonk, manner Jonk, sportlech oder manner sportlech an oder ouni Sportsveräin an natierlech kulturell iwwergräifend.

An dëse Spotte geet et drëm, fir eebe keng stereotyp sportlech Fra duerzestellen, net ee Bild vun enger Fra am Sport, mee d'Diversitéit vun de Fraen am Sport. Et gi ronn eng Dosen esou Portraite gemaach an zu engem Film zesummegeschnidden, fir duerno breet diffuséiert ze ginn, fir eeben ze sensibiliséieren a jidderee fir de Sport ze encouragéieren.

Dann hätt ech nach eng weider Kommunikatioun, dat betrëfft eisen Département social. Do iwwerhëlt d'Madamm Pereira ab dem 1. Februar 2024 de Posten als Responsabel. Si war bis dato am Departement fir d'Jeunesse zoustänneg. De bisherege Verantwortlechen, den Här Reuter, hat virun e puer Méint gefrot, dës Tâche ofzeginn, fir e bësse méi lues trieden ze kënnen.

Hie mécht awer nach immens vill! Ech wëll dem Här Reuter op dëser Plaz Merci soe fir säi groussen Asaz all déi Joren als Chef vum Département social, insbesonnesch säi Verdéngscht, zesumme mat de Gemengeverantwortlechen, fir den Opbau vu villen neie Servicen an Offeren am soziale Beräich, fir dem Besoin vun den Awunner aus eiser Gemeng ëmmer versiche gerecht ze ginn.

Ech wënschen awer och der Madamm Pereira alles Guddes, Kraaft an Energie huet se jo bekanntlech, fir dës wichteg Funktioun auszeüben. Ech freeë mech op eng gutt Zesummenaarbecht. Merci.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir déi interessant Informatiounen. Ech hätt eng Kommunikatioun a Relatioun mat der Situatioun, déi mer e Mëttwoch begéint hunn, wéi mer déi Alerte rouge haten hei, wiederbedéngt. Glatäis, Glëtz, Schnéi, alles beieneen. Vill Saachen hu kollabéiert.

Doropshin, aus deenen Erfarungen, déi mer do gemaach hu mat eise Servicer – wie mécht op, wie mécht zou, sinn d'Schoulen op, bleiwen d'Schoulen zou, ginn d'Gemengeservicer schaffen, bleiwen déi aner doheem? – hu mer eis Gedanke gemaach als Schäfferot an hunn eis virgeholl, fir där Situatioun preventiv virzebeugen, dass mer géifen e Plan d'intervention intempéries ausschaffen. Mat den Detailer, zesumme mat der Delegatioun a mat de Chefs de service, mat alle Leit, déi concernéiert sinn.

Fir wann e Plan d'alerte rouge oder e Plan d'alerte orange kënnt, dass eis Servicer dann déi Kaart zéien an dorop genau steet, wie muss schaffe kommen, wie wat fir eng Missioun huet, dass mer am Virfeld sou vill wéi méiglech kënne programméieren. An dass d'Leit, am Fall wou, Bescheed wëssen, wou se dru sinn.

Dat gesot, géife mer zum Punkt 2 vum Ordre du jour kommen. Ech si frou, d'Madamm Presidentin, d'Madamm Leblond, hei ze begréissen, mat hiren Dirigente vum CIGL vun Déifferdeng. Ech si frou, Iech hei ze gesinn. Ech si frou, Är Presentatioun an Är Detailer ze héieren iwwert déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass, an iwwert déi Aarbecht, déi an Zukunft nach usteet.

Madamm Leblond, ech géif Iech d'Wuert ginn, fir Är Presentatioun hei am Gemengerot ze starten. Villmools merci.

### MARIE-JEANNE LEBLOND (PRESIDENTIN CIGL):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir si frou, dass mir vun Iech kënnen ugehéiert ginn. Mir sinn dat esou gewinnt gewiescht virdrun. Mir si reegelméisseg an de Conseil komm, fir eis ze presentéieren. A mir hunn et dës Kéier immens wichteg fonnt, well awer relativ vill nei Gesiichter heibanne sinn, an dass et wichteg ass, dass déi Leit och wëssen, wat de CIGL ass a wat de CIGL mécht.

Déi al Huesen, wéi ee seet, déi wëssen, wat et ass, déi hu jo och scho laang domat ze di gehat. Mir sinn och frou, dass d'Gemeng eis dora voll ënnerstëtzt. Mir hunn e ganze Koup Servicer. A fir dass mer Iech net ze vill laang ophalen, hu mer Iech eis Servicer schrëftlech ginn, sou ka jiddwereen dat a Rou doheem liesen, besonnesch wann een net ka schlofen, kann een dat gutt maachen.

Da kënnt Der liesen, wéi eng Servicer mer hunn an och eis Butteker, wou ech

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que le service des sports et le service de l'égalité des chances collaborent sur ce projet. Le service de l'égalité des chances s'occupe essentiellement du volet de la sensibilisation. L'idée consiste notamment à lancer des spots reprenant des femmes actives dans le sport. Il ne s'agit pas de présenter des stéréotypes, mais de souligner la diversité des femmes sportives. Ces portraits seront diffusés afin d'encourager tout le monde à faire du sport.*
*Jarry Hartung passe à une communication concernant le département social. Madame Pereira en deviendra la responsable à partir du 1er février 2024. Jusqu'à présent, elle était responsable du service jeunesse. Monsieur Reuter a demandé à abandonner son poste. Jerry Hartung profite de l'occasion pour le remercier de son engagement au sein du département social depuis des années.*
*Il souhaite à madame Pereira bonne chance et beaucoup d'énergie dans ses nouvelles fonctions.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *revient sur l'alerte rouge de mercredi dernier concernant les pluies verglaçantes. Le collège échevinal s'est demandé s'il fallait fermer les écoles ou si les services communaux allaient travailler normalement.*
*Finalement, le collège échevinal a décidé d'élaborer un plan d'intervention en cas d'intempéries afin de prévenir ce genre de situation. Chacun doit, en effet, savoir s'il doit venir travailler et quelle sera sa mission le cas échéant.*
*Guy Altmeisch passe au point 2 de l'ordre du jour. Il se réjouit de la présence de madame Leblond et des dirigeants du CIGL Differdange. Il cède la parole à madame Leblond pour la présentation du travail du CIGL.*

**MARIE-JEANNE LEBLOND (CIGL)** *remercie le bourgmestre pour l'invitation. Dans le passé, le CIGL a été invité régulièrement au sein du conseil communal. Cette fois-ci, c'est d'autant plus important qu'il y a beaucoup de nouveaux visages. Les plus anciens connaissent déjà bien le CIGL.*

*Marie-Jeanne Leblond salue le soutien de la commune. Le CIGL propose toute une gamme de services. Les conseillers communaux disposent d'une description écrite de ces services, un document à lire quand on n'arrive pas à dormir la nuit. Le document reprend aussi les boutiques du CIGL, qui se trouvent toutes à Differdange.*
*Marie-Jeanne Leblond pense qu'il vaut mieux disposer d'un document qu'on peut lire quand on en a besoin que d'écouter une longue présentation.*
*L'année dernière, le CIGL a fêté ses 25 ans. Pour cette occasion, un film a été réalisé. Pour le reste, le CIGL est à disposition des conseillers communaux s'ils ont des questions.*
*(Films et applaudissements)*
*Marie-Jeanne Leblond trouve la vidéo explicite. Il ne lui reste qu'à présenter deux nouveautés. L'Okkasiounsbuttik va agrandir son offre et proposer des ustensiles de cuisine, des casseroles, des verres… Beaucoup de gens ne savent plus quoi en faire. Marie-Jeanne Leblond en profite pour lancer un appel : les gens ne doivent pas hésiter à remettre leurs anciens objets à l'Okkasiounsbuttik.*
*L'autre nouveauté concerne le Butzebuttik, qui va aussi proposer des articles pour jeunes. Là aussi, un appel : ceux qui ont des vêtements dont ils n'ont plus besoin peuvent les remettre au Butzebuttik.*
*Marie-Jeanne Leblond ajoute que les boutiques du CIGL à Differdange fonctionnent bien et qu'elles proposent des produits qui ne sont pas offerts dans d'autres magasins. Comme il s'agit de nouveautés, elles ne figurent pas encore dans le film.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que les services du CIGL répondent aux besoins de la population locale. Le service de proximité, par exemple, aide les séniors. Les boutiques d'occasion reposent sur l'économie circulaire et répondent aussi à un besoin. Le principe est simple : certains veulent se débarrasser d'objets sans les jeter ; d'autres en ont besoin à un prix abordable.*
*La réinsertion professionnelle constitue l'autre mission du CIGL.*

unhuelen, dass Der eis Butteker alleguerte kennt, well se alleguer hei zu Déifferdeng sinn. Et ass eng Dokumentatioun, déi alles ausseet iwwert déi eenzel Servicer. Wéi gesot, ech mengen et ass besser, et huet een dat bei Hand an et kann een dat nokucken, wéi wann een dat elo hei esou gezielt kritt.

D'lescht Joer hu mer 25 Joer gefeiert. Do hu mer e Film gemaach, dee mer Iech gäre weise wéilten. Dee Film ass och iwwer eis ganz Servicer, soudass Der alles gesitt doranner. Duerno sti mer selbstverständlech zur Verfügung, fir op Är verschidde Froen ze äntweren. Wann Der Froen hätt iwwert d'Fonctionnement oder iwwert de CIGL Déifferdeng, da géife mer Iech gären dorobber äntweren.

Ech soen Iech Merci.

(Presentatioun vum Film)

Dat war alles zimmlech kloer. Do hutt Der eis Sitten alleguerte gesinn. Ech géif just nach eppes wëlle bäifügen, wat mer dëst Joer nei hunn a wat mer och vum Ministère accordéiert kritt hunn.

Zwee Butteker géife mer gär e bësse méi grouss gestalten. An eisem Okkasiounsbuttik, dee jo elo am fréieren Maffi-Geschäft ass, wëlle mer och Zerwisser, Dëppen an alles, wat zur Kichen, zu de Salone gehéiert, am Fong geholl.

Soudass mer dat wëlle weider ausbauen, fir dass mer vläicht méi Leit an de Buttek kréien, déi vläicht en Dëppe wëlle kafen oder Glieser, oder wéi et eeben ass. An et ass esou, dass vill Leit Saachen hunn, déi se gäre lassginn an net wëssen, wouhinner domadder. Dofir maachen ech hei och en Appell: Wann Der Är Schief raumt, bei eis ass et wëllkomm. Dir kënnt et am Okkasiounsbuttik gären ofginn. Da gëtt et zurechtgemaach, fir dann do ze verkafen.

Mir maachen och eise Butzebuttik op fir en Outflipp-Buttek, dat heescht fir d'Jugend, net nëmme méi bis zwielef Joer. Mir wëllen do och e Secondhand maachen. Mir soe fir d'Jugend, mee ech mengen, wann och een anere kënnt, dee kritt grad sou gären eppes. Dofir: Dir Dammen an Hären, wann Der Är Schief raumt, dat ass och wëllkomm. Dat kënnt Der och roueg am Butzebuttik ofginn.

Dat sinn zwou Saachen, déi mer ugefrot hunn, déi mer zousätzlech wëllen ubidden. Well eis Butteker jo awer hei zu Déifferdeng gutt ginn a well dat och Saache sinn, déi hei zu Déifferdeng net ugebuede ginn. Dofir hu mer eis geduecht, dass dat eventuell eng gutt Iddi wär.

Dat war d'lescht Joer nach net esou zur Diskussioun, wéi mer de Film gemaach hunn. Dofir ass dat och nach net am Film.

Wann elo ee Froen huet, wéi gesot, mir sti gären zur Verfügung.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci fir dës Presentatioun an dee ganz kompletten Dossier. Ech wollt froen, d'Servicer si jo dofir do, op där enger Säit, fir op d'Besoine vun de Leit ze äntweren, déi lokal Besoinen, déi an der Bevëlkerung bestinn. Do ass, ënner anerem, de Service de proximité, deen dat ganz gutt mécht, fir déi eeler Leit och.

Mee och all déi aner Servicer, wou am Beräich vun der Occasioun, also vum Secondhand, ganz vill geschitt. Do gesäit een, dass déi Iddi vun der Économie circulaire ganz staark present ass an och do op d'Besoine geäntwert gëtt. Déi eng, déi hu Saachen, déi se wëllen ofginn an am léifsten net ewechgeheien. An anerer si frou, wa se déi fir en accessibele Präis kënnen erëm verwenden.

Deen aneren Optrag vum CIGL ass d'Réinsertion professionnelle. Dat heescht, d'Leit erëm op de Marché du travail ze kréien oder iwwerhaapt op de Marché du travail ze kréien. An der Reegel schafft Der do mat deene Beschäftegungsinitiativen, also mam Ministère du Travail, wou Kontrakter fir zwee Joer, CDDen, sinn, wou déi Leit dann am beschten innerhalb vun deenen zwee Joer souwäit kommen, dass se duerno op den Aarbechtsmaart kommen.

Wéi ass do am Moment d'Erfarung? Wéi gutt geet dat? Well et gëtt vill iwwert déi Initiativen awer och gesot, dass d'Leit och e bësse ronderëm dréien. Dat heescht da si se zwee Joer am Kontrakt, da si se en halleft Joer oder ee Joer am Chômage an da gi se bei eng aner Initiativ, net bei deen nämmlechte CIGL, mee da bei eng aner. Dat hänkt och vun der ADEM of. Wéi sinn Är Erfarungen?

D'autant plus, och elo mat deene Changementer, déi waren. Ech mengen, virun zwee Joer ass händeringend no Personal gesicht ginn. Do war et vläicht méi einfach. Elo geet de Chômage erëm an d'Luucht. Spiert Der dat schonn? A wéi gitt Der domadder ëm?

**KATHY NACHTSHEIM (COORDINATRICE GÉNÉRALE CIGL):**

De But vum CIGL ass natierlech an éischter Linn, fir d'Leit op den éischten Aarbechtsmaart ze integréieren. Dat ass dat éischt Zil. Déi Servicer, déi mir geschafen hunn, sinn all esou geduecht, fir dass d'Leit an deene Servicer bestëmmte Fäegkeete kréien, fir eng aner Aarbecht ze fannen. Si kréie wärend der Aarbechtszäit beim CIGL Déifferdeng ganz vill Formatiounen ugebueden. Et gëtt e Plan de formation mat hinne gemaach, et gëtt gekuckt: Wat ass hire Projet professionnel? Dat geschitt ganz am Ufank. Doropshi ginn d'Formatiounen ausgeriicht.

Natierlech musse mer och Formatiounen hunn, dass d'Servicer funktionéieren, awer de Gros gëtt ausgeriicht, dass d'Leit méi Chancen um Aarbechtsmaart hunn: Sproochecoursen, ganz praktesch Coursen, jee nodeem, wéi ee Projet professionnel se gewielt hunn.

A mer mussen natierlech soen, dass an de leschte Joren déi Profiller och vun de Leit, déi mir vun der ADEM kréien, ganz niederschwelleg sinn. Zum Beispill hu mer ganz vill Leit, déi keng vun den dräi Landessprooche schwätzen. Wou mer wierklech eis mam Handy behëllefen, fir ze iwwersetzen. Mir hu vill ukrainesch Flüchtlingen, déi elo de Moment bei eis schaffen.

D'Leit hu verschidde physesch a psychesch Probleemer, also massiv psychesch Probleemer, déi mir versichen, an deem Rahmen, wéi mer kënnen, opzefänken. Wat net ëmmer liicht ass. Awer mir hunn en extrae Service – dee fannt Der och an eisem Dossier Emploi et compétences –, wou zwee Mataarbechter vollzäit schaffen, déi just fir d'Encadrement vun dem Personal do sinn.

Dir hutt Zuele gefrot. Vu dass déi Profiller vun de Beneficiairë ganz schwaach sinn, ass natierlech d'Vermëttlung op den éischten Aarbechtsmaart net einfach. Mir sinn dobäi, eist Netz auszebauen, mat Partner vu Firmen, wou d'Beneficiairen ee Stage maache kënnen, zum Beispill, fir dass d'Firma gesäit: Wéi funktionéiert déi Persoun? Wat kann déi? Kënne mer déi vläicht astellen?

Iwwert dee Wee krute mer scho verschidde Leit op Stelle vermëttelt. Awer natierlech net esou vill wéi mer gären hätten. Einfach duerch déi Leit, déi mer einfach hunn. Et ass einfach schwéier, déi ze vermëttelen.

Ass Är Fro domat beäntwert?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Am Numm vun eis all géife mer dem CIGL Déifferdeng, mat all senge Mataarbechter a senger Direktioun, Merci soe fir déi Aarbecht, déi geleescht gouf. Mir hoffen, datt mer och an Zukunft kënnen op där Schinn weiderfueren an een deem aneren eng Hand upaken. Am Sënn vun eis alleguerten a vun den Déifferdenger Bierger. Merci.

**KATHY NACHTSHEIM (COORDINATRICE GÉNÉRALE CIGL):**

Merci!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Här Muller.

*L'objectif est de réintégrer des chômeurs au marché du travail en partenariat avec le ministère du Travail. Les chômeurs concernés reçoivent un contrat à durée déterminée de deux ans et obtiennent une formation qui doit leur permettre de trouver un travail.*
*Gary Diderich demande si la réinsertion se passe bien. Il entend souvent dire que les gens passent d'une initiative pour l'emploi à l'autre, mais qu'ils n'arrivent pas souvent à trouver un vrai travail. Il ne faut pas oublier non plus qu'il y a deux ans, les offres d'emploi étaient nombreuses, mais actuellement le chômage est en augmentation.*

**KATHY NACHTSHEIM (CIGL)** *confirme que l'objectif du CIGL consiste à intégrer les chômeurs au marché de l'emploi. Ses services servent à former ces personnes. Les formations proposées par le CIGL sont nombreuses et s'accompagnent d'un plan de formation. Bien entendu, ces formations servent à réaliser le travail au sein du CIGL, mais elles permettent aussi de préparer ces personnes au marché primaire. Il peut s'agir de cours de langues, de cours pratiques…*
*Elke Perterhänsel ajoute que les personnes envoyées par l'ADEM ne parlent souvent aucune des langues du pays de sorte qu'il faut utiliser des applications mobiles pour les traductions. Il y a notamment de nombreux réfugiés ukrainiens. Les employés du CIGL ont souvent des problèmes physiques ou psychiques. Tout cela n'a rien d'évident. Mais deux employés du CIGL s'occupent exclusivement de l'encadrement du personnel.*
*Le profil des bénéficiaires étant défavorable, il est difficile pour eux de trouver un emploi sur le marché primaire. Le CIGL essaie d'étendre son réseau pour permettre à ces gens de faire un stage en entreprise. Cela a permis d'aider plusieurs personnes. Mais le CIGL préfèrerait avoir de meilleurs résultats. Ce n'est malheureusement pas possible à cause des profils.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie le CIGL Differdange, ses collaborateurs et sa direction pour le travail*

*réalisé. Il espère que la commune et le CIGL continueront de collaborer dans l'intérêt de la population de Differdange.*

**MARIE-JEANNE LEBLOND (CIGL)** *remercie monsieur Meisch.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'associe aux paroles de monsieur Meisch.*
*Il ajoute simplement que le CIGL et ses boutiques dynamisent aussi le commerce. Il souligne la mission sociale du CIGL, mais aussi son apport à l'économie circulaire.*
*Erny Muller ajoute que Differdange ne compte que peu d'aires de jeux qui n'ont pas été réalisées par le CIGL. Il remercie le CIGL.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que le CID et le CIGL collaborent étroitement. Le CIGL aide la commune là, où celle-ci ne dispose pas du savoir-faire nécessaire.*
*Tom Ulveling ajoute que, par ailleurs, la commune a aussi embauché l'un ou l'autre collaborateur du CIGL. Cela fait partie des missions d'une commune.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *remercie le CIGL pour sa présentation et pour son travail. Elle salue le fait que l'offre en meubles de l'Okkasiounsbuttik sera complétée par des ustensiles de cuisine. Un magasin vit de ses clients journaliers et logiquement, on n'achète pas tous les jours des meubles. En revanche, on a besoin plus souvent de nouveaux ustensiles de cuisine.*
*Manon Schütz se demandait si le Butzebuttik et le Vëlosbuttik fonctionnaient bien. Elle a souvent déposé des produits au Butzebuttik. Malheureusement, ses enfants sont trop grands pour y trouver leur bonheur. Manon Schütz espère que d'autres enfants pourront utiliser ces vêtements.*

**MARIE-JEANNE LEBLOND (CIGL)** *répond que le Vëlosbuttik fleurit. C'est une des conséquences positives de la COVID.*
*(Rires)*
*Marie-Jeanne Leblond ajoute qu'au début, le magasin a été confronté à une pénurie de vélos.*
*Mais le gérant est particulièrement compétent. Il fait de son mieux*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll mech de Wierder vum Här Meisch uschléissen. Wollt awer och nach soen, engersäits belieft Der d'Geschäftswelt, duerch déi Geschäfter, déi Der hutt, am Interêt vun, éischtens emol sozialen Aufgaben. Mee zweetens och fir d'Wiederverwertbarkeet vun de Materialien, wat jo och eng wichteg Aufgab ass.

Da wollt ech awer och drop hiweisen, dass et hei an der Gemeng net vill Spillplaze gëtt, wou de CIGL net dru bedeelegt war. An ech mengen, déi sinn en Aushängeschëld fir eis Gemeng. Merci dofir.

**KATHY NACHTSHEIM (COORDINATRICE GÉNÉRALE CIGL):**

Merci!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll och Merci soen, well mir schaffen enk zesummen, de CID an de CIGL. De CIGL hëlleft eis do, wou mir net méi weider wëssen, oder wou mer nach net d'Expertis hunn. Ech mengen, dass mer an Zukunft déi Zesummenaarbecht wäerte weiderdreiwen. Mir hu jo och mol heiansdo deen een oder deen anere embauchéiert vum CIGL, dee mer dann agestallt hunn, well mer dat och als eng vun eise Missioune gesinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien. Ech wëll Iech och villmools Merci soe fir déi flott Presentatioun a fir Är flott Aarbecht, déi Der leescht. Wat ech immens flott fannen a begréissen, dat ass, dass Der, wéi Der gesot hutt, an Ären Okkasiounbuttik vun de Miwwele wëllt Geschier erabréngen. Ee Geschäft lieft meeschtens vum An- an Ausgoen. An effektiv, e Miwwel keeft een net all Dag, mee Geschier oder esou, dat brauch ee vill méi oft. Dat ass eng gutt Saach.

Dir hutt eis gesot, dass wierklech vill kaaft gëtt an deene Butteker. Dat war u sech meng Fro, ob de Butzebuttik an de Vëlosbuttek dann och dréien. Well Dir hutt eis opgefuerdert, Saachen ofzeginn. Ech selwer hu schonn des Ëfteren, wou meng Kanner gewuess sinn, Saachen ofginn. Leider ware se ze grouss, fir dass ech konnt an dee Buttek akafe goen. Mee ech wär awer frou, wann aner Leit da kéinten déi Kleeder benotzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Madamm Leblond.

**MARIE-JEANNE LEBLOND (PRESIDENTIN CIGL):**

De Vëlosbuttik, dee boomt. De Vëlosbuttik boomt. Dat war am Fong geholl dat Gutt um COVID. Leider! Mee et ass esou. Wéi dat bis ugaangen ass, do hate mer ee Moment ee grousse Manktem u Vëloen, well se därmoosse verkaaft gi sinn.

De Vëlosbuttik ass och gutt gefouert mat eisem Chef, dee mer do hunn. Dat muss ech soen. Deen och alles kennt an deen och alles fir d'Leit ëmmer mécht, wa se froe kommen. Mir bidden do och verschidde Saachen un, zum Beispill, dass ee ka léieren, wéi een e Vëlo a Stand setzt oder wéi een e Pneu fléckt oder esou. Ech mengen, mer sinn och do zimmlech diversifizéiert. An dee geet ganz gutt.

Den Diffwäsch, super. Dat fonctionéiert och. Do kënnt Der eragoen, wann Der wëllt. Déi Wäschmaschinnen, déi lafen ëmmer bal alleguer. Eis Madammen, déi strecken och all ëmmer. Dat fonctionéiert och. Do hunn ech just nach ëmmer e Probleem mat deem Haische vrun der Dier. Ech muss et einfach erëm soen, et deet mer leed. Et ass eng Katastroph dat. Mee et ass eeben esou.

De Butzebuttik leeft och. Awer am Butzebuttik ass et esou, do hutt Der déi kleng Saachen, déi relativ bëlleg verkaf ginn. Zwee, dräi, véier, fënnef Euro. Dat gëtt keng Mass, do kënnt net vill eran.

Den Okkasiounsbuttik, Dir wësst, dass mer virdrun um Belval waren. Mir hu festgestallt, dass mer awer net dee Rendement hei zu Déifferdeng hunn, wéi mer um Belval haten. Dat ass normal. Dat ass normal. 100 %.

Um Belval, do si Leit laanschtgaangen, well se am Zenter waren. Dann hu se mol e klenge Miwwel gesinn, dee gutt wier, da si se e kafe gaangen. Hei zu Déifferdeng feelt dat e bëssen. Dofir hu mer eis jo och iwwerluecht, wat mer kënne maachen, fir dass den Okkasiounsbuttik erëm méi oplieft. An do si mer zu deem Entschloss komm, dass mer déi kleng Saache géife bäihuelen.

Mee soss, also eis Butteker fonctionéieren zimmlech gutt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Villmools merci fir d'Wuert. Och vun eis villmools merci, fir déi flott a vollstänneg Presentatioun. Mir fannen et och immens wichteg, well mir wëssen all, wéi schwéier et ass, hautdesdaags eng Aarbecht ze fannen. An natierlech, fir déi Leit, wou et scho schwéier ass, fir déi erëm op den Aarbechtsmaart ze vermëttelen, ass fir si och warscheinlech valorisant an interessant, fir och erëm e bëssen an de Roulement ze kommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, och vu mir villmools merci fir déi gutt Aarbecht, déi de CIGL scho joerzéngtelaang hei an eiser Gemeng mécht. Wann een iwwerleet, datt den Erfinder dovunner och en Déifferdenger war, dee ganz vill un deem geschafft huet, zesumme mam OGB-L, datt mer mat deenen Éischte sinn, déi hei esou Saachen opgeriicht hunn.

Ech muss soen, wëll all Mënsch och berouegen, datt mer eis schonn e puermol gesinn hu mam CIGL, an datt déi Aarbechte wäerte weidergoen. Datt och d'Gemeng weider mam CIGL vill wäert schaffen. Déi wäertvoll Aarbecht, déi se fir eis maachen. Well et ass jo och eppes, wat ee muss kucken, dass et fir eis als Gemeng awer och interessant ass, well mer och vill Geld domadder spueren, all déi Projeten, déi mer maachen.

Et ass eng Win-Win-Situatioun. Dat wäerte mer weiderféieren. Wéi gesot, hu mer eis schonn ënnerhale fir déi zukünfteg Projeten a wäerten och weider esou intensiv mam CIGL zesummeschaffen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Wann et weider keng Wuertmeldunge gëtt, géif ech och nach e Wuert zu deem Ganze wëlle soen. Ech wëll mech de Mercien an dem Luef vun de Kolleeginnen an de Kolleegen upassen. Ech hat déi grouss Chance, bei Iech ze sinn um Anniversaire. Ech hunn de Film gesinn. Mer hate rieds iwwert de Butzebuttik, dee géif ausgebaut ginn, fir déi méi grouss Butzen. Ech héieren, datt et bei deene Gespréicher, déi gefouert gi sinn, op eisen Anniversairen, net nëmme bei de Gespréicher bleift, mee dass déi Projeten dann och ëmgesat ginn.

Des Weideren hate mer och rieds, dee selwechten Dag, iwwert dat, wat Der géift vergréisseren oder wat Der géift ännere bei Ärem Okkasiounsbuttik bei de Miwwelen. Och dat héieren ech, sidd Der amgaangen ëmzesetze mam Legislateur, souwäit wéi dat méiglech ass. Dat mécht mer besonnesch Freed.

*pour aider tous les clients. Il peut aussi enseigner aux gens comment réparer un vélo ou remplacer un pneu. L'offre est donc variée.*
*La Diffwäsch fonctionne bien aussi. Les machines à laver tournent en permanence. Le service de repassage marche aussi. En revanche, Marie-Jeanne Leblond se plaint de la maisonnette devant la porte. C'est une catastrophe, mais elle ne peut rien y faire.*
*Le Butzebuttik vend ses articles pour quelques euros. Les rentrées d'argent ne sont donc pas massives. L'Okkasiounsbuttik se trouvait à Belval avant d'emménager à Differdange. Il est normal que le rendement ne soit pas le même. Belval est très fréquenté. Il arrivait que les passants voient un meuble et qu'ils l'achètent. À Differdange, c'est différent. C'est pourquoi le CIGL a décidé de vendre aussi des ustensiles de cuisine.*
*Mais d'une manière générale, les boutiques fonctionnent bien.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *remercie à son tour le CIGL pour la présentation. De nos jours, trouver un travail n'a rien d'évident. Pouvoir travailler pour le CIGL est valorisant et intéressant pour les personnes concernées.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *remercie à son tour le CIGL pour le travail qu'il accomplit depuis des décennies. Il rappelle que le fondateur du CIGL est un Differdangeois en partenariat avec l'OGBL. Differdange a été la première ville à mettre en place un tel projet.*
*Fred Bertinelli confirme que la commune continuera à collaborer étroitement avec le CIGL. Il ne faut pas oublier que le CIGL permet à la commune d'économiser beaucoup d'argent en réalisant des projets pour elle. Il s'agit d'une situation gagnant-gagnant convenant à toutes les parties.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *va prendre la parole à son tour. Il s'associe aux remerciements de ses collègues. Il a eu l'opportunité de participer aux festivités de l'anniversaire du CIGL. Il y a vu le film. Il avait aussi été question de l'agrandissement du Butzebuttik. Il est content d'ap-*

*prendre aujourd'hui que ces discussions ont abouti sur des projets concrets.*
*Il avait aussi été question des changements à apporter à l'Okkasiounsbuttik. Ce projet est également en train d'être réalisé.*
*Il salue le fait que les collaborateurs du CIGL ont l'opportunité de faire des stages en entreprise. Comme l'a dit monsieur Ulveling, il arrive aussi qu'ils soient recrutés directement par le CID. C'est une bonne chose.*
*En son nom et au nom de tout le conseil communal, Guy Altmeisch garantit le soutien de la commune au CIGL comme cela a toujours été le cas et, si possible, encore plus.*
*En ce qui concerne l'arrêt de bus de la rue de l'Usine, le collège échevinal ne peut pas reculer la Diffwäsch. Il essaiera donc de reculer l'arrêt. Guy Altmeisch plaisante sur le fait que cela coutera moins cher que de déplacer un bâtiment. Il faut que la Diffwäsch soit plus visible.*
*Le bourgmestre remercie le CIGL pour la documentation et le film, et se tient à disposition pour d'éventuelles questions.*

**MARIE-JEANNE LEBLOND (CIGL)** *remercie la commune pour son soutien. L'important, c'est que les travaux soient réalisés ensemble.*
*Elle rappelle qu'en plus des boutiques, le CIGL offre des services de proximité fonctionnant merveilleusement. Elle s'en réjouit d'autant plus que, comme dit tout à l'heure, les collaborateurs fournis par l'ADEM sont vraiment difficiles à placer. Or, ce type de travail peut être réalisé par pratiquement tout le monde.*
*Marie-Jeanne Leblond remercie à nouveau la commune.*
*Outflipp ouvrira la semaine prochaine. Les jeunes pourront donc commencer à y aller. Les étagères sont installées et les produits arrivent petit à petit. Marie-Jeanne Leblond invite les conseillers communaux à aller voir sur place.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 3a et cède la parole à monsieur Ulveling.*

Et mécht mer och Freed, dass Der Leit, déi bei Iech beschäftegt sinn, an exterieure Firmen a Stagë gitt, wéi Der och Leit bei eis an de Gemengenatelier, wéi den Här Ulveling dat erwäänt huet, placéiert. Fir dass déi Leit awer e Kontakt behalen zu der Aarbechtswelt, déi net onbedéngt deem Entourage entsprécht, wat se bei Iech am Alldag begéinen. Dat ass eng positiv an eng ganz gutt Saach.

Vu menger Säit aus, am Numm vum Schäfferot, an ech menge vu jiddwerengem, deen heibanne sëtzt, kann ech Iech garantéieren, sou wéi Der dat gewinnt sidd, och an nächster Zukunft an a wäiter Zukunft de Support vun der Gemeng Déifferdeng ze erfueren, an deem Sënn, wéi Der et bis elo kannt hutt. Mir probéieren natierlech, nach do bäizeleeën, fir Iech do nach besser ze ënnerstëtzen.

Wat dee flotten Arrêt an der Wierkstrooss ubelaangt – leider hu mer kee Moyen, fir d'Diffwäsch ze réckelen. Da probéiere mer awer, den Arrêt ze réckelen. Dat wäert eis manner kaschten, wéi d'ganzt Gebai ze réckelen. Mir wäerten eis op jidde Fall Gedanken driwwer maachen, fir dat ze realiséieren, dass do eng besser Vue zu Ärem Commerce an nächster Zukunft besteet.

Ech soen Iech op jidde Fall Merci fir déi Explikatiounen. Merci fir d'Dokumentatioun. A merci fir dee flotte Film. A wann Der nach Froen hutt, also eis Dier steet ëmmer op. Mir sinn ëmmer bereet, Iech ze hëllefen a mat alle Moyenen, déi mer hunn, Iech ze ënnerstëtzen. Merci vun eiser Säit.

**MARIE-JEANNE LEBLOND (PRESIDENTIN CIGL):**

Mir soen dann och Merci – déi Lescht sinn déi Bescht – fir déi Ënnerstëtzung, déi mer hu vun der Gemeng. Ech mengen, d'Aarbechte ginn zesumme gemaach. An et ass dat, wat zielt. Dir hutt d'Projete gesinn, déi véier Servicer fir d'Gemeng Déifferdeng.aAusser elo d'Butteker – okay, dat ass jo och fir d'Gemeng Déifferdeng. Awer déi véier Servicer, déi lafen, déi fonctionéiere fantastesch.

A mir sinn och frou, besonnesch, dass déi Servicer gutt lafen, eeben aus deenen Ursaachen, wat d'Madamm Nachtsheim gesot huet, dass déi Leit, déi mer ugebuede kréie vun der ADEM, wierklech schwéier sinn ze placéieren. An dat sinn awer Aarbechten, déi quasi all Mënsch ka maachen, wann en e bësse wëll schaffen. An dofir fannen ech dat ganz gutt.

Mir soen Iech Merci. Mir sinn och frou, dass mer haut hunn dierfe kommen an Iech dat alles weisen.

A wéi gesot, den Outflipp, hunn ech héieren, dee geet d'nächst Woch op. Soudass Der Är Jugendlech kënnt scho mol laanscht schécken. An den Okkasiounsbuttik, dat leeft. Dat ass och amgaangen. D'Regaler sinn opgestallt an d'Saache kommen no an no. Et ass alles do. Kënnt Der och kucke goen, wann Der wëllt. Eis Madammen, déi do schaffen, och eisen Här, mir hunn dës Kéier och en Här do schaffen, déi si frou, wa se Iech gesinn. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mer kéimen zum Punkt 3a vum Ordre du jour, eis Gemengeprojeten. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir eis e puer Erklärungen driwwer ofzeginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hoffe just, dass d'Madamm Pregno elo bereet ass, awer iwwert deen Dossier ze schwätzen, well hei ass och eng Omissioun an dësem Dossier. Notamment hu mer vergiess, d'Subsiden dranzesetzen, déi mer an deem Kader kritt hu vun der Konstruktioun vun der Crèche Topolino respektiv dem Logement pour jeunes am Quartier Arboria.

2017 war en Devis approuvéiert gi vun 11.538.000 Euro. D'Dépense effective ass elo 200.000 Euro manner, dat heescht 11.333.000 Euro. Do krute mer Subsiden, déi stinn elo net hei am Dossier. Dat waren eng Kéier 3.632.000 Euro. Déi hu mer den 2. Januar 2020 kritt. An eng Kéier 585.000 Euro, déi hu mer den 29. Januar 2020 kritt. Hei hu mer da

mol eng Kéier en Devis agehalen. Dofir géif ech Iech bieden, dat ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Eng Wuertmeldung zu deem Punkt? Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Mir hunn dee Projet vun Ufank un ënnerstëtzt a si frou, datt de Budget respektéiert gouf, datt en an de Limitte bliwwen ass. Mir hu jo jorelaang hei gefuerdert, fir an esou Projeten ze investéieren, wuel wëssend, dass déi zolidd vum Staat subsidéiert ginn.

Dofir vun eis aus och ee grousse Merci un déi staatlech Instanzen, fir déi dach substanziell finanziell Ënnerstëtzung. Deen Dekont hei stëmme mir gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Am Numm vun der LSAP wëll ech soen, dass mer deemools, 2017 oder scho virdrun, wéi mer decidéiert hunn, dëst Gebai am fäerdegen Zoustand opzekafen, och dobäi waren an dat och voll ënnerstëtzt hunn.

Dir wësst, dass eng Crèche dran ass, dat ass déi Crèche vun der APEMH, fréier Topolino.

Et muss een awer och soen, bei de Crèchen, do gëtt jo generell kee Subsid accordéiert, well d'Personal vum Ministère iwwerholl gëtt, soudass mer do am Fong eng Partie manner kritt hunn, mee dofir kréie mir och Loyer.

Awer déi aner Initiativ, dat ass déi, wou mer Appartementer oder Studioen oder Wunnengen hu fir Jeunes encadrés. Och eng wichteg Aufgab. Do ass den Träger d'Croix Rouge. An deemools hu mer gesot, mir brauchen onbedéngt hei zu Déifferdeng där Wunnengen. Dat Ganzt ass e flott Gebai ginn. Sequoia huet et emol geheescht, ech weess net, ob et nach esou heescht, mee et ass eng ganz grouss Residenz um Arboria, um Plateau du Funiculaire. An ech mengen, wa mer elo kucken, netto, wat dat eis nach kascht, dann hu mer jo awer do e gudden Invest gemaach. Mer kënnen och nëmme soen, dass mer als LSAP gären och nach deen Dekont do stëmmen. Mir soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wéi den Här Muller richteg gesot huet, de Staat ënnerstëtzt entweeder de Bau oder d'Exploitatioun. Mir haten eis deemools fir d'Exploitatioun entscheet.

An ech kann Iech och soen, dass mer op där enger Säit Loyeren encaisséiere vun deene Leit, déi an deene Logementer sinn, mee op där anerer Säit musse mer d'Croix Rouge bezuelen, fir d'Gestioun vun deem Ganzen ze maachen. Soudass mer ënner dem Stréch pro Joer 20.000 Euro netto Benefice maachen. Et ass elo net derwäert, vill doriwwer ze schwätzen. Mee ech mengen, d'Initiativ war déi richteg. Dat kréie mer jo vun all Säit bestätegt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen aus dem Gemengerot, ech ka mech deene Wierder nëmmen uschléissen. Ech wollt nofroen, wou dann déi Subside sinn. Déi stoungen net hei, wat ganz schued ass, well dat awer wichteg ass, bei esou engem Projet ze soen. An dat sech jo och an eisem Budget ëmmer méi bemierkbar mécht. Dofir hunn ech mech jo och jorelaang agesat.

**TOM ULVELING (CSV)** *espère que madame Pregno est prête à débattre de ce dossier. En effet, le collège échevinal a oublié d'y ajouter les subsides reçus dans le cadre de la construction de la crèche Topolino et des logements pour jeunes à Arboria.*
*Le devis de 2017 s'élevait à 11 538 000 €. Les dépenses sont plus basses à hauteur de 200 000 € pour un total de 11 333 000 €. Les subsides se montent à 3 632 000 € et 585 000 €.*
*Tom Ulveling constate que pour une fois, le devis a été respecté.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que les démocrates ont soutenu ce projet dès le départ et ils se réjouissent que le devis soit respecté. Les subsides de l'État sont conséquents.*
*François Meisch remercie les instances étatiques pour leur soutien.*
*Le DP approuvera le décompte.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que les socialistes faisaient partie de la majorité quand la commune a décidé d'acquérir le bâtiment en question. Celui-ci accueille une crèche de l'APEMH.*
*Erny Muller précise que les crèches ne sont pas subventionnées, car l'État prend déjà les salaires à sa charge. En revanche, la commune touche un loyer.*
*Les studios pour les jeunes encadrés sont tout aussi importants. La Croix-Rouge gère le projet, dont Differdange a vraiment besoin.*
*Erny Muller rappelle que Sequoia est une très grande résidence située à Arboria sur le plateau du Funiculaire. L'investissement s'est révélé pertinent. Les socialistes approuveront le décompte.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que l'État soutient soit la construction, soit l'exploitation.*
*En d'autres termes, d'un côté, la commune touche des loyers, mais de l'autre elle finance la gestion de la Croix-Rouge. En tout, la commune réalise un bénéfice net de 20 000 €.*
*Mais de toute façon, ce n'est pas l'objectif. Ce qui compte, c'est que l'initiative est pertinente.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'associe à tout ce qui vient d'être dit.*
*Il regrette cependant que les subsides ne soient pas mentionnés dans le dossier. Ils sont importants. Gary Diderich répète depuis des années qu'il faut investir dans la pierre et profiter des subventions. Ce projet-ci a été réalisé avant Gravity. Il génère des loyers même s'il entraine également des dépenses.*
*Gary Diderich se demande si la commune ne devrait pas se donner plus de moyens de s'occuper elle-même de ces bâtiments.*
*Dans le cadre de Sequoia, le ministère de l'Éducation finance un éducateur pour 28 jeunes. La Croix-Rouge bénéficie donc de recettes. La commune devrait aussi soutenir ces acteurs, car les besoins sont immenses et les financements ne suffisent pas.*
*Ici, il est non seulement question de l'encadrement des jeunes, mais aussi de la crèche. Dans ce domaine, la commune doit se montrer plus active. En effet, actuellement, seul le Kornascht n'est pas privé. Cela entraine des problèmes. Il faut notamment se demander si on veut encore des crèches dans les quartiers avec tout le trafic qu'elles génèrent.*
*Si la commune devient active, elle pourra gérer ces questions et organiser la mobilité. Dans ce cas-ci, la commune cofinance le projet et travaille avec un exploitant externe. C'est un pas dans la bonne direction, car la commune bénéficie d'un droit de parole.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 3b, la transformation des maisons de la place Saintignon à Lasauvage.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit d'aménager les espaces extérieurs et une terrasse. Le devis se monte à 300 000 €. C'est beaucoup, mais il faut isoler le vide sanitaire sous les terrasses. Ensuite, il faut installer le carrelage et rendre la terrasse étanche.*
*Pour ce qui est des alentours, il est prévu d'aménager un éclairage spécial raccordé à l'éclairage de la route. Cela aussi entraine des frais supplémentaires.*

Ech si ganz frou, dass mer ëmmer méi op déi Schinn ginn. An dat hei laang virum Gravity ee vun deenen éischte Projete war, wou mir selwer an de Steen investéiert hunn. An dann och elo Loyeren erakréien, och wann, en effet, do och Depensen op där anerer Säit sinn. Wat natierlech d'Fro opwerft, awéiwäit mer eis selwer e Service a Moyene ginn, fir eis ëm déi Gebaier och ze këmmeren, e spezifesche Service.

Et ass e Service Jugendwunnen, dat ass e Programm vum Educatiounsministère, wou am Fong den Educatiounsministère awer och een Educateur op 28 Jonker finanzéiert. Dat heescht, u sech kritt d'Croix Rouge jo och do Recetten. Mee ech fannen et just richteg, dass mir als Gemeng och sou Acteuren ënnerstëtzen, dass mer grad an deem Beräich de Besoin, deen do immens grouss ass, och ënnerstëtzen. Well meeschtens déi Finanzementer, déi eebe kommen, och net duerginn, fir alles, wat verbonnen ass mat der Gestioun vun esou enger Wunneng.

An hei geet et jo net nëmmen ëm d'Jugendwunnen, mee och ëm d'Crèche, wou de Besoin och grouss ass. Wou, denken ech, och de Besoin do ass, dass mir als Gemeng selwer och méi aktiv ginn. Mir hunn eng Crèche, dat ass d'Crèche Kornascht. An all de Rescht hu mer am Fong dem Privatsecteur iwwerlooss, mat all deene Probleemer, déi sech dann domadder stellen. Wou jo och hei am Kader vum PAG schonn d'Fro opgeworf ginn ass: Wëlle mer iwwerhaapt nach Crèchen an eise Quartieren? Wéi kréie mer de Verkéier do gereegelt? Wéi kréie mer d'Parkplazen do gereegelt?

A wou ech ganz kloer gesot hunn – dat hat ech jo och Jore virun där Diskussioun gesot –, wa mir selwer aktiv ginn, da kënne mir déi Saache steieren. Da kënne mer d'Qualitéit assuréieren an deenen Haiser, mir kënnen d'Mobilitéit organiséieren. An dat heiten ass elo esou en hallwe Schrëtt an déi Richtung, well mer dat matfinanzéieren. Awer och en externen Acteur hu fir d'Exploitatioun. Wat awer net dramatesch ass. Mee mir konnten awer decidéieren, wou dat hikënnt. An hunn och e Matsproocherecht fir déi dote Saach. An ech mengen, an déi Richtung misst een do och méi goen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da kënne mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte de la construction d'une crèche et de logements pour jeunes dans le quartier Arboria à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 3b, dee behandelt d'Renovatioun respektiv d'Transformatioun vun den Haiser op der Zowaasch op der Saintignon-Plaz. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg, Här Buergermeeschter, do mussen d'Aussenanlagen nach ugeluecht ginn, respektiv hannen eng Terrass. Mir hunn hei en Devis vun 300.000 Euro. Ech fannen et relativ deier, muss ech Iech soen.

Ech hunn nogefrot, firwat dat esou deier géif ginn. Do krut ech gesot, éischtens wär ënner deenen Terrassen e Vide sanitaire, dat heescht, dat misst isoléiert ginn. Da muss d'Terrass gebaut ginn, déi muss och isoléiert ginn a Carrelage drop kommen. Et muss eng Etanchéitéit drop kommen. D'Alentoure ginn amenagéiert. Et kënnt eng ganz nei Beliichtung, et ass eng speziell Beliichtung, well et eng Noutbeliichtung ass. An déi muss un d'Beliichtung vun der Strooss ugeschloss ginn, fir dass ee sécher ass, dass déi dauernd un ass. Wat zousätzlech Käschte mat sech bréngt.

Ech kann Iech awer an enger Saach berouegen: Den aktuelle Gite huet, à ce stade, 650.000 Euro kascht, mat all deene Rechnungen, déi mer bis elo erakritt hunn. Dee war op 800.000 Euro ugesat. Déi heite Gitte si mer bis dato bei 1,2 Milliounen a 50.000 Euro. Soudass mer insgesamt fir dee Projet, wann een alles zesummerechent, ëm déi 150.000 Euro driwwer leien. Wat an haitegen Zäiten, géif ech soen, an der Rei wier.

Dir wëllt nach vläicht wëssen, wéini et opgeet. Ech hat gesot kritt Enn Januar géif et lassgoen. Mer hunn och e Bedreiwer, deen dat verlount. Mee et schéngt awer esou ze sinn, dass dat sech warscheinlech nach ëm ee Mount verzögert, well si sinn elo amgaange mat Gipsaarbechten, a mam aktuelle Wieder, muss ee waarden, bis dat alles dréchen ass, ier ee kann ustraiche respektiv d'Tapéit drop pechen.

Soudass mer dervun ausginn, spéitstens Februar/Mäerz kann d'Locatioun lassgoen. An do ass och deejéinegen interesséiert, deen de Moment eise Gite verlount. Dee wär interesséiert, och déi heiten Haisercher ze verlounen.

Ech géif Iech bieden, dat heiten ze stëmmen.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen? Här Aguiar, wannechgelift.

#### PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. La rénovation du gite rural et des trois maisons adjacentes à Lasauvage représente un pas significatif pour le développement du tourisme local respectivement pour le village de Lasauvage et la ville de Differdange.

Je pense qu'il ne vaut pas la peine de revenir sur l'importance de ce projet. Mais je trouve qu'on doit quand même être prudent en ce qui concerne les couts impliqués. Initialement, l'engagement de 2,3 millions d'euros pour la rénovation d'un gite et trois maisons. On trouve que c'est quand même beaucoup. Et maintenant, voilà un devis supplémentaire de 300 000 €. Monsieur Ulveling a bien expliqué qu'apparemment le gite et les maisons coutent moins cher — bon, on va attendre le décompte, mais un devis supplémentaire, pour nous, ça commence à être un peu de trop, compte tenu du prix global du Projet. On a quand même prévu 2,5 millions d'euros pour la rénovation des trois maisons respectivement pour le gite.

Nous sommes pour ce projet, bien évidemment. Mais on exhorte quand même le collège échevinal à être plus prudent et attentif justement à ces couts supplémentaires. Surtout quand on a vu également le prix des honoraires dans le cadre de ce projet.

Merci fir d'Wuert.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Je voulais vous informer qu'on m'a dit que ces travaux n'étaient pas prévus initialement. Ceci est une rajoute. J'ai dit qu'il n'était pas sérieux de ne pas tout mettre dans le devis. Vous avez entièrement raison, monsieur Aguiar. Mais comme je vous ai dit, la partie gite est subventionnée par Esch2022 et on a, à ce stade, une économie de 150 000 €. Je vous ai expliqué que nous allions avoir un surplus de 150 000 € et pas de 300 000 €.

Ech hunn ëmmer versicht ze explizéieren, dass et haut um Bau wierklech schlëmm ass, well een net weess, wou een erauskënnt. Mir hunn Devisë vun eise Büroen, wou mer gesot hunn, dass mer ausschreiwen, da leien déi scho bei der Ausschreiwung direkt 20 % driwwer. An do kënne mer leider, leider näischt maachen. Mir mussen ëmmer deen huelen, deen dee Bëllegsten ass. An och do komme Surprisen, well deen huet da gesinn, dass e sech iergendwou verrechent huet, well en da soi-disant 300.000-400.000 Euro méi bëlleg war wéi deen zweeten. An da gëtt en einfach e Pabeier net of, dann ass en d'office exclus. An da musse mer deen zweeten huelen, dann hu mer erëm 300.000 Euro méi op der Box. Dat ass och net gutt regléiert.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wëll nach eent dozou soen. Et ass ganz kloer, mir hunn dat och gemierkt wärend de Renovatiounsaarbechte vun der Schoul zu Nidderkuer, oft kommen esou Vice-cachéën un d'Liicht. Wann een eng Mauer ofrappt oder et geet ee virun, e mécht een eng Renovatioun, kraazt de Botz iergendwou ewech, da gesäit een, dass Fiichtegkeet hannendrun ass.dDa muss een dat natierlech evakuéieren, ier een et dann nei mécht

*Tom Ulveling ajoute que le gite actuel a couté 650 000 € sur la base des factures reçues. Le devis se montait à 850 000 €. Les trois autres gites étaient estimés à 1 250 000 €. En tout, le budget est dépassé de 150 000 €. Tom Ulveling estime que c'est acceptable.*
*En principe, les gites devaient ouvrir à la fin de janvier. La commune dispose d'un exploitant. Cependant, l'ouverture doit être repoussée d'un mois à cause des travaux de plâtre et du mauvais temps. Normalement, la mise en location devrait commencer en février ou en mars.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que la rénovation du gite et des maisons adjacentes va contribuer à développer le tourisme à Lasauvage et à Differdange. L'importance du projet est évidente.*
*En revanche, il faut être prudent en ce qui concerne les couts. Paulo Aguiar rappelle qu'au début, il était question de 2,3 millions d'euros pour le gite et les 3 maisons. C'était déjà beaucoup. Maintenant, il est question d'un devis supplémentaire de 300 000 €.*
*Certes, monsieur Ulveling vient de parler d'une baisse des couts pour les maisons, mais Paulo Aguiar préfère attendre le décompte. Il rappelle que 2,5 millions d'euros, ce n'est pas rien pour ces rénovations. Il exhorte le collège échevinal à se montrer prudent quand bien même les écologistes soutiennent le projet. Les honoraires sont eux aussi conséquents.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que ces travaux n'étaient pas prévus initialement. Monsieur Aguiar a raison de se plaindre du fait que tout ne se trouvait pas dans le devis. Mais une partie du gite est subventionnée par Esch2022.*
*Par ailleurs, le surplus se situe à 150 000 € et pas à 300 000 €. Or, de nos jours, on ne sait jamais combien une construction va couter en fin de compte. La marge de manœuvre de la commune est restreinte.*
*En plus, il y a toujours des surprises. L'une des entreprises était censée être 400 000 € moins cher que l'autre. Mais elle n'a pas remis*

*un dossier complet forçant la commune à choisir l'entreprise plus chère.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle les vices cachés découverts lors de la rénovation de l'école de Niederkorn. Il peut arriver que l'on rénove un mur et qu'on découvre qu'il est attaqué par l'humidité. Il faut alors s'occuper de ce problème avant de procéder aux rénovations. Cela entraine un surcout.*
*Le collège échevinal fait très attention aux dépenses de la commune. L'équilibre budgétaire doit être garanti. Malheureusement, il est souvent inévitable que des surcouts surviennent. Et la solution ne peut pas consister à ne pas terminer le projet. La commune n'a pas d'autre choix que de continuer les travaux et payer plus.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *pense que la commune a droit à un subside de 50 % de la part du ministère.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'a pas les chiffres exacts, mais le ministère du Tourisme lui a confirmé que le projet serait subventionné.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'en étonne, car le ministre lui a dit que ce ne serait pas le cas.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que la commune n'attend plus que le chèque.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que le ministre est tout nouveau.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *plaisante sur le fait que s'il arrive avec une mallette d'argent, ce serait encore mieux. Mais c'est un bon début.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue la valorisation de Lasauvage et du tourisme. Il rappelle qu'il avait été question du fait que les hôtes auront besoin d'une épicerie et signale qu'il y en a une sur le sentier de promenade en direction de Saulnes. Certes, il faut traverser la frontière, mais c'est moins illusoire que de penser qu'un commerce ouvrira à Lasauvage.*
*Gary Diderich souligne également le fait que la commune voulait déjà*

an doduercher entsteet ganz oft eng Verdeierung vun deene ganze Projeten.

Also ech mengen, mir si méi wéi virsiichteg mat deene Suen, déi mir ausginn. Eis ass bewosst, dass mer de Portmonni mussen um Enn vum Joer och nach zoukréien. An déi Projeten, déi mer maachen, wëlle mer esou gutt wéi méiglech duerchzéien. Mee leider ass et net ëmmer ze evitéieren, wärend Renovatiounen esou verstoppte Feeler da musse riichtzebéien. An et béit ee se och net riicht, andeems een de Projet dann einfach hänke léisst. Awer et muss ee jo da virufueren. Dann ass jo ganz kloer, dass een do awer da Méikäschten huet.

Den Här Muller huet nach eng Fro.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn eng Fro zum finanztechneschen Deel, d'Madamm Charlé hëlt Stellung zum Projet selwer.

Här Ulveling, fir déi dote Wunnengen a fir déi Haiser, hu mer jo awer och e Subsid vum Ministère ëm déi 50 % zegutt oder net?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech kann Iech elo net mat Bestëmmtheet soen, wéi vill Subsid mer kréien. Mee mir hu vum Tourismusministère d'Zouso kritt, dass en dat géif subventionéieren.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Well ech hat de Minister ugesprach, en hat net nee gesot. Hien ass nach e bëssen nei.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

De Scheck muss nach just ukommen.

(Gelaachs)

**ERNY MULLER (LSAP):**

En ass nach e bëssen nei am Amt, e war do een Dag am Amt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

E Jo ass jo schonn net schlecht. Wann en da mat der Mallette kënnt, si mer nach méi frou. Mee de Jo ass schonn net schlecht fir unzefänken.

Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir begréissen déi Opwäertung vun eisem Tourismus, vun der Méiglechkeet, zu Lasauvage kënnen och ze iwwernuechten. Ech erënneren drun, et war eng Kéier nämlech hei rieds gewiescht, dass een och Commerce zu Lasauvage bräicht. Dass déi Leit, déi do iwwernuechten, och eng Epicerie brauchen.

Ech ginn den Tipp: Wann ee vun do aus de Spadséierwee Richtung Saulnes geet, dass een do Commercë fënnt. Et ass zwar eng Grenz dertëschent, mee et passt kee méi op där Grenz op. Ech mengen, dass et relativ illusoresch ass, dass mer Commercen op Lasauvage kréien, ausser mir subsidéieren déi ganz, ganz staark. Et ass ee ganz schéine Wee. Zu Zounen, do fënnt ee ganz vill, och eng gutt franséisch Baguette. Also dat just als klengen Tipp.

Ech erënneren och nach eng Kéier drun, dass mer ursprénglech am Fong do wollte scho laang e Gite jo realiséieren, just et ass duerno en Hotel draus ginn. Wat e bëssen op eng Aart a Weis gelaf ass, déi, mengen ech, net ganz transparent a rühmlech war. Mee et ass awer gutt, dass dee Restaurant an Hotel elo do ass, an dass mer elo och endlech ee Gite dohinner kréien.

Awer dann zu där Fro vun der Explosioun vun de Käschten. Wa mer bei esou engem Projet déi doten Argumenter bréngen, Här Ulveling, da sinn ech gespaant op de Projet vun dësem Stadhaus, wann dat bis renovéiert gëtt.

Well do mengt Dir, mir géife bei deem Präis bleiwen, dee mer virun x Jore kritt hunn, well mer e puer fancy Luuchten ewechloossen a méi normaler ophänken. An den Index ass ëm, ech weess et elo net méi auswenneg, wéi vill an d'Luucht gaangen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

20 bis 25 % an d'Luucht gaangen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mindestens 25 %. Well deen Index, deen deemools an den Devisë stoung, dat ass nach een anere wéi zu deem Moment, wou e gestëmmt ginn ass. Dat heescht, do si mer, mengen ech, bei 40 % Index, deen an d'Luucht gaangen ass. An dat war den Devis! Dat war dann de Devis.

Wann mer elo all déi Argumenter, déi Der elo gesot hutt, dann applizéieren op esou ee grousse Projet a mir kréie prozentual déi nämmlecht Erhéijung par rapport zum Devis wéi bei deem heite klenge Projet, wou awer tendenziell een alles kéint gesinn, ier ee lassfiert, da sinn ech gespaant, wéi vill Sue mer an dëst Stadhaus hei wäerten investéieren. An da bedaueren ech ëmsou méi, dass mer deemools eis net lancéiert hunn. An elo misst ee sech ganz genee iwwerleeën, ob dat nach dee richtege Wee ass.

Dat ass net grad elo de Punkt vum Ordre du jour, mee ech mengen, et ass ee wichtege Projet. A wa mer schonn dobäi sinn, eng Alternativ kéint sinn – ech weess net, ob Der a Gespréicher sidd mat Henckes, e Gebai, wat elo net méi besat ass. Wann een d'Méiglechkeet hätt, un dat Gebai ze kommen, a mir hu schonn zwee Gebaier riets niewendrun, da kéint een eppes Neies bauen, wat net wäit vun deem Existant hei ass.

Dat wär zum Beispill ee Wee, deen ee kéint studéieren, fir dass een awer schnell zu enger Léisung kënnt an, wéi den Här Buergermeeschter um Neijoerschpatt gesot huet, eng Léisung fënnt, wou d'Personal och enzwousch nach ka weider schaffen, ouni am Chantier ze sëtzen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll Iech drop äntweren. Éischtens hunn ech ni behaapt, dass mer dat zu deem Präis kréichen. Dat ass emol dat Éischt.

Zweetens si mer amgaangen, Spuermoossnamen auszeloten. Drëttens hunn ech ordonéiert, dass een neien Devis opgestallt gëtt.wWell ech jo och net wëll mat engem Devis an d'Renne goen, dee scho véier, fënnef Joer al ass, wou de Conseil hei iwwert deen neien Devis wäert informéiert ginn an en connaissance de cause driwwer ofstëmme kann.

Wat Der vun der Maison Henckes gesot huet, do si mer a Gespréicher gewiescht. Mir kruten och d'Zouso, dass no enger gewësser Zäit dat eventuell fir d'Gemeng disponibel wär, mee à ce stade net.

An natierlech si mer amgaangen ze plangen. Mir hu mat eise Servicer respektiv mat alle Concernéierte schonn duerchdiskutéiert a mir hunn decidéiert, dass am Fong dat heite Gebai komplett geraumt gëtt. Dat ass och eng Spuermoossnam, well dat eis erméiglecht, dee ganze Chantier ëm ee Joer ze verkierzen. Dat ass méi käschtegënschteg. Mir verlageren déi ganz Beleegschaft op dräi oder véier Sitten an och de Schäfferot. Soudass mer rechnen, an dräi Joer dee ganze Chantier, mat deem heite Gebai, wat dann och erëm muss an d'Rei gesat ginn an deenen neie gesetzlechen Normen ugepasst ginn, wäert da fäerdeg sinn.

Ech wëll Iech soen, well mer dat dräi Joer am Tirang leien haten, hu mer en neit Gesetz kritt iwwert d'Mobilité réduite. Soudass déi ganz Planung nach eng Kéier muss nogekuckt ginn, fir dass iwwerall all Handicapéierten aus dem Lift ka mat senger Chaise roulante hikommen. Do musse Modifikatiounen an de Pläng gemaach ginn. Mee u sech ass dee Prozess engagéiert, dass mer relativ schnell wëlle virukommen. Mir rechnen domat, warscheinlech d'nächst Joer kënnen unzefänken, wann dat esou geet, wéi mer mengen.

A mir wäerte versichen, sou vill wéi méiglech ze spueren.

*aménager un gite à Lasauvage. Finalement, c'est un hôtel qui a ouvert dans des conditions peu transparentes.*
*Pour ce qui est de l'explosion des couts, si monsieur Ulveling avance de tels arguments, Gary Diderich craint le pire concernant l'hôtel de ville. Il rappelle que monsieur Ulveling croit que les prix ne vont pas évoluer parce qu'il a éliminé quelques éclairages.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que l'indice a augmenté de 20 % à 25 %.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *parlerait plutôt de 40 %, car l'indice dans le devis n'était déjà pas correct.*
*S'il applique les arguments avancés par monsieur Ulveling pour un petit projet comme les maisons de la place Saintignon, il se demande combien la commune va investir réellement dans un grand projet comme l'hôtel de ville. Il regrette que ce projet n'ait pas été lancé plus tôt.*
*Gary Diderich propose plutôt d'acquérir la maison Henckes et d'utiliser les bâtisses à côté de l'hôtel de ville. Cela permettrait de résoudre le problème facilement tout en permettant aux employés communaux de ne pas travailler au milieu d'un chantier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'a jamais prétendu que le prix de l'hôtel de ville n'augmenterait pas. Deuxièmement, le collège échevinal recherche des façons de faire des économies. Troisièmement, Tom Ulveling a demandé un nouveau devis, car il ne veut pas lancer un tel projet sur la base d'un devis vieux de cinq ans. Le conseil communal prendra sa décision en connaissance de cause.*
*Des négociations sont en cours pour la maison Henckes, mais, à ce stade, elle n'est pas disponible.*
*Pour ce qui est du chantier, le collège échevinal a décidé de déplacer tous les services communaux. Cela permettra de raccourcir les travaux d'un an et de faire des économies. Trois ou quatre sites sont pris en considération. Tom Ulveling pense que dans trois ans, la remise en état*

*de l'hôtel de ville et la construction du nouveau bâtiment devraient être terminées.*
*Comme le dossier a passé trois ans dans un tiroir, la commune devra tenir compte de la nouvelle loi sur la mobilité. Les plans vont devoir être modifiés. Cependant, les choses devraient aller assez vite et les travaux devraient commencer l'année prochaine.*
*Bien entendu, le collège échevinal essaiera de faire des économies.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que le conseil communal devra aussi trouver une nouvelle salle où siéger. Il informe monsieur Diderich que les gens de Lasauvage bénéficient aussi des accords de Schengen et qu'ils peuvent faire leurs courses à l'étranger sans craindre la douane.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *trouve ce projet chouette, car Lasauvage offre un cadre agréable et permettra aux gens de découvrir le sud du pays.*
*Comme l'a dit monsieur Diderich, il est dommage que les visiteurs, mais aussi les habitants, ne puissent pas faire leurs courses à Lasauvage. Il ne faut pas oublier que les personnes âgées et celles sans permis de conduire ont du mal à se rendre dans la localité voisine. Une épicerie ou une boulangerie ne seraient pas de trop.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que jusqu'aux années 90, Lasauvage comptait une épicerie et une boulangerie, mais elles ont dû fermer par manque de clientèle.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Guy Altmeisch ajoute qu'il ne suffit pas d'ouvrir un magasin. Le commerçant doit pouvoir en vivre. Le bourgmestre imagine plutôt un marchand ambulant qui livrerait du pain ou d'autres produits.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *se souvient que des camionnettes livraient effectivement des œufs et du pain. Mais ce n'est plus le cas depuis des années. Or les gens ne veulent pas prendre la voiture systématiquement pour aller acheter du pain.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech wëll nach dozou soen, dass net nëmmen de Schäfferot geplënnert gëtt, och de Gemengerot muss jo en neie Sall sichen, wou mer da kënnen zesumme siegéieren.

Dem Här Diderich wëll ech Bescheed soen, dass och déi Leit vu Lasauvage kënnen, laut dem Accord vu Schengen, an d'Ausland akafe goen, dass mer do keng Probleemer kréien, weeder mat der Douane nach mam TVAs-Büro.

D'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Villmools merci fir d'Wuert. Och mir fannen et immens flott, well Lasauvage, jidderee weess, et ass en immens flotte Kader an et ass och ganz interessant, fir d'Leit e bëssen an de Süden erofzekréien. An dat hëlt och d'Leit vun deem ganze Chaos vum Duerf am Allgemengen ewech, fir e bëssen zur Rou ze kommen.

Mee, wéi den Här Diderich scho gesot huet, et ass immens schued, dass een zu Lasauvage net onbedéngt Saachen op der Plaz fënnt. Net nëmme fir elo dee Gite oder fir déi Leit, déi an d'Duerf kommen, fir do ze spadséieren, mee och fir déi Leit, déi do wunnen. Also déi meescht eeler Leit oder déi Leit, déi eebe kee Fürerschäin hunn oder sech net ganz autonom kënnen an dat nächst Duerf deplacéieren, ass et immens wichteg, fir un déi néideg Saachen ze kommen, eng Baguette oder wéi och ëmmer. Do wär et immens interessant, dass do eng Epicerie oder op d'mannst e Bäcker oder iergendeppes fir d'Leit accessibel ass a se net onbedéngt mussen iwwert d'Grenz goe fir anzekafen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärung. Ech kann Iech just soen, dass bis an d'90er-Joren, weess ech selwer, eng Epicerie do war an e Bäcker do war. Mee leider hunn déi d'Geschäft missen opginn, well se d'Clientèle net méi gepackt hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Faute de combattants.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Faute de combattants, wéi den Här Ulveling seet, dat ass ëmmer de Probleem.

Wann een esou ee Geschäft opméchт, da muss e jo och kënnen dovu liewen an esou virun. Et kann een awer driwwer nodenken, dass ee vläicht e Marchand ambulant oder esou eppes dohinner kritt, dee mat Brout oder de wichtegste Saache bei d'Leit ka fueren. Doriwwer kann ee sech awer Gedanke maachen. Jo, Madamm Engel.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Eng Zäitche sinn effektiv esou Camionnette komm, déi Eeër bruecht hunn a Brout. Dat ass awer zënter Jore guer net méi de Fall. An d'Leit sichen awer fir esou Saachen, Klengegkeeten anzekafen an net onbedéngt musse sech ëmmer ze deplacéieren an den Auto ze huelen, fir just e Brout oder déi néideg Saache fir Owesiessen, Schmieren oder wéi och ëmmer kënnen anzekafen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Iwwerleeungen. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci, fir d'Wuert. Et deet mer leed, wa meng Stëmm haut net an Héichform ass. Mee ech gi mäi Bescht.

Als Éischt wéilt ech op dat agoen, wat d'Madamm Engel elo gesot huet. Natierlech versti mir, dass dat e Probleem ass fir déi Leit zu Lasauvage. Mee ech denken, wat den Här Buergermeeschter gesot huet, dass et vläicht eng Iddi ass, och vläicht als Gemeng, hir verschidde Leit unzeschreiwen, ob do keen interesséiert wär, mobil an d'Duerf ze fueren. Well effektiv fir Leit,

déi manner mobil oder ganz dependant sinn, kann dat e Probleem sinn.

Onofhängeg dovunner, de Projet mat de Gitten, wou et ëm dee Budget geet, deen dann nach e bëssen an d'Luucht gaangen ass duerch den Devis, dee leider net esou gestëmmt huet. An awer denken ech, an dat och als Presidentin vum ORT, wou ganz vill hanner deem Projet steet, dass dat ee ganz, ganz wichtege Projet ass. Net nëmme fir Lasauvage, och fir eis Gemeng. An net nëmme fir eis Bierger, mee och doriwwer eraus. Dofir denke mir, eng Zomm vun 150.000 Euro, déi dat elo méi sinn, dass dat awer elo net ze vill fir dee Projet ass. Wann ee bedenkt, dass een heiansdo Budgeten huet, déi méi an d'Luucht ginn oder wou een net méi vun 150.000 Euro schwätzt, mee dat duebelt, dat dräifacht, si mer awer nach ganz frou, dass mer do esou gutt dobäi ewechkomm sinn.

Wënschen deem Projet op jidde Fall Bonne chance, wann deen elo deemnächst start mat deem éischte Gite an natierlech och déi zwee, déi nach nokommen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen an déi Detailer. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Gudde Moien alleguerten. Mir hunn elo iwwert de Budget geschwat, oder, dass mer do ze héich sinn. Ech froe mech, ob een an Zukunft net vläicht misst goen op e Standard. En ass jo immens schéin dee Gite, mee ob en net och ufälleg ass, wa bis Leit derduerch waren. Et ass alles am Naturholz an esou weider. Et schéngt mir relativ kriddeleg ze sinn. An doduerch och deier. Ech weess net, ob ee vläicht do e bësse manner opwänneg sollt virgoen an doduerch de Budget kéint e bësse kierzen.

Wat déi aner Saach ugeet. Et gouf gefrot eng Epicerie oder eng Epicerie op Rieder. De Probleem ass, menger Meenung no hunn déi opgehalen, well se och Konkurrenz hunn duerch déi Betriber, wou s de iwwer Internet kanns deng Saachen heem liwwere loossen. Dat ass eeben de Probleem.

Dat fonctionéiert och gutt. Dat ass eng fäi Saach. Mee do ass eeben de Probleem, dass déi eeler Leit Misär hunn, sech um Internet eppes selwer ze bestellen. Ob et do eng Méiglechkeet gëtt, fir den eelere Leit ze hëllefen, fir dat ze maachen. Dat ass elo dohigestallt. Ech weess och do keng richteg Léisung. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Gëtt et nach Wuertmeldungen dozou? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Mir als Demokratesch Partei begréissen eng weider Opwäertung vu Lasauvage. Am Fong feelt just nach de Balcon an d'Auberge de la Promenade, dann hu mer alles gemaach. Mee mir wëssen, datt dat net fir haut a muer wäert sinn.

Wann ech richteg verstanen hunn, soll dat jo als Gite fonctionéieren, déi dräi zousätzlech Haiser hei. A mir hu jo ee Gite, dee scho fäerdeg ass, deen ass awer nach net op, wann ech dat och richteg gesinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dach.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ass en op?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, jo.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Majo da wär meng Fro: Gëtt et do schonn Zuele vun Iwwernuechtungen? A mir hu jo och d'Auberge an der Schoul niewendrun, mat 32 Better –

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *s'excuse pour sa voix.*
*Elle comprend que ce dont parle madame Engel est un problème pour les habitants de Lasauvage. Elle soutient la proposition de monsieur Altmeisch. La commune pourrait écrire à ses commerçants pour leur demander s'ils ne souhaitent pas effectuer des livraisons à Lasauvage.*
*Zenia Charlé passe aux gites et regrette que le devis n'ait pas pu être respecté. Mais en tant que présidente de l'ORT, elle sait que ce projet est important pour Lasauvage et toute la commune. C'est pourquoi elle ne pense pas que le surcout de 150 000 € soit énorme pour un projet comme celui-ci.*
*Zenia Charlé souhaite bonne chance au projet, qui sera lancé prochainement.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *revient sur la question du budget, qui a été dépassé. Il se demande entre autres si le gite n'est pas fragile. En effet, le bois naturel ne va-t-il pas s'abimer avec tous les gens qui vont y séjourner ? Il se demande si la commune ne pourrait pas choisir des matériaux moins compliqués, ce qui permettrait aussi de baisser les couts.*
*En ce qui concerne l'épicerie et les marchands ambulants, Guy Tempels suppose qu'ils ont abandonné à cause de la concurrence sur internet. Le commerce en ligne fonctionne bien même si les personnes âgées ne savent pas toujours se servir d'internet. Mais peut-être pourrait-on les aider ?*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se réjouit de la revalorisation de Lasauvage. Il ne manque plus que le Balcon et l'auberge de la Promenade.*
*François Meisch croit avoir compris que les trois nouvelles maisons fonctionneront aussi comme gites. Le premier gite n'est pas encore ouvert.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que si.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande si le collège échevinal dispose déjà de chiffres concernant les nuitées. Il rappelle que l'auberge à côté*

*compte 32 lits. Y a-t-il aussi des chiffres pour l'auberge ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *a discuté avec l'exploitant, qui lui a dit être satisfait. La demande est relativement importante.*
*Pour ce qui est de l'auberge, Tom Ulveling n'a pas les chiffres, mais il se renseignera et fournira l'info à monsieur Meisch. Il rappelle que l'auberge est fréquentée par les écoles. Il propose de créer une brochure que la commune pourrait envoyer aux écoles pour qu'elles organisent des excursions en partenariat avec l'école Nature.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que les clubs sportifs profitent également de l'auberge — notamment quand des équipes étrangères viennent à Differdange pour un tournoi. Il arrive même qu'il faille refuser des gens parce que l'auberge est pleine.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au PAG et aux PAP.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit d'une modification des articles 11 et 18. Le collège échevinal entend modifier les documents de sorte à permettre la réalisation de projets d'utilité publique et provisoires sans devoir créer un nouveau PAP.*
*Plus précisément, le lycée privé Émile-Metz a besoin de plus de conteneurs pour septembre, car l'école fonctionne bien. Sans une modification, il faudrait près d'un an pour faire toutes les études nécessaires à la réalisation du projet. Tom Ulveling trouve que ces conteneurs sont d'utilité publique et provisoires. C'est pourquoi il propose la modification en question.*
*Le deuxième point concerne le stationnement.*

fonctionéiert déi nach? Ass do eppes envisagéiert? A wa se fonctionéiert: Gëtt et do och Zuelen? Well dann huet ee jo e bëssen eng Richtlinn, wou et herno mat deenen anere Gitte kéint higoen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech kann Iech just soen, Här Meisch, ech hat mam Bedreiwer geschwat, ech hat dee begéint, an dee war ganz zefridde mat der Locatioun, wéi dat virgesinn ass an Zukunft. En huet mir gesot, et wär eng relativ grouss Nofro do.

Dat anert fonctionéiert alles an och d'Auberge fonctionéiert. Ech kann Iech elo keng Chiffere ginn. Mee mir kënnen dat awer nosichen an Iech dat dann zoukomme loossen.

Mee et ass ëmmer nach esou, dass verschidde Klassen dohinner kommen. Deelweis si jo Reparaturen do gemaach, soudass mir geduecht hunn, am Kader vum Tourismus vläicht eng kleng Broschür ze maachen, fir déi Sitten do unzebidden. Fir se u Schoulen ze schécken, déi dann hir Ausflich do maachen an zesumme mat der Naturschoul kënnen do ee Programm maachen. Dat wär eng flott Saach. Doru schaffe mir am Kader vum Tourismus.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech ka supplementar dozou soen, dass d'Jugendherberg zum Beispill och vill vun de Sportsveräiner profitéiert gëtt. Wann déi Turnéier hunn, wou auslännesch Ekippe kommen, profitéieren déi Veräiner dovun, dass d'Gemeng dat subventionéiert, fir déi Jugendlech do ënnerdaach ze bréngen. Fir deenen eng Méiglechkeet ze ginn, zu engem bëllegen Tarif oder fir näischt do ze iwwernuechte respektiv do hire Kaffi moies ze drénken. Wat eng gutt Saach ass.

Déi ass souguer heiansdo esou oft gefrot, och wärend de Schoulvakanzen, wou déi Turnéier sinn, dass emol keng Plaz méi do ass, fir aner Ekippen ënnerdaach ze huelen. Also dat fonctionéiert wonnerbar.

Wann et keng Wuertmeldunge méi dozou gëtt, géif ech Iech Merci soe fir déi interessant supplementar Informatiounen an da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire pour la rénovation et la transformation des maisons situées place Saintignon à Lasauvage.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 4, deen de PAG an de PAP begräift. Da géif ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling ginn, fir eis de Punkt 4a ze erklären an Detailer ze ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass eng Modification ponctuelle vum PAG, Artikel 11 an Artikel 18. Et geet am Fong drëm, fir verschidde Saachen, déi am Park PAP nouveau quartier stinn, déi verhënnere Saachen, déi am PAP quartier existant dra waren. Soudass mer elo versichen ze kucken, duerch deen Zousaz, dass am PAP nouveauQquartier an dem PAP quartier existant op Saachen, déi d'utilité publique sinn an déi provisoire sinn, dass een déi kann och direkt maachen, ouni een neie PAP nouveau quartier ze maachen.

Et geet hei haaptsächlech ëm de Lycée Emile Metz, dee wëllt am September zousätzlech Container. D'Schoul ass ee grousse Succès, si wëllen domat weiderfueren a si brauche Plaz, si brauchen zousätzlech Container. A wa mer dësen Zousaz net hunn – et ass e PAP nouveau quartier –, da musse mer déi ganz Etüde vun der Ëmweltstudie, e Retentiounsbecken, dee ganze Plateau nei plangen. Wat immens vill Zäit anhëlt, néng Méint bis ee Joer. An déi Zäit hu mer net, well dat soll am September opgoen. A wa mer dat hei elo stëmmen, dann erlaabt dat eis, Saachen, déi provisoire sinn an d'utilité publique, direkt deenen déi Autorisatiounen ze ginn. Dat ass dat Éischt.

Dat anert dat ass d'Emplacement, d'Stationnementer. Do ass et esou, dass an der Vergaangenheet fir de Maxim's e

PAP nouveau quartier ugefrot ginn ass. Deen ass och approuvéiert ginn, mee an Tëschenzäit gi keng Haiser a Wunnenge gebaut, mee et ginn éischter Studentewunnenge gebaut. Wat bedeit, dass mer do méi Parkplaze missten hunn, wéi wann et en Hotel wier. Deemools gouf argumentéiert, dass e Parkhaus an der Géigend wär, soudass mer elo also net méi Parkplaze brauchen, wa mer dat esou maache wéi dat elo virgesinn ass.

De Ministère hat dat initialement refuséiert. An de Ministère seet, et ass net en Nouveau quartier, mee et ass ee Quartier existant. Wa mer dat elo hei änneren, da sinn déi zwee gläichgestallt an da kënne mer an dem Fall do derogéieren. An ech mengen, och Wunnengen, déi mer renovéieren, wou à ce stade keng Parkplaze wären, wann do een neie Projet géif entstoen an och mat Studentewunnengen, da kéint een dat och méi einfach derogéieren. Dofir géif ech Iech bieden, déi kleng Modifikatioun hei ze stëmmen, well se eis a verschiddene Sachlagen awer d'Liewe vereinfacht an de Processus beschleunegt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mer begréissen déi Ännerunge vum PAG, déi d'utilité publique sinn an d'autant plus eis wäerten erméiglechen, Zäit ze spueren, fir méi schnell virunzekommen a ganz wichtege Projeten. An deem Sënn stëmmt eis Fraktioun dat natierlech mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, déi Explikatiounen, déi den Här Ulveling elo ginn huet, kann ech novollzéien. Ech muss just soen, dass ech awer eng Rei Saachen net novollzéie kann an dëser Modification ponctuelle – déi ee jo och net all Dag mécht, a wou ech wollt nofroen, wat fir een Opwand dat ass a wat fir ee Käschtepunkt dat ass, esou eng Modifikatioun ze maachen. Mee hei sinn awer Saachen dran, déi ech net ganz novollzéie kann, schonn am Original net. A wa mer schonn eng Modifikatioun maachen, denken ech, dass een déi sollt awer korrigéieren.

Zum Beispill op Säit 11, um Schluss, wou mer just ee Saz bäisetze bei de PAP quartiers existants. Do steet dann „une exception relative au nombre minimal d'emplacements de stationnement à aménager par parcelle peut être accordée dans les cas suivants". An da komme véier Tireten.

Tiret 1 ass, wann de Quartier e Mobilitéitskonzept huet mat engem reduzéierte Clé d'emplacements de stationnement.

Tiret 2: des quartiers ou îlots ayant une desserte de transport en commun à très haute qualité. Super. Awer wa Busser an Zich dohifueren, da brauch een net onbedéngt do Tonne Parkplazen.

Awer Tiret 3 ass dann: pour les PAP approuvés. Mee dat ka jo dann all PAP sinn. En plus ass et en Double sens, well do setze mer en hallwe Saz bäi mat PAPs approuvés a mir soen, fir all PAP approuvé kënne mer den Nombre minimal d'emplacements anescht reegelen.

Do wëll ech awer verstoen, wat mer dann elo do maachen. Well mir soe fir d'PAP-approuvéen en vertu de l'article 25, dat ass eng gewësse Begrenzung vun de PAP-approuvéen, do kënne mer anescht Parkplaze maachen, am Fall wou et e PAP approuvé ass. Dat bäisst sech e bëssen.

An dann, wat wierklech aus der Rei fält, dat ass den Tiret 4: pour ces cas exceptionnels une convention spécifique règle la mise en oeuvre. Dat gehéiert jo guer net als Tiret. Dat ass jo kee Cas suivant.

Dat ass einfach, wat ass an deene Cassuivanten. An deene Fäll kann een eng Convention spécifique maachen. Dat

*Le conseil communal a approuvé le PAP Maxim's. Or il est désormais prévu de construire des logements pour étudiants plutôt que des maisons ou un hôtel. Cela signifie qu'il faudrait aménager davantage de places de stationnement. La commune avait proposé de recourir au parc de stationnement à côté. Mais le ministère a refusé cette proposition. Une dérogation est possible pour les nouveaux PAP, mais pas pour les PAP approuvés. D'où la nécessité de modifier le PAG. Il demande aux conseillers communaux d'approuver la modification. Cela simplifierait la vie de la commune.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *approuvera la modification du PAG, car elle est d'utilité publique et permet de gagner du temps.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *comprend les explications de monsieur Ulveling. Il se demande cependant ce qu'une telle modification du PAG va entrainer comme travail et comme couts. Cela d'autant plus qu'il n'est pas d'accord avec tout le contenu du PAG. Il faudrait profiter de la modification du PAG pour corriger certaines choses.*
*Gary Diderich cite l'exemple de la page 11, dans le PAP Quartier existant. Il y est question de quatre exceptions quant au nombre minimal de places de stationnement nécessaires.*
*Premièrement, si le quartier dispose d'un concept de mobilité avec une clé d'emplacements réduite.*
*Deuxièmement, si le quartier dispose d'ilots ayant une desserte de transport en commun de très haute qualité.*
*Troisièmement, si le PAP est approuvé. Pour Gary Diderich, il s'agit d'un contresens, car dans ce cas, il devient possible de déroger à tous les PAP approuvés. D'un côté, on fixe des limites, de l'autre on dit que l'on peut y déroger.*
*Quatrièmement, les cas exceptionnels où une convention règle la mise en œuvre.*

*Pour Gary Diderich, ce point n'a rien à faire dans l'énumération, mais devrait se trouver ailleurs.*
*Gary Diderich propose ensuite une autre modification suggérée aux communes par le ministère : réduire la clé des places de stationnement pour les logements sociaux. Puisque le collège échevinal veut effectuer des modifications du PAG, il aurait pu en profiter. Avec cette modification, la commune, Ënnerdaach ou un autre acteur n'auraient pas besoin de prévoir de nombreuses places de stationnement à 20 000 € l'unité.*
*Gary Diderich propose de profiter de cette modification pour faire ces quelques changements. Cela éviterait de perdre encore des mois ou des années.*
*En revanche, Gary Diderich n'a pas de problème avec la modification de l'article 18.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que la commune fait face à une situation d'urgence pour l'une des modifications. Le lycée a besoin de conteneurs en septembre.*
*En ce qui concerne le deuxième point, Tom Ulveling estime que les dérogations se feront au cas par cas. Par exemple si quelqu'un veut transformer une vieille maison en logements pour étudiants. On ne peut pas lui demander de construire des places de stationnement sous la bâtisse. Ou alors dans le cas d'une maison de retraite. Sur dix personnes, il y en a peut-être une avec une voiture. La dérogation permettrait de faire avancer le projet plus rapidement.*
*De toute façon, le collège échevinal entend modifier le PAG de manière plus conséquente en partenariat avec les bureaux d'étude. Aujourd'hui, il est essentiellement question des conteneurs pour le lycée Émile-Metz et pour le projet de Maxim's.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme ce que vient de dire monsieur Ulveling en tant que membre de la Commission des bâtisses. De petites modifications du PAG ou du PAP Quartier existant peuvent prendre des années. Parfois même jusqu'à dix ans. Il mentionne les exemples du Mathendahl ou des Breeden-Dréi-*

heescht, dat misst op enger ganz anerer Plaz stoe wéi opgelëscht ënner all deene Casen. Dat ass dat eent, wat ech dozou wëll soen.

Dat anert ass, wat mer feelt, wa mer déi heite Modifikatioun maachen, dat ass e Saz, deen de Ministère du Logement de Gemenge virschléit – an dat misst eise Service logement wëssen, well dee war op deenen nämmlechte Formatioune wéi ech –, fir d'Clé vun de Parkplaze bei Logements sociales erofzesetzen.

Deen hätt, wa mer déi Modifikatioun souwisou elo maachen – a mir haten nach driwwer geschwat –, dann hätt deen elo missen hei drastoen. Dann hätte mer dat och scho gemaach.

Dat ass e Saz, deen ass tout fait vum Ministère du Logement. Deen hëlt all Ministère. Den Interieur hëlt dee mat duerch an deen erlaabt eis, wa mir als Gemeng selwer, oder wann Ënnerdaach, oder wann iergendeen Acteur Wunnraum schaaft, dass mer deenen net nach musse soen, mee setzt awer elo nach x Parkplazen, à 20.000 Euro méi meeschtens, do nach dobäi. Dat wär awer wierklech begréissenswäert gewiescht, wa mer dat elo hei drastoe gehat hätten.

Ech froe mech, fir déi ganz Prozedur elo net erëm e puer Méint oder e puer Joer lafen ze loossen, ob mer net elo einfach de Bureau d'études kënne froen, fir dee Saz nach bäizesetzen. Dann huele mer dat an der nächster Seance an de Gemengerot an dann hu mer dat mat dran.

Déi zweet Modifikatioun, den Artikel 18, do gesinn ech elo keng gréisser Probleemer. Mir hu lo och net ganz gesinn, wéi eng 30 Meterkaree Amenagementer an Dependancen een do gesäit, mee dat mécht awer Sënn, wann ee vu gréissere Projeten an engem PAP schwätzt, dass een och déi Saachen opmécht. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat eent ass, mir hunn dat elo gemaach, well mer eng relativ Urgence hunn, hat ech Iech erkläert, mat der Schoul, mat dem Lycée.

An dat anert ass, sou wéi ech et verstanen hunn, kënne mir elo au cas par cas derogéieren. Wann zum Beispill een en aalt Haus am Zentrum huet an dee seet, e wëll dat gär elo ëmbauen als Studentewunneng, da kënne mir soen, okay, da brauchs du do awer net elo esou vill Parkplazen ze maachen. Well dat eebe keng Parkplazen hat.

An et ass jo och onméiglech, an engem besteeënde Bestand oder ënnendrënner nach gruewen ze goen an do Parkplazen ze maachen. Ech hunn et esou verstanen, dass ee cas par cas ka soe Jo oder Nee. Et kann ee jo och soen, bei engem Altersheim oder esou, dass een do seet, vun zéng Leit hu vläicht een oder zwee en Auto, da kënne mer dat och derogéieren, soudass een do elo e bësse méi schnell ka virgoen, méi schnell virukënnt.

Souwisou si mir jo amgaangen, eng gréisser Modification PAG mat eise Büroen ze starten an ze maachen. Soudass et hei haaptsächlech drëms geet, fir de Probleem ze léise beim Maxim's. An de Probleem ze léisen, fir dass mer relativ schnell kënnen ukomme mat deem Bau vun de Container fir d'Fondatioun Emile Metz. Well do jo awer e Besoin ass. A wou mir och net wëllen dann dat zréckstellen, dass déi net weiderkomme mat hirem Projet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech di meng Kap als Member vun der Bautekommissioun un.

Ech kann dat nëmme confirméieren, wat den Här Ulveling gesot huet. Dat heescht, et ass esou, dass mer zimmlech

vill gebremst sinn a klenge Modifikatiounen duerch PAG a PAP Quartier existant oder och Nouveau quartier. Well et gëtt Nouveaux quartiers, et gi PAPe gestëmmt, mee bis déi ëmgesat sinn, dat dauert meeschtens Joren. Dat ka bis zu zéng Joer daueren.

Wa mer u Mathendahl denken, wa mer un aner Quartieren denken, Op de breeden Dréischer – dat ass elo nach net esou laang hier, mee trotzdeem. All déi PAPen nouveau quartier, do fanne mer elo Irregularitéiten eraus mat deenen neie PAGen. A fir deem aus de Féiss ze goen – an dat ass och dat, wat hei steet –, dat ass pour les PAPs approuvés. Dat wëllt dat am Fong heeschen. Dat ass e Genre No Man's Land.

Mir sinn ausgaange vun engem Nouveau quartier, deen awer herno e Quartier existant gëtt an deen ass awer nach net realiséiert an esou weider. An da misst deen am Fong elo ugepasst ginn un den aktuelle PAG a PAP nouveau quartier – wat awer net de Fall ass. E läit schonn x Joren zréck, en ass mat Argumenter esou ausgeluecht ginn.

An ech gesinn och elo hei, och mat de Park-Geleeënheeten, dat war jo an deem fréiere PAG dran. A mir hunn elo erausfonnt, dass dat hätt misse bäibehale ginn. Dat ass erauskomm. Et ass ze vill rigid ginn alles, an da kënnt een net méi virun. All Modifikatioun, all Demande, déi hei gemaach gëtt, dann hänken d'Leit do, da kënne mer näischt maachen.

Si rappen zum Beispill e Gaardenhaischen of, wëllen op där selwechter Plaz erëm eent bauen, kënnen et net méi bauen, well et am PAG quartier existant feelt.

Fir deene Saachen all aus de Féiss ze goen, huet de Büro sech Gedanke gemaach, mat all deenen Demanden, déi elo iwwer zwee Joer an de Bauteservice erakomm sinn, fir ze kucken: Wéi kréie mer déi evakuéiert, ouni grouss substanziell Ännerungen ze maachen, mee duerch liicht Ännerungen um Text respektiv der Partie écrite respektiv souguer Partie graphique vum PAG iwwert d'PAPs quartier existant an nouveau quartier?

An dat ass dat, wat hei erauskomm ass. Ech mengen, mir sollten dat elo mol stëmmen. A wéi den Här Ulveling och gesot huet, mir sinn nach net um Enn. Well e PAG ass eppes, wat lieft. D'Erkenntnisser ännere sech mat de Joren. An och all aner Erkenntnisser. Dat heescht, wa mer Konzepter änneren, wéi e Mobilitéitskonzept, da kann et och sinn, dass mer och um Niveau vum PAG eppes mussen änneren.

Soudass ech dat awer net esou dramatesch gesinn, wa mer do periodesch erëm zréckkommen, Saachen a Fro stellen an heihikommen a soen, dat do dat hätte mer elo gären op eng aner Manéier, well elo neierdéngs eng aner Vue do drop ass.

Dat wollt ech just soen. An dofir géif ech och proposéieren, dass mer dat sollte stëmmen. D'LSAP ënnerstëtzt dat op jiddwer Fall. Déi Modifikatiounen hei vum PAP erlaben eis, de Moment emol, op eng gewësse Manéier virunzekommen. Wéi gesot, wa mer dat elo net maachen, da kréie mer eng grouss Brems an da sinn eis d'Hänn gebonne fir vill Initiativen, déi elo hei gesot gi sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Kënne mer zum Vott kommen?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

D'Fro vum Käschtepunkt vun esou enger Modifikatioun, hat ech nach gestallt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Kann ech Iech net soen. Mir kënnen dat nofroen, an da kritt Der dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir kommen zum Vott.

*scher. Ces PAP Nouveaux Quartiers font face à des irrégularités à cause du nouveau PAG.*
*Les modifications proposées aujourd'hui doivent permettre de ne pas perdre du temps inutilement. Le projet du Maxim's devrait être adapté au nouveau PAG et au PAP Nouveau Quartier alors qu'il remonte à de nombreuses années.*
*Erny Muller constate que le nouveau PAG est beaucoup plus rigide que l'ancien, ce qui bloque les projets. Il peut par exemple arriver qu'on démolisse un abri de jardin et qu'on n'ait pas le droit ensuite d'en construire un nouveau à la même place.*
*Le bureau d'études s'est demandé comment évacuer toutes les demandes déposées au service des bâtisses au cours des deux dernières années sans devoir procéder à des modifications substantielles. Le résultat de cette réflexion est ce qui vient d'être présenté.*
*En outre, comme l'a dit monsieur Ulveling, un PAG n'est pas figé et a besoin d'être modifié. À titre d'exemple, une fois que le concept de mobilité sera en place, il faudra nécessairement modifier à nouveau le PAG. Remettre en question certains points et en débattre au sein du conseil communal n'a rien de dramatique pour Erny Muller.*
*Les socialistes approuveront ces modifications, qui permettront à la commune d'avancer. Autrement, la commune va se retrouver les mains liées dans de nombreux projets.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *avait aussi posé la question des couts pour une telle modification.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ne le sait pas et devra se renseigner.*
*(Vote)*

*Tom Ulveling passe au lieudit Op-de-breeden-Dréischer et à quelques petites modifications. En ce qui concerne la résidence, un passage couvert était prévu au rez-de-chaussée. Or la crèche qui va s'y implanter préfère désormais pouvoir utiliser toute la surface. Le passage sera donc supprimé.*
*L'espace vert et la terrasse derrière la résidence vont aussi être modifiés sans que cela change la surface. La partie graphique a été légèrement changée.*
*Tom Ulveling précise qu'il s'agit de détails et demande au conseil communal d'approuver les modifications.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux actes et conventions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il est question des appartements de Gravity ayant été vendus.*
*Un des propriétaires souhaite vendre son appartement pour des raisons privées. La commune dispose d'un droit de préemption. Elle va mettre l'appartement à disposition du prochain candidat sur la liste aux mêmes conditions.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux travaux du pont Noir réalisés par les CFL.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant la modification ponctuelle de la partie écrite du PAG à Differdange concernant l'article 11 sur les emplacements de stationnement et l'article 18 concernant les zones délimitant les fonds soumis à l'élaboration d'un plan d'aménagement particulier Nouveau Quartier.*

Ech soen Iech Merci. An da géif ech d'Wuert erëm un den Här Ulveling ginn, fir eis Erklärungen ze ginn zum Punkt 4), wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hei geet et ëm de Lieu Op de breeden Dréischer zu Uewerkuer. Et si Klengegkeeten, déi hei geännert ginn. Zum Beispill war e Passage an der Residenz um Rez-de-chaussée virgesinn, deen iwwerdeckt war. An do kënnt elo anscheinend eng Crèche hin an déi wëllen awer déi ganz Fläch kënne benotzen. Soudass dee Passage, deen iwwerdeckt war, ewech géif falen.

Hanner der Residenz, den Espace vert an déi Terrass an esou gi liicht modifizéiert. Awer d'Surface bleift déi selwecht. Et gesäit just e bëssen anescht aus. D'Partie graphique ass liicht ugepasst ginn. Et si ganz kleng Ënnerscheeder. De Koeffizient ass alles agehale ginn.

Well et Detailer am Fong sinn, géif ech Iech bieden, dat do ze stëmmen, fir dass mer do och virukommen oder de Promoteur virukënnt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Nee. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier Op de breeden Dréischer concernant des fonds sis au lieudit Op-de-breeden-Dréischer à Oberkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la société BEPE IMMO SARL.*

Merci. Punkt 5, Actes et conventions. D'Wuert kritt den Här Hartung, fir eis de Punkt 5) ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Hei si mer am Pool vun de Wunnengen am Gravity, déi verkaf sinn. Dat gouf viru méi laanger Zäit alles ofgewéckelt.

Hei geet et ëm en Appartement, dat scho verkaf ass. Wat den éischte Proprietär aus perséinleche Grënn zréckverkaf huet. D'Gemeng huet jo ëmmer d'Virkafsrecht zu dem virgeschriwwene Präis am Kader vum soziale Wunnengsbau. A wou mir dann elo nees un den nächsten op der Waardelëscht weiderverkafen. Natierlech mat deene selwechte Klausele bezüglech dem abordabele Logement am Kontrakt. Ech bieden Iech, dësen esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Si Froen zu deenen Erklärungen? Keng Froen, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de bail emphytéotique et de vente d'un appartement situé dans la Gravity Tower à Differdange avec madame Kim Buchholtz.*

Merci. De Punkt 5) begräift Aarbechten zu Uewerkuer un der Schwaarzer Bréck, déi gemaach gi vun CFL, fir den

Zuchverkéier do nach ze erméiglechen. Ech mengen, déi gëtt e bësse méi héich geluecht. Den Här Ulveling gëtt eis Detailer zu deenen Aarbechten. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi Schwaarz Bréck ass 1872 gebaut ginn. Déi gëtt haaptsächlech vu Foussgänger an de Bauere benotzt. Déi respektéiert net méi déi Normen a Prescriptioune vum Gabarit, deen ee muss hunn, zum Beispill am Elektreschen.d-Déi erfëllt déi also net méi. An och en vue, dass den Trafick vill méi intensiv ginn ass an de leschte Joren.

Dofir läit hei eng Konventioun mat der CFL vir, fir déi Bréck ze erneieren an déi Zäit, wou déi Bréck erneiert gëtt, eng provisoresch Passerell do ze installéieren. Eng Passerell, déi eng Portée huet vun 13,60 Meter an eng Largeur totale vu 5,7 Meter, déi eng Circulatioun vun Autoen op zwou Voies erlaabt. An et ass och en Trottoir fir d'Piétons virgesi vun 80 Zentimeter.

Déi fräi Héicht iwwer oder ënner der Bréck, déi ass ëm 6,5 Meter erhéicht ginn. Dat sinn nei Bestëmmungen, déi d'CFL muss anhalen.

D'Aarbechte wäerten am Juli 2024 ugoen an am Juli 2025 ofgeschloss sinn. Et ass en Invest vum Staat. D'Gemeng Déifferdeng wäert guer näischt musse bezuelen. Ëmmerhin zwou Milliounen Euro. Duerno, wann dat alles fäerdeg ass, si mir Proprietär vun der Superstructure vum Ouvrage, also vun der Bréck. Dat heescht, et geet haaptsächlech drëm, dass déi ënnerhale gëtt, Deneigement gemaach gëtt an esou weider. Soudass d'CFL dat net brauch ze maachen.

Fir een Euro symbolique kréie mir dee Kaddo do gemaach.

Als Géigeleeschtung hu mer awer missen dem Staat e ganz miniklengt Stéck verkafe vum Terrain, wou d'Culéeë kommen, déi e bësse méi grouss si wéi déi, déi elo do sinn. Déi mer dann dem Staat verkafen a wou mer dann och Sue kritt hunn.

Soudass dee ganze Projet eis ënner dem Stréch näischt kascht a mer frou sinn, dass déi Bréck, déi jo awer schonn iwwer 100 Joer um Bockel huet, renovéiert gëtt. An dann och d'Sécherheet vun deene Leit, déi driwwer ginn, garantéiert ass. Komescherweis bleiwen d'Culéeën d'Proprietéit vun der CFL an d'Superstructure, d'Bréck selwer, fält dann un eis.

Ech mengen, et ass e flotten Deal. Dee sollte mer dann och stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mir si frou, datt déi Bréck elo esou gebaut gëtt, datt herno och déi nei Maschinnen ënnen drënner erduerch kommen. Do hate mer eis Suerge gemaach, well dat jo muss mat Kranen a mat décke Maschinne realiséiert ginn.

Jiddwereen, deen de Site op der Schwaarzer Bréck an de Wee fir dorobber kennt, weess, datt een duerch déi kleng Strooss erop net esou mat décke Maschinnen duerchkënnt. Do hate mer bei der CFL nogefrot an hunn eng Bestandsopnam maache gelooss vun allen Hecken, déi do stinn a Beem. Falls eppes do sollt duerch d'Aarbechten, déi do gemaach ginn, futti gemaach gëtt, gëtt dat anscheinend vun der CFL ersat. Mir hunn eng Bestandsopnam gemaach, wat déi Beem an déi Hecken ugeet, vum Bestand, deen do ass, a passen op, datt de Wee esou bleift, wéi en elo ass. A wann eppes ewechkënnt, datt dat op hir Käschten nei gemaach gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen zu deem Punkt? Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Do gesäit een, wéi laang sou eng Bréck – 150 Joer huet se um Bockel – kann duerhalen.

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le pont Noir a été construit en 1872 et qu'il est surtout utilisé par les piétons et les agriculteurs. Or il ne respecte plus toutes les normes.*
*En outre, le trafic s'est intensifié au cours des dernières années. C'est ce qui explique la convention avec les CFL pour rénover le pont et installer une passerelle provisoire. La passerelle aura une portée de 13,60 m et une largeur de 5,7 m, et permettra la circulation sur deux voies. Un trottoir de 80 cm est aussi prévu. La hauteur sous le pont a été agrandie de 6,5 m.*
*Les travaux vont commencer en juillet 2024 et dureront un an. L'État investit deux-millions d'euros. La commune deviendra ensuite propriétaire de la structure pour un euro symbolique et devra s'occuper de l'entretien.*
*En contrepartie, la commune a dû vendre un bout de terrain à l'État. Finalement, les travaux ne coutent donc rien à la commune, qui pourra profiter d'un nouveau pont garantissant la sécurité des usagers. Les CFL resteront propriétaires des culées.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *salue le fait que le nouveau pont permettra aux nouvelles machines de passer en dessous. Ceux qui connaissent le site savent qu'il n'est pas évident pour de grosses machines de passer par la petite route.*
*Un état des lieux de tous les arbres et plantes a été réalisé au cas où les travaux occasionneraient des dommages.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *est impressionné par la durée de vie du pont, qui a tout de même 150 ans.*

*Il comprend l'objectif de ces travaux. La hauteur du pont est modifiée au-dessus de la voie ferrée. Une partie de la structure sera en verre. A-t-on pensé à utiliser du verre incassable pour éviter des frais de maintenance inutiles ? Que disent les CFL, qui jouissent d'une certaine expérience dans ce domaine ?*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que le verre devrait être résistant, à moins que des chasseurs ne décident de tirer dessus. Les panneaux servent à éviter que des gens ne tombent. Mais il est évident que si les gens s'acharnent, ils peuvent les casser.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que les CFL disposent d'un avantage conséquent quand ils réalisent ce type de travaux. Ils n'ont pas forcément besoin de passer par les routes avec leurs grues, mais peuvent emprunter la voie ferrée. De toute façon, ils sont habitués à ces chantiers et Guy Altmeisch ne se fait pas de soucis. Le collège échevinal réagira toutefois en cas de dommages occasionnés à la nature.*

---

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale que même s'il s'appelle pont Noir, il est devenu rouge après des travaux de rénovation il y a 25 ans. Mais sur les plans, il semble être redevenu noir.*
*Il est difficile de reconnaitre la largeur sur les plans, mais l'agriculteur devrait pouvoir emprunter le pont.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se réjouit du fait que monsieur Tempels pourra utiliser le pont avec ses machines.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au point 5c. Il s'agit d'offrir des places de stationnement aux fonctionnaires travaillant au commissariat.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'un partenariat avec les CFL. Le terrain en question se trouve sous le pont en direction de Niederkorn. La police a demandé des places de stationnement couvertes pour les véhicules privés en attendant que le nouveau parking soit construit. La commune ne fait*

Ech verstinn am Fong, wat derhannerstécht. Virdrun ass dat Gelänner op där selwechter Héicht eriwwergaangen, iwwert déi Gleiser. An elo gëtt dat vill méi héich gemaach, fir dass keen op domm Gedanke kënnt. Ech mengen, dat ass de Grond. An da gëtt dat awer aus Glas gemaach. Ech huelen un, dass dat awer Panzerglas ass, net dass mer do een héijen Entretiensfacteur kréien. Dat ass elo meng Fro. Mee ech mengen, d'CFL wäert jo awer schonn Erfarungen elo hunn. Hu se eppes dozou gesot? Dat ass meng Fro.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, et misst duerhalen. Wann d'Jeeër net dra schéissen, Här Muller, mengen ech, da misst et duerhalen. Et ass richteg, haut gi vill déi Glaspannoen als Gelänner am Fong oder als Schutz genotzt, fir dass een net eroffält. Déi hunn eng gewëssen Déckt.

Natierlech, wann ee sech acharnéiert, dann ass näischt sécher.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll awer nach zousätzlech soen, dass d'Eisebunn dee grousse Virdeel huet, wa se mat schwéiere Maschinne schaffen, net nëmme brauchen iwwert d'Strooss op de Chantier ze kommen, déi hunn och nach d'Méiglechkeet iwwert d'Gleiser ze kommen. Wou se méi grouss Kranen transportéiert kréien, wéi eis Stroossen iwwerhaapt zouloossen.

Mee déi wäerten dat och professionell maachen. Ech mengen, et ass net déi éischt Erhéijung, déi se maachen. Doriwwer maachen ech mer déi mannst Gedanken. A wann do e Probleem ass, wäerte mir do reagéieren. A Relatioun mat Zerstéierung vun der Natur oder a Relatioun vun Netrespekt vun der Natur, wäerte mir reagéieren.

Gëtt et eng weider Wuertmeldung? Den Här Tempels, wannechgelift.

---

**GUY TEMPELS (CSV):**

Et gëtt hei vun där aler Schwaarzer Bréck geschwat. An der Tëschenzäit ass se zwar rout. Si gouf, wann ech richteg weess, viru 25 Joer nei gemaach, sou an där Richtung, an do ass se op eemol rout ginn.

Laut deem neie Plang schéngt se och erëm schwaarz ze sinn. Oder et gesäit emol esou aus.

Ech hunn nach eng Kéier gekuckt, ech hat e bësse Misär, un deene Pläng do d'Breet erauszefannen. Dat schéngt awer esou ze goen, dass de Bauer och eriwwerkënnt. Fir mech ass d'Saach an der Rei. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi technesch Analys, Här Tempels. Mir sinn och frou, wann Dir do keng Probleemer gesitt, fir mat Äre Maschinnen do erduerchzefueren. Wann et keng weider Wuertmeldunge gëtt, kënne mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État du grand-duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la reconstruction du passage supérieur routier dit Schwaarzbréck à Oberkorn et le transfert de la propriété d'une partie de l'ouvrage.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5), wou et drëm geet, zesumme mam Staat an der Eisebunn, deene Beamten, déi op dem Kommissariat schaffen, eng Parkplaz ze schafen, deenen eng Parkméiglechkeet ze ginn no bei hirem Kommissariat. Ech géif do d'Wuert un den Här Bertinelli gi fir éischt Erklärungen. Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass een Accord, dee mir mat der CFL hunn. Dir kennt jo alleguerten den Terrain, dat ass ënner der Bréck, wa mer op Nidderkuer fueren. Dat war och eng Zäit, wou mer d'Gemengebetriber vill ënnergestallt hunn. Bis eise Parking gebaut ass, huet d'Police eng Plaz gefrot, wou se hir privat Gefierer

kënnen ënnerdaach stellen, datt déi net geschiedegt ginn duerch Drëtter. Hei hu mer dann en Accord, dee mir just begleeden, tëschent der Eisebunn an der Police, fir datt se hir Autoen, bis eise Parking fäerdeg ass, da kënnen dohinner stellen.

Eng aner Fro stellt sech mat deene Camionnetten, déi do stinn, déi normalerweis vis-à-vis op eisem Parking misste stoen, wou een dann och eng Vignette dofir misst hunn. Wéi dat elo geet, dat kann ech Iech nach net soen. Mee do si mer amgaangen ze iwwerleeën, wou déi kënnen hikommen.

Si kënnen nach ëmmer op der Gemeng ufroen, fir Camionnetten dohinner ze stellen. Do stoungen owes alt bis zu 30 Camionnetten. Dee Parking ass elo zou, well d'Police do steet. An da muss ee kucken, well do huet een e Probleem geléist an et huet een en anere geschafen, deen een dann erëm muss léisen.

Mee wéi gesot, et ass en Accord, wat d'Police och ugefrot huet bei der CFL. Dat geet awer just, bis eise Parking fäerdeg ass, well d'Police do esou vill Plaze reservéiert huet. Merci.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Bertinelli. Madamm Pregno, wannechgelift.

### LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech muss soen, ee ganz flotte Projet, virun allem well e sech an eng Kontinuitéit vun deem ale Schäfferot aschreift. Ech fannen dat flott, wa flott Projete virdrun decidéiert goufen, dass Der déi och weiderféiert a kuckt, dass déi ee flotten Ofschloss fannen an een am Sënn vun der Gemeng weiderschafft. Villmools merci.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi positiv Informatiounen. Wat positiv ass, bleift an eisem Sënn och positiv. Här Diderich, wannechgelift.

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et freet mech ëmmer, wann een op seng eege positiv Saachen hiweist – also et ass jo net nëmmen an dësem Fall, et ass jo och virdru gesot gi bei engem anere Projet, jo, do ware mir an der Majoritéit. Et freet mech ëmmer, wann dat esou ervirgestrach gëtt.

Fir deen heite Parking, mécht dat einfach Sënn. Dat ass souzesoen ee wëlle Parking elo. Dat soll gereegelt ginn.

Bei der Reegelung dovunner wollt ech nach ureegen, dass ee kuckt, wéi een d'Zoufaart an d'Ausfaart reegelt. Do muss ee jiddefalls sécherstellen, dass dat just an eng Richtung geet. Nämlech dass een ofbéit, wann een erausfiert, erof op Déifferdeng. Dass een do net queesch iwwert d'Strooss fiert. Well et ass net déi glécklechst Plaz fir eran- an erauszefueren.

An et soll een och kucken, wéi d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer laanschtenee kommen, wann do op eemol méi Va-et-vient géif komme vun Autoen, déi dann do eran- an erausfueren.

Dat wäert schonn en Afloss hunn op d'Fluiditéit vum Verkéier, wa mer net nëmmen ënnen op der Kräizung en Eran- an Erausfueren hunn, wou mer Luucht hunn, mee dann och nach uewen. Dat ass jo awer ee vun eise Schwaachpunkten. Dat heescht, et misst ee kucken, dass een do op jidde Fall dat esou reegelt, dass net ze vill Va-et-vient kënnt, dass et vläicht éischter ass, fir owes ofzestellen, an dass een do net ufänkt, déi Kuerzzäitparkingen dohinner ze drainéieren, mee éischter Laangzäit.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Bertinelli.

### SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass jo och just fir déi Privatautoe vun de Leit, déi do schaffe ginn. Dat heescht, déi kommen un, déi stellen hir Autoen dohinner. Dat ass elo net fir d'offiziell Ween, dofir ass jo eng Garage do an deem neie Gebai. D'Policeauto-

*qu'approuver l'accord entre la police et les CFL.*
*Actuellement, une trentaine de camionnettes y sont garées alors qu'elles devraient se trouver sur le parking en face avec une vignette. Il faudra voir quoi en faire. En fait, la commune a résolu un problème, mais en a créé un deuxième.*
*Fred Bertinelli répète que l'accord durera jusqu'à ce que le nouveau parking soit construit.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de ce projet réalisé dans la continuité du travail du collège échevinal précédent. Elle trouve important que les projets chouettes de la majorité précédente soient achevés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que ce qui était positif reste positif.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ironise sur le fait que certains soulignent continuellement comment des projets ont été commencés quand ils étaient au pouvoir.*
*Actuellement, le site en question est un parking sauvage. Il est temps de le règlementer, et surtout de faire attention à l'accès et à la sortie. Les personnes sortant du parking devront faire attention, car le virage est juste à côté et il peut y avoir des piétons ou des cyclistes.*
*En outre, ce parking va impacter la fluidité du trafic sur un site qui constitue déjà un des points faibles de Differdange. Le collège échevinal devra veiller à limiter le va-et-vient en favorisant les stationnements de longue durée.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que le parking est destiné aux véhicules particuliers des fonctionnaires travaillant au commissariat. Les véhicules officiels disposent déjà d'un garage.*

*Pour ce qui est de la règlementation, Fred Bertinelli supposait que les agents de police se tenaient au Code de la route et qu'ils ne traverseraient pas une ligne continue. Il ne s'est donc pas inquiété de ce point.*
*De toute façon, ces voitures arriveront le matin et repartiront une fois le travail terminé.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'il faut éviter qu'un agent en service ne perde du temps à chercher une place de stationnement.*
*Il précise aussi que les frais occasionnés par le parking seront facturés à la police. Celle-ci est d'accord.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme que les agents de police travaillent de 6 h à 14 h et de 14 h à 22 h. Ces six ou sept voitures ne circuleront donc pas aux heures de pointe.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *rappelle qu'il s'agit d'un parking provisoire aménagé pour quatre ans. Comme l'a dit monsieur Ulveling, la police doit être disponible 24 h/24. Si les agents doivent intervenir, il serait intolérable qu'ils perdent du temps à chercher une place de stationnement. Dans quatre ans, ils se gareront de toute façon ailleurs.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention concernant la construction d'une maison unifamiliale.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme qu'il s'agit d'une maison unifamiliale située au 109 de la rue Jos-Lommel à Niederkorn. La propriétaire s'est engagée à faire construire un trottoir et à le céder ensuite à la commune.*

en, déi kommen net dohinner stoen. Et sinn hir Privatautoen.

Zu der Reglementatioun. Ech hat ugeholl, datt eis Agenten, eis Poliziste sech géifen un d'Verkéiersreglementer halen an dann och esou fueren, datt se net iwwert den duerchgezunne Stréch fueren, fir Richtung Nidderkuer ze fueren. Do hat ech manner Suergen. Mee et ass scho richteg.

Mee déi Autoen, déi komme moies un, am Schichtwiessel, an dann ass awer kee Va-et-vient do. Déi sti sou laang, wéi se da schaffen, op där Plaz.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass ugeduecht, dass dee Polizist, deen an den Asaz geruff gëtt, dass deen net laang nach muss no enger Parkplaz sichen, mee dass dee weess: Do fannen ech eng, dass en also keng Zäit verléiert.

Wat vergiess ginn ass ze soen: Et ass och ugeduecht, dass mer, par analogie zum Parking vum Servior, natierlech wäerten déi Fraisen, déi dat do mat sech bréngt, och der Police verrechnen. An déi sinn och d'accord, fir dat dann deelweis ze iwwerhuelen. Vu dass mir jo och nach dovunner profitéieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass och esou, dat kann ech Iech och confirméieren: Déi Leit, déi kommen um sechs Auer schaffen, an da bei Schichtwiessel. Et ass vu sechs bis 14 Auer an da vu 14 bis 22 Auer. Soudass dat net an den Heures de pointe ass, wou do déi sechs, siwen Autoen, déi do en charge sinn, de Parking verloossen. Soudass dat net zu eppes féiert, wat mer net méi kontrolléiert géife kréien.

Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeescher. Et ass e provisoresche Parking, dee fir véier Joer amenagéiert gëtt, fir d'Privatautoe vun der Police. An et ass jo och esou, wéi den Här Ulveling scho gesot huet, wat och fir mech am Wichtegsten ass: D'Police muss 24/24 disponibel sinn. Ech mengen, den Här Altmeisch weess dat. Wann eng Kéier e gréisseren Asaz ass, dann ass et jo och wichteg, wann d'Police kënnt, dass se direkt eng Parkplaz fannen, an net nach laang ronderëm musse fueren. Si kënne sech do parken. An a véier Joer, wann d'Parkhaus fäerdeg ass, da plënnere se souwisou eriwwer. Mir stëmmen dat op jidde Fall mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Iwwerleeungen an déi Zousazinformatiounen. Mir kéimen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation domaniale avec l'État du grand-duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur la mise à disposition pour une durée de quatre ans d'un terrain faisant partie du domaine ferroviaire pour les besoins de la police grand-ducale en vue d'y aménager un parking.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5d, enger Konventioun betreffend d'Gemeng a Leit, déi en Eefamilljenhaus wëlle bauen. Här Ulveling, ech géif Iech d'Wuert ginn, fir eis Detailer dozou ze ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg, do gëtt een Eefamilljenhaus an der 109, Rue Jos Lommel zu Nidderkuer gebaut. D'Madamm huet sech heimat engagéiert, den Trottoir, deen theoreetesch op hirem Terrain dann ass, éischtens ze bauen an zweetens dann och, wann e gebaut ass, der Gemeng ze cedéieren.

Si muss dofir der Gemeng eng Garantie bancaire vu 15.000 Euro hannerloossen, fir dass mer sécherstellen, dass deen Trottoir och gebaut gëtt. Wéi gesot, wann dann den Trottoir gebaut ass op hirem Terrain, da cedéiert si den Terrain, wéi aner Leit dat och gemaach hunn, der Gemeng. Soudass mer am Fong hei näischt Extraes hunn. Dat misst een also kënne guttheeschen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec madame Deborah Mirizzi visant la cession d'une parcelle dans le cadre de la construction d'une maison unifamiliale dans la rue Jos-Lommel à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Ech proposéieren eng Véirelstonn Paus ze maachen. Da géife mer eis fir 10.10 Auer erëmgesi fir de Rescht vum Menü. Merci.

(Paus)

Ech bieden Iech, Plaz ze huelen, da kënne mer virufueren.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 5), eng Locatioun vu Parzellen. D'Wuert geet un den Här Bertinelli, fir den Detail vun deem Kontrakt ze erklären. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Moie schonn driwwer geschwat, dat ass um Site um Bock, fir déi zwee Terrainen, déi mer do gelount hunn. Ech wëll am Virfeld deene Leit Merci soen, datt se esou léif waren, datt mer déi Terrainen do kritt hunn, well dat war néideg, fir déi Parkingen do ze realiséieren. Mir lounen déi Terrainen zu engem Präis vun 10.000 Euro d'Joer.

Dir hutt gesinn, wat mer um Site maachen. Deen ieweschten Deel, dat ass de Parking sud, do maache mer 25 Parkingen hin. Et gëtt och eng Bestandsopnam gemaach, wat mer un Hecken an u Beem do stoen hunn, wat muss kompenséiert ginn. Do si mer mat der ANF amgaangen, fir dat gemaach ze kréien. Et ass relativ wéineg, wat ewechkënnt. Gréisstendeels sinn et Hecken, déi mer herno zréckplanze wäerten.

An deen ënneschten Deel, de Parking nord, komme 25 Parkplazen. Dee gëtt e bëssen anescht amenagéiert, fir op dee Chiffer vun 53 Parkplazen ze kommen, déi mer dohinner setzen.

Do kommen 23 Beem hin, do steet de Moment een. A mir hunn och gekuckt mat deem, deen eis de Plang do gemoolt huet, datt dee Parking, vu datt et awer bei enger Schoul ass, gréng bleift. An der Mëtt ass eng Spillplaz, datt et awer flott ausgesäit.

Dat Ganzt hu mer och probéiert, präislech ganz minim ze halen. Et gëtt en ekologesche Parking. Dat heescht, wou d'Waasser duerchgeet. Do hu mer extra opgepasst, dat d'Waasser an dee Baseng, deen an dem Här Tempels senger Wiss do ass, leeft. Mir si bei engem Chiffer vu 400.000 Euro, fir dee Parking do hinzekréien.

An da wäerte mer schlussendlech dee Probleem do an deem Eck geléist hunn. Well dat ass net nëmme fir d'Schoul wichteg, et ass och fir déi Awunner an deem Quartier do enorm wichteg, datt dee Parking dohikënnt. Zemools well och eng Sportshal dohinner kënnt, wou bis nuets zéng, hallwer eelef trainéiert gëtt. Datt déi Leit awer eng Plaz fannen. An net, wéi et elo ëmmer war, datt se virun den Afaarte vun de Leit hire Garagë stoungen. Dofir hu mer geduecht, datt mer do misste schnell reagéieren.

Ech muss soen, mir hu wierklech drop opgepasst, datt et elo näischt gëtt, wat enorm deier gëtt. Dofir géif ech Iech bieden, dat heiten ze stëmmen, well et och eppes ass, wou déi Leit aus dem Quartier wierklech frou driwwer sinn, datt et dohinnerkënnt. An d'Leit aus der Schoul och.

*Dans ce contexte, elle doit fournir une garantie bancaire de 15 000 €. Tom Ulveling répète qu'une fois que le trottoir sera bâti sur son terrain, elle devra le céder à la commune.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce une pause.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch passe à la location de parcelles.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il s'agit de deux terrains que la commune loue au Bock pour aménager des places de stationnement. Il remercie les propriétaires. Le prix de la location se chiffre à 10 000 € par an.*
*La partie supérieure accueillera 25 emplacements. La commune procèdera à un inventaire des arbres et haies avec l'ANF pour qu'ils puissent être compensés le cas échéant. Il est surtout question de haies, qui seront replantées.*
*La partie inférieure devait aussi comprendre 25 places, mais elle sera aménagée de manière un peu différente pour atteindre un total de 53 emplacements.*
*Un arbre sera remplacé par 23.*
*Comme le parking se trouve à proximité de l'école, il sera aménagé de manière écologique pour qu'il soit chouette. L'eau pourra s'infiltrer dans le bassin de rétention. Le prix est raisonnable : 400 000 €.*
*Ce parking permettra de résoudre un vrai problème. Il est important non seulement pour l'école, mais aussi pour les riverains. Fred Bertinelli rappelle dans ce contexte qu'une salle de sport va ouvrir et qu'elle sera fréquentée jusqu'à 22 h 30.*

*Fred Bertinelli a prêté attention aux couts et demande au conseil communal d'approuver le projet. Les riverains en profiteront surtout le weekend. La commune ne sait pas encore comment fonctionnera la salle de sport en fin de semaine.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que la réalisation de ce projet dépendra des autorisations de l'Administration des eaux et forêts. Le garde forestier est chargé de la tâche. Ce projet devra être annulé si l'État ne l'autorise pas.*
*Tom Ulveling ajoute qu'au départ, le collège échevinal avait prévu un budget de 200 000 €. Mais comme il sera plus grand, les frais vont se monter à 400 000 €.*
*Tom Ulveling propose d'approuver ce projet tout en sachant que la commune attend encore toutes les autorisations. Autrement, il faudra subdiviser le projet en deux phases, ce qui coutera plus cher.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *confirme que la situation sur les routes dans ce quartier est chaotique au début et à la fin des cours. En plus, l'école va être agrandie. Le matin, François Meisch ne peut sortir de son garage que si quelqu'un lui laisse la priorité. Il est aussi difficile de trouver des places de stationnement quand on a des invités ou qu'on veut aller au restaurant. C'est pourquoi les démocrates approuveront ce contrat.*
*Le collège échevinal a-t-il discuté avec les propriétaires de l'acquisition des deux parcelles ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de pouvoir disposer du dossier complet cette fois-ci. Elle se dit contente que le collège échevinal ait accepté de retirer ce point de l'ordre du jour la dernière fois pour mieux préparer le dossier.*
*Toutefois, elle regrette que la Commission de la mobilité ait vu des plans différents. La Commission ne peut pas faire son travail comme il faut. C'est dommage. Laura Pregno se demande ce qu'en pensent les membres de la Commission.*
*Les membres écologistes en tout cas se sont montrés étonnés qu'il soit désormais question de*

Dee Parking ass gréisstendeels virgesi fir d'Schoul an iwwert de Weekend fir d'Awunner aus dem Quartier. Well et an engem Kader vun engem Parking résidentiel läit, kënnen déi Leit dann och de Weekend dovunner profitéieren.

Fir d'Sportshal wësse mer nach net, wéi déi herno wäert funktionéieren, iwwert de Weekend. Soudatt awer de Quartier e bëssen entlaascht gëtt. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zwou kleng Prezisiounen zu deem, wat den Här Bertinelli gesot huet. Et ass natierlech ëmmer unter Vorbehalt, dass mer déi néideg Autorisatioune kréie vun Eaux et Forêts. Et ass ugefrot. De Plang ass dem Fierschter iwwergi ginn. An dee muss da kucken, dass mer déi néideg Autorisatioune kréien. Also deen ass dann, wa mer se net kréichen, null und nichtig natierlech.

Op där anerer Säit, gesitt Der, läit eng Tabell vum Budget bäi, well mer initialement nëmmen 200.000 Euro virgesinn hate fir esou ee Parking. Deen awer elo méi grouss gëtt, wéi mer deemools gemengt haten. Soudass mer elo 400.000 Euro brauchen, déi mer net hunn. Dofir hutt Der och de Recapitulatif vum Budget dobäi, wéi dat sech da reperkutéiert.

Wann Der d'accord sidd, wéi gesot, ënner dem Virbehalt, dass mer déi néideg Autorisatioune kréien, kéinte mer dat esou alles zesumme stëmmen. Da kéinte mer direkt lassfueren. Soss musse mer et opdeelen an zwou Phasen. An da gëtt et éischtens méi deier an zweetens kann een et net zesumme maachen. Dat ass och net gutt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Ech kann Iech bestätegen, dass d'Verkéiers- an d'Parkplazsituatioun an deem Quartier zäitweis chaotesch ass, zemools wann d'Schoul ufänkt oder ophält. An d'Schoul gëtt jo elo nach bekanntlech e gudde Krack méi grouss.

Moies, wann d'Schoul ugeet, muss ee mer d'Virfaart schenken, soss kommen ech net aus menger Afaart eraus. An och wa Leit am Quartier op Besuch kommen oder bei e Veräin oder an ee Restaurant ginn, fënnt en nëmme schwéier eng Parkplaz. A reegelméisseg gi Garagen zougeparkt.

Dofir begréisse mir déi heiten Initiativ an hoffen, dass et zäitno ka lassgoen.

Eng Fro hätte mer awer nach: Gouf mat de Proprietäre geschwat? Och iwwer en eventuelle Kaf vun deenen zwou Parzellen?

Mir stëmmen dee Kontrakt hei gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech si frou, dass mer hei op d'mannst elo e méi kompletten Dossier hu wéi déi leschte Kéier. Do hate mer jo just e Contrat de location vun deene Parzellen, déi iewescht Parzellen, wou jo e Parking guer net méiglech war. Ech si frou, dass Der et dee Moment erofgeholl hat an zréckgaange sidd an deen Dossier richteg oder méi richteg preparéiert hutt.

Et stéiert mech nach wie vor awer, dass eng Mobilitéitskommissioun een anere Plang virgeluecht kritt pour avis – en Avis, deen dann awer och net hei ass. Dat fannen ech immens schued, well da gëtt eng Kommissiounsaarbecht gemaach an da gëtt se net fir voll geholl. Dann ass et erëm e bëssen esou hallef. An dat fannen ech schued. Well ech froe mech dann och, wat déi eenzel

Membere vun der Mobilitéitskommissioun doriwwer denken.

Ech weess op jidde Fall, dass eis Membere relativ erstaunt waren, wou mir dëse Plang diskutéiert hunn, well se gesot hunn: „Ou, wéi? Mir hu vu 40 Parkplaze geschwat. Firwat schwätz du elo op eemol vun 53?"

Ech begréissen awer, dass eng Optimiséierung vun der Plaz gemaach ginn ass. Den Här Ulveling hat mer gesot, dass d'Pläng eng Kéier ronderëm gaange wären, fir ze kucken, de Maximum erauszehuelen u Parkplazen. Well Parkplazen – an dat sot ech jo schonn d'leschte Kéier – gi wierklech am Quartier gebraucht zu verschiddenen Auerzäiten, wéi Dir sot, Här Bertinelli, fir d'Personal vum Site, fir d'Awunner, fir d'Leit, déi herno an déi Sportshal kommen. Ech denken, dass dat wierklech dem Quartier zegutt kënnt.

Wat awer den Dossier Hecken a Beem ugeet, fannen ech, wär en Avis och vun enger Ëmweltkommissioun wierklech wichteg gewiescht. Wat vläicht fir den éischte Plang net néideg gewiescht wär. Am éischte Plang si vill Hecken net ewechgeholl ginn. Dann ass et an deem Sënn logesch ze soen, et geet net an d'Ëmweltkommissioun. An awer.

Elo komme vill Hecken ewech, et komme Beem ewech. Elo wär deen Dossier awer néideg fir an eng Ëmweltkommissioun ze ginn. Dat heescht doduercher, dass Der u sech eppes Guddes wollt maachen, mat méi Parkplazen drasetzen, huet et awer e Rateschwanz gehat, deen net esou immens ass a mengen Aen.

Mir mussen eis och bewosst sinn, dass en Heckebestand, deen aktuell do ass, plus Beem déi do sinn, e ganz aneren Afloss op de Mikroklima vum Site huet, wéi wa mer elo nei Hecken dohinner planzen. Natierlech, nei Hecke si besser wéi guer keng Hecken an nei Beem si besser wéi keng Beem. Ale Bestand ass awer oft vill méi wäertvoll fir d'Biodiversitéit.

An ech denken, Dir wësst och, dass wann Der kompenséiert, dass Der an e Fong abezuelt, Sue gitt fir Déifferdeng, mee déi net onbedéngt den Déifferdenger erëm zeguttkommen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV)**

Et gëtt kompenséiert op der Plaz.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Virdrun ass awer och rieds gaange vun …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Kompensatioun op der Plaz ass fir mech grad esou wichteg, wann net souguer méi wichteg, ewéi Kompensatiounen op Nopeschterrain oder méi wäit ewech. Wa mer dat dote kënne kompenséieren, sou wéi et hei um Plang virgesinn ass, dann hu mer eppes gemaach fir de Site selwer, fir d'Schoul selwer, andeem mer Beem do planzen an andeem mer do Hecken zréckplanzen, wou se waren.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Ënnerbriechung. Ech war de Moien zréckgepaff ginn, wou ech den Här Bertinelli ënnerbrach hat. Ech wär dann och frou, wann ëmgedréit och sou gefuer géif. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ma do hutt Dir ganz Recht! Den Här Diderich, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech war net fäerdeg mat schwätzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Pardon, lo hunn ech Iech nach eng Kéier ënnerbrach. Dat ass awer net mat Absicht geschitt. Muss ech Iech soen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dann huelen ech dat och elo net perséinlech. Merci.

*53 places de stationnement au lieu de 40.*
*En revanche, Laura Pregno salue l'optimisation de l'espace. Monsieur Ulveling a expliqué que les plans ont été réévalués. C'est une bonne chose, car le quartier manque de places de stationnement toutes les heures, et ce, à la fois pour le personnel scolaire, les résidents et bientôt les sportifs.*
*Laura Pregno réitère l'importance qu'aurait eue l'avis de la Commission de l'environnement. Cela n'aurait pas été nécessaire pour le premier plan, car les haies n'avaient pas besoin d'être déplacées. Les choses ont changé depuis. Il aurait fallu passer par la Commission de l'environnement. Le collège échevinal a voulu faire quelque chose d'utile en créant plus de places, mais cela a entrainé d'autres problèmes. Car il est évident que les haies et les arbres actuels ont un autre impact sur le microclimat que les compensations.*
*En outre, les compensations ne seront pas forcément faites à Differdange.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *connait l'importance des compensations faites sur place et non ailleurs ou même sur un terrain à côté. Si les compensations sont faites comme prévu, ce sera une bonne chose pour le site et l'école.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie le bourgmestre pour l'interruption. Elle rappelle que tout à l'heure, on l'a exhortée à ne pas interrompre monsieur Bertinelli.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *lui donne raison et cède la parole à monsieur Diderich.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'a pas fini.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'excuse.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'exclame que monsieur Altmeisch est visiblement de bonne humeur.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique qu'il ne l'a pas fait exprès.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'en réjouit et ne le prend pas personnellement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *va faire davantage attention à madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que ce n'est pas nécessaire. Elle le fait assez bien toute seule.*
*Elle regrette l'absence de bornes électriques. Le collège échevinal en a-t-il prévu ? Car il faudrait en aménager d'office.*
*Qu'en est-il des PMR ?*
*(Interruption)*
*Laura Pregno constate qu'elles manquent donc sur le plan.*
*Pour ce qui est du pédibus, elle se demande comment il sera géré alors que les voitures sont drainées vers les petites rues. Les trottoirs y sont étroits. Il faudrait donc prendre des mesures pour valoriser les piétons. Car c'est ce dont il est question avec le pédibus.*
*Enfin, le règlement doit assurer que le personnel éducatif trouvera de la place. Elle cite comme exemple le parking Neiwiss. Autrement, il s'agira d'un cadeau empoisonné si le personnel doit se rendre à l'horodateur toutes les demi-heures.*
*Même s'il manque un avis et un dossier bien préparé, les écologistes approuveront le contrat, car il est important pour la population.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le dossier est mieux préparé, et qu'il contient les plans et le devis. Le contrat porte sur 15 ans. Les frais de location pour la commune s'élèvent à 880 € par an ou 75 € par mois.*
*Le devis contient-il tous les frais liés aux compensations ? Autrement, il faudrait les ajouter.*
*Gary Diderich souhaite revenir sur le principe du stationnement. En fait, les gens achètent un objet privé et le déposent en permanence dans l'espace public parce qu'ils n'ont pas l'argent pour un garage ou parce qu'ils ne peuvent pas transporter leur garage. Un objet privé se trouve donc déposé quelque part 90 % du temps. Cette place ne vient pas de rien. On détruit une prairie pour que 53 personnes puissent y déposer un objet privé.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wäert dann och elo méi genau op Iech oppassen. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, et ass okay. Méi genau muss et net sinn, dat kann ech ganz gutt eleng. Merci.

Wat eis am Plang op jidde Fall feelt, dat sinn Elektrobornen. Et ass virgesinn, fir Elektroparkplazen do ze maachen. Dat ass vläicht eppes, wat een d'office aktuell, mengen ech, muss maachen. Dann denken ech, ass et och elo de Moment.

PMR, weess ech elo net méi genau, kommen där dohinner?

(Zoustëmmung)

Dat heescht, déi feelen och op deem Plang.

Dann hunn ech mer Froe gestallt, wéi gesäit dat do moies aus. E Pedibus plus all deen Trafick, deen an déi kleng Stroossen drainéiert gëtt. Ech gesinn dat bei anere Schoulen, dat ass wierklech e grousse Probleem, wa Foussgänger an Autoe sech begéinen, an déi Weeër sech virun allem kräizen. D'Trottoire sinn immens schmuel hei.

Hei misst ee vläicht driwwer nodenken, ob een do net iergendwellech Mesuren nach kéint huelen, fir d'Foussgänger op d'mannst ze valoriséieren. Well dorëms geet et jo awer, wa mer e Pedibus maachen – quitte dass de Pedibus warscheinlech éischter vun ënnen erakënnt. An awer muss ee sech iwwerleeën, wéi d'Weeër, d'Lafweeër am Quartier fonctionéieren.

Zu gudder Lescht: Beim Reglement drop oppassen, dass dat och dem edukative Personal zegutt kënnt. Dat muss esou reglementéiert ginn, quasi, wéi de Parking Neiwiss bei der Woiwer Schoul. Fir dass och d'Leit, déi do schaffen, wierklech eppes dovunner hunn an et net e Cadeau empoisonné ass a si mussen all annerhallef Stonn erauslafen, fir anzegeheien. Mee ech denken, do denkt Dir drun.

En somme toute feelt eis den Avis, et feelt eis de gutt preparéierten Dossier. Ech denken awer, dass et wichteg ass fir de Bierger. An am Sënn vum Bierger stëmme mir dat dann och mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen, Madamm Pregno. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci Här Buergermeeschter. Deen heite Parking war jo schonn Theema. Elo ass den Dossier méi räif. Dës Kéier si Pläng dobäi, et ass en Devis dobäi. Et gesäit een, dass mer hei am Endeffekt mat de Loyerskäschte fir 15 Joer – well dat Ganzt ass op 15 Joer elo mol limitéiert, duerno wësse mer nach net, ob mer deen Terrain esou kënne weider benotzen a wëllen – op Käschte vun 880 Euro pro Joer kommen. Dat si ronn 75 Euro pro Mount.

Ech weess elo net, ob an deem Devis all d'Käschte fir d'Kompensatioune mat dra sinn oder iwwerhaapt dra sinn. Wann net, da misst een déi nach dobäirechnen.

Dat heescht, mir schafen hei eppes, fir et ganz krass ze huelen – et gëtt an de Soziale Medien esou Posten, wou d'Leit duerstellen, wat mer am Fong ëmmer maache mat eisem Auto: Mir stellen am Fong e Privatgéigestand of am ëffentleche Raum. Ech kafe mir e Privatgéigestand an ech stellen deen déi ganzen Zäit am ëffentleche Raum of. Well ech net d'Suen hu fir eng Garage oder well ech d'Garage net mat mir ka weider transportéieren.

Ongeféier 80 % bis 95 % vun der Zäit steet dee Privategéigestand, deen ech mir dann zouleeën, dann einfach iergendwou. An iergendee muss dat bezuelen, déi Plaz. An déi gëtt och enzwousch iergendwou geholl, déi Plaz. Hei gëtt se eebe vun enger grénger Wiss geholl. Et ginn Hecken ewechgemaach, fir dass 53 Leit hire Privatgéigestand do kënnen nidderstellen, do stoe loossen. An dat kascht eis op d'mannst 75 Euro pro Mount.

Obwuel net wäit vun do ewech e grousse Parking ass, wou ëmmer Plaz ass. Wann déi zéng Minutte fir vun do bis an d'Schoul, wann dat net schnell genuch geet, dann denken ech gëtt et och Alternativen.eEt gesäit een alt Leit mat Trottinetten oder esou, wann et net schnell genuch geet. Et kann ee sech och virstellen, dass ee sur place, wann et drëm geet, Saachen dohinner ze transportéieren – dat héiert ee jo och vill, datt ee jo awer ëmmer eppes matbréngen, matschleefe muss –, dass een do vläicht Parking-minute géif maachen, fir dass d'Leit do hir Saachen deposéiere kënnen an da parke se hiren Auto.

Natierlech ass dat alles och en Unzeechen dovunner – an dat ass net eleng d'Responsabilitéit vun den Individuen –, dass d'Plaz, wou ee schafft, d'Plaz, wou ee wunnt, d'Plaz, wou ee seng eege Kanner vläicht och muss ofginn, ier een op d'Schaff geet oder no der Schaff, dat alles wäit vuneneen ass. Dass do vill hin an hier ass a jiddereen huet do warscheinlech seng ganz gutt Grënn.

Jiddefalls d'Resultat vun där Aart a Weis, wéi mer am Moment liewen, ass, dass mir hei der Natur esou vill Plaz ewechhuelen, fir bleche Karossen dohinner ze setzen, fir et ganz pejorativ auszedrécken. An dat kascht eis dann eeben déi 75 Euro pro Mount.

An do ass meng Fro dann: Wie bezilt déi 75 Euro pro Mount? Perséinlech, een dee sech vill Méi mécht, fir am Fong fir déi zukünfteg Generatioune manner CO2 ze verbrauchen a manner den ëffentlechen Espace anzehuele mat esou Gefierer, fannen ech dat net ganz gerecht, wann do jidderee muss matbezuelen, wann et anscheinend keng aner Léisung gëtt, wéi am Moment sech virun der Garage vun anere Leit ze parken.

Et muss een och soen, dass mer déi heiten Decisioun huelen opgrond vun enger Situatioun, wéi se am Moment ass. Wéi de Kolleeg Fränz Meisch se hei beschreift, deen am Quartier wunnt. Dat heescht, dee Besoin, deen entsteet aus der Situatioun, wéi se ass, ouni dass mer fir e Pedibus bis elo gesuergt hunn, ouni dass mer aner Léisunge probéiert hunn, wéi ee Parking-minute an esou weider an esou fort. Dann huet een nach net alles, menger Meenung no, probéiert, fir net op déi dote Schinn ze goen. An dofir stinn ech net ganz dohanner.

Mir ginn engem Quartier zousätzlech Parkplazen, mir huelen néierens Parkplazen ewech. Mir sinn an engem Stroossebild – dat hunn ech awer elo net gesot kritt hei –, wou mer Trottoiren hunn, déi sinn esou enk, do kënns du knapps laanscht. Dat ass eng Richtungsdecisioun, déi een hëlt. Wann ee wëll, dass d'Leit manner op den Auto zréckgräifen a méi ze Fouss ginn a méi mam Vëlo ënnerwee sinn, da musse mer och méi Raum dofir schafen.

Hei schafe mer méi Raum fir Parkplazen. An da wäerte mer net als Resultat kréien, dass méi Leit mam Vëlo oder ze Fouss ënnerwee sinn.

Op deenen zwou Säite kann een do parken, an der Rue de l'Eau oder der Strooss, déi eropgeet laanscht d'Haaptentrée vum Bock. Op deenen zwou Säite kann ee parken. Et sinn natierlech vill Garagen do, et ass net d'ganz Sträif eng Parkplaz, mee do huet een net vill Trottoir. An net nëmmen do. Och ënnen, déi ganz Zoufaartsweeër, sinn am Fong zimmlech enk an onangeneem, fir een, deen net mam Auto ënnerwee ass.

Dat heescht, wa mer do 53 Parkplaze schafen, déi eis alles dat dote kaschten, da musse mer, menger Meenung no, dat, wat am Koaltiounsaccord steet, an dat, wat all Partei am Fong gesot huet an hirem Walprogramm, da musse mer Raum fir d'Foussgänger a fir d'Vëlosfuerer schafen, fir bei déi Schoul hin- an erëm zréckzekommen. Wa mir dat net maachen, da si mer net seriö. Da schwätze mer schéin, sonndes, awer mir maachen de Rescht vun der Woch ganz aner Saachen.

An dofir géif ech wierklech dofir antrieden, éischtens deen dote Parking esou ze reegelen, dass mer am beschten op déi Suen do erëm zréckkommen, dass mer déi erakréien. Dat hu mer awer elo hei net virleien. Dat heescht, ech weess net, ob dat mat deem Vott erfëllt gëtt.

Zweetens, dass mer Stroosseraum fir Vëloen a fir Foussgänger schafen. Dass mer sécher sinn, dass an deem ganze

*Et la commune finance cela à hauteur de 75 € par mois.*
*En plus, il y a un grand parking à proximité. Les gens peuvent aussi utiliser une trottinette le cas échéant. Et si les gens ont vraiment besoin de transporter quelque chose, la commune pourrait créer un système de stationnement à la minute.*
*Gary Diderich admet cependant que tout n'est pas de la faute des automobilistes. Il est important que le domicile, le travail et l'école se trouvent à proximité les uns des autres. Autrement, il est évident que les gens ont des raisons de prendre la voiture.*
*En tout cas, la réalité est que la commune détruit la nature pour que les gens puissent y déposer des carrosses en fer. Et cela, au prix de 75 € par mois. Qui paie la facture ?*
*Gary Diderich essaie de produire moins de $CO_2$ et d'utiliser moins d'espace public. Il trouve injuste de devoir payer pour que quelqu'un d'autre gare sa voiture devant le garage d'une autre personne.*
*La situation dans le quartier a été décrite par monsieur Meisch, qui y habite. Le besoin est réel, mais la commune n'a pas cherché d'autre solution comme le pédibus ou le parking à la minute. C'est pourquoi Gary Diderich ne soutient pas entièrement le projet.*
*La commune crée des places de stationnement quelque part sans en retirer ailleurs. Or on se trouve dans un quartier où les trottoirs sont tellement étroits qu'on arrive à peine à passer. D'un côté, le collège échevinal dit vouloir inciter les gens à se déplacer à pied ou à vélo. De l'autre, il construit des places de parking.*
*Gary Diderich signale que dans la rue de l'Eau, on peut se garer des deux côtés. Il y a aussi des garages, mais pratiquement pas de trottoir. Le site est désagréable pour les piétons.*
*Bref, si d'un côté on crée des places de stationnement, il faut créer de l'espace pour les cyclistes et les piétons de l'autre. C'est ce que disent tous les programmes électoraux. Tout ceci n'est pas sérieux.*
*Pour Gary Diderich, il faut que ce parking génère suffisamment de revenus. Deuxièmement, le collège*

*échevinal doit créer de l'espace pour les cyclistes et les piétons. Sans oublier qu'un pédibus n'est pas constitué d'enfants marchant en file indienne. Il s'agit plutôt d'un troupeau. Enfin, les sportifs peuvent aussi se rendre à la salle de sport à vélo. On se demande pourquoi les enfants restent toute la journée à la maison derrière un écran. Mais la réponse est simple. Les villes sont aménagées de manière à ne pas permettre aux enfants d'être dehors en toute sécurité.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *dit à monsieur Diderich qu'il est entièrement d'accord avec lui.*
*Mais ce qu'il raconte est un rêve, pas la réalité. Les hommes politiques sont confrontés à la réalité. La réalité se voit tous les jours sur le terrain.*
*Madame Pregno s'est donné beaucoup de mal pour mettre en place une autre solution. Mais à l'évidence, cela n'a pas marché. Or la situation sur la route est devenue dangereuse. Les enfants courent. Il y a des voitures partout. Et les gens n'ont pas le temps. Le matin, ils déposent leurs enfants à l'école et partent travailler. Pour s'en rendre compte, il suffit de poser la question aux gens.*
*Monsieur Diderich imagine le monde que chacun voudrait. Ce qu'il dit est juste. Mais la réalité est une autre. Les gens doivent conduire leurs enfants à l'école cinq fois par semaine dans un quartier qui est déjà saturé. Les riverains sont bloqués parce que quelqu'un s'est garé devant leurs garages. Ils n'ont pas envie d'appeler la police tous les jours. Ce que dit monsieur Meisch est vrai.*
*Le premier objectif de monsieur Bertinelli est d'assurer la sécurité des enfants pour qu'ils n'aient plus à courir entre les voitures dans la rue des Champs et la rue de l'Eau.*
*Ensuite, il y a le personnel enseignant, qui ne dispose pas de vignette et ne sait plus quoi faire. Fred Bertinelli a rencontré récemment une enseignante devant transporter plusieurs sacs de livres et de cahiers à l'école. Il ne peut tout de même pas lui dire de déposer tout cela à l'école avant d'aller se garer*

Quartier eis Kanner kënnen op eng sécher Aart a Weis dohinner kënne kommen. An net nëmme fir d'Schoul, wou ee jo hoffentlech dann de Pedibus geschwë gesäit, deen dohinner geet. Deen dann och Plaz brauch, well dat ass dann net ee Kand, wat hannert deem anere geet, dat ass dann e Grupp. Dat gëtt dann en Troupeau souzesoen, dee brauch och Plaz.

Et ass awer och, wann do Traininge sinn an esou weider an esou fort, dass dat och kann ze Fouss a mam Vëlo geschéien. Well herno froe mer eis: Firwat ginn eis Kanner net méi eraus spillen a bleiwe just um Computer hänken? Well mer eis Stad esou amenagéieren, dass am Fong fir d'Kanner guer keng Plaz méi ass a keng Sécherheet do ass, an d'Eltere sech och net sécher spieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt op dat äntweren, wat den Här Diderich gesot huet. Ech sinn honnertprozenteg mat him d'accord, mee dat ass net d'Realitéit. Dat ass dreemen, wat een do mécht, mee dat ass, leider Gottes, net esou. Et muss ee sech, wann ee Politik mécht, och mat de Realitéite befaassen. An d'Realitéite sinn anerer, Här Diderich. D'Realitéit ass, wat mer all Dag op där Plaz do gesinn.

Ech mengen, meng Virgängerin huet sech och vill Méi gemaach, fir do eppes hinzekréien. Dat ass jo net gemaach ginn, fir d'Leit do rosen ze maachen oder fir de Leit iergendeppes dohinnerzesetzen, wat net geet. Dat war gemaach ginn, am gudde Glawen, datt dat da géif klappen. Leider ass et awer net esou.

Wann Der Iech déi Situatioun ukucke gitt, all Dag, wat do lass ass, do ass et un eis opzepassen, datt do net eng Kéier eppes geschitt.

Well, wann ee gesäit, wéi d'Kanner do lafen, duerch d'Autoen, déi do eropfueren a wat do all Dag lass ass – Dir kënnt Iech dat roueg ukucke goen. Ech sinn net wäit dovun ewech. Ech gesinn dat all Dag. Da muss ee sech awer och mat der Realitéit befaassen, muss een d'Realitéite gesinn, wéi se sinn. D'Leit hu moies keng Zäit. Si gi schaffen, si bréngen hir Kanner mam Auto an d'Schoul, an da gi se schaffen. Wann ee freet, firwat kënns du da mam Auto, firwat bréngs de däi Kand net ze Fouss? Dat sinn eeben d'Realitéiten. Dat ass esou.

An enger Welt, wéi den Här Diderich sech se virstellt, ass dat honnertprozenteg richteg. Fannen ech och richteg, alles, wat Der gesot hutt, ass och gutt. Et misst een et no deem Verkéierskonzept esou maachen. Mee d'Realitéite sinn anerer.

A wann Der an eng Situatioun kommt, wéi mir se do hunn, datt Der ee ganze Quartier iwwerlaf hutt, datt Der moies véier-, fënnefmol an der Woch musst an d'Schoul goen an iergendee fannen, well en Auto virun Ärer Garage steet, deen da fannen, well Der net all Dag Loscht hutt, d'Police ze ruffen. Dat ass do de Fall, an net nëmme vun engem. Den Här Meisch huet et jo och scho gesot, datt dat esou ass, well net genuch do ass.

An hei probéiere mer, éischtens emol, d'Kanner aus der Gefor erauszekréien. Wa mer dat esou maachen, wéi ech mer dat virgestallt hunn, datt mer da mol net méi dat hunn, wat mer ënnen an der Rue des Champs an uewen an der Rue de l'Eau hunn, datt do d'Kanner tëschent den Autoen erauslafen, fir de Wee erofzegoen, a wou een heiansdo emol net gesäit, ob e Kand do erauskënnt oder net.

Zweetens fir d'Schoulpersonal. D'Schoulpersonal, dat net an eiser Stad hei wunnt a keng Vignette huet an och net méi weess, wouhi mam Auto. Ech hat d'leschte Kéier genau dat, wat Dir gesot hutt, mat eng Léierin ugeschwat. Do huet se mer gesot: Hei gesitt Der a menger Mall alles, wat ech muss elo mathuele fir a meng Klass. Dat waren dräi, véier grouss Akafssäck mat Hefter a mat Bicher dran. Wat se huet mussen an d'Schoul droen.wWat se da vum Fussballterrain bis dorobber muss schleefen, wat jo och net näischt ass.

Do kann ech der Fra net soen, jo, da musst Der fir d'éischt dohinner fueren, ausliwweren an dann erëm zréckfueren. Also, wéi gesot, ech hunn dat doten elo scho jorelaang – an et ass jo net, datt ech elo eleng domat ugefaangen hunn. Meng Virgängerin huet dat och probéiert, fir do eng Léisung ze fannen. aAn dat ass guer net esou einfach, wéi dat ideal ass. Dat verstinn ech och.

Wat de Pedibus ugeet, do ass den Thierry Wagner jo amgaangen. An do ass jo nach eng zweet Entrée, déi Haaptentrée fir an d'Bockschoul, déi ass ënnen. Et war ëmmer virgesinn, wa se do iwwert den Trottoir kommen, datt se d'Haaptentrée vun der Bockschoul huelen, déi fir d'Foussgänger sécher ass, wou keen Auto eropfiert. Datt d'Kanner dee Wee kéinten huelen. Soudass mer se och do aus de Geforesituatiounen eraus kréien.

Drëttens ass an der Mëtt vun deenen zwee Parkingen, Här Diderich, eng grouss Spillplaz fir d'Kanner. Déi mer och wëlle si loossen a souguer nach, wa méiglech, mat Saachen ausbauen. Soudatt do och un d'Kanner geduecht ginn ass, wéi d'Kanner kënnen do op där Wiss spillen.

An dat anert ass ganz normal, wéi dat hei an der Gemeng scho fonctionéiert, datt mer déi Parkinge jo och net gratis maachen. Dee Parking ass wéi dee bei der Fousbanner Schoul, wou mer de Leit e Parking ginn hunn. Mir si mat engem neien Taxereglement amgaangen, wäerte mer Iech am Mäerz virstellen, wat d'Parkingen ugeet. Do schaffe mer schonn eng Zäitchen drun.

An et ass natierlech sou, wéi an deenen anere Schoulen och: Een, deen do eng Plaz reservéiert, deen huet en Obolus ze bezuelen. Soudatt am Endeffekt dee Parking op null erauskënnt, wa mer dat no fënnef Joer gerechent hunn, wat déi Leit musse bezuelen.

Leit, déi owes op den Training ginn, déi wäerten och bezuelen, fir do kënnen ze parken. Dat ass jo ganz normal, datt d'Allgemengheet dat net muss bezuele fir Leit, déi do en Avantage hunn, datt se do kënne parken.

Mee ech mengen, datt et dee ganze Quartier, éischtens, méi sécher mécht an, zweetens, méi Liewensqualitéit fir d'Leit bedeit, déi do wunnen. An duerfir si mer op de Wee gaangen, fir dat esou ze maachen.

Wat d'Natur ubelaangt, kréie mer méi Natur dohinner. Mir kréien 23 Beem. De Moment steet, wéi ech gekuckt a gelies hunn, een. Wat ech mer zu Häerz huelen, Madamm Pregno – hutt Der gesot, an dat fannen ech och richteg –, datt mer et net an der Ëmweltkommissioun haten. Mee si wësse Bescheed. Mir haten awer kee Rapport vun der Ëmweltkommissioun gefrot, fir dat hinzekréien, well mer gesot kritt hunn, Dir maacht vill, vill méi dohinner, wéi elo do steet. Also et kënnt vill méi Natur dohinner. An och um Bord vun de Parkinge kommen Hecken hin. Et ass vergiess ginn. Dat wäerte mer och net méi maachen. Wäerte mer deemnächst, sou wéi mer dat op der Schwaarzer Bréck gemaach hunn, en Avis vun der Ëmweltkommissioun froen. Dat huelen ech op meng Kap.

Mee, wéi gesot, fannen ech, datt dat fir dee ganze Quartier nëmmen eng Verbesserung ass. Wat den Här Diderich gesot huet, dat ass d'ideal Welt. Mee dat ass net ëmmer hinzekréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech soe Merci, dass ech awer och d'Wuert nach kréien, Här Bertinelli. Ech wollt am Numm vun der LSAP eppes zu dësem Projet soen.

Déi Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet oder net – ech mengen, mir wëssen alleguer, do besteet e Quartier résidentiel, deen awer net funktionéiert. Dat heescht an der Rue des Champs, Rue Boettelchen, Rue de l'Eau kënnen d'Leit sech an hirem Quartier net virun hir Haiser stellen. Heiansdo mol net fir ofzelueden. Et ass iwwerall esou. An eeben aus deem Grond ass d'Iddi opkomm vun de Quartiersparkingen.

An ech wollt dorop kommen. Well mer gesinn, dass iwwerall e grousse Probleem ass, hu mer gesot – an et ass schonn op verschiddene Plaze gemaach ginn –, mir musse Parkméiglechkeeten ailleurs. Il a cherché des solutions pendant des années. Son prédécesseur a fait de même. Mais la solution idéale n'existe pas.

*ailleurs. Il a cherché des solutions pendant des années. Son prédécesseur a fait de même. Mais la solution idéale n'existe pas.*
*Monsieur Wagner est en train d'organiser le pédibus. Fred Bertinelli rappelle que l'école compte une deuxième entrée accessible par un trottoir qui est sûr. Le pédibus ne devrait donc pas se retrouver dans une situation dangereuse.*
*Fred Bertinelli signale par ailleurs qu'une grande aire de jeux sera aménagée entre les deux parkings. Bref, les enfants pourront jouer dehors.*
*Pour ce qui est du prix, Fred Bertinelli rappelle que le stationnement n'est pas gratuit à Differdange. Le collège échevinal travaille à la réalisation d'un nouveau règlement sur les taxes, qui sera présenté en mars. Mais comme partout ailleurs, quelqu'un qui se gare à cet endroit devra payer. La commune rentrera dans ses frais en cinq ans. Les sportifs se rendant à l'entrainement le soir devront aussi payer, ce qui est normal.*
*En tout cas, le parking devrait rendre le quartier plus sûr et améliorer la qualité de vie des résidents.*
*Pour ce qui est de l'environnement, Fred Bertinelli rappelle que le collège échevinal va planter 23 arbres. Il y aura donc plus de nature que maintenant. Madame Pregno a raison de critiquer le fait que la Commission de l'environnement n'ait pas remis d'avis. En revanche, le collège échevinal l'a consultée et la Commission a constaté que la surface des espaces verts allait augmenter.*
*Fred Bertinelli trouve que ce projet représente une plus-value pour le quartier. Ce dont parle monsieur Diderich, en revanche, est un monde idéal, ce qui n'est pas toujours faisable.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que ce quartier résidentiel tel qu'il se présente actuellement ne fonctionne pas. Les riverains ne peuvent pas se garer devant leurs maisons. Souvent, ils ne peuvent même s'arrêter pour déposer quelque chose. C'est de là que vient l'idée d'un parking de quartier. Ce type de problème existe aussi dans d'autres quartiers.*

*C'est pourquoi il faut plus de petits parkings.*
*Toutefois, Erny Muller reconnait que l'on ne peut pas tout bétonner au détriment de la nature. Une solution consiste à construire davantage en hauteur. Mais il faut alors tenir compte de l'aspect financier.*
*En outre, le quartier pourra évoluer au fil du temps. Si dans dix ou vingt ans, la commune se rend compte qu'un parking n'est plus nécessaire, elle pourra réaménager le site.*
*Actuellement, le besoin en places de stationnement est grand. Et la commune ne peut quand même pas dire aux gens de vendre leurs voitures et de se débrouiller.*
*(Interruption)*
*Pour Erny Muller, il faut tenir compte des besoins des gens.*
*Ce dont il n'a pas encore été question est le fait que la commune construit enfin un parking écologique.*
*Le 15 novembre, monsieur Bertinelli a mentionné pour la première fois le contrat en question. À l'époque, il portait sur 39 a. Ensuite, les choses ont avancé rapidement. Auparavant, ce type de dossier prenait souvent des années à être réalisé.*
*En plus, madame Pregno a parlé de huit places de stationnement. Or il est question de 28 places.*
*(Interruption de M^me^ Pregno)*
*Erny Muller rappelle que madame Pregno voulait voir un plan. Aujourd'hui, ce plan est là et il comprend bien 28 places de stationnement. À ces 28 places s'en ajoutent 25, car le collège échevinal a pris l'initiative de louer d'autres terrains. Ces 53 emplacements devraient suffire pour les prochaines années.*
*Erny Muller rappelle par ailleurs que le personnel enseignant s'était plaint dès le départ du manque de places de stationnement.*
*En ce qui concerne la surface, il s'agira de macadam vert. Ce n'est pas du macadam comme celui du parking de Servior, qui est imperméable. Ici, l'eau va pénétrer directement dans la chaussée. Il s'agira de dalles en gazon stabilisées avec du gravier. Une couche de dolomite sera aménagée en dessous avec du gazon. Le tout va ressembler à un tapis vert. Les plaques seront stabi-*

erweideren a musse kleng Parkinge schafen. Dat kënne Quartiersparkinge sinn oder Mikroparkhaiser oder wéi een dat wëllt nennen.

Et muss een och vläicht vu Moment zu Moment kucken.mMir kënne jo och net alles an d'Natur eraus bauen, mee mir kënnen awer och vläicht mol aner Méiglechkeete probéieren, an d'Héicht goen an esou Saachen. Awer et muss ëmmer am Kader vun de finanzielle Méiglechkeeten awer och sinn. Mee et ass méiglech. An et ass néideg.

An do ass och gesot ginn, hei kann dat jo zu all Moment erëm réckgängeg gemaach ginn. Da kann ee soen, et huet een d'Suen eeben ausgi fir zéng, zwanzeg Joer, mee sollt sech déi Situatioun eng Kéier änneren, da kann een dat anescht maachen an Zukunft.

An elo, momentan, ass de Besoin immens grouss. A mir kënnen net, wéi och hei gesot ginn ass, d'Leit ëmerzéien a soen, sou elo ass Schluss mat Ärem Auto, verkaaft en alleguer an da kuckt Der, dass Der eens gitt. Nee, dat geet net. Mir mussen de Besoine vun eise Leit, vun eisen Awunner Rechnung droen.

Ech wëllt awer haut haaptsächlech – an dat huet mech gewonnert, dass dat nach guer net hei beschwat ginn ass –, ech hunn dee Parking mol ënner d'Lupp geholl an ech hu gesinn, dass mer mol eng Kéier endlech en ekologesche Parking bauen, oder Parking écologique, wéi mer dat nennen op Franséisch.

Ech wëll zréckkommen op de 15.11. Dat war déi éischte Kéier, wou den Här Bertinelli eis dee Kontrakt virgestallt hat, wou Diskussiounen opkomm sinn. Et ass deen éischten Terrain vun 39 Ar. An haut, nëmmen zwee Méint méi spéit – an dat wëll ech och emol eng Kéier soen, dass do ganz, ganz rapid geschafft ginn ass. Well ech kennen dat vu Jore virdrun, da war dat ad acta geluecht ginn an dat huet Jore gedauert, ier eppes komm ass. Mee hei geet et virun. An et ass dat, wourop ech wollt hiweisen.

Wat och nach ass, Madamm Pregno, Dir hat vun aacht Parkplaze geschwat. mMir gesinn, dass op deem selwechten Terrain der elo 28 méiglech sinn. Dir hat vun aacht geschwat. Dat weess ech nach ganz genee.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ëm aacht.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ëm aacht. An do hutt Der gesot, a mat Recht, Dir géift gär e Plang gesinn. Do ginn ech Iech Recht. Dee Plang läit haut vir. An da gesi mer, dass aus aacht 28 gi sinn, mat awer Konsequenzen. Dorop kommen ech nach zréck.

Et kommen net nëmmen 28, mee et kommen der nach 25 dobäi, well mer d'Initiativ begréisse vum Schäfferot, fir zousätzlechen Terrain ze lounen an dann op 53 eropzegoen. Ech mengen, dat ass eng Zuel, do kënne mer soen, domadder kann een déi nächst Jore ganz gutt liewen op där Plaz.

Ech wëll och nach soen, dass d'Schoulpersonal hir Bedenke vun Ufank un ugemellt huet, wéi se gesinn hunn, dass am Kader vun der neier Schoul kee Parkraum méi war. Virdru war een do. Dat ass direkt gesot ginn. Et ass net, dass se net drop opmierksam gemaach hätten.

Ech wëll dann awer och op d'Realisatioun an op de Cahier de charges vun deem Parking agoen. Do gesäit een, dass mer kee Makadamm verschaffen. Et gëtt zwar vun engem Makadamm vert geschwat. Mee mir verschaffe kee Makadamm, wéi dat zum Beispill beim leschte Parking Servior de Fall war, wou d'Waasser iwwert de Makadamm bis ënnen an d'Strooss leeft.

Hei gëtt dat esou gemaach, dass d'Waasser wierklech versickert, direkt op der Fuerbunn. Dee Parking gëtt gebaut mat sougenannte Rasenplatten. Am Libellé schwätze se vun Dalles gazon, déi op e Fong geluecht ginn, dee stabiliséiert gëtt, mat Concassé, also Schotter, iwwer gewësse Schichten. Da ginn do fäerdeg Elementplacke geluecht, wou d'Waasser vill Plaz huet fir derduerch ze dréngen.

An ënnendrënner ass eng Couche Lava oder Dolomit. An do gëtt dann och Wues ugeséit. Dat heescht, dee Wues

spréisst bannenan an deem Ganzen an uewendriwwer gesäit dat aus wéi en Tapis vert.

Ech fannen dat eng super Iddi, well éischtens sinn do gréisser Placken, déi dann och stabiliséieren um Fong. An op de Säite gi se nach mat sougenannte Pawee-Längselementer stabiliséiert, dass dat net no de Säiten ewechfléisst oder no de Säiten ewechbeweegt.

Mir wëssen, dee Probleem, dee mer zu Nidderkuer hunn, wou Placken einfach an de Sand geluecht gi sinn a wou herno d'Fuerbunn komplett gewellt war a wou de Sand ënnendrënner ewechfléisst. Nee, dat ass hei net méiglech. Hei ass dat ganz anescht. Et ass nach vill méi ekologesch, well hei gëtt d'Waasser wierklech groussflächeg ofgefouert.

D'Parkplaze selwer gi mat Concassé, also mat deem Schotter gemaach, an do kënnt och esou ee Lavasubstrat oder Dolomit uewendrop. An dee gëtt ugeséit, dat heescht, dat bleift da gréng. An zum Talus hi gëtt mat Bamstämm ofgetrennt oder stabiliséiert.

Dir gesitt, dass och Stützmaueren do sinn, well et jo och e groussen Niveausënnerscheed ass. Et ass an enger Hanglag. An dass déi zwee Parkingen och nach op Foussgängerweeër erofféieren direkt op d'Strooss, fir de Leit de Wee ofzekierzen.

A wichteg, mengen ech, dat ass d'Biotopbilanzierung. Ech weess, dass de Bureau Miersch, dee ganz qualifizéiert ass, dee sech och mat deem Dossier hei ofginn an och schonn ëfters mat eisem Service écologique geschafft huet, deen ass och a Kontakt mat der Ëmweltverwaltung an der Verwaltung vum Waasserwirtschaftsamt, dass mer dann och déi néideg Autorisatioune kréien. An ech mengen, wa mer dat heiten esou maachen, da sinn ech och iwwerzeegt, dass mer se kréien.

D'Fro, déi sech nach stellt, ech mengen, eng Heck ass schwéier ze verplanzen, soss hätt ee vläicht déi besteeënd kënnen huelen. Mee dat wäert net méiglech sinn, duerfir ginn hei eng ganz Partie Beem, awer och Hecken nei ugeplanzt.

Op jidde Fall, mir als LSAP begréissen dëse Quartiersparking Rue de l'Eau mat deenen 53 Stellplazen. Wéi scho gesot ginn ass, deen dem Personal vun der erneierter Bockschoul, der Maison relais, de Benotzer vun der Sportshal a virun allem alle Leit aus dem Quartier zegutt kënnt.

D'LSAP stëmmt dëse Projet an och déi zwee Kontrakter, déi eng Realisatioun vun deem neie Parking an der Rue de l'Eau erméiglechen. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Wagner nach, wannechgelift.

---

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ee klengen Update zum Pedibus. Mir haten e Sondage gestart. Do hu mer d'Resultat, wat d'Kanner oder, besser gesot, wat d'Eltere wëllen, dass iwwer 100 Kanner wéilten de Pedibus huelen. Dat ass emol schonn eng gutt Saach.

Elo komme mer an déi zweet Phas, fir natierlech Leit ze fannen, déi dat encadréieren. Dat ass net sou einfach. Dat ass ëmmer e bëssen d'Krux gewiescht. Virun allem hu mer eis geduecht, elo net grad bei deem Wieder domadder ze starten. Well dat muss jo awer trotzdeem eppes sinn, wou d'Leit och wëllen adheréieren an net eng Doutgebuert vun Ufank un. Dofir, loosst eis nach e bëssen Zäit. Mir sinn awer um Plangen, fir dass mer do un d'Rulle kommen.

Déi aner Saach, wat den Här Muller gesot huet, fannen ech eng gutt Saach, mat deene Mikroparkhaiser an de Quartieren. Den Här Diderich ka sech vläicht dorun erënneren, mir waren op enger Presentatioun vum fréiere Minister Turmes, wou hien dat propagéiert huet, dass Mikroparkhaiser an d'Quartiere kommen, déi vläicht och kombinéiert si mat Spillplazen um Daach oder enger Begréngung. Dat muss jo net ganz einfach ausgesinn, déi kënne jo och schéin konzipéiert sinn, déi Mikroparkhaiser. A virun allem awer an der Héicht, fir net ze vill Plaz ewechzehuelen.

*lisées par des pavés à droite et à gauche. C'est mieux que ce qui a été fait à Niederkorn, où on a simplement déposé les plaques sur du sable, qui finit par s'écouler impactant la stabilité de la chaussée. Ce système-ci est beaucoup plus écologique parce que l'eau peut s'écouler facilement.*
*Erny Muller répète que les places de stationnement sont recouvertes de gravier et d'une couche de dolomite avec du gazon.*
*Le talus sera stabilisé par des troncs d'arbres. Compte tenu de l'importante différence de niveaux, il faut aussi aménager des murs porteurs.*
*Les deux parkings sont accessibles par un chemin piétonnier par la route.*
*Le bureau d'études Mersch, qui travaille souvent avec le service écologique, est en contact avec l'Administration des eaux et des forêts concernant les autorisations. Erny Muller se dit convaincu qu'avec les compensations prévues, la commune les obtiendra.*
*Il est difficile de déplacer des haies. Erny Muller suppose que c'est la raison pour laquelle la commune va planter de nouveaux arbres et de nouvelles haies.*
*En tout cas, les socialistes sont contents qu'un parking de 53 places soit aménagé dans la rue de l'Eau. Il se révèlera utile pour le personnel de l'école et de la maison relais, les usagers de la salle de sport et les riverains.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *ajoute que la commune a réalisé un sondage sur le pédibus. Plus de cent enfants voudraient profiter de cette offre. Bien entendu, il sera plus difficile de trouver des personnes pour encadrer les enfants. La commune va chercher des candidats plus tard dans l'année, car si on lance ce projet en hiver, il sera mort né.*
*Thierry Wagner supporte l'idée de petits parkings dans les quartiers. Ensemble avec monsieur Diderich, il a assisté à une présentation de l'ancien ministre Turmes, qui préconisait lui aussi ce type de parking — éventuellement avec une aire de jeux ou des espaces verts. Idéalement, ces parkings devraient être*

*construits en hauteur pour ne pas prendre trop de place.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que si la commune aménage 53 places de stationnement au lieu de 43, c'est uniquement de sa faute. Car il a vu le plan et il sait qu'on pouvait faire mieux. C'est ce qui explique qu'en fin de compte, les plans n'ont pas circulé partout où ils auraient dû.*
*En ce qui concerne la Commission de l'environnement, elle n'a pas débattu du projet parce qu'il ne figurait pas encore à l'ordre du jour quand elle s'est réunie. Mais les négociations avec le deuxième propriétaire ont été plus rapides que prévu. Une fois les terrains obtenus, le collège échevinal a voulu agir rapidement.*
*Le parking sera payant et la commune récupèrera au moins une partie des investissements au fil des ans.*
*Tom Ulveling vient de voir une photo de monsieur Meisch montrant la procession de voitures dans le quartier le matin. Les enfants courent entre les voitures. Le parking devrait permettre de rendre la situation plus sure.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle qu'il est le président de la Commission de l'environnement. Monsieur Scacchi et lui préparent l'ordre du jour. Or, au moment de le faire, les plans du parking n'étaient pas encore disponibles. Mais cela démontre aussi à quel point la commune travaille vite pour résoudre les problèmes des citoyens. Entretemps, les plans sont là. Le projet comporte plus de places de stationnement. Il faudra que la Commission devienne plus efficace.*
*Guy Temples connait bien le site et peut cependant certifier que peu d'espaces verts vont disparaitre.*
*En revanche, ce qui le dérange, ce sont les 13 000 € destinés au bureau Mersch pour dresser un état des lieux des plantations. Il espère avoir mal compris.*
*Mais ce qui importe, c'est que la situation des gens s'améliore.*

Dat war dat, wat ech wollt dozou soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, dass ech dann och nach däerf schwätzen. Madamm Pregno, et ass meng Schold an ech huelen dat op meng Kap, dass mer elo 53 Parkplazen hunn an net 43. Well ech mer dee Plang ugekuckt hat a gesot hunn zu eise Leit, déi dorunner geschafft hunn: Ech mengen, do si méi Parkplaze méiglech. Dowéinst ass dee Plang net esou richteg zirkuléiert, wéi en hätt sollen.

Da wëll ech och explizéieren, firwat et net an d'Ëmweltkommissioun komm ass, well de President mer dat elo virdru gesot huet. Déi Zäit, wou hien d'Ëmweltkommissioun agesat huet, do war dat hei nach net um Ordre du jour. Well mer awer mat deem zweete Proprietär vill méi schnell eens gi sinn, wéi mer dat geduecht haten, hu mer du gesot: Elo hu mer d'Terrainen alleguer, elo maache mer dat. Dofir ass dee Mëssel geschitt, dass effektiv net dee richtege Plang am Dossier war, zumindest emol fir déi Leit, déi an der Kommissioun waren.

Et ass gesot ginn: Dee Parking wäert payant ginn a mir wäerten een Deel vun deem Invest recuperéieren iwwert d'Joren, vläicht net alles, dat ass richteg. Mee dat musse mer dann eebe kucken.

Ech fannen et och eng Plus-value fir dee Quartier, wann ech gesinn – ech hu grad eng Foto hei vum Här Meisch gesinn, déi e mer gewisen huet –, wéi d'Autoen an der Pressessioun sti mueres fréi. Ech mengen, dat ass jo awer och keen Zoustand. Do lafe Kanner tëscht den Autoen hin an hier an esou weider. Soudass ech awer mengen, wann een dat esou amenagéiert oder arrangéiert, dass d'Leit kuerzfristeg do kënne parken, d'Kand ofginn a weiderfueren, dass dat vläicht awer déi ganz Situatioun e bësse méi secure mécht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. Ech wollt Stellung huelen zu där Saach, well ech och ugeschwat gi sinn als President vun der Ëmweltkommissioun. Mam Här Scacchi setze mir ëmmer de Programm op, wat mer op den Ordre du jour huelen. Do gesäit een, wéi schnell eis Leit awer och schaffen a wéi schnellllieweg eis Gesellschaft ass. Mir mussen e Parking hunn, well keen Zäit huet. Jiddwereen ass presséiert. An et gouf, nodeems laang ëmmer gesot ginn ass, déi Leit solle bei d'Schwämm parke goen an d'Parkhaus goen, eng Léisung fonnt, fir deem Probleem Rechnung ze droen.

Deen Ament, wou ech gekuckt hunn, war kee Plang do. Do hunn ech gesot, mir waarden, bis de Plang do ass. An Tëschenzäit ass dee Plang do, deen och elo nach méi Parkplazen huet, wéi en am Ufank sollt hunn. Do ass eppes schifgelaf. Do probéiere mer, besser ze ginn.

Ech kennen awer d'Situatioun relativ gutt. Do kënnt net esou vill ewech. Well ech laang do geschafft hunn oder bis elo nach ëmmer do schaffen, do kënnt net esou vill ewech, wéi elo wäert dohinner kommen.

Wat mech e bësse stutzeg mécht, ass déi Saach, dat et 13.000 Euro kascht, fir ze wëssen, wat do steet an net do steet, wann ech dat richteg verstinn, laut Devis. De Büro Miersch kritt 13.000 Euro – ausser ech hunn et falsch interpretéiert –, fir ze wëssen, wat mer musse kompenséieren. Dat ass schonn e staarkt Stéck, wann et esou soll sinn! Ausser ech iere mech do.

Et schéngt mer méi herno dohinner ze kommen, wéi et aktuell ass.

Wat wichteg ass, déi Leit kréien elo eng favorabel Situatioun. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, komme mer zum Vott.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hat eng Fro gestallt, ob mat de Proprietäre vun de Parzelle geschwat gouf fir eventuell eng Acquisitioun vum Terrain.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mat deem enge war geschwat ginn, kann ech Iech soen. Awer mir hunn dovunner ofgesinn. Dee wär bereet gewiescht, awer mir hu fonnt, fir den Invest, wa mer et esou kréichen, fir ze lounen eng Zäit, wou mer dat emol 15 Joer wëllen exploitéieren an da kucken. Dofir hu mer eis géint den Achat entscheet, mee éischter fir d'Locatioun. Deen aneren, weess ech net. Dat war den Här Bertinelli, dee mat deem anere geschwat huet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Diderich nach.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hat gefrot, ob den Trottoir vergréissert gëtt a mer vläicht dräi, véier Parkplazen op där enger oder anerer Plaz ewechhuelen, fir dass mer sécher Weeër do hunn. Ech hat do zoustëmmend nicke vum Här Bertinelli gesinn, awer keng Ausso dozou.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir gesitt, datt de Wee fir erop, datt mer do e Foussgängerwee maachen, fir erop, dee bei der Schoul selwer ass. Da si mer awer och am Quartier amgaangen, eng Plaz komplett ze kucken, déi mer wëllen ewechhuelen, déi ze begréngen. Wou Parkinge sinn, déi mer komplett ewechhuelen an do eng gréng Insel dranzesetze mat Bänke fir d'Kanner a fir d'Leit, déi an deem Quartier do wunnen. Mee et ass ze fréi. Ech kommen ni méi heihinner, wann ech e Plang net bis op dee leschten Dibbelche fäerdeg hunn. Ech kann Iech just soen, datt mer amgaange sinn, drun ze schaffen. Mee ech wäert zréck an de Gemengerot kommen, wa mer dat wierklech um Pabeier hunn, datt ech Iech wierklech ka soen, hei dat an dat ass et. Mee et ass amgaange gemaach ze ginn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mee dat sinn dach keng Weeër, dat ass dann eng Plaz, wou ee sech kann op eng Bänk sëtzen. Et ass kee Vëloswee, kee Spadséierwee, keen Trottoir.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Fir de Vëloswee si mer amgaangen ze kucken, wa mer mam Parking amgaange sinn, wéi mer et hikréien, datt mer och do iwwert dee Wee wëlle Foussgänger a Vëloen eropkréien. Mee wéi gesot, do si mer nach net ganz fäerdeg.

Hei ass et drëms gaangen, Här Diderich, well mer deen Terrain vun deene Leit gelount hunn a well mer do eppes ënnerschriwwen hunn, datt mer de Leit, wa se eis den Terrain ginn – mir ware jo frou, datt mer e kritt hunn – ab nächste Mount eppes musse bezuelen. Mer wäerten nach dat eent oder dat anert verbesseren.

Wéi gesot, hei ass et drëms gaangen, sou laang, wéi mer dat net hei duerch de Gemengerot kritt hunn, kënne mer deene Leit hir Doleancen an dat wat mer hinnen ze ginn hu pro Mount, net ginn. An duerfir hu mer dat e bësse méi schnell gemaach. Mee wéi gesot, do kommen nach e puer Saache bäi. An och, wat d'Beplanzung vun deem ganzen Terrain ugeet.

Au fur et à mesure gëtt de Gemengerot informéiert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au vote.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il a posé une question. Le collège échevinal a-t-il discuté avec les propriétaires en vue d'acquérir les parcelles ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'un des propriétaires aurait accepté de vendre. Mais finalement, le collège échevinal a préféré opter pour une location sur 15 ans.*
*En revanche, Tom Ulveling n'a pas discuté avec l'autre propriétaire.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)**
*demandé si on pouvait élargir le trottoir en retirant trois ou quatre places de stationnement. Monsieur Bertinelli avait fait oui de la tête, mais il n'a rien confirmé.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique à monsieur Diderich que la commune va aménager un chemin vers l'école. Parallèlement, le collège échevinal réfléchit aussi au fait de supprimer des places de stationnement dans le quartier pour créer un ilot vert avec des bancs. Mais il est encore trop tôt pour en parler. De toute façon, Fred Bertinelli ne se présentera plus au conseil communal sans disposer de tous les plans.*
*Pour le moment, ce projet n'est pas mûr.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *répond qu'il ne s'agit pas de chemins, mais d'une place avec des bancs.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)0** *réplque que ce sera une place…*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *parle de piste cyclable, de sentiers et de trottoirs.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rétorque que le collège échevinal étudie la possibilité d'une piste cyclable pour accéder au parking. Mais la décision n'a pas encore été prise.*
*Fred Bertinelli se réjouit du fait que les propriétaires des terrains aient accepté de les louer à la commune à partir du mois prochain. Le projet peut encore être amélioré. Mais en attendant, le contrat de location doit être approuvé par le conseil*

*communal pour entrer en vigueur. Les espaces verts vont aussi être revus. Fred Bertinelli informera le conseil communal au fur et à mesure des avancées des travaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'une fois que les conteneurs auront été enlevés, la commune va participer à un concours dans le cadre de la refonte de la cour de récréation de l'école.*
*Dans ce contexte, le collège échevinal compte aménager un espace Kiss & Go de deux ou trois places. La commune aura droit à un subside d'un demi-million d'euros au maximum si les parents et les enseignants participent à la conception de la cour.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale que la végétalisation des cours de récréation est un sujet qui a été abordé par la Commission de l'environnement. Les subsides peuvent se monter à 500 000 €. Il ne faut pas oublier que l'aire de jeux qui se trouve sur le futur parking sera déplacée.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise que le projet dont a parlé monsieur Ulveling concerne le Bock dans un premier temps. Mais il sera élargi aux autres cours de récréation par la suite.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à l'avenant d'un contrat de bail avec le ministère des Finances et le ministère de l'Éducation nationale. Le contrat porte sur la location de surfaces de bureau au rez-de-chaussée, au premier étage et au deuxième étage de la villa Hadir et court jusqu'en décembre 2023.*
*Le loyer annuel se monte à 153 000 € auxquels s'ajoutent désormais 1600 € par mois pour les charges.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt nach soen, dass mer amgaange sinn, an engem Concours matzemaachen, wann déi Container bis fort sinn, fir dee ganze Schoulhaff ze gestalten. Et besteet eng Méiglechkeet, fir do eng Aart Kiss&Go virzegesinn, zwou, dräi Plazen, wou d'Leit kënnen halen, d'Kand erausloossen a weiderfueren.

Do hu mer elo en Opruff gemaach un d'Eltere respektiv un d'Enseignanten, well dat gewënscht ass, wa mer bei deem Concours matmaachen – wou mer relativ en héije Subsid bis zu enger hallwer Millioun kënne kréien –, fir d'Leit mat am Boot ze hunn. D'Utilisateuren an och d'Elteren.fFir ze kucken, wéi een dat ka gestalten. Éischtens fir hire Kanner ee flotte Schoulhaff ze maachen, zweetens fir déi ganz Geschicht mam Parking, fir dat an deem Kader matzeléisen. Soudass ee kann dovunner ausgoen, wat Dir do gesot hutt, dass eppes an déi Richtung geschitt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Tempels, nach eng Kéier.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Mir hunn elo praktesch déi selwecht Diskussioun. Dat do hat ech schonn an der Ëmweltkommissioun. Mir hunn doriwwer geschwat, d'Schoulhäff méi gréng ze maachen. Et heescht, do kënne mer 500.000 Euro kréien. Et ass jo och esou, dass déi Spillplaz, déi am Moment do ass, wou deen zweeten Deel vum Parking ass, déi soll herno jo erëm eriwwer kommen. Dat war et schonn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Här Wagner.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Just nach eng Kéier kuerz, dat mat de Schoulhäff, wou den Här Ulveling ugedeit huet, ass effektiv elo de Projet Bock, mee dat soll awer ausgeweit ginn, nodeems mer de Projet realiséiert hunn, och op déi aner Schoulhäff. Just fir dat ze soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer. Wa mer elo déi Hürd hei iwwersprongen hätten, kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver les contrats de location de parcelles aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn avec monsieur Patrizio Morelli.*

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver les contrats de location de parcelles aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn avec monsieur Pierre Braun.*

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver le devis et le plan d'implémentation pour les travaux d'aménagement d'un parking écologique aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 5). Do handelt et sech ëm ee Contrat de bail, dee mer maachen, zesumme mam Ministère des Finances an deen der Éducation nationale zegutt kënnt. Dat ass an der Villa Hadir, eng Locatioun vu Bürossurfacen um Rez-de-chaussée, um éischten an um zweete Stack. Dee Contrat de bail geet bis Dezember 2032. Et ass eng Upassung vun engem Kontrakt, an dee géif eis järlech 153.000 Euro bréngen, zu deene Konditiounen hei, wéi Der se an der Cloud hutt oder wéi Der se an Ärem Dossier hutt.

1.600 Euro géife mer nach monatlech kréie fir déi monatlech Fraisen, déi do entstinn, sief et fir d'Heizung, d'Elektresch. An et sinn Avancen. Also fir eis,

géif ech mengen, eng gutt Saach, déi mer och mussen dem Institut Emile Metz zur Verfügung stellen, fir hiren administrative Volet ze garantéieren. Ech wier frou, wann Der eis dee Projet géift stëmmen.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, 2016 hate mer mat der internationaler Schoul hei zu Déifferdeng endlech ee Lycée kritt. Haut zielt d'EIDE iwwer 2.000 Schüler.

Deen neie Schoulmodell bitt Dausende Jonker mëttlerweil a sechs Gebaier an alle Regioune vum Land gerecht Ausbildungsméiglechkeeten.

Siwe Joer méi spéit krut Déifferdeng ee weidere Lycée: De Lycée Privé Emile Metz krut een zweete Site zousätzlech zu deem zu Dummeldeng. De Lycée Privé Emile Metz ass historesch verbonne mat der Stolindustrie a bitt zukunftsorientéiert Formatiounen am Beräich vun der Industrie un.

Zu Déifferdeng sinn esou an enger éischter Phas nieft der Villa Hadir Klassen an de Beräicher Informatik a Mechanik an Elektrotechnik entstanen. Mëttlerweil huet ArcelorMittal den Accord gi fir en Ausbau. Esou kann an enger zweeter Phas e modernt Gebai entstoen an ee weidere Lycée bleift der dach mëttlerweil Bildungsstad Déifferdeng erhalen.

D'Demokratesch Partei stëmmt gären dësen Avenant zum Contrat de location mat enger Verlängerung bis Enn 2032 mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Weider Wuertmeldungen? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant au contrat de location conclu avec l'État du grand-duché de Luxembourg concernant une partie de l'immeuble villa Hadir situé au 51, rue Émile-Mark à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5), e Contrat de bail vun engem Logement locatif am Gravity. Ech géif do d'Wuert un den Här Hartung ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo, richteg, hei si mer an der Locatioun punkto Gravity, méi genee bei de Senioren. Iwwert d'Cellule hate mer schonn all déi 24 Appartementer verginn. Vun dëse Locatairen huet awer elo ee sech zréckgezunn. Soudatt deen nächsten op der Lëscht vun den iwwer 60-Järegen noréckelt.

Op der Diffcloud fannt Der den État des lieux vum Appartement, wat gefrot ass. Ech géif Iech bieden, dëst esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Wuertmeldungen? Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begréissen dat prinzipiell. Et ass just schued, dass mer hei am Fall sinn – mee ech mengen, schold drun ass einfach, dass vun de Wunnengen, déi mer do hunn, ganz wéineg mat engem Zëmmer sinn –, hei hu mer elo eng Persoun op zwee Zëmmeren. Wat e bësse schued ass fir d'Configuratioun, déi mer hunn. Ech weess net, ob dee Wunnraum ganz ausgenotzt wäert ginn.

Ech kennen awer och d'Situatioun net am Detail. Ech denken, dass déi Persoun, déi virdrun dat Appartement hat, dass déi zu méi vläicht waren. A mir hu jo och gesot, mir wëllen och Leit, déi eenzel sinn, erlaben do ze wunnen. A mir hunn eebe keng Wunnenge mat

*Ces bureaux serviront aussi à accueillir l'administration de l'école Émile-Metz.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que le premier lycée differdangeois, l'école internationale, a ouvert en 2016. Aujourd'hui, l'EIDE compte 2000 élèves.*
*Cette école accueille des milliers d'élèves dans six bâtiments à travers le pays.*
*Sept ans plus tard, c'est au tour du lycée privé Émile-Metz, qui compte déjà un établissement à Dommeldange. Ce lycée est lié à l'histoire de l'industrie de l'acier et propose des formations modernes.*
*À Differdange, le lycée offre des cours d'informatique, de mécanique et d'électrotechnique à côté de la villa Hadir. Dans une deuxième phase, un bâtiment moderne va voir le jour.*
*Les démocrates approuveront l'avenant au contrat de location.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au contrat de bail d'un logement à Gravity.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise qu'il s'agit des 24 appartements réservés aux séniors. Un des locataires a quitté les lieux et sera remplacé par le suivant sur la liste.*
*L'état des lieux de l'appartement se trouve sur le Diffcloud.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient le principe. Il regrette cependant qu'un appartement de deux chambres soit loué à une seule personne. C'est dommage.*
*D'un autre côté, Gary Diderich admet ne pas connaitre la situation dans le détail. Il suppose que le locataire précédent ne vivait pas seul. Bien entendu, les personnes seules doivent aussi pouvoir profiter des logements.*

*Malheureusement, la commune n'en a pas à une chambre.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *donne raison à monsieur Diderich. Mais dans le cas des séniors, il arrive souvent que les couples dorment dans deux chambres séparées. Pour ce qui est des autres appartements, la commune fait toujours attention à attribuer des appartements adaptés au nombre de personnes.*

*(Interruption)*

*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la location d'un local dans l'avenue de la Liberté. Il fait 82 m² et se trouve dans la zone piétonne au coin de la rue menant au parc.*
*Le loyer est fixé à 12 €/m² comme pour tous les commerces. Cela représente 989 € la première année. Le prix montera ensuite à 1150 € jusqu'en 2027.*
*Guy Altmeisch demande au conseil communal d'approuver le contrat.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue cette location en tant que membre du comité d'accompagnement économique. Il souligne le fait que le loyer est échelonné de façon à permettre aux commerçants de prendre pied.*
*Pour le Comité d'accompagnement économique, il faudrait inciter les propriétaires privés à adopter un système similaire. De cette façon, tous les commerces disposeraient d'un prix au mètre carré comparable. Bien entendu, il faut aussi tenir compte de l'emplacement, de l'âge et d'autres critères. Mais disposer d'un système dans le centre ou même à travers la ville serait intéressant.*
*Erny Muller se réjouit aussi du fait que c'est un magasin de confection qui ouvrira.*
*(Vote)*

engem Zëmmer just. Dat ass d'Schwieregkeet, an där mer sinn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Dat wat Der sot, Här Diderich, ass richteg. Do passe mer och ganz gutt op bei deenen normale Wunnengen. Hei bei de Seniorewunnengen ass et awer meeschtens esou, datt dat eng Koppel ass, déi an enger Schlofkummer, sief et eleng oder zu zwee, meeschtens schlofen. Heiansdo schlofe se och an deenen zwee Zëmmere separat. Mee hei si mer jo am Pool vun de Seniorewunnengen.

Mee, effektiv, bei deenen anere Wunnenge gëtt ganz genee gekuckt, wéi d'Kompositioun ass, mat Kanner an esou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wann et keng weider Froen oder Wuertmeldunge gëtt, kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec monsieur Mohammed Nzayimana pour un logement locatif situé au sein du complexe Gravity à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 5h ass e Contrat de bail vun engem Geschäftslokal, dat 4, Avenue de la Liberté läit, mat enger Superficie vun 82 Meterkaree. Dat ass, wann een d'Foussgängerzon eropgeet, op der rietser Säit um Eck, wou et an de Park erageet.

82 Euro de Meterkaree. Dat ass den normale Meterkareespräis, dee mer fir déi Geschäfter do froen. Dat mécht e Loyer vun 989 Euro dat éischt Joer. Deen ass gestaffelt a steigert sech da liicht bis d'Joer 2027 bis op 1.150 Euro. Also duerchaus e ganz soziale Loyer, deen de Leit och erméiglecht, mat deem Geschäft ze liewen an ze iwwerliewen. Ech géif Iech bieden, mer dee Kontrakt do ze stëmmen, an da froen, ob et Wuertmeldungen dozou gëtt oder Detailfroen.

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dat ass ze begréissen, an dat soen ech och a menger Funktioun als Member vum Comité d'accompagnement économique. Also dass mer elo hei op de Wee ginn, fir e gestaffelte Loyer ze froen, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, hire Geschäftsmodell opzebauen an net direkt den Hals schonn zouzedréien, dass se am Fong déi Chance net kréien.

Um Niveau vum Comité d'accompagnement maache mer eis Gedanken, wéi mer dat iwwert d'Gemeng eraus zu deene private Proprietären iwwerginn, dass mer fir déi en änleche System aféieren. Dat muss nach elo op Basis vun den Diskussiounen an esou weidergefouert ginn, dass mer am Fong en allgemenge System hätten, wat d'Meterkareespräisser ubelaangt. Wann dat geet.

Et muss natierlech och opgepasst ginn: Wéi ass d'Lag? Wéi ass d'Situatioun vun deem Gebai? Ass et en neit, ass et en aalt? Ech mengen, do sinn eng Partie Krittären ze respektéieren. Mee et wär interessant, wa mer an eiser Stad, zemools am Zentrum, plus ou moins en equivalente System hätten, wat d'Bedreiwe vun deene Commercen ubelaangt.

Mir sinn och frou, et war jo ëmmer eng Konfektioun dran, dass do elo erëm ee Konfektiounsgeschäft hikënnt op déi Adress, an ënnerstëtzen dat do selbstverständlech. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Ech gesinn, et gëtt keng weider Wuertmeldung, da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial d'un local situé au 4, avenue de la Liberté à Differdange avec madame Vanessa de Cassia Conceição Santana Garcia.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 5), dat si verschidde Contrat-de-bailen a verschidden Avenanten am 1535°, déi missten ugepasst ginn. Zwou Firmen, JKB Fletcher a Wady Films, hu gefrot, fir méi e klengen Espace ze kréien. Si brauche manner Plaz, si hu manner Aarbechter oder manner Leit, déi fir si schaffen.

Zwee Contrat-de-baile komme bäi. Den Detail fannt der op Diffcloud. An et sinn zwou Resiliatioune vu Kontrakter vu Leit, déi hire Commerce opginn.

D'Detailer gesitt Der an der Diffcloud. Wann Der Detailfroen hätt oder esou, wier ech bereet, Iech déi ze beäntwerten. Wann net, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec monsieur Burton Fletcher Jonathan.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec ClearSky Solutions SÀRLS.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Wady Films SÀRL.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Wild Fang Films SÀRLS.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5), eng Konventioun mat enger Kooperatioun, déi mer maachen zesumme mat SERVIOR. Ech géif dem Här Bertinelli d'Wuert gi fir d'Detailer. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e Pilotprojet, dee mer iwwer eng gewëssen Zäit fir d'Societéit Servior maachen. Dat sinn zwou Dreckskëschten, dat heescht intelligent Dreckskëschten. Do si Kameraen drun an déi huelen op, wat an déi Dreckskëschte gehäit gëtt.

Déi Dreckskëschte ginn esou gestaffelt, datt een zum Beispill Iesssaachen, déi ewechgehäit ginn, ophëlt. Datt een e Verhale vun de Leit kritt an deem Haus, wat relativ wichteg ass. Wat virdru Fusilli war a wat den Här Wagner och amgaangen ass ze maachen an de Kantinne vun eise Schoulen, fir d'Gewunnechte vun eise Kanner erauszefannen, wat se gär iessen, wat se net gär iessen. Heimat gesäit een, wann d'Kichen eppes gekacht huet, wéi dat bei den Awunner aus dem Altersheim ukënnt. Datt sou mann wéi méiglech Iessen ewechgehäit gëtt.

Iwwer eng gewëssen Zäit ginn d'Gewunnechte vun de Leit gekuckt, wann eppes gekacht gëtt: Hunn d'Leit dat gär? Wat fir ee Prozentsaz ass dat vu Leit, déi dat doten iessen? Dat ass eng Presentatioun, déi mer maachen iwwer eisen Ëmweltservice. Wou mer laang driwwer diskutéiert hunn. Wou ee kann herno e Stréch drënner maachen a soen, wéi d'Gewunnechte vun de Leit sinn. Datt een enorm vill Iesswuere kann aspueren a méi genau ka kachen.

Mee och mat deem ganzen anere Secteur, wat den Här Wagner amgaangen ass ze maachen, wéi een Iesse kann aspueren. Do loosse mer eis och berode vu Leit fir an eiser Kichen. Well et muss ee jo gesinn – an dat fannen ech och richteg –, datt all Dag ganz, ganz vill Iesswueren ewechgehäit ginn aus eise Kantinnen, an eise Schoulen. Do sollte mer Remedur schafen. Wa mer dat vu Fusilli eescht huelen.

Hei ass eppes, wou ech ganz erstaunt war, wou ech dat gesinn hunn, wéi dat gemaach gëtt. Wou ee gesäit, wat fir eng Wueren dat sinn, wou wierklech opgeholl gëtt an dee selwer en Trait drënner mécht, wat gutt ukomm ass a wat manner gutt bei de Leit ukomm ass. Soudatt

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux contrats de bail du 1535°. JKB Fletcher et Wady Films ont demandé des espaces plus petits. Le dossier comprend aussi deux nouveaux contrats. Enfin, deux locataires résilient leurs contrats.*
*Les détails figurent sur le Diffcloud.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à une convention de coopération avec Servior.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'un projet pilote avec Servior.*
*Le projet porte sur deux poubelles intelligentes enregistrant ce qui est jeté. Cela devrait permettre de mieux comprendre le comportement des gens dans l'établissement — notamment pour ce qui est habitudes alimentaires. Le projet est comparable à ce que monsieur Wagner fait dans les écoles en partenariat avec Fusilli. L'objectif est de connaitre les plats préférés des locataires et lutter ainsi contre le gaspillage.*
*Il s'agit entre autres de calculer le pourcentage de personnes mangeant tel ou tel plat. Le projet est géré par le service écologique. Connaitre les habitudes alimentaires permet de faire des économies et de cuisiner de manière plus précise.*
*Pour ce qui est des écoles, la commune se laisse conseiller par des experts. Car le gaspillage alimentaire dans les écoles constitue un vrai problème.*

*Fred Bertinelli a été surpris du fonctionnement des poubelles pour Servior, qui reconnaissent de quels aliments il s'agit et qui analysent ce que les gens ont aimé.*
*Si ce projet pilote fonctionne comme il faut, il pourra être repris dans les écoles.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *donne raison à monsieur Bertinelli. Le projet est vraiment chouette. Le Luxembourg se situe dans le top 10 des pays qui gaspillent le plus d'aliments. Seules les Bermudes font pire. Laura Pregno a traité le sujet avec ses élèves récemment.*
*Monsieur Bertinelli a dit que les caméras servaient à reconnaitre ce qui est jeté, mais pour cela on n'a pas besoin de caméras. Ces poubelles arrivent à distinguer les véritables déchets comme les épluchures des aliments encore comestibles. C'est de cela qu'il s'agit. Monsieur Bertinelli n'a pas été très clair, mais Laura Pregno pense qu'il s'agit surtout de filtrer ce qui est encore utilisable.*
*Elle se réjouit du fait que Servior se lance dans ce projet. Pour ce qui est des écoles, le collège échevinal semble insinuer souvent que la majorité précédente n'a rien fait. C'est faux. Mais la commune se retrouve confrontée à des obstacles et à des règlementations.*
*Monsieur Bertinelli vient de parler de Fusilli. Souhaite-t-il revenir sur la question que Laura Pregno a posée lors des débats budgétaires ? Ou préfère-t-il attendre la fin de la séance ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répondra aux questions de madame Pregno à la fin de la séance.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *a étudié le site internet du projet. L'intérêt du système est qu'il fait deux choses en même temps. Les machines sont capables de compter plus efficacement que les yeux d'une personne. Les poubelles permettront donc de savoir ce qui plait davantage aux gens et de cuisiner en conséquence. Si un certain type d'aliment est jeté en quantité, on pourra réduire le volume la prochaine fois. D'un point de vue économique, cela a son importance. Un kilo de restes*

een ongeféier weess, wat d'Leit gär hunn, wou een d'Gewunnechten erauskritt, ouni si ze froen.

Et geet drëms, fir sou mann wéi méiglech Iesswueren an d'Poubelle ze geheien. Dat hei ass elo e Pilotprojet. Wann dat klappt, kënne mer eriwwergoen an eis Schoulen, an eis Kantinnen, fir dat dann och do anzeféieren. Mee fir d'éischt wëlle mer awer gesinn: Wéi klappt dat? Wat kann een do erauszéien? Ech mengen, datt et e gudde Pilotprojet ass, fir an Zukunft manner Iesswuere mussen ewechzegeheien. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech ginn Iech Recht, et ass e ganz flotte Projet. Wa mer kucken, wat zu Lëtzebuerg ewechgehäit gëtt a wat d'Theema Gaspillage alimentaire ugeet, si mer am Rekord vun den zéng top Länner vun der Welt. Just d'Bermuda-Insele leien nach virun eis. Ech hat dat elo wéini an der Schoul mat menge Schüler gemaach.

Ganz interessant fannen ech, dass Dir sot, mir brauche Kameraen, fir ze kucken, wat mir ewechgeheien. Also dat kënnen och Ae maachen, wa mer Iessensreschter kucken, wësse mer, kënne mer dat jo einfach weien.

Ech denken, dass de Projet virgesäit, virun allem, fir Iessensreschter, déi een nach kéint notzen, ze trenne vun deem, wat souwisou ewechgeheit gëtt. Déi Kamera kann, zum Beispill, Epluchuren, wat jo normalen Offall vum Iessen ass, wat net verwäertbar ass, oder wierklech richteg schwéier ze verwäerten ass, getrennt erkenne vu gekachte Moolzechten, déi kéinte verwäert ginn.

Ech mengen, dorëms geet et. Well et ass eng Partie vun deem Offall notzbar. Dass een dat kann erausfilteren. Dat war elo net ganz kloer, wéi Der dat vläicht expliziéiert hutt. Ech mengen, et geet virun allem dorëm. An dat ass wierklech interessant.

Et ass flott, dass Servior mat op dee Wee geet, dat ze maachen. Ech sinn och ëmmer frou ze héieren, dass den Här Wagner elo vill mécht. Well ech hat et d'leschte Kéier esou verstanen, wéi wa virdrun näischt gemaach gi wär. An ech mengen, dat stëmmt och net esou. Et ass just ganz schwéier, well et immens vill Hürden, vill Hindernisser, vill Reglementatioune gëtt, déi eis am Gaspillage alimentaire Kadere setzen. Wou awer scho vill geschitt ass a leschter Zäit.

Wat mir elo net ganz kloer ass: Dir schwätzt vu Fusilli. Dat war och eng vu menge Froen, wou ech an der Budgetsdiskussioun keng Äntwert kritt hat. Ech weess net, ob Der elo wëllt drop agoen, wat mam Fusilli ass. Well Dir hutt gesot: dat, wat Fusilli war. An hei am Dossier steet elo, dass de Fusilli déi Donnéeën auswäert. Ech bräicht einfach Klarifikatioun. Ob Der se elo wëllt ginn oder herno bei de Froen, dat ass Iech fräi gestallt. It's up to you. Kuckt, wat Iech besser arrangéiert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Formidabel. Mir äntweren Iech herno bei dem Package vun de Froen, deen Der eraginn hutt. Da komme mer net ze vill duercherneen.

D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech wollt op dee Projet agoen. Ech hat déi Internetsäit e bësse méi genau ënner d'Lupp geholl, vun deem, wat do gemaach gëtt. D'Madamm Pregno seet, dat gesinn och Aen oder kann een och einfach weien. Ech mengen, de Prinzip vun deem System, dee mécht déi zwou Saache gläichzäiteg, automatesch. Fir Käschten, déi net iwwerdriwwen héich sinn, gëtt déi Aufgab ofgeholl.

Et ass gewosst, dass Maschinnen awer besser kënnen ziele wéi eis Aen. Et ass gutt ze soen, haut gëtt et dat an dat, dat gëtt manner giess, da gëtt manner dovunner gekacht. Sou einfach funktionéiert et da jo och net.

Et geet och drëm, dass erausfonnt gëtt, vu wéi engem Iesse wéi vill ewechgehäit gëtt, dass een dat kann esou reduzéieren. Dat heescht, dee weit dat automatesch. A mat där Zomm, déi do erauskënnt, kann ee soen: Ee Kilo Iessensreschter kascht eis ongeféier siwen Euro. Wann een dat héichrechent, kënnt een am Ufank op e Montant, wou ee seet et spuert een eng 50.000, 60.000 Euro – ech schwätzen elo just vun där doter Plaz –, déi ee pro Joer kann aspueren.

Vläicht kléngt dat fir deen een oder deen aneren net no enger Zomm, wou ee seet, dofir musse mir esou vill investéieren. Mee ech fannen, zemools wann ee seet, hei ass e Startprojet a mir maachen dat herno an all de Kantinnen, op alle Plazen, wou mer kachen, kënne mer do schonn eng extreem Laascht ewechhuelen.

A wat ech nach dozou wollt soen, et ass net nëmmen dat Ewechgeheien, mee alles, wat mer ewechgeheien, gëtt och iergendwou produzéiert. Dat heescht, mat deem, wat mer produzéieren – CO2 an hei an do, ech mengen, do muss ee jo elo net an d'Detailer goen, dat weess jo jiddwereen –, kënne mer do schonn eppes ganz Guddes fir eis Ëmwelt maachen. An och de Leit an deene Kichen hëllefen, hir Aarbecht ze vereinfachen an ze verbesseren.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. Dat hei ass e Projet, wouriwwer mer schonn an der Ëmweltkommissioun geschwat haten. Fir mech, oder fir eis, schéngt dat do eng gutt Saach ze sinn, wou probéiert gëtt, mat Hëllef vu kënschtlecher Intelligenz, dat, wat ewechgehäit gëtt, ze reduzéieren.

Wat e bësse schued ass, et ass grad gesot ginn, dass haut kee méi wëll Verantwortung iwwerhuelen, fir ze kucken, dass déi Saachen, déi wierklech nach gutt sinn, kënne weiderverschafft ginn. Dat muss definitiv probéiert ginn, dat besser an de Grëff ze kréien.

Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de coopération avec l'établissement public Servior portant sur la mise à disposition du système de poubelle intelligente Orbisk.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 5), en Avenant zu enger Konventioun vum 4. Februar 2022 mat der ASBL Poppespënnchen. Ech géif dofir d'Wuert un den Här Wagner ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm en Avenant zu enger besteeënder Konventioun mat der ASBL Poppespënnchen. D'ASBL huet mat eis en Ofkommes säit Februar 2022, fir d'Salle des fêtes op der Zowaasch ze notze fir hire Marionettentheater.

No enger klenger Evaluatioun, zesumme mam President vun der ASBL, ass d'Iddi opkomm, de Punkt 7 ze adaptéieren. Et war esou, dass d'ASBL zéng gratis Representatioune fir eis Schoule respektiv Maison-relaise virgesinn hat. Mee dat war net esou ideal, virun allem, well net all Kand dovunner profitéiere konnt. Soudass mer e gratis Entréesbilljee an d'Kleesercherstuten, déi an de Schoule verdeelt ginn, mat dobäi geluecht hunn. Esou huet dann och all Kand eppes dovunner.

Ech bieden Iech, déi Ëmännerung matzestëmmen.

*alimentaires coute sept euros. Sur un mois, cela représente quelque 60 000 €. Bien entendu, certains penseront surement qu'une commune peut investir une telle somme. Mais plus tard, ce principe sera appliqué à toutes les cantines. La somme va donc devenir conséquente.*
*Il ne faut pas oublier non plus que ce que nous jetons a d'abord été produit. Or la production entraine des émissions de $CO_2$. Réduire le gaspillage revient donc aussi à protéger l'environnement.*
*Enfin, il s'agit de faciliter la tâche du personnel de cuisine.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *signale que ce projet a été discuté au sein de la Commission de l'environnement. Il permet de réduire le gaspillage alimentaire en se servant de l'intelligence artificielle.*
*Ce qui est dommage, c'est que personne ne veut prendre la responsabilité de réutiliser les restes alimentaires. Il faut trouver une solution.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention avec l'ASBL Poppespënnchen.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'un avenant. Depuis 2022, l'ASBL utilise la salle des fêtes de Lasauvage pour son théâtre de marionnettes.*
*Après s'être concerté avec le président de l'ASBL, le collège échevinal a décidé de modifier le point 7 de la convention. Actuellement, l'ASBL offre dix représentations gratuites aux écoles et aux maisons relais. Mais cela ne permet pas à tous les enfants d'en profiter. Désormais, la commune placera des billets dans chaque sachet de Saint-Nicolas distribué dans les écoles.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *annonce que le DP approuvera cet avenant. Chaque enfant doit pouvoir assister à une telle représentation.*
*En tant que pédagogue, Eric Cillien se demande cependant s'il ne vaudrait pas mieux permettre aux enfants de se rendre au théâtre avec l'école. Car de nombreux parents ne trouveront pas le temps d'y aller. C'est pourquoi Eric Cillien propose d'améliorer cette mesure.*
*La salle des fêtes est-elle uniquement utilisée par Poppespënnchen ? Car l'association semble l'occuper tous les weekends. Est-ce qu'un particulier peut louer la salle ? Eric Cillien pense qu'elle conviendrait à des fêtes familiales avec sa cuisine et sa grande salle. Il rappelle le manque de salles que connait la commune. Or cette salle semble occupée en permanence par Poppespënnchen.*
*D'autres associations peuvent-elles utiliser la salle ?*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue la création en 2015 du théâtre de marionnettes par monsieur Winandy, monsieur Schneider et monsieur Liesch. Ce théâtre représente un pilier important du patrimoine culturel et artistique de Differdange. Il offre de très beaux spectacles pour petits et grands, et attire non seulement les Differdangeois, mais aussi des gens de toute la région. Grâce à lui, Lasauvage peut mettre en évidence la diversité artistique de Differdange.*
*Paulo Aguiar salue la convention à travers laquelle chaque enfant recevra un billet d'entrée dans son sachet de Saint-Nicolas.*
*Il précise que Lasauvage compte le seul théâtre de marionnettes du Luxembourg. Avant la pandémie, il recevait 2000 spectateurs par an.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *trouve l'idée de monsieur Cillien bonne. Jusqu'à présent, les écoles n'ont pas vraiment adhéré à l'idée, mais le collège échevinal va la relancer. Cependant, il est important qu'un enfant puisse s'y rendre avec ses parents même si un enseignant ne veut pas le faire avec sa classe.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Mir begréissen dës Adaptatioun. Mir wäerten deen Avenant matstëmmen.

Et ass eng gutt Saach, datt all Kand d'Méiglechkeet kritt, fir un esou enger Representatioun deelzehuelen. D'Fro, déi mir eis, oder ech mir stellen, als Enseignant an och Pedagog: Wär et net och ubruecht, datt d'Kanner trotzdeem d'Méiglechkeet hätten, mat der Schoul esou eng Representatioun kucken ze goen? Well, mer wësse jo awer och, datt warscheinlech vill Elteren d'Zäit net fanne wäerten, oder d'Zäit net huele wäerten, fir déi Representatioun mat de Kanner kucken ze goen. Dofir géif ech Iech un d'Häerz leeën, vläicht en plus zu där doter Moossnam, déi ganz gutt ass, dat och nach virzegesinn.

Eng aner Fro am Kader vun der Poppespënnchen: Ass dee Sall just reng fir d'Poppespënnchen? Well mir gesinn, sou gutt wéi all Weekend si Representatiounen do virgesi vun der Poppespënnchen. Kann een dee Sall och als Privatpersoun lounen? Et ass e flotte Sall, wou een och emol kéint eng Familljefeier maachen, virun allem, well uewendriwwer eng Kichen ass a well et einfach e grousse Sall ass. A mer hunn e Manque u Säll an eiser Gemeng, mir wëssen dat alleguerten. A wann dee Sall ëmmer ausgebucht ass fir Representatioune vun der Poppespënnchen, ass dat ganz schwéier méiglech.

Awéiwäit kënnen aner Associatiounen dee Sall do notzen? Dat wären déi Froen an déi puer Umierkungen, déi ech zu deem Punkt nach hätt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. On salue cet avenant du théâtre de marionnettes Poppespënnchen, fondé en 2015 par monsieur Winandy, monsieur Schneider et monsieur Liesch. C'est un théâtre qui représente un pilier important de notre patrimoine culturel et artistique.

C'est bien plus qu'un simple théâtre, c'est un lieu de l'art ancestral des marionnettes, qui offre de très beaux spectacles pour les familles et pour les adultes. Il attire non seulement les résidents, mais aussi des visiteurs de toute la région, contribuant aussi à faire de Lasauvage un endroit où on peut mettre en évidence et promouvoir la diversité artistique.

C'est un pacte éducatif. Mir begréissen natierlech cette convention ou ce premier avenant, que le billet d'entrée pour le spectacle inclut dans chaque sachet de Noël ou de Saint-Nicolas. C'est vraiment une très bonne idée.

Ce théâtre est le seul théâtre au Luxembourg qui a une telle offre artistique. Avant la pandémie, on comptait environ 2000 entrées par an. C'est vraiment un endroit riche en art pour les familles et les diverses personnes.

On votera oui. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Wagner nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Ech ginn op déi zwou Froe vum Här Cilien an. Dat ass eng gutt Iddi, zweegleiseg ze fueren. Aktuell war et esou, dass d'Schoulen net esou do drop adheréiert hunn a mat de Kanner dohinner gefuer sinn. Aus wat fir engem Grond och ëmmer. Mee dat kéint een awer nach eng Kéier uschwätzen.

Et ass wichteg, wann een an enger Klass ass, wou den Enseignant dann net wëll fueren, huet een awer elo d'Méiglechkeet als Kand, mat den Elte-

ren zesummen deelzehuelen un enger Representatioun.

Dat anert kann een awer nach eng Kéier lancéiere bei den Enseignanten, dass mer do vläicht eng zweet Pist nach maachen.

Zu der Fro mat den Associatioune respektiv dem Sall. De Sall ass am Moment gutt ausgerëscht mat Material, dat wierklech aus dem Musée scho kënnt. A fir dat ëmmer erëm ze deplacéieren, dat ass net esou einfach.

Wat awer ass, dass d'Associatiounen de Sall nach ëmmer kënnen notze fir Versammlungen, fir Representatiounen. Dat ass kee Probleem. Soulaang et an de Kalenner passt. Wéi Der och richteg gesot hutt, praktesch all Weekend ass eng Representatioun. Da fält dat natierlech e bësse schwéier, fir do Méiglechkeeten ze fannen. Zum Beispill Bärbelendag ware mer jo och do fir d'Mass vum Bärbelendag. Also et sinn ëmmer Méiglechkeeten do. D'ASBL mécht sech ganz kloer op, fir Méiglechkeeten ze sichen.

Et muss een ëmmer kucken, ob et och machbar ass.

Fir Privatleit ass et net méiglech. Mee ech ginn Iech do vollkomme Recht, dass mer eng Penurie u Säll hunn, wou mer musse fannen, fir dass och Privatleit emol kënnen zesumme feieren, fir e Familljefest oder wat och ëmmer.

Mir sinn amgaangen ze sichen. Do gëtt et Méiglechkeeten, vläicht och mat Veräiner zesummen. Mee do si mer nach an der, wéi ee sou schéi seet, an der Planungsphas, fir Säll ze fannen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Cillien nach eng Kéier.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Eng kuerz Bemierkung zu deene Schief, déi do stinn. Wann d'Still opgestallt si fir d'Representatiounen, ass mer opgefall, datt et relativ enk ass hannen, fir do erauszekommen tëschent deem enge Schaf. Kuckt eng Kéier mam Délégué à la sécurité, ob dat 100 % konform ass. Ech si mer net honnertprozenteg sécher, well ech sinn och Délégué à la sécurité, ech hunn déi Ausbildung och gemaach, an et schéngt mer e bëssen enk ze sinn op där enger Plaz. Just, fir eng Kéier mat de Gemengeservicer do ze kucken. Merci.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Ech huelen dat mat bei eis Leit, déi dofir zoustänneg sinn. Da gi mer kucken. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention du 4 février 2022 avec l'ASBL Poppespënnchen.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6 vum Ordre du jour, d'Gemengereglementer. 6) ass d'Charte de bonne conduite. D'Wuert huet den Här Wagner, fir eis den Detail ze erklären. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm eng Charte de bonne conduite, wou eis Veräiner rappelléiert kréien, wéi se hir Fester/Manifestatioune solle gestalten, fir dass se konform zu de besteeënde Gesetzer a Reglementer sinn. Kaméidi, Offall, Hygiène zum Beispill, d'Mise en place vun hire Gefierer, Zelter etc. ass alles dra vermierkt.

Et muss ee ganz kloer soen, dass eis Veräiner dëst schonn alles wëssen an och uwenden, mee hei steet dat dann och als Handout zur Verfügung fir hir Planungen. Dëst betrëfft Manifestatiounen, déi haaptsächlech dobaussen organiséiert ginn, op enger Maartplaz, beim Hall O respektiv an engem Park. Fester, déi d'Gemeng mat de Veräiner

*Pour ce qui est de la location de la salle, celle-ci contient des éléments du musée. Les déplacer ne serait pas facile.*
*Les autres associations peuvent utiliser la salle si celle-ci est disponible. Mais il est vrai qu'il y a des représentations pratiquement tous les weekends. Thierry Wagner rappelle toutefois que la commune y a célébré la Sainte-Barbe.*
*Les particuliers, en revanche, ne peuvent pas louer la salle. Mais Thierry Wagner est conscient de la pénurie de salles à louer pour les fêtes familiales par exemple. Le collège échevinal en est encore à une phase de planification.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *a une remarque à faire concernant les armoires. Il n'est pas évident de sortir de la salle, car les couloirs sont étroits. La salle est-elle conforme du point de vue de la sécurité ? Eric Cillien, qui a suivi une formation de délégué à la sécurité, n'en est pas convaincu.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la Charte de bonne conduite.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique qu'il s'agit d'une charte rappelant aux associations les règles auxquelles elles doivent se tenir quand elles organisent des fêtes. Il y est notamment question du bruit, des déchets, de l'hygiène, du stationnement, de l'emplacement des tentes…*

*Les associations connaissent déjà ces règles et s'y tiennent. Mais il est important de disposer d'un document écrit. Ce document se réfère surtout aux manifestations externes comme sur la place du Marché, dans un parc ou autour du Hall O.*
*Le point sur la responsabilité civile n'est pas nouveau non plus. Les associations doivent disposer d'une assurance. Elles ont tendance à l'oublier et c'est à la commune de le leur rappeler. Les clubs sportifs ne peuvent pas recourir à leur assurance générale, car les fêtes ne sont pas des manifestations sportives.*
*Thierry Wagner cite quelques exemples. Si une tente s'écroule sur quelqu'un, la responsabilité de l'association est engagée. En revanche, si quelqu'un trébuche sur une plaque de trottoir, c'est celle de la commune. Si l'association n'a pas souscrit à une assurance, elle peut avoir des problèmes.*
*La Commission culturelle a demandé que la partie sur les assurances soit développée. Thierry Wagner pense que le point 10 est explicite. Mais il propose d'organiser une formation par vidéoconférence, où les associations pourront poser leurs questions.*
*La Commission des festivités, la Commission des sports et la Commission culturelle ont discuté de la Charte. Thierry Wagner demande au conseil communal de l'approuver.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souligne l'interdiction des objets en plastique non réutilisables. Il signale qu'à Sanem, même les barquettes de frites peuvent être ramenées au stand et lavées. Trois entreprises luxembourgeoises proposent ce système. Gary Diderich suggère donc d'interdire tous les emballages à usage unique. Après tout, Differdange fait partie de NetZeroCities. Elle devrait aller plus loin.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a demandé à retirer ce point de l'ordre du jour précisément à cause de ce que monsieur Diderich vient de signaler. La Commission de l'environnement aurait dû avoir son mot à dire. Il existe des mesures pour éviter les usages uniques.*

organiséiert respektiv déi si selwer op d'Bee stellen.

Ee Punkt, wou eventuell Diskussiounsbedarf besteet, ass de Passus mat der Responsabilité civile. Dat ass och näischt Neies, dass all Veräin sech muss versécheren. Bei Manifestatioune gëtt awer gäre vergiess. Mee wann een Accident geschitt, ass een duerno ëmmer méi schlau an et ass un eis als Gemeng, si drop hinzeweisen, dass et an hirem Interessi ass, sech am Virfeld ze assuréieren.

Fir d'Sportsveräiner zielt déi allgemeng Assurance vun de Sportslizenzen net, well et net direkt am Kader vun hirem Sport stattfënnt. Graff resüméiert als Beispill: Wann en Zelt ëmkippt an et trëfft een Drëtten, och zum Beispill Leit, déi am Zelt fir de Veräi schaffen, dann ass et dem Veräi seng Responsabilitéit. Fält en Drëtten iwwer eng Trottoirsplack bei deem Fest, da betrëfft et éischter d'Assurance vun der Gemeng.

Mee wéi bei all Litige, hat ech jo virdru scho gesot, ass et dann un den Assurancen, sech ze eenegen. Riskant wär et, wann de Veräi keng RC fir déi Manifestatioun ofgeschloss hätt. An dat wëlle mer als Gemeng net, an dëst och an hirem Interêt.

D'Kulturkommissioun huet en Avis gefrot, dass grad den Assurancëvolet méi explizitt soll beschriwwe ginn. Dat ass relativ kompliz éiert. Ech denken, dass déi Formulatioun am Punkt 10 schonn esou gewielt ass, fir dass e Veräin d'Wichtegkeet vun enger RC verseet.

Mir hunn eis awer geduecht – hat ech virdrun och scho gesot –, de Veräiner, separat eng kleng Formatioun dozou unzebidden, via Videokonferenz zum Beispill. Wou kënne Froe gestallt ginn. An dëst zesumme mat engem Verséchcherungsexpert. Well all Cas de figure kann een an engem Reglement net festhalen.

D'Festivitéits-, d'Sports- an d'Kulturkommissioun kruten dës Charte pour avis ausgehändegt, soudass déi Kommissiounen, déi direkt Veräiner representéieren, hir Meenung konnte soen. Ech bieden Iech, déi Charte esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Gëtt et Froen dozou? Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An der Charte steet, dass Einweg-Plastikssaache verbuede sinn. Generell misst et jo an déi Richtung goen, dass een all Einweg verbitt. An et misst een a Richtung goen, dass een – zu Suessem hu se dat zum Beispill schonn, – och Frittebarquetten als Vidange fir d'Fester huet. An da kënnen déi gespullt ginn. All méiglech Verpackunge gëtt et mëttlerweil. Et si schonn dräi Entreprisen, déi dat uechtert d'Land ubidden.

Kéint een net schonn e Schrëtt méi wäit goen a soen: All Einweg-Verpackunge sinn elo net méi erlaabt op eise Fester. Well mir si jo NetZeroCities a mir huelen dat seriö a mir setzen déi Saachen en place.

De Label Green Events gëtt et jo och net eréischt zënter gëschter. Ech denken, mir sollten do schonn e Schratt méi wäit goe wéi dat, wat elo hei steet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Dat, wat den Här Diderich seet, ass genau dat, firwat mir gefrot haten, fir dee Punkt vum Ordre du jour ze huelen. Eng Ëmweltkommissioun hätt warscheinlech een Aspect kéinten dozou bäidroen. Well et ass Theema. An et gëtt aner Méiglechkeeten, fir Einweg, also iwwerhaapt Usage-uniquen ze evitéieren.

Eis feelt an deem Dossier dee breede Konsens, wéi ech dat scho virdru gesot hunn. Och d'Kommissioun Vivre-ensemble ass net gefrot ginn. Ech fannen dat gutt, dass déi dräi Kommissioune gefrot gi sinn. Mir hätten eis awer erwaart, dass och aner Kommissiounen, déi vun esou Fester vu Manifestatioune betraff sinn – an dat ass fir mech

Vivre-ensemble an och d'Ëmweltkommissioun, alles wat Tri, Recyclage an Déchets ugeet –, och do gefrot gi wären.

An déi Annex feelt nach ëmmer. Dir sot, et ass e Gesetz. Wann explizitt op eng Annex verwise gëtt an engem Dokument, fannen ech et méi wéi normal, dass déi Annex dann och dobäiläit.

Mir wäerten dee Punkt net mat Jo stëmmen, mee mat Nee.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Et ass elo ugeschwat ginn. Ech si jo Vertrieder vum PRO-SUD vun eiser Gemeng, an ech muss soen, do ass d'Gemeng Suessem mam CIGL zesummen zoustänneg, déi sinn do virstelleg ginn, fir déi Wäschstrooss ze presentéieren, déi d'Gemeng Suessem bedreift. A fir do vläicht op de Wee ze goen, fir dat fir all d'Gemengen aus dem PRO-SUD, dat heescht d'Südgemengen, ze maachen. Well et ass net nëmmen, dass d'Material erëm propper gemaach gëtt, mee dat Material gëtt och zur Verfügung gestallt. Ech mengen, och eise Schäfferot ass doriwwer informéiert, wat fir Méiglechkeeten do sinn.

Mir hunn zwar eng Spullmaschinn, e Spullweenchen, wéi mer en nennen, mee dat hei geet vill méi wäit. Well dat alles, dat Material, wat do néideg ass, fir op dee Wee ze goe vun där Initiativ, fir dat alles zur Verfügung ze stellen an dann herno och erëm propper ze maachen an erëm zur Verfügung ze stellen … An da wären dat och gemeinsam Akeef. Dat géif dann iwwer ee System regléiert ginn, wou eng Participatioun wär. Wou, wéi gesot, d'Gemengen alleguer do Accès hätten op dee System.

Ech wëll nëmme just soen, dass do Iddie sinn. Dat muss awer elo nach gekuckt ginn. Ech mengen, do muss een déi do elo mol asetzen tëschent dem PRO-SUD an de Gemengen, awéiwäit dat kann iwwerhaapt gemaach ginn. Dat als Informatioun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Ech hunn eng Fro dozou. Mir wëssen, wéi dat heiansdo ass, wann e Fest am Gerlache-Park organiséiert gëtt. Do ass jo och rieds dovun, dass d'Autoe sollen op de Weeër bleiwen. A ganz oft ass et awer esou, wa schlecht Wieder ass, da gëtt awer gekéiert a gemaach a gedinn an op eemol sinn da Spueren an der Wiss. Wéi gëtt dat kontrolléiert?

Ech mengen, et wär gutt, wann ee géif mat engem vun der Gemeng dohinner goen, mam Responsabele vum Veräin a Fotoe maachen. A wann d'Fest fäerdeg ass, dass een dann op d'Plaz kucke geet, ob alles an der Rei ass. Da wär dee Probleem e bësse geléist. Well et gëtt jo dacks gesot, mir sinn net drop gefuer, et huet keen e Bewäis, an dann huet een e Probleem.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Ech versichen, op déi Froen ze äntweren. Fir d'éischt zum Här Diderich. Et ass eng Versammlung virgesi mat de Veräiner grad zu deem Theema. Déi ass den 31. Januar. Wou mer hinnen net nëmmen dat hei weisen, mee haaptsächlech geet et ëm dat neit Gesetz. Dat ass eeben dee leschte Punkt. Dat Gesetz vum 9. Juni 2022, wat dann och betrëfft den 1.1.2025, wou dann drasteet, dass effektiv da guer näischt méi däerf ewechgehäit ginn, Plastik oder net Plastik.

An do informéiere mer d'Veräiner driwwer. Do kënnt och, zum Beispill, eng Firma, wat den Här Diderich och ugeschwat huet, eng vun deenen, déi e puer Méiglechkeeten eis opweisen.

Mee am grousse Ganze wëlle mer d'Veräiner mol driwwer opklären, wat op se duerkënnt respektiv wat op eis als

*La Commission du vivre-ensemble n'a pas été consultée non plus. Il n'y a donc pas de consensus large. Trois commissions ont été consultées. C'est bien. Mais qu'en est-il des autres commissions qui sont aussi concernées par les fêtes ?*
*Pour ce qui est de l'annexe manquante, il s'agit peut-être d'une loi. Mais le dossier renvoie explicitement à une annexe qui n'existe pas. Ce n'est pas normal.*
*Les écologistes n'approuveront pas ce point.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que la commune de Sanem et le CIGL gèrent une laverie. Toutes les communes du Pro-Sud devraient en profiter. Le matériel n'est pas uniquement nettoyé. Il est aussi mis à disposition. Le collège échevinal devrait connaitre ces mesures.*
*Actuellement, Differdange dispose du* Spullweenchen. *Mais on peut aller beaucoup plus loin. L'initiative de Sanem permet de mettre à disposition le matériel et de le nettoyer ensuite. Les acquisitions pourraient se faire en commun à travers une participation financière des communes.*
*Les idées sont là. Il reste à analyser la faisabilité d'un tel projet en concertation avec le Pro-Sud.*

*Claude Olten (CSV) sait comment les fêtes sont organisées au parc Gerlache. Surtout quand il fait mauvais, les automobilistes s'engagent dans des manœuvres inutiles et abiment les prairies. C'est pourquoi il serait important que la commune se rende sur place et prenne des photos.*
*De cette manière, après la fête, la commune pourrait vérifier si rien n'a été abimé. Car pour pouvoir intervenir, il faut des preuves.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique que le 31 janvier, une réunion d'information pour les associations va avoir lieu. La loi du 9 juin 2022 stipule qu'à partir du 1er janvier 2025, on n'a plus le droit de jeter du matériel, qu'il soit en plastique ou pas. Une société présentera aussi les mesures dont a parlé monsieur Diderich. Plus généralement, il s'agira d'expliquer aux associations ce qui les attend et de leur montrer des*

*pistes comme celle du Pro-Sud, dont a parlé monsieur Muller. En tout cas, il est important de discuter avec les associations et de les faire participer activement.*
*Pour ce qui est de la Charte, elle mentionne la loi du 9 juin 2022. La dernière phrase concerne la situation actuelle. Thierry Wagner se demande s'il ne faut pas l'enlever, car elle ne reflètera plus la situation dans un an.*
*Pour ce qui est des commissions, celles en contact direct avec les associations ont été consultées. La Commission des sports et la Commission des festivités ont donné leurs accords. La Commission culturelle a demandé des explications quant aux assurances.*
*Monsieur Olten a parlé du parc Gerlache. Mais Thierry Wagner pense aussi à un autre parc. L'idée consistant à dresser une sorte d'état des lieux avant et après la manifestation est une bonne idée.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute qu'en général, les organisateurs ont besoin du soutien de la commune. Des ouvriers sont sur place avant la fête et souvent pendant la fête. Ils devraient donc remarquer les dommages occasionnés le cas échéant.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *estime qu'il faudrait supprimer la dernière phrase. En effet, elle ne correspond pas à ce qui se passera l'année prochaine.*

**TOM ULVELING (CSV)** *demande qu'il lise cette phrase.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *cite la phrase en question: l'utilisation plastique à usage unique défendu. Cette phrase ne sera plus vraie dans un an.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande ce qu'en pensent les conseillers communaux.*

Gemeng duerkënnt an déi verschidde Piste weisen, wéi den Här Muller och scho gesot huet, vläicht iwwert de PRO-SUD.

Op jidde Fall ass et wichteg, an där Versammlung, dass mer d'Veräiner unhéieren a si mat an d'Boot huelen, an hir Iddien, déi se hunn, respektiv hir Froen dozou.

Wat déi Charte selwer ubelaangt, steet dat Gesetz vum 9. Juni 2022 dran, dass am Joer 2025 net méi däerf eppes ewechgehäit ginn.

Dee leschte Saz betrëfft déi aktuell Situatioun. Ob een dat elo kann ëmänneren an einfach de Gesetzestext stoe loossen, also einfach noméieren, dass et dat Gesetz gëtt, an dass een dat Gesetz soll esou respektéieren, dat kann ee vläicht ewechhuelen. Well dat betrëfft dës Situatioun, mee vläicht net déi Situatioun, déi am nächste Joer ass.

Zu de Kommissiounen, hat ech scho gesot, dass mir fonnt hunn, dass et haaptsächlech déi Kommissioune solle sinn, déi d'Veräiner betreffen an déi dann och dee Moment hiren Accord dozou ginn hunn. Do hat ech jo och scho gesot, dass d'Sportskommissioun an d'Festivitéitskommissioun de Feu vert ginn hunn an d'Kulturkommissioun just eng Problematik gesinn huet mat der Assurance.

Den Här Olten, mat de Weeër: Kloer, wa mer vum Park Gerlache selwer schwätzen, mee et ass jo och nach een anere Park, wou et méiglech wär, wann dat net souguer scho gemaach gëtt, dass eis Leit sur place ginn, well meeschtens och vun hinne matopgeriicht gëtt. Dat huelen ech mat op de Wee. Wann e Veräin privat eppes do organiséiert, nenne mer et emol privat, dass dann ëmmer eng Aart Zoustand gekuckt gëtt, éier se kommen an éier se erëm fortginn. Dat kann een effektiv mat op de Wee huelen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Wagner. Déi meescht oder vill vun de Fester, déi organiséiert ginn, sinn op de Support vun de Gemengenaarbechter ugewisen. dDéi sinn dann och des Ëftere sur place selwer, an déi wäerten dann och feststellen, wéi den Zoustand war virum Fest an duerno. Soudass déi Leit kënne Remedur schafen, wann do Saache sollte futti gemaach ginn oder Saache mussen nei ugeplanzt ginn.

Dat gesot, wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, komme mer zur Ofstëmmung.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wollt just froen: Solle mer dee leschte Saz ewechloossen? Menger Meenung no muss deen net méi dra sinn, well d'Ist-Situatioun elo seet, mee vläicht net fir d'nächst Joer, an dann ass dat erëm falsch. Mee einfach dee leschte Saz ewechloossen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Lies e vir, da weess all Mënsch ëm wat et geet.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Dee leschte Saz: „L'organisateur est tenu de respecter la nouvelle loi du 9 juin 2022 relative à la prévention des déchets.“ Dat géif een esou drastoe loossen, well dat jo och d'Gesetz ass. Mee de Saz duerno, „l'utilisation plastique à usage unique défendue“ géif een ewechloossen, well dat den Ist-Zoustand ass an och effektiv d'nächst Joer net méi gëlteg ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wéi ass Är Meenung vun där Propos, fir dee leschten Zousaz ewechzeloossen?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Formell wär dat an deem Sënn gutt, well d'Gesetz jo verschidde Stufen huet an dat sech dann applizéiert. Herno ass dat awer en Dokument, wat och un d'Veräiner erausgeet, an dann hinnen ee Gesetz matzeschécken, mécht et am Fong méi ëmständlech, méi bürokratesch, manner user-friendly wéi ganz kloer dohinner ze schreiwen, wat ee wëll.

A mäin Usproch un eis als NetZeroCity ass, dass mer iwwert d'Gesetz eraus ginn an net onbedéngt einfach den Delaie vun dem Gesetz no ginn, mee Akzenter setzen. Dofir géif ech vun eis erwaarden, dass mer net just op d'Gesetz verweisen, mee dass mir soen, op eise Fester ass ab elo – oder mengetweege gi mer elo nach där Saach dräi Méint oder mir ginn eng Iwwergangszäit –, op jidde Fall, ab dee Moment, wou mir de Veräiner dat erméiglechen, wat et am Fong schonn an anere Gemenge gëtt, dass ab deem Moment et fir d'Servicer gëllt, fir déi reutilisabel Verpackungen ze notzen an ab dee Moment et net méi erlaabt ass, jedwellech Wegwerfverpackungen ze notzen.

Da géif ech mat Jo hei stëmmen a mat Freed. Anescht muss ech mer wierklech iwwerleeën, ob ech mech hei enthalen oder dogéint sinn. Et si jo ganz vill Aspekter vun där Charte, déi ganz richteg a ganz wichteg sinn: dass net méi mam Auto iwwert d'Wiss am Park gefuer gëtt an esou weider. Dat wëll ech och, dass dat ab muer a Kraaft ass.

Dofir zécken ech e bëssen, ob ech elo dogéint stëmmen oder net. Mee e wierkleche Jo wär et, wa mer dat dote géifen hikréien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gëtt et nach eng Wuertmeldung zu där Sträichung vun deem hallwe Saz? Madamm Charlé.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Et deet mer leed, Här Wagner, ech mengen, dass een dat, wat den Här Diderich gesot huet, och ka begréissen, dass een dee Saz eventuell kéint ewechloossen. Mee dass et jo awer drëms geet, dass d'Leit dat och alleguerte verstinn a wëssen, wat d'Gesetz ass. Well dat ass net ëmmer de Fall.

Wichteg ass, wann een dat drastoe léisst, wéi Dir elo gesot hutt, mat deenen dräi Méint oder seet ee sechs Méint – et weess een elo net ganz genau, wat do dat bescht ass, well et muss een de Leit awer och dat néidegt Material zur Verfügung stellen. Wa mir net genuch Spullweenercher hunn oder wann zwee Fester gläichzäiteg sinn, da kënne mer net soen, an dräi Méint ass dat esou an dann huet een déi Capacitéiten net.

Dat heescht, do misst een da vläicht scho bal bäischreiwen, dass ee seet, soubal d'Gemeng dat ka garantéieren, dann ass et a Kraaft. Natierlech ass dat och e bësse vag. Mee anescht ass et awer scho bal net ze maachen. Wa mir et net kënne garantéieren, da kënne mer et och vu kengem erwaarden.

Dat ass elo mol vläicht d'Positioun vun der LSAP.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wëll just kuerz bemierken, dass mer eis grad hei mat Thematiken auserneesetzen, déi warscheinlech an enger Ëmweltkommissioun diskutéiert gi wieren. Dat heescht, et an déi Ronn ze schécken, wär vläicht net esou vu Muttwëll gewiescht. Just emol esou als Bemierkung.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech äntweren dann erëm. Haut geet de Ball vill hin an hier, ass awer net schlëmm. An der Ëmweltkommissioun si verschidde Saachen diskutéiert ginn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que d'un point de vue formel, c'est une bonne chose. Mais envoyer une loi aux associations va compliquer les choses. Il vaut mieux leur dire clairement ce qu'on attend d'eux.*
*De toute façon, ce que demande Gary Diderich, c'est en tant que ville faisant partie de NetZeroCities, Differdange aille plus loin que ce que demande la loi et qu'elle place des jalons. C'est pourquoi il ne suffit pas de renvoyer les associations à ce que dit la loi. Après une phase de transition, il faut leur dire clairement qu'elles ne peuvent plus du tout utiliser d'emballages à usage unique. D'autres communes le font déjà.*
*Si le collège échevinal prenait cette décision, Gary Diderich approuverait la Charte. Autrement, il n'en est pas sûr. Car la Charte contient de nombreux points importants comme le fait qu'on ne peut pas rouler sur les prairies. Mais il hésite quant à son vote final.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *salue les propos de monsieur Diderich. On peut certes laisser de côté la dernière phrase comme l'a proposé monsieur Wagner. Mais il faut aussi que les gens comprennent ce que la loi dit.*
*Ce qui est sûr, c'est qu'il faut prévoir une phase de transition. Car la commune ne dispose pas d'assez d'équipement pour pouvoir soutenir deux fêtes en même temps. Or si la commune demande aux associations de ne plus utiliser d'emballages à usage unique dans trois mois, elle doit s'assurer qu'elle pourra mettre à disposition le matériel nécessaire. Si elle ne peut pas le garantir, il vaut mieux attendre.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répète que ce type de question aurait sans doute été abordée par la Commission de l'environnement. Lui montrer la Charte à l'avance n'aurait donc pas été une mauvaise idée.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *répond que la Commission de l'environnement a abordé certains points. Elle s'est notamment rendue à Sanem pour voir la laverie.*

*Ce qui est sûr, c'est que la commune doit pouvoir mettre le matériel à disposition des associations. Jusqu'à présent, il était question de gobelets pour les boissons. Mais si on veut passer aussi aux assiettes et aux barquettes pour les frites, la commune doit se préparer. Elle doit veiller à disposer d'une solution rapidement — éventuellement en partenariat avec le Pro-Sud.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *répète qu'il existe des entreprises qui s'en occupent. Tout cela est déjà là. (Discussions)*

**GUY TEMPELS (CSV)** *estime qu'il faut voir effectivement si ce sera géré par une entreprise ou par les communes de la région. (Interruption)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si le collège échevinal a déjà réfléchi à la question.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que non.*

**TOM ULVELING (CSV)** *pense que si.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate qu'il s'agit de détails.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'une réunion aura lieu la semaine prochaine. Il en sera question.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répète qu'il s'agit de détails. La question porte sur la dernière phrase de la Charte. Faut-il l'enlever ou pas? Guy Altmeisch a l'impression qu'il faudrait l'enlever et cède la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *signale à monsieur Diderich que les associations reçoivent une lettre tous les ans pour leur expliquer la situation en vigueur.*
*La dernière phrase de la Charte fait référence à la loi. Mais les associations recevront un courrier avec les explications.*
*La réunion de la semaine prochaine servira à entendre les doléances des associations. La commune va aussi leur présenter des pistes, dont celle de l'entreprise privée. Il faut juste savoir que cela coutera cher. À titre*

Mir waren och d'lescht Joer – ech zwar net, ech hat keng Zäit, mee d'Ëmweltkommissioun war d'Spullstrooss zu Suessem kucken.

Ech mengen, et geet elo drëms, dee Probleem nach ze léisen, dass mer dat Material kréien, dass d'Leit, d'Veräiner dat kënnen notzen. Bis elo hate mer jo just déi Plastiksgobeleten, loosse mer soen, oder Champesglieser, alles, wat Gedrénks war. Mee hei geet et jo elo drëm, ech mengen, dat Wichtegst ass d'Telleren oder Saachen, wou een eng Zopp oder eng Fritt kann dramaachen, dass mer dat Material hunn.

Ech denken, dass mer esou séier wéi méiglech solle kucken, do eng Léisung ze fannen. Eventuell och am Kader vum PRO-SUD, a méi enger grousser Rumm, wou mer dann och wëssen, wou dat muss gespullt ginn. Well dat muss propper an uerdentlech sinn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Entreprisë maachen dat alles. Dat ass e Service tout inclus. Et ass alles do.

(Diskussiounen)

**GUY TEMPELS (CSV):**

Et gëtt jo elo hei diskutéiert, ob eng Entreprise et mécht oder d'Gemengen aus dem Süden, oder ob mer eis selwer op de Wee maachen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et schonn Iddien hei am Haus?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, ech mengen, nächste Mëttwoch ass eng Versammlung, wou och doriwwer geschwat gëtt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Mee ech mengen, dat sinn Detailer, deene mer eis bewosst sinn a wou mer elo net brauchen eis – et geet elo just do drëm: Loosse mer deen Zousaz do ewech, jo oder nee? Ech mengen awer, d'Tendenz hei am Sall ass, dass mer dat kéinte veräntwerten, fir dat ewechzeloossen, ouni eis ze wäit aus der Fënster ze leenen.

An da géif ech dem Här Wagner nach eng Kéier d'Schlusswuert ginn. Oder wann et duerno nach Wuertmeldunge gëtt, kritt Der nach gären d'Wuert, dass mer virukommen. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Fir dem Här Diderich seng Angscht ewechzehuelen: Et ass effektiv esou, dass d'Veräiner all Joer Courriere kréien, wou mer ëmmer drop hiweisen op den Ist-Zoustand, a wéi mer eis preparéiere sollen och fir d'nächst Joer. Do steet alles kloer dran.

Hei ass, wéi gesot, just Referenz op e Gesetz gewisen. Awer d'Informatioun un d'Veräiner geet jo per Courrier ëmmer eraus, mat all de Reservatiounen, mam Kalenner an esou weider. An do wäert dann och selbstverständlech dobäikommen, wéi mer eis wëllen opstellen.

Déi zweet Etapp ass elo d'Versammlung mat de Veräiner d'nächst Woch, wou mer hir Doleancen héieren. A wou mer hinnen dann eppes presentéieren, wat eng Pist wär, och iwwer e private Betrib. Mee dat kascht natierlech en Heedegeld, dat hu mer eis och schonn unhéiere gelooss.

Mir hunn do Präisser kritt. Eleng e Blues Express géif eis 35.000 Euro méi deier ginn, wa mer iwwert déi Méiglechkeet géife fueren. Dat ass à discuter.

Eng aner Méiglechkeet ass, fir Material ze kafen. An dat ass jo och virgesinn. Mee mir wëllen dat an Etappe maachen. Fir d'éischt d'Veräiner. Duerno huele mer eng Decisioun, wéi mer eis an Zukunft wëllen opstelle respektiv wat de PRO-SUD eis nach ka proposéiere punkto Spullstrooss.

Well et muss ee wëssen, d'Gobeleten an d'Tellere kann een net zesumme spullen. Also dat ass en Heedenopwand. Et muss een einfach do kucken, wéi si sech wëllen ausbauen a wéi mir als Gemeng do kënne mat drop sprangen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir déi Detailer. Mir kéinte sou lues zum Vott kommen. Da géife mer dee leschte Saz ewechloossen. Mir géifen dann zum Vott kommen, ouni dee leschte Saz.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 3 voix non d'approuver la Charte de bonne conduite à respecter en cas de manifestation dans l'espace public.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6b, Règlement d'ordre interne iwwert d'Archiven. Den Här Hartung huet d'Wuert. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Am Dossier hutt Der déi komplett Fassung zum Archivereglement leien. Esou ee Reglement fir d'Archiven ass néideg, fir eng kloer Struktur an e Kader ze hunn. Zum engen, fir Dokumenter op Rendez-vous fir de Public zougänglech ze maachen, zum aneren, fir d'Sécherheet zu den archivéierte Pièce fir d'Zukunft ze gewärleeschten. Also datt se duerch d'Consultatiounen net beschiedegt kënne ginn. Zum Beispill, datt ee bei der Consultatioun keen Iessen oder Drénke mathëlt oder Fotoen ouni Blëtz mécht respektiv mat den Dokumenter suergfälteg ëmgeet. Eppes, wat jiddwerengem aliicht, mee leider muss een dat hautdesdaags ëmmer kloer definéieren.

Des Weidere muss den Dateschutz an de Schutz vu vertraulechen oder privaten Informatioune garantéiert sinn. Net alles, wat consultéiert ka ginn ass geduecht, fir iwwert den Internet breet ze diffuséieren. Deemno däerf een net alles fotograféieren oder kopéieren. Wéi gesot, e Recht op Consultatioun enthält net direkt e Recht op Reproduktioun oder Publikatioun.

De Gros vun den Demandë vun de Recherchë kënnt vu Studenten, déi historesch Donnéeën nosiche fir eng Aarbecht am Kader vun hirem Studium.

Mir haten d'Reglement an d'Kulturkommissioun ginn, déi ee positiven Avis formuléiert huet, mat e puer Remarken. Dës goufen diskutéiert a gegeebenefalls mat dra verschafft.

Dir hutt déi fäerdeg Versioun vum Reglement virleien. Sou gouf ugepasst, datt wa Fotoe vun Dokumenter däerfe geholl ginn, dës net just mam Fotoapparat, mee och mam Handy kënne gemaach ginn. Wuelverstane just vun Dokumenter, wou kee Probleem besteet, wann dës spéider géifen iwwert d'Sozial Medie verbreet ginn.

Eng Foto, déi ee selwer mécht, ass natierlech gratis, dat war vun Ufank un esou, ass elo am Text méi kloer preziséiert. Woufir een natierlech muss bezuelen, dat ass, wann een eng Kopie am Service freet. Do bezilt een, wéi an all anere Service vun der Gemeng, den normale Präis, deen eeben eng Kopie kascht. Wat am Taxereglement vum Gemengerot jo och sou validéiert gouf.

Ofschléissend wéilt ech der Madamm Arlette Bour, Responsabel fir eis Archiven, déi dëst Reglement ausgeschafft huet, op dëser Plaz Merci soen a bieden Iech, dëst Reglement matzestëmmen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV): (ALS FUNKTIOUN VUM BUERGERMEESCHTER)**

Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen? Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter ff fir d'Wuert. Dëst Reglement ass weesentlech méi explizitt a Form vun engem Dokument vu sechs Säiten, wou d'Prozedure mam Ëmgang mat historeschem Material erkläert an opgefouert sinn.

D'Dokument selwer ass vun den Utilisateuren ze ënnerschreiwen. Et geet hei ëm d'Erhale vun der Substanz an ëm den Dateschutz. Den Här Hartung huet dat scho gesot.

Ech wëll mech de Remarke vun der Kulturkommissioun ralliéieren, wat d'Vereinfachung vun de Prozeduren an d'Verwendung vum Smartphone ubelaangt. Do hutt Der gesot, dass verschidde Saache matagefloss sinn.

*d'exemple, le surcout pour le Blues Express s'élèverait à 35 000 €. Il faut donc bien y réfléchir.*
*La commune peut aussi acquérir le matériel. Mais le collège échevinal souhaite le faire par étapes. Il va aussi vérifier ce que le Pro-Sud peut proposer.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au Règlement d'ordre interne des archives.*

*Jerry Hartung (CSV) estime qu'un règlement de ce type est nécessaire pour garantir une bonne structuration des archives. Les documents seront accessibles au public sur rendez-vous. Il faut aussi assurer la sécurité des pièces archivées. À titre d'exemple, il ne sera pas permis de manger ou de boire quand on consulte les pièces. On ne pourra pas non plus prendre des photos avec le flash. Ce sont des choses évidentes, mais il vaut toujours mieux les définir clairement.*
*Les archives doivent aussi garantir la protection des données privées. Toutes les pièces que l'on peut consulter ne peuvent pas être distribuées sur internet. Ces pièces ne peuvent donc pas être photographiées ou filmées. En d'autres termes, le droit à la consultation ne correspond pas au droit à la reproduction ou à la publication.*
*La plupart des demandes proviennent d'étudiants recherchant des données historiques.*
*La Commission culturelle a avisé positivement le Règlement. Ses remarques ont été discutées. Les conseillers communaux disposent de la dernière version. On y a notamment précisé que les photos peuvent aussi être prises avec un téléphone. Si l'on prend soi-même la photo, c'est gratuit. Si en revanche, on demande une copie, le service est payant. Le prix est calculé sur la base du Règlement des taxes.*
*Jerry Hartung remercie madame Arlette Bour, qui a élaboré ce Règlement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que ce document de six pages est explicite. La procédure concernant l'utilisation du matériel historique y est*

*clairement définie. Le document devra être signé par les utilisateurs. Comme l'a dit monsieur Hartung, il y va de la protection des données privées et de la préservation du matériel historique.*
*Erny Muller se rallie aux remarques de la Commission culturelle en ce qui concerne la simplification des procédures et l'utilisation du téléphone. Pour raccourcir les délais, il faut renforcer le service des archives. Madame Bour fait un excellent travail et aide les clients. Mais elle est seule. Toutefois, Erny Muller a lu que le service allait être renforcé.*
*Le conseiller communal tient aussi à mentionner monsieur Paul Rion, qui a fait du très bon travail lorsqu'il gérait les archives dans la cave de l'école Prince-Henri.*
*Les archives communales doivent être ouvertes à tous. C'est pourquoi un nouvel espace moderne non loin de l'Aalt Stadhaus doit être envisagé. Erny Muller rappelle que le projet de la place Nelson-Mandela prévoyait un tel espace.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue l'élaboration du Règlement d'ordre interne des archives communales. Comme l'a dit monsieur Hartung, il faut des règles pour éviter les abus.*
*Il est question d'anciens documents que la commune veut préserver pour les prochaines générations. Il s'agit d'un travail difficile nécessitant la mise en place de règles.*
*Manon Schütz a constaté que le document parle de laptop et de téléphone, mais pas de tablettes. Or les tablettes permettent non seulement de prendre des notes, mais aussi de faire des photos. Manon Schütz en a discuté avec madame Bour qui a répondu qu'il s'agissait d'un oubli. C'est pourquoi madame Schütz demande que le texte soit adapté. Elle sait qu'il s'agit de détails, mais ils sont importants. Elle remercie madame Bour.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Schütz.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme que les effectifs des archives vont augmenter de deux personnes. La deuxième personne devra aussi dis-*

Wa mer d'Delaie kierze wëllen, dat ass och eng Ausso vun der Kulturkommissioun, da musse mer d'Effektiver an den Archiven eropsetzen. Well d'Madamm Bour, déi eng exzellent Aarbecht mécht, wëll ech hei erwänen – ech hat och mat hir ze dinn a verschiddene Projeten, si mécht dat wierklech super gutt, an ënnerstëtzt och déi Leit, déi do Recherchë maachen, mee si ass leider eleng „auf weiter Flur."

An ech hunn awer elo gelies, dass eng weider Persoun soll deemnächst agestallt ginn am Service archives.

Erlaabt mer, den Här Paul Rion ze erwänen. Dat ass schonn e bësse méi laang hier, mee deen hat och eng ganz gutt Aarbecht gemaach. Hien huet am Fong den Archiv an der Prince-Henri-Schoul am Keller ageriicht.

Ech wëll dann och soen, wéi d'Kulturkommissioun och, dass d'Gemengenarchive fir all Leit sollen op sinn. Dofir ass en neien a modernen Espace net wäit vun der Bibliothéik an dem Ale Stadhaus fir d'Zukunft ze envisagéieren. Esou een Espace war, zum Beispill, bei de Pläng vum Projet Place Nelson Mandela no beim Ale Stadhaus virgesinn. An ech mengen, dat misste mir awer als Stad fäerdegbréngen. Op jidde Fall solle mer dat net vergiessen, dass dat fir d'Zukunft séier wichteg ass.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV): (AN DER FUNKTIOUN ALS BUERGERMEESCHTER)**

Merci, Här Muller. D'Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréissen, dass et elo e Règlement d'ordre intérieur fir d'Archive gëtt, wat jo bis elo nach net de Fall war. Wéi den Här Hartung scho gesot huet, liewe mer leider an enger Zäit, wou ouni Reegele vill Abus gedriwwe gëtt. Leider war dëst jo och an den Archiven de Fall.

Hei geet et ëm al Dokumenter, déi sollen deene kommende Generatiounen erhale bleiwen. Vill Donnéeë mussen duerfir intern a geschützt bleiwen.

Et ass eng schwiereg Aufgab, esou Reegelen opzestellen, ouni dass duerno eng Méiglechkeet fonnt gëtt, fir trotzdeem Abus ze dreiwen.

Mir ass am Text opgefall, dass Laptop an Handy erwäänt sinn, awer d'Tablets net dran ervirkommen. An den Tablet ass och erlaabt, fir mat eranzehuelen, mat Bläistëft an och nach Pabeier an esou, fir sech Notizzen ze maachen. A mengen Ae wär et ganz okay, well een domat och Fotoe maache kann an hautdesdaags vill Leit mat Tablet respektiv mat Handy just schaffen an dat am Text awer verbueden ass.

An no Récksprooch mat der Madamm Bour gëschter – si hat e ganz oppent Ouer, ech mengen, dat war einfach am Text vergiess ginn. Mam Handy kann ee Fotoe maache wéi awer och mat neien Tablets. Ech géif froen, dass dat an den Text géif bäigesat ginn, dass ee ka Laptop oder Tablet benotzen an dass et net erlaabt wär, mat deene Saache Fotoen ze maachen. Fotoen, déi offiziell ugefrot ginn, kënne mat Fotoapparat, Handy oder Tablet gemaach ginn. Et ass einfach eng kleng Wuertspillerei. Mee et wär wichteg, dat nach derbäi ze setzen.

Villmools merci der Madamm Bour, fir déi Opstellung vun deem Reglement a fir all déi Aarbecht, déi se mécht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Fir d'éischt villmools merci fir déi positiv Wierder. Den Effectif, dee gëtt eropgeschrauft op zwou weider Persounen. Woubäi awer geduecht ass, datt déi zweet Persoun soll alleguerten d'Formatioune vun der Bibliothéik selwer hunn, fir flexibel ze sinn. Quitte, datt d'Haaptplaz natierlech an den Archive soll sinn. Dat gouf ausgeschriwwen, ass ofgelaf. Leschte Méindeg hate mer schonn déi éischt Gespréicher intern, wou mer verschidde Kandi-

dature gesinn hunn. Et sinn der bal 100 erakomm.

Do wäerten elo deemnächst d'Astellungsgespréicher ulafen.

Well, wéi Der richteg gesot hutt, Här Muller, et eis wichteg ass, datt et accessibel ass fir d'Leit. An et muss ee jo och wëssen: Eis Archiviste gi jo och emol eraus bei d'Leit, kucken, fir nei Saachen eranzekréien. Wou se vu Privatleit oder och vu Firme geruff ginn, hei mir hunn nach eppes, an da gi se dat kucken, evaluéieren: Ass dat eppes fir d'Archiven oder net? Dofir eeben och, datt alles op Rendez-vous soll stattfannen.

Punkto Gebailechkeeten – dat ass natierlech net esou einfach, fir elo direkt iergendwou nei Archive virzegesinn. Dat hu mer awer och schonn am Schäfferot gekuckt, och mat eise Servicer. D'Schwieregkeet ass, a besteeënd Infrastrukturen, déi do sinn, ass et net einfach, fir Archiven eranzehuelen. Well do mussen extra Fundamenter gemaach ginn, well déi Archive jo awer och kompriméiert sinn an dat e gewëssent Gewiicht huet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Renforcéiert Dalle sinn néideg.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Genee, merci, Här Ulveling, et musse renforcéiert Dalle sinn. Dat heescht, mer kënnen net einfach higoen a soen, do ass eng eidel Fläch, do kënne mer d'Archive maachen. Dat geet leider net.

Fir den Ausbau hei vun der Gemeng, hate mer gekuckt, ob et do eventuell méiglech wier. Mee et hëlt immens vill Plaz, also et si minimum 100 Meterkaree just fir d'Archiven an dann nach mindestens zwee Büroen, plus, wou ee kann d'Leit empfänken. Ech mengen, dat hätt einfach hei de Kader vun der Gemeng gesprengt, wou mer jo wëllen all eis Servicer erakréien.

Mee et ass net vergiess. Mir kucke weider an eisen zukünftege Projeten. Eis Servicer wëssen och Bescheed. Dat heescht, datt ëmmer gekuckt gëtt, wou sech eng uerdentlech Plaz géif ubidden. Fir mech ass Computer Computer, ob elo Laptop, Tablet oder esou. Ech mengen, et schwätzt näischt dogéint, Laptop oder Tablet. Et ass einfach wichteg, datt et kloer am Dokument steet. Well d'Visiteuren dat net woussten, si hu geduecht, wa si kënne kucken, consultéieren, kéinte se dat och fotograféieren oder publizéiere souguer. An do waren dann heiansdo Diskussiounen. Dofir ass den Haaptpunkt vun dësem Dokument, fir eebe kloer ze maachen, datt et net esou ass.

Déi wichtegst Informatioun ass, datt d'Leit wëssen, datt se net däerfe fotograféieren. A wa se däerfe fotograféieren, ass et natierlech egal, mat wat. Ech mengen, et ass awer och wichteg, datt se de Laptop, Tablet oder esou kënne mathuelen. Well hautdesdaags gëtt vill domat geschafft. Dat heescht, ee Student, dee seng Recherchë mécht, dee seng Aarbecht schreift, dee kann da gläichzäiteg dat natierlech dann och tippen.

Et muss een och wëssen: Normalerweis sëtzen d'Leit jo och net eleng do. D'Archiviste sinn niewendrun. Si sinn dobäi, begleede se, siche Saachen heiansdo no, hëllefen hinnen, hir Saach ze verstoen. Dat heescht, datt d'Fraude zimmlech limitéiert ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wann et keng Wuertmeldung méi gëtt, kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Règlement d'ordre intérieur relatif aux archives communales de la Ville de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6), Modifikatioun vum Verkéiersreglement. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, hei schwätze mer vun Avenanten an eisem Ver-

*poser d'une formation lui permettant de travailler à la bibliothèque. Sa tâche principale concernera les archives, mais elle devra être flexible.*
*L'appel à candidatures est fini. Les premières entrevues internes ont eu lieu lundi dernier. La commune a reçu une centaine de candidatures. Les entretiens d'embauche commenceront prochainement.*
*Comme l'a dit monsieur Muller, les archives doivent être accessibles au public. D'ailleurs, l'archiviste se rend aussi chez les gens ou dans les entreprises pour trouver de nouvelles pièces.*
*Pour ce qui est des locaux, trouver un nouveau site n'a rien d'évident. Le collège échevinal en a discuté. Il faut des infrastructures adaptées compte tenu du poids des documents.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Jerry Hartung confirme qu'il faut des dalles renforcées. Il ne suffit pas de trouver un local vide pour y stocker les archives. Le collège échevinal a réfléchi à créer un local dans le cadre de l'agrandissement de l'hôtel de ville, mais il faut au moins cent mètres carrés pour les archives et deux bureaux.*
*En tout cas, le collège échevinal cherche une solution. Les services évaluent les possibilités pour chaque nouveau projet.*
*Jerry Diderich ne fait pas de différence entre un ordinateur, un laptop et une tablette. Le problème était un autre. Les visiteurs pensaient que s'ils pouvaient consulter une pièce, ils pouvaient aussi la photographier. Or ce n'est pas forcément le cas.*
*Bien entendu, s'ils ont le droit de photographier un document, ils peuvent utiliser l'appareil qu'ils souhaitent.*
*De toute façon, les gens ne sont pas laissés seuls. En général, l'archiviste est à côté pour les aider. Le risque de fraude est donc limité.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au Règlement de la circulation.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit de plusieurs avenants. Le premier concerne le stationnement résidentiel à Oberkorn. La*

*rue Dalscheidt, Um Biergwee, Um Kräizbierg, la rue Charles-Schambourg, la rue du Docteur-Welter et la rue Laboulle en font désormais partie. Le dossier des conseillers communaux reprend aussi les panneaux de signalisation à installer.*
*Un autre avenant concerne les places PMR dans la rue de Hussigny, la rue Émile-Mark et la rue Dicks-Lentz.*
*Dans la rue de l'Eau et la rue des Champs, l'interdiction de stationnement est prolongée à cause des travaux.*
*Les avenants concernent aussi des travaux de voirie près des écoles, du centre sportif, dans la rue Sidney-Thomas ou au parc du Terrain-AS.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Muller tout à l'heure. Selon lui, le stationnement résidentiel doit permettre aux riverains de garer leurs voitures. Ceux provenant de l'extérieur peuvent stationner de manière limitée.*
*Laura Pregno comprend que monsieur Bertinelli veuille compléter le stationnement résidentiel. Mais d'après ce qu'elle entend, ce quartier n'est pas concerné par les problèmes en question.*
*De nombreuses personnes vont se promener dans la forêt à cet endroit. Et voilà que la commune limite le stationnement à 90 minutes. C'est dommage. Le collège échevinal ne pourrait-il pas créer un parking de quartier qui serait règlementé différemment ? Ce serait chouette.*
*Le document mentionne un parking entre la maison 36 et la maison 38. Or il s'agit d'un chemin piétonnier.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que la question du stationnement résidentiel dans le quartier Oberkorn-Gare est débattue depuis longtemps. Mais à Differdange, la tendance est à réagir au lieu d'agir. Dans ce quartier, on pratique le stationnement sauvage — en particulier sur le terrain du Fonds du logement. Concernant ce terrain, la commune a réfléchi à y aménager des* tiny houses *ou d'autres structures. Bref, il ne va pas rester dans cet état éternellement.*

kéiersreglement, wat mer eraginn hunn. Do wëll ech Iech der e puer nennen. E Puzzlestéck, wat eis ëmmer gefeelt huet, wat mer elo fäerdeggestallt hunn, dat ass de Parking résidentiel zu Uewerkuer. Fir d'Leit, déi dat net esou wëssen, dat ass d'Uewerkuerer Gare, dat ass d'Rue Dahlscheidt, um Biergwee, um Kräizbierg, Rue Charles Schambourg, Rue Dr. Michel Welter an d'Rue Laboulle. Déi ginn elo materageholl an eise Quartier résidentiel.

Dir gesitt och am Dokument d'Schëlter, déi mer setzen, an dat Ganzt, wat mer mussen amenagéieren, fir an deem ganze Quartier do elo Parking résidentiel hinzekréien.

Da si verschidde PMR-Parkplazen an der Rue de Hussigny, an der Rue Emile Mark an der Rue Dicks-Lentz.

Park- an Halteverbuet – dat si munchmol och Verlängerungen, wéi zum Beispill d'Rue de l'Eau an d'Rue des Champs, well do Aarbechte sinn an och d'Schoulen, déi gebaut ginn.

Am grousse Ganze sinn et Projeten, déi mir amgaange sinn, Aarbechten u Stroossen, wéi Zebrasträifen oder esou, bei der Sportshal, bei de verschiddene Schoulen, déi mer bauen, ass dat de Gros dovunner. Wou mer Avenante maachen, wéi zu Nidderkuer an der Rue Sidney Thomas oder beim Park vun der AS, do ass elo endlech déi Bull an de Buedem gesat ginn, fir do virdrun net méi ze parken, fir bei d'Jugendhaus ze kommen.

Dat hei ass den Avenant vun all deenen Artikelen do. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Erklärungen, Här Bertinelli. Wuertmeldungen? D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Den Här Muller hat virdru gesot, dass de Quartier résidentiel eppes wär, fir den Awunner vum Quartier d'Méiglechkeet ze ginn, selwer kënnen am Quartier ze stationéieren, an dass d'Leit aus dem Exterieur dat dann net, oder just begrenzt, kënne maachen.

Ech verstinn, dass ee wëll dat Puzzlestéck komplettéieren, an awer denken ech, dass dee Quartier elo net esou vun där Problematik betraff ass – au moins dat, wat ech vu verschiddene Säite bericht kréien.

Mir mussen eis bewosst sinn, dass et eng Plaz ass, wou vill Leit an de Bësch spadséiere ginn an dann ass d'Naturerliefnis elo op 90 Minutte begrenzt. Wat ech immens schued fannen. Ech hu mech gefrot, ob een net kann eng Méiglechkeet virgesinn, fir vläicht e Quartiersparking ze schafen, deen anescht kéint reglementéiert ginn. Dat wär eng flott Iddi, do esou eppes ze schafen.

Ee klengen Hiweis: Op der Säit 4 ass rieds vun engem Parking tëschent der Maison 36 an 38. Do ass awer kee Parking, do ass ee Fousswee. Dat misst verbessert ginn. Dat ass e Feeler am Dokument.

Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Déi Diskussioun hu mer laang gefouert, Madamm Pregno, an dem Quartier résidentiel Uewerkuerer Gare. Mee et ass jo Usus am Verkéier bei eis hei an der Gemeng: Mir reagéieren ëmmer nëmmen op eppes, wann eppes net méi geet oder eppes esou zou ass mat Verkéier oder esou. Da fänke mer un ze reagéieren.

Hei ass eng Zort „wëlle Parking“, dee mer praktesch do hunn am Quartier, op deem Terrain vum Fonds de Logement. Wou ganz vill Autoen drop stinn, ganz vill Camionnetten drop stinn. Mir haten déi Diskussioun scho mam Fonds de Logement, well do war eng Kéier virgesinn, eppes drop ze bauen oder et war souguer virgesinn, déi gedreemten Tiny-Haiser dohinner ze bauen oder aner Saachen.

Soudass mer eis net kënne virstellen, datt deen Terrain ëmmer an deem Zoustand bleiwe wäert, wéi en elo ass. Et ass nämlech e „wëlle Parking“, wou Autoen a Camionnetten drop stinn. A mir wëllen deem virbeugen, well wann dee Parking eng Kéier net méi do ass, mengen ech, wäerte mer an deem Quartier ee Probleem kréien.

Dir hutt Recht mam Parking fir déi Leit, déi op de Bierg ginn. Do sinn der zwee. Een uewen um Bierg, wou ee ka parken, wann een do spadséiere geet. Dir mengt déi Parkinge beim Lunasterrain, wou een da kéint zäitweis méi laang amenagéieren, fir déi Leit, déi duerch de Bësch oder op de Bierg wëlle goen. Mee um Bierg uewen hu mer zwou Plazen, wou ee sech ka stellen, wann ee spadséiere geet. Wat elo net direkt esou een akute Probleem ass, datt een, wann een op de Bierg wëll goen, do keng Parkplaz méi fanne géif.

Déi Diskussioun hate mer an der Verkéierskommissioun. Mee, wéi gesot, sinn ech och bereet ze kucke beim Lunasterrain, fir an der Woch, zemools wann d’Leit op de Bierg wëlle goen, dee Parking do vläicht méi laang ze erlaben, fir Leit, déi mat hire Kanner wëllen eng, zwou Stonnen an de Bësch. Dat ass machbar.

Mee ee Probleem ass ëmmer nach dee „wëlle Parking“, dee mer do an der Mëtt hunn. Wa muer de Fonds de Logement seet, mir bauen do drop, dann hu mer e Probleem. Well do ganz vill Leit aus dem Quartier Rue Dr. Welter stinn an déi dann herno e Probleem kënne kréien. Duerfir ass et besser – mir hunn eis Gemeng jo och esou opgestallt, datt mer iwwerall, wou mer kënnen, Quartier parking résidentiel maachen. An duerfir hu mer och hei dee Puzzle do fäerdeg gemaach. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Scheuren, wannechgelift.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

D’LSAP begréisst déi Ariichtung vun deem Parking résidentiel op der Gare do uewen. Et muss ee wëssen, dass Leit hir Autoen ofstellen, hannen erof, fir iwwert d’Charles Schambourg op d’Gare ze goen. Dat heescht, déi Leit hunn tatsächlech Probleemer, hir Autoe lasszeginn. An ech mengen, wa bis deen, wéi den Här Bertinelli gesot huet, „wëlle Parking“ eng Kéier zou ass a privat benotzt gëtt, dass mer dann doudsécher an deem Quartier Probleemer kréien.

Woumat ech awer averstane sinn, mat Iech, Madamm Pregno, dass ee vläicht déi Parkinge méi laang misst maache laanscht d’Strooss erop beim Lunasterrain. An déi Parkingen tëscht den Haiser, dass se do kéinte parken, e bësse méi laang och.

Wat een awer och muss wëssen, dass uewenaus eng Dréiplaz ass um Biergwee, am Eck hannen. Dat ass keng Parkplaz. Déi gëtt awer esou benotzt, non stop. Dat ass problematesch, wann do d’Drecksautoe mussen dréien an esou weider. Et wär scho wichteg, wann dat reglementéiert géif, dat Ganzt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la modification du Règlement de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Mer kéimen zum Punkt 6), den Dréngléchkeetsreglementer. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, 24 Dréngléchkeetsreglementer, dat sinn der relativ vill. Mee ech géif soen, 18 dovunner si mir selwer. Dat heescht iwwerall, wou mer amgaange sinn ze schaffen an ze bauen. Nach eng Kéier gesot, et sinn eis Schoulen alleguerten, Nidderkuer, Uewerkuer, d’Sportshalen, wou d’Gemeng Déifferdeng amgaangen ass ze schaffen, wou mer déi Reglementer d’urgence geholl hunn. Et sinn

*Fred Bertinelli répète qu’actuellement, il sert de parking sauvage aux voitures et aux camionnettes. Une fois ce parking disparu, le problème du quartier sera résolu.*
*Pour ce qui est des promenades en forêt, madame Pregno a raison. Fred Bertinelli suppose qu’elle pense au parking du terrain Luna. Mais il y a aussi deux sites sur la colline où on peut garer les voitures. Le problème n’est donc pas critique. D’un autre côté, Fred Bertinelli va réfléchir à la question du terrain Luna. Des limites de stationnement plus longues permettraient aux familles d’aller se promener quelques heures dans la forêt.*
*Fred Bertinelli revient au stationnement sauvage. Si le Fonds du logement décide de viabiliser le terrain en question, le quartier va se retrouver avec un sérieux problème. C’est pourquoi le collège échevinal tient à compléter le stationnement résidentiel.*

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** *salue la mise en place du quartier résidentiel. Les automobilistes déposent leurs voitures pour ensuite se rendre à la gare par la rue Charles-Schambourg. Si le parking sauvage disparait, le quartier se retrouverait effectivement avec un problème sérieux.*
*En revanche, madame Pregno a raison de dire que la limite de stationnement devrait être prolongée près du terrain Luna.*
*Michel Scheuren signale par ailleurs que le rondpoint dans la rue de la Montagne est souvent utilisé comme place de stationnement alors qu’il sert à faire demi-tour.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux règlements d’urgence.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale qu’il y en a 24. Dix-huit concernent des chantiers de la commune — notamment près des écoles et des salles de sport.*

*Les conseillers communaux peuvent voir dans leurs dossiers qu'il n'y a rien d'extraordinaire. Certaines routes doivent être fermées à la circulation à Niederkorn autour du centre sportif.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande à quoi servira le rondpoint provisoire dans la rue des Champs.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que cette idée a été abandonnée. C'était une option si la commune n'avait pas pu obtenir un des deux terrains. Mais le rondpoint se serait trouvé partiellement sur le terrain de l'agriculteur.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux commissions et aux groupes de travail.*

**FED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'il s'agit notamment du comité d'accompagnement économique.*
*Celui-ci doit se composer de spécialistes issus des domaines de l'industrie, de l'école, etc. Le conseil communal dispose de la liste des membres.*
*Fred Bertinelli ajoute que les premières réunions se sont bien passées. Les membres apportent leurs feedbacks. Pour l'échevin, il est opportun que les commerçants apportent des idées et qu'ils contribuent aussi à attirer de nouveaux commerçants à Differdange.*
*Le 22 février, une grande réunion va avoir lieu au 1535° avec tous les commerçants et les industriels. Ces personnes ont besoin de connaitre les plans de la commune et doivent savoir que le collège échevinal veut créer des emplois à Differdange.*

der véier dobäi vu Leit, déi privat un hiren Haiser schaffen.

Dir gesitt se jo alleguerten an Ären Dokumenter, et ass näischt Weltbeweegendes dobäi. Et geet hei ëm d'Sportshal, deen Zebrasträifen, fir eriwwerzegoen. An och déi Stroossen, déi mer mussen zoumaachen zu Nidderkuer bei der Schoul, soulaang wéi den Entrepreneur do schafft. Näischt Weltbeweegendes. 16 oder 17 Stéck ass d'Gemeng Déifferdeng, wou mer déi Reglementer maachen, datt eis Aarbechten do viruginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Eng Wuertmeldung zu den Drénglechkeetsreglement? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Eng Fro oder e puer Informatioune méi: Hannen an der Rue des Champs soll ee provisoresche Rond-point entstoen. Kënnt Der dozou e puer Detailer ginn?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Meisch, dat hu mer falegelooss. Wa mer deen ënneschte Parking net kritt hätten, wär dat eng Optioun gewiescht. Dat hu mer falegelooss, well fir een Deel hätte mer misse mat eisem Bauer, deem déi Wiss do gehéiert, schwätzen, à la limite, fir dee Rond-point do ze maachen. Mer hätte missen e Stéck an d'Wiss erafueren. Mee de Moment, wa mer dat hikréie mam ënneschte Parking, ass dat superfétatoire.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Punkt 7 vum Ordre du jour, zu de Kommissiounen an de Groupes de travail. Den Här Bertinelli kritt d'Wuert, fir eis de Comité d'accompagnement économique virzestellen. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Beim ville kucken a Spezialiste froen a Leit nolafen, déi elo net direkt a politesch Parteie sinn an déi wichteg fir eis Gemeng sinn, wéi Leit aus der Industrie, Leit vun der ARBED, Leit aus de Schoulen, wou mer wollten zesummen hunn, fir zesummen e Grupp opzestellen, wou mer och géife mat deene Leit virkommen.

Mir hunn Iech se ausgedeelt, déi Leit, déi alleguerten an där Kommissioun dra sinn. Mir hu ganz, ganz gutt geschafft, schonn an deenen éischte Sitzungen, wou mer nach deen een oder deen anere musse gesinn. Ech muss soen, datt mer dee Grupp gutt gefält, deen do ass, well do effektiv Feedback kënnt. E besteet praktesch aus deenen, déi mer gären hätten, datt d'Geschäftsleit och selwer mat Iddie kommen an och selwer probéieren, op eenzele Plazen ze agéieren. Déi och Kontakter no baussen hunn, fir Geschäfter op Déifferdeng ze zéien.

Also dee Grupp ass voll amgaangen ze schaffen. E gëtt dirigéiert vum Här Muller, gutt wéi en dat ëmmer mécht.

Den 22., wou Der och alleguerten eng Invitatioun kritt, ass am 1535° déi éischt grouss Versammlung mat all eise Geschäftsleit, mat all eise Leit aus der Industrie, aus de Zone-industriellen, fir och do en neie Moment ze kréien. Fir datt d'Leit och gesinn, wat mer wëlle maachen, wou mer wëllen hin an den Infrastrukture fir eis Stad an och eis Industrie. Datt mer méi Aarbechtsplaze wëllen an dëser Gemeng schafen. A fir do eng Opbrochstëmmung ze kréie bei eise Leit aus der Industrie, aus de Zone-industriellen an och aus de Geschäfter.

Dee Grupp huet scho ganz, ganz vill gemaach a vill geschafft. An dofir wollte mer d'Zoustëmmung kréien an deen een oder anere Spezialist, dee mer och nach um Wee musse mathuelen, well

dat gebraucht ass, froen, fir an dee Grupp mat eranzekréien.

Wann dozou Froe sinn, gären.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Gëtt et Wuertmeldunge respektiv Froen zu där Kompositioun vun deem Grupp? Da géife mer et ofstëmme loossen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de confirmer les membres du comité d'accompagnement économique.*

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zu der Motioun kommen, géifen déi virzéien, ier mer zu de Froe kommen. Ech géif dann engem Representant vun deene Gréngen d'Wuert ginn, fir eis déi Motioun virzestellen an e bëssen ze erklären. Wie mécht dat? D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. De Gemengerot krut d'Motioun schonn ausgedeelt. Ech hoffen, Dir hat all déi néideg Zäit, se vläicht eng Kéier kuerz duerchzegoen. Et ass en Theema, wat mer haut am Gemengerot haten a schonn d'leschte Kéier oder d'virleschte Kéier, kuerz ugeschwat gouf. Fir eis Bierger dobausse liesen ech den Text vir, fir dass jidderee weess ëm wat et geet.

Motion concernant la réduction des déchets alimentaires inutiles et visant la lutte contre le gaspillage alimentaire.
Le conseil communal,
Vu le niveau élevé de déchets alimentaires signalé par le STATEC au Luxembourg,
Considérant que le programme NETZEROCITY de la Ville de Differdange vise à réduire significativement les déchets,
Tenant compte de l'initiative de l'association foodsharing.lu, qui a mis en place des réfrigérateurs partagés pour l'échange d'aliments dans plusieurs villes, notamment à Bonnevoie depuis cinq ans et à Esch-sur-Alzette depuis trois ans,
Notant l'engagement de certains résidents, exprimé via l'application Hoplr, pour lutter contre le gaspillage alimentaire inutile,
Relevant que le projet de Fusilli d'installer un réfrigérateur partagé à Differdange ne peut pas aboutir en raison de l'arrêt anticipé du projet en question et de son financement relatif,
Prenant en compte les propos prononcés de Monsieur l'échevin Thierry Wagner lors des dernières séances du conseil communal, manifestant sa volonté ferme et déterminée de lutter contre le gaspillage alimentaire à Differdange.
invite le Collège des Bourgmestre et Échevins à :
Mettre en place un réfrigérateur partagé (solidaire) accompagné d'une boîte pour aliments secs dans un lieu public fréquenté (par exemple devant la Maison Moderne, au Hall O ou devant le BioButtek).
Collaborer avec l'association foodsharing.lu, forte de son expérience dans la mise en place de tels dispositifs.
Travailler en coopération avec des résidents motivés, chargés de l'entretien régulier du
réfrigérateur.
Développer une campagne d'information concernant l'utilisation du réfrigérateur partagé et
promouvoir par ce biais la réduction des déchets alimentaires.

Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Presentatioun, Madamm Pregno. Ech erlabe mer, op verschidde Punkten elo als Éischten ze reagéieren. Gaspillage alimentaire inutile – et ass ganz kloer, dass keen heibanne sëtzt, deen dat net ënnerstëtzt.

Falsch ass awer an Ärer Kommunikatioun de Punkt: „Relevant que le projet du Fusilli d'installer un réfrigérateur partagé à Differdange ne peut pas aboutir en raison de la réanticiper du projet en question et de son financement relatif". Dat ass falsch.

Ech wäert Iech dat och herno an Äre Froen am Detail erklären. Ech bleiwen awer bei der Ausso, dass et falsch ass.

*Fred Bertinelli répète que les premières réunions ont été productives. Il faut encore trouver quelques spécialistes.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux questions et cède la parole à madame Pregno au sujet d'une motion.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que les conseillers communaux ont reçu la motion. Elle espère qu'ils ont eu le temps de la lire. Le sujet de la motion a déjà été abordé à maintes reprises.*
*Laura Pregno lit la motion. Elle porte sur la réduction des déchets alimentaires et la lutte contre le gaspillage.*
*Laura Pregno constate que le gaspillage alimentaire est élevé au Luxembourg et rappelle que Differdange fait partie du programme NetZeroCities. Elle signale que l'association Foodsharing Luxembourg a mis en place des réfrigérateurs partagés à Bonnevoie et Esch-sur-Alzette.*
*Plusieurs résidents ont exprimé leur engagement dans la lutte contre le gaspillage alimentaire sur Hoplr. Dans le cadre de Fusilli, une réflexion concernant l'installation d'un réfrigérateur n'a pas abouti pour des questions de financement.*
*Compte tenu de la volonté du collège échevinal, exprimée à maintes reprises, de réduire le gaspillage alimentaire, les écologistes demandent l'installation d'un réfrigérateur public et la mise à disposition de boites pour les aliments secs.*
*Une telle installation pourrait se trouver devant la maison Moderne, au Hall O ou devant le Biobuttek. Le collège échevinal devrait aussi envisager un partenariat avec Foodsharing Luxembourg et avec les résidents pour le nettoyage. Il faudrait aussi prévoir une campagne d'information.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'évidemment, tout le monde soutient la lutte contre le gaspillage alimentaire. Ce que madame Pregno dit au sujet de Fusilli, en revanche, est faux. Guy Altmeisch fournira des explications plus tard.*

*Le principe n'est pas mauvais, mais comporte des risques. Si la commune installe un frigo devant la maison Moderne ou le Hall O, elle devra aussi prévoir un surveillant. Car si quelqu'un laisse la porte du frigo ouverte, la chaine du froid est rompue. C'est dangereux.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Guy Altmeisch demande à monsieur Diderich de ne pas l'interrompre.*
*Un surveillant devra donc vérifier qui ouvre et qui ferme la porte. Si quelqu'un place des aliments dans le frigo et que quelqu'un d'autre s'empoisonne ou fait une indigestion, les problèmes sont inévitables. C'est pourquoi un tel frigo devrait être surveillé en permanence pour des raisons d'hygiène.*
*Si la commune choisit le Biobuttek, elle devra d'abord en discuter avec le gérant, car un tel frigo pourrait impacter son commerce.*
*Pour ce qui est de la collaboration avec des résidents motivés, cela n'a rien d'évident. Premièrement, ils voudront que le frigo se trouve devant leur porte. Ensuite, ils devront se mettre d'accord avec les voisins pour savoir qui fait quoi. Bref, Guy Altmeisch doute que la commune trouve de nombreux volontaires.*
*De toute façon, pour le bourgmestre, le véritable défi consiste à réduire la masse d'aliments qui est cuisinée. C'est pourquoi il pense qu'un frigo est inutile dans une première phase.*
*Guy Altmeisch vient d'exprimer ses réflexions. Il aimerait bien savoir ce qu'en pensent les autres et cède la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *se dit étonné de la façon dont la motion est construite et du moment où elle est présentée. En effet, il y est nommé explicitement et il entend lutter contre le gaspillage. Il constate cependant que ses remarques concernaient le gaspillage alimentaire dans les maisons relais et les cantines. Dans la motion, elles sont reprises en dehors de leur contexte. Comme l'a dit monsieur Altmeisch, le collège échevinal tente plutôt de développer un concept.*
*Le recours au système des buffets dans les cantines permet à la com-*

Ech kommen da mat den Detailer herno bei Äre Froen.

Fir mech ass et am Prinzip keng schlecht Saach. Et ass fir mech awer och eng Situatioun, déi immens vill Gefore-Momenter duerstellt. Ech brauch Iech net ze soen, dass wa mer, wéi Dir hei als Beispill zitéiert, esou ee Frigo géifen opstelle bei der Maison Moderne, beim Hall O, do misste mer jo dann e Surveillant dobäi hunn.

Mer kënne jo net e Frigo dohinner stelle mat enger Alimentation électrique ouni Surveillant. Mat enger Dier, déi op- an zougeet, a wann Dir eragitt, Dir loosst d'Dier opstoen, déi Killketten – Här Diderich, ee Moment, loosst mech just ausschwätzen, ier Der mer eng Fro scho wëllt stellen, dat ass ganz léif – déi Killketten, däers si mer eis jo bewosst, déi däerf net ënnerbrach ginn, soss hu mer eng Gefor do dran.

E Surveillant, dee kucke muss: Wie mécht déi Dier op? Wie mécht déi Dier zou? Kënnt e Friemen, dee mécht d'Dier op, stellt eppes dran, wat net dohinner gehéiert, ech kommen hannendrun, ech huelen et an ech kréien eng Indigestioun oder eng Vergëftung – also ganz geféierlech.

Wat bedeite géif: Ech muss dee Frigo permanent iwwerwaacht hunn, fir ze wëssen, dass dat den Norme vun der Hygiène a vun der Killketten entsprécht, wat ech mer als Konsument virstellen. An dat ass net evident.

Wann ech e Frigo oder esou eng Këscht oder esou ee Verdeelerpunkt bei e Biobuttek opstellen, da muss ech emol fir d'éischt mat deem Mann, deen dee Biobuttek bedreift, eens sinn, wéi staark dat säin eegent Geschäft belaascht, wéi dat finanziell machbar ass a wéi dat vun him iwwerhaapt toleréiert ka ginn.

„Travailler en coopération avec les résidents motivés, chargés de l'entretien régulier du réfrigérateur" – dat ass ee ganz gudde Saz. Déi Résidents motivés, musse mer eis bewosst sinn, dass déi Leit éischtens emol dat virun hirer Dier opriichte wëllen, dass déi Leit méi wéi motivéiert sinn, dass déi Leit ab deem Dag sech mussen ofschwätze mat enger Noperschaft, well se hunn da kee Congé méi zegutt. Si mussen déi Deeg, wou de Frigo op ass an esou virun – dat ass e Cahier de charges, deen net evident ass an ech weess net, wéi vill där Fräiwëlleger mer géife fannen.

Den Entretien an déi Iwwerwaachung, dat ass net esou einfach.

An dann, dat Wichtegst an deem Ganzen, an dat wësse mer heibannen: Fir déi Mass, déi gekacht gëtt, an déi Mass, déi ze vill ass, dat ass déi grouss Erausfuerderung fir mech, fir déi erofzesetzen. Da brauche mer un esou Saache wéi déi heiten an enger éischter Phas net ze denken. Mee dat ass d'Erausfuerderung, déi als Éischt um Programm steet.

Dat si meng Iwwerleeungen zu Ärer Motioun. Ech wier frou, wann nach aner Leit heibannen hir Meenung wëlle soen, wéi den Här Wagner zum Beispill. Ech géif deem d'Wuert ginn, fir seng Meenung matzedeelen, dass mer eng Base hunn, vu wat mer schwätzen. An dass mer wëssen, wéi d'Iwwerleeung an d'Reflektioune si vun de Leit heibannen. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech sinn e bëssen erstaunt iwwer dës Motioun, net iwwer den Text selwer, mee éischter, wéi se opgestallt ass a virun allem zu wéi engem Zäitpunkt se kënnt.

Ech ginn namentlech och doranner erwäänt. Mir stinn zu menger Ausso, och elo nach ëmmer, a mir wäerten eis dëser Problematik och unhuelen.

De Passage gouf natierlech aus dem Kontext gerappt, well et war e Statement betreffend dem Gaspillage an eise Maisons relais a Kantinnen.

Wéi den Här Buergermeeschter sot, et soll een d'allgemengt Verbëtze vun Iesswueren an eiser Gesellschaft als Ganzt kucken. An do e Gesamtkonzept fannen.

Ech sot am Gemengerot, dass mer mam Installéiere vu Buffeten an de Kantinnen e vill besseren Iwwerbléck kréien, wat vu Menüe giess ginn. Dat ass jo dat Wichtegst: den Iwwerschoss verhënneren.

Dee Buffet soll flott presentéiert ginn. D'edukatiivt Personal ass bei de Kanner, fir hinne villes schmackhaft ze maachen. Well Kanner, wësse mer jo, iesse mat den Aen an et ass immens wichteg, dass se vun allem iessen. Gesond an equilibréiert an net just Fritten, Hamburger etc.

Vill Kanner kréien doheem eng Tut Chipsen an de Grapp gedréckt an dat war dann d'Owesiessen. Oder si komme moies mat engem eidele Mo an d'Schoul.

Mee zréck zum Antigaspi. Duerch d'Buffete kréien eis Käch e besseren Iwwerbléck a kënne besser mat de Quantitéite schaffen. Dat ass eng Mesure. Eng weider ass den Orbisk, wat den Här Bertinelli Iech schonns presentéiert huet.

An de Mëtten hu mer och nach eng Reunioun mat enger Spezialistin, fir genau iwwer dëst Theema ze schwätzen, wou mer och dann eventuell e Coaching ufroen.

An, jo, déi Sitzung ass schonns méi laang geplangt, virun Ärer Motioun. Dat alles betrëfft just d'Campus-Kantinnen. De Fred Bertinelli kann Iech nach weider Detailer gi punkto NetZeroCities an och dem Fusilli. An de Buergermeeschter huet jo och schonns seng Remarken dozou ginn.

Erstaunt sinn ech awer iwwer den Zäitpunkt, wéi gesot.

Elo hunn Déi Gréng bal zéng Joer de Buergermeeschter hei zu Déifferdeng gestallt, a ware virdrun och nach an der Majoritéit. Mee da kann ee sech jo awer d'Fro stellen, an d'Leit dobaussen och: Firwat kommt Der elo eréischt mat esou enger Motioun, wou Der dach d'Méiglechkeet hat, vill Mesuren ëmzesetzen? Dat ass schonns erstaunlech.

A mir sinn eréischt sechs Méint am Amt a si schonns am Plangen an am Ëmsetze vu Mesuren.

Abee, mir huelen Är Rotschléi an déi verschidde Piste mat an eis Diskussioun. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

NetZeroCities engagéiert eis jo zu ville Saachen, wat d'Alimentatioun ugeet. Ech ginn Iech awer Recht, Madamm Pregno, datt mer mussen alles maachen, fir keen Iessen ze verbëtzen, vu datt mer wëssen, datt et Leit ginn, déi net zweemol den Dag ze iessen hunn. An zemools, wou et am Schlëmmsten ass, an do ginn ech dem Här Wagner vollkomme Recht, dat sinn eis Kanner.

Mir hunn nach ëmmer net opginn. Mir sinn nach um Wee, mat zwou Kommissiounen, amgaangen ze kucken, wéi mer et awer kënnen hikréien, dat wat wierklech iwwreg bliwwen ass, fir e Wee ze fannen, dat ze verwäerten. Ech verstinn net, wéi mer deemools den Interieur gefrot hunn, fir dat Iessen, wat mer an de Kantinnen ze vill hunn, wann do och d'Chaîne ënnerbrach gëtt – mir sinn amgaangen ze kucke mat eise Kolleege vum CIGL an anerer, oder et ass mer nach egal, wien dat ass – fir dat, wat iwwreg bleift awer nach kënnen ze verwäerten a Leit mëttes eppes ze iesse gi vun deem, wat iwwreg bliwwen ass.

Esou wäit si mer awer nach net. Den Här Wagner huet Iech erkläert, wou mer iwwerall op Piste sinn.

An enger Saach si mer awer scho ganz wäit, do hu mer elo endlech den Accord kritt, an eisem Gaart, am Maraîchage déi véier Zäre dohinner ze bauen. Wou mer de Leit ganz, ganz vill Geméis kënne ginn, au fur et à mesure am Joer, wéi d'Geméis da prett ass. Wou een uewen e Stand dann huet, hanner dem Kierfecht, wou een d'Geméis ka siche goen zu engem ganz niddrege Präis – scho bal fir näischt. Mir beliwweren eise Buttek an der Grousssstrooss. An do wäerte mer eis praktesch verzéngfachen, wat d'Geméis ugeet, wat mer gären de Leit matginn.

Mir wëssen, datt ganz vill Kanner net vill Geméis kréien. A mer wëllen esou eng Offer ubidden, wou mer dann och eng Erklärung dozou ginn an eisem

*mune d'estimer ce qui est mangé. Le buffet doit être présenté de manière chouette, car les enfants mangent avec les yeux, et préfèrent les hamburgers et les frites. Le soir, certains reçoivent pour tout diner un paquet de chips.*
*En tout cas, le buffet permet aux cuisiniers de voir quelles quantités ils doivent préparer.*
*Par ailleurs, monsieur Bertinelli a mentionné tout à l'heure le recours à une spécialiste pour coacher la commune.*
*Mais tout cela concerne les maisons relais et les cantines. Monsieur Bertinelli reviendra sur NetZeroCities et sur Fusilli.*
*Thierry Wagner se dit surpris du moment choisi pour déposer cette motion. Differdange a eu un bourgmestre écologiste pendant dix ans. Pourquoi les écologistes n'ont-ils pas mis en place cette mesure eux-mêmes au lieu de déposer une motion maintenant ? La majorité n'est là que depuis six mois.*
*En tout cas, le collège échevinal accepte les suggestions et en discutera.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que les villes de NetZeroCities s'engagent contre le gaspillage alimentaire. Il donne raison à madame Pregno quand elle dit qu'il faut tout faire pour ne pas gaspiller des aliments, car il y a des gens qui n'ont rien à manger. Comme l'a dit monsieur Wagner, le pire ce sont les enfants.*
*Le collège échevinal continue de chercher des solutions. Il est par exemple en contact avec le ministère de l'Intérieur et le CIGL pour voir comment réutiliser les restes alimentaires. Comme l'a dit monsieur Wagner, les pistes sont nombreuses.*
*Fred Bertinelli signale par ailleurs que la commune a enfin reçu l'accord pour installer quatre serres dans le jardin communal. Les gens pourront aller acheter des légumes à petit prix. La commune livre aussi des légumes dans la boutique de la Grand-rue. D'une manière générale, les enfants ne mangent pas beaucoup de légumes. C'est pourquoi le collège échevinal veut renforcer l'équipe du maraichage et installer des serres.*

*Fred Bertinelli répète que certains gaspillent beaucoup d'aliments alors que d'autres n'ont rien à manger. La commune en discutera une nouvelle fois avec le ministère de l'Intérieur. Elle recherche également un partenaire où les gens pourraient aller prendre un repas chaud à midi.*
*Pour ce qui est de Fusilli, Fred Bertinelli a demandé au responsable où il en était et quels projets il comptait mettre en place. Il a répondu que mis à part le projet du maraichage, c'était le calme plat. Fred Bertinelli dit avoir été déçu de cette réponse, mais il se peut aussi que cette personne ne reçoive pas assez d'indications. Fred Bertinelli lui a donné des tâches, notamment en ce qui concerne le maraichage.*
*L'échevin répète que tous les conseillers communaux souhaitent réduire le gaspillage alimentaire. Monsieur Wagner a raison de dire qu'il faut un concept global commençant par les écoles et non par des mesures ponctuelles. Fred Bertinelli signale que les légumes produits par la commune ne suffisent pas à couvrir les besoins des cantines. Cultiver des légumes représente un grand service aux enfants et aux citoyens.*
*Le collège échevinal travaille sur plusieurs pistes, mais il est encore trop tôt pour en parler. La commune a notamment besoin d'autorisations du ministère pour tout ce qui concerne l'hygiène. Une fois que ces projets seront prêts, ils seront présentés au conseil communal. En tout cas, le collège échevinal n'arrêtera pas avant d'avoir trouvé des solutions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a l'impression que l'on mélange diverses choses.*
*D'un côté, il y a le gaspillage alimentaire. La commune constate une grande quantité de restes alimentaires dans les cantines. Si la commune parvenait à réduire ou éliminer ce surplus, il n'y aurait plus rien à distribuer ensuite.*
*De l'autre côté, il y a ceux qui n'ont rien à manger et qu'il faut aider à consommer les calories nécessaires pour vivre.*
*Le problème, c'est que la commune est confrontée constamment à des obstacles concernant la chaine ali-*

Maraîchage. Wou mer wierklech eis Ekipp och amgaange sinn opzestocken a wou mer nach véier Zären hibauen. Wou ech och mengen, datt dat de Wee ass, wou mer d'Leit dru kréien. Mer wäerte kee Geméis dohinner setzen, wou d'Zäit net ass. Mee dat ass de Wee.

Mee Dir hutt Recht, jiddweree mécht sech Suergen, datt mer Iessen ewechgeheien, woubäi et Leit gëtt, déi näischt ze iessen hunn. Do muss ee wierklech alles maachen, fir e Wee ze fannen. A mir probéieren och nach eng Kéier iwwert den Interieur, fir näischt ewechzegeheien, mee fir dat da weiderzeginn. E Partner ze fannen, deen dat dann och ka maachen, wou ee ka mëttes waarm iesse goen. An do si mer amgaangen, drun ze schaffen.

Wat de Fusilli ugeet, muss ech Iech soen – dat war net d'leschte Kéier – Dir hat mech do falsch verstanen. Ech war e bëssen enttäuscht vun deem Mann, dee bei Fusilli schafft. Egal wou Der sidd, Dir fänkt als Schäffen enzwousch un a frot: Wat ass am Maachen? Wat ass geschwat ginn? Wou kënne mer higoen? Wat hutt Der wëlles? Hien huet mer gesot, ausser dem Maraîchage, do ass näischt gelaf ausser dräi, véier Versammlungen.

Et war méi iwwert de Mann, wou ech enttäuscht war. Vläicht huet en dat och net mat op de Wee kritt oder en hat net genuch Apport, fir et ze maachen. Duerfir hat ech Iech gesot, en huet mer gesot, et ass souwisou Enn nächst Joer färdeg, dat, wat Bréissel do investéiert. Soudatt ech gesot hunn, et war net vill Driff méi do, fir do nach Saachen ze maachen.d

Duerfir hu mer selwer Saachen op de Wee bruecht. A mir hu Fusilli elo selwer probéiert, Saachen ze ginn, wéi gesot, och elo dat mam Maraîchage an aner Saachen, wou se solle bréngen.

Mir sinn da vläicht e bësse méi schnell wéi si an duerfir hu mer probéiert, dat ze maachen. Mee jiddweree setzt sech hei an, datt mer keen Iessen ewechgeheien. An ech fannen dat och dee richtege Wee, fir dat global iwwert eis ganz Stad ze maachen, wéi den Här Wagner et och an de Schoule mécht. Dat fannen ech dee richtege Wee, wéi elo punktuell op eenzel Punkten anzegoen. A mir wëssen elo schonn, munchmol geet et souguer net duer bei eisem Maraîchage, wou mer eis Kantinne beliwwere mat Geméis, an duerfir muss een dat nach ausbauen.

Domat, mengen ech, kann een eise Bierger, eise Kanner e groussen Déngscht erweisen, wat Geméis an déi eenzel Saachen ugeet, wann een dat mécht.

Wéi gesot, mer sinn u verschiddene Spueren amgaangen ze schaffen. Et ass vläicht nach net esou honnertprozenteg sprochräif, well mer nach Äntwerte brauchen, wou et net eleng op d'Gemeng ukënnt. Wou d'Autorisatioun vun der Gemeng net duergeet, do brauch een eng Autorisatioun vun der Hygiène, vum Ministère. Mir wäerten dat dann heihinnerbrénge bei Iech. A mir wäerten eis net ginn, bis mer näischt méi mussen ewechgeheien an alles kënnen de Leit ginn, déi dat wierklech néideg hunn.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, mir schwätzen hei e bëssen nieft d'Theema oder mir hunn zwee Theemen, déi mer vermëschen.

Dat eent Theema ass de Gaspillage alimentaire. Do stelle mer fest, dass mer relativ vill vun deem, wat mer kachen, nach iwwreg hunn, nodeem d'Kanner all giess hunn. Wa mer dat géife fäerdegbréngen, op null ze kréien, dann hätte mer jo näischt méi fir duerno auszedeelen.

An dat anert Theema ass: Et gëtt Leit hei, déi hunn näischt ze iessen. Wéi kënne mer deenen hëllefen? Wéi kënne mer deenen eppes zur Verfügung stellen, fir all déi Kalorien, déi se fir ze liewen oder iwwerliewe brauchen?

Mir sinn eis dem Probleem bewosst. Mir stoussen eis allerdéngs un der Gesetzgeebung dauernd, déi seet, d'Chaîne alimentaire däerf net ënnerbrach ginn. An der Zäit, wéi déi Geset-

zer nach net waren, hu mer, wa mer e Fest hate vun der Gemeng a mer haten esou vill Schnittercher iwwreg, hu mer de Pompjeeë se gefouert, mir hunn dem CID se gefouert, mer hu se och an de Servior gefouert, dat war kee Probleem. Elo ass dat strikt verbueden.

Et ass zwar erlaabt, wann Dir aus der Poubelle do ënne virun dem Stadhaus Iessen eraushuelt an dat iesst – dat ass erlaabt, mee dat anert net. Dat ass also net ze verstoen.

Idealerweis wär jo, wann een e Raum hätt, deen niewent enger Kiche wier oder an enger Schoul, wou ee kéint soen, alles wat iwwreg bleift, kënnen d'Leit do vun 13 bis 14 Auer iesse kommen. Eeben dat, wat do ass. Mee dann hätte mer nach de Probleem, da si vläicht nëmme Spaghettien do oder nëmmen Zooss do a keng Spaghettien. Oder et si vläicht nëmme Gromperen do a soss näischt. Dat heescht, et ass awer e bësse méi komplex, wéi einfach elo ze soen, mat esou engem Frigo léise mer de Probleem.

Beim Frigo, do ginn ech dem Buergermeeschter ganz Recht, ech mengen, do muss och e System sinn, wou ee weess, wien do erageet a wien do erausgeet, wien do wat erasetzt, wien do wat eraushëlt, wien do d'Dier opmécht oder net opmécht. Dat ass alles erëm problematesch punkto Hygiène.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Et mellt ee sech als Éischt – anscheinend ze fréi –, da gëtt ee bestrooft, well et schwätzt een als Leschten.

Ech konnt et bal net méi aushalen: Du gees op Bouneweg, do steet ee Frigo virun engem Geschäft, do gi Leit gi laanscht, si maache Saachen dran, aner Leit gi laanscht, si huele Saachen eraus. An anscheinend an der Stad Lëtzebuerg, do verbuede se zwar heeschen, mee anscheinend erlabe se awer Saachen, déi hei zu Déifferdeng, laut dem Hoheitsrecht vun Déifferdeng, net méiglech sinn. Ech kann et net ganz verstoen.

Ech kann och net verstoen: Mir hunn eng Associatioun, déi sech an deem Beräich auskennt, déi sech iwwert all déi Saachen, iwwert déi hei jidderee schwätzt, ouni sech ze informéieren, informéiert huet a weess, wéi et do ass. An de Virschlag vun där Motioun ass, sech mat där ASBL zesummenzesetzen, sech op eng Expertis ze appuyéieren an dann eppes ze maachen. Et huet kee gesot, an där Motioun, dass et ëm d'Iessen aus eise Kantinne geet.

Ech weess, dass Dir an Ärer Realitéit als Schäffen, ganz vill domadder konfrontéiert sidd. An et ass gutt, dass Der Iech vill Gedanken doriwwer maacht, mee de Gaspillage alimentaire, deen ass bei eis doheem am Frigo an an eiser Poubelle herno. Dat ass, wéi mer akafen, an an der Zomm ass dat bestëmmt nach méi. An déi Frigoen zur Verfügung ze stelle fir jiddwereen, fir eppes dran ze maachen, fir eppes erauszehuelen, ass een Outil, fir jidderee fir sech ze kucken, domadder eens ze ginn.

Well mer an enger Konsumgesellschaft sinn, wou mer just eemol d'Woch Zäit hunn, fir an e Supermarché ze goen. Also ech probéieren, et anescht ze maachen, mee bei deene meeschte leeft dat jo esou. An dann huet een eeben heiansdo ze vill. An d'Woch geet méi schnell eriwwer, wéi ee mengt. An dann huet een déi Saachen an da kann een déi do an de Frigo maachen.

Dat ass an der Stad méiglech. Dat ass och op anere Plaze méiglech. Et si scho Gemengen, déi dat en place gesat hunn. An ech mengen, Déifferdeng hätt och déi Méiglechkeet. Ech hu selwer schonn iwwerluecht, hei an der Strooss dat op eegen Initiativ ze maachen. Do hues du keng Verantwortung als Gemeng. Du setz am Fong just d'Infrastruktur dohinner. A fir de Rescht sinn d'Leit selwer verantwortlech.

Natierlech, wa mir elo d'Iessen aus der Kantin géifen do an de Frigo maachen, da misst ee kucke mat där Associatioun. Dann ass eis Verantwortung am Spill. Mee ech mengen emol net. Mee da misst ee jo nach kucken, a wéi eng

*mentaire. Tom Ulveling se souvient d'une époque où, après une fête, la commune distribuait le reste des canapés aux pompiers, au CID et à Servior. Mais aujourd'hui, c'est strictement interdit. En revanche, les gens ont le droit de fouiller les poubelles et de manger les restes. C'est incroyable.*
*Une solution consisterait à aménager une pièce dans les écoles où les gens pourraient venir manger de 13 h à 14 h après le repas des enfants. Le problème, c'est qu'on ne peut pas prévoir ce qui restera. On risque de se retrouver avec de la sauce, mais plus de pâtes, ou uniquement avec des patates.*
*Bref, tout cela est complexe et ne sera pas résolu avec un frigo. En plus, comme l'a dit le bourgmestre, il faudrait mettre en place un système de surveillance.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que si on demande la parole trop tôt, on se fait punir et on passe en dernier. Il était sur le point d'exploser, car à Bonnevoie les gens utilisent un tel frigo sans problème. Apparemment, Luxembourg–Ville permet des choses que les instances suprêmes de Differdange interdisent. C'est incroyable.*
*En plus, il existe une association disposant des compétences nécessaires. Ici, tout le monde parle sans avoir les informations requises. La motion propose un partenariat avec l'association en question. Personne n'a parlé du gaspillage alimentaire dans les cantines.*
*Le collège échevinal fait bien de s'engager. Mais le gaspillage alimentaire est fait à la maison dans le frigo et dans la poubelle. Un frigo communautaire n'est rien d'autre qu'un outil. Dans une société de consommation où on ne fait ses courses qu'une fois par semaine, il arrive que l'on achète trop. La semaine passe vite et on se retrouve avec des aliments à jeter dans le frigo.*
*D'autres villes comme Luxembourg ont installé un frigo communautaire. Differdange devrait aussi pouvoir se le permettre. Gary Diderich a même réfléchi à le faire lui-même. En tout cas, un tel frigo n'engage pas la responsabilité de la commune, mais celle des usagers, à*

*moins que la commune n'y place les restes des cantines. De toute façon, dans une première phase, la commune pourrait choisir de ne pas s'en occuper.*
*Le frigo communautaire n'est pas seulement destiné à ceux qui n'ont rien à manger. Gary Diderich a suffisamment d'argent et pourtant, il essaie de récupérer des restes pour éviter qu'ils ne finissent à la poubelle.*
*La question du besoin n'est qu'une pièce de ce système. Tout le monde peut se servir du frigo, que l'on ait de l'argent, que l'on veuille faire des économies ou que l'on soit démuni. Le frigo est un petit geste pour thématiser le gaspillage alimentaire.*
*De toute façon, même si le conseil communal approuve la motion, cela ne signifie pas que le frigo sera installé demain. Les commissions vont d'abord en discuter.*
*Après, comme l'a dit à raison le bourgmestre, il faudra discuter du site optimal et veiller à ce que les gens n'utilisent pas la prise pour charger leurs téléphones.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Diderich pour ses explications. Parfois, il vaut la peine d'attendre le feu vert pour ensuite exploser littéralement d'émotion.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *constate que chacun a droit à la parole. Elle avait sur le bout de la langue tout ce que monsieur Diderich vient de dire.*
*Certains ne comprennent pas le principe du* food sharing. *Il ne s'agit pas de donner à manger à ceux qui n'ont rien. Chacun doit contribuer au système.*
*Dans le quartier où Zenia Charlé habite, les voisins ont déjà mis en place un tel système. Sa voisine dispose d'un grand frigo dans le garage. Le soir, ils se rendent dans les commerces locaux pour demander les restes, qui sont ensuite distribués. Il peut s'agir de salades, de sandwichs… Bref, le* food sharing *est totalement différent du système présenté tout à l'heure.*
*En revanche, il est vrai qu'une commune ne peut pas engager sa responsabilité. Elle soutient donc la proposition de monsieur Diderich*

Dëppercher méchs de dat an esou weider?

Mee do kënne mer an enger éischter Phas eis Fangeren dovu loossen a soen, hei et ass esou. An et geet emol net nëmmen ëm d'Leit, déi keng Suen hu fir Iessen. Also ech hu genuch Suen, fir mer mäin Iessen ze kafen. Ech probéieren awer, Saachen ze recuperéieren. An ech kucken, déi Saachen, déi mäi Brudder hei an e lokalen Traiteur siche geet um zéng Auer, en Deel dovunner ze huelen, fir dass en net an der Poubelle lant.

Dat ass eng Associatioun, wou et einfach drëm geet, de Gaspillage alimentaire erofzesetzen. Do ka jidderee vun eis Member ginn. Do ka jidderee Recuppe maache goen. Et sinn och e puer lokal Commercen, déi do matmaachen.

Do geet et net onbedéngt ëm de Besoin. Ech mengen, dat ass och eppes, wat domadder ofgedeckt gëtt, wann een esou ee Frigo dohinner stellt. Natierlech wäerte Leit drop zréckgräifen, déi dann och déi Sue géife spueren oder déi keng Moyenen hunn. Mee ech hoffen, dass och ganz vill aner Leit drop zréckgräifen. Mir liewe wierklech einfach an enger Gesellschaft, wou vill ze vill produzéiert gëtt. An dat doten ee klenge Gest ass, dee mer kënne maachen, fir dat ze thematiséieren.

Natierlech kéint een och soen, dat do hätte mer gutt an enger Kommissioun diskutéiert, dann hätte mer elo net um 12.20 Auer déi doten Diskussioun nach, wou net jiddereen driwwer forméiert ass. Déi Remark kann ee gäre maachen. Natierlech och déi, dass dat schonn déi lescht Joren hätt kënne gemaach ginn, mee et ass ni ze spéit.

Wa mir déi Motioun stëmmen, da muss dee Frigo net muer do stoen. Da kann et nach ëmmer an d'Kommissioun goen a mir hunn e Gest gemaach an déi richteg Richtung. Ech fannen déi Initiativ ze begréissen, a mir fannen do bestëmmt e Wee. An et ass jo net gesot, e misst virun deem Buttek do stoen.

Et sti verschidden Iddien do, wou dee ka stoen. Da kann een déi Gespréicher féieren, wat Dir, zu Recht, Här Buergermeeschter, sot, dass ee mat deene Leit muss schwätzen, dass ee muss kucken: Wou ass déi richteg Plaz? A wéi kann een de Stroumuschloss esou maachen, dass herno net jidderee säin Handy do luet an de Frigo op eemol net méi funktionéiert? Oder wat och ëmmer. Dat kënne mer da kucken.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich, fir déi emotional Erklärungen, déi awer ganz gutt waren. Et ass derwäert, sech ee Moment ze reservéieren, fir dann, wann een de Feu vert huet, richteg emotional ze explodéieren. Ganz gutt esou.

D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Villmools merci fir d'Wuert. Jiddweree kënnt jo nach drun. Gefillsméisseg, wat den Här Diderich elo um Schluss gesot huet, dat louch mer dee ganzen Zäit op der Zong. Ech mengen, dass vill Leit vun deem Foodsharing en total falscht Bild hunn. Foodsharing ass net: Deen doten, deen huet näischt ze iessen a ka sech näischt ze iesse leeschten. Mee am Fong sollt jo jiddereen e bësse Foodsharing maachen.

Bei eis an der Noperschaft ass et schonn – Dir hat et virdru gesot, et ka quartiersbezu sinn, datt verschidde Leit sech ëm déi Saache këmmeren, bei eis ass dat effektiv. Mir hunn zwar keen esou ee Frigo, mee meng super Nopesch niewendrun, d'Lynn, dat huet e wonnerbar risege Frigo a senger Garage. An dat ass an deem Projet vu Foodsharing, wou et a verschidde Lokaler, Bäckereien oder esou geet, wat déi owes ze vill hunn, wat net méi däerf verkaf ginn, wat ofgeholl gëtt. A wou mir an enger grousser Grupp sinn, wou et dann heescht: Wie brauch haut Brout? Ech hunn esou vill Zaloten, Sandwichen, wat och ëmmer. An da gëtt dat esou verdeelt. Do ass jiddwereen am Fong vun der Noperschaft, deen dovunner profitéiert.

De System vu Foodsharing soll net just si fir Leit, déi näischt hunn, oder just fir déi Saachen, déi mer wëllen ewechgeheien. Wéi dee System, dee mer virdrun ugeschwat hunn, deen och ganz gutt ass, mat deem Orbisk, fir dat iergendwann eng Kéier méi grouss opzemaa-

chen. Mee dat geet am Fong an eng total aner Richtung.

Mee ech denken, dass déi Saach mat deem Frigo am Fong net esou verkéiert ass. Dass et awer natierlech schwiereg ass, dat vläicht als Gemeng esou ze veräntwerten. Dofir fannen ech déi Propos, déi vum Här Diderich koum, ganz positiv. Dass een do mat enger ASBL kuckt, déi sech auskennt, wa mer Bedenken hunn: Bleift dat propper? Schimmelt dee Frigo, wann een de Stecker erausgezunn huet?dDass een dat mat där ASBL kuckt, déi sech dann dorëms këmmert.

Dann ass een als Gemeng net an där Responsabilitéit a muss och net déi Leit zur Verfügung stellen. Well soss misst een, wann een dat veräntwerte wëll, all Dag een hunn, deen déi Frigoe botze geet. Well dat leeft dann iwwert d'Gemeng, da muss een déi Standarden hunn.

An ech mengen, wann een do mat enger ASBL kuckt, déi sech auskennt, also mat deenen, wou d'Nopesch vu mir ganz involvéiert ass, dat funktionéiert super. Déi Leit, déi sinn esou engagéiert, do ass et null Probleem fir Leit, déi schonn do engagéiert sinn, fir all zweeten Dag kucken ze goen, ob net do eppes ass, wat scho geschwënn aus dem Frigo fortleeft.

Ech denken, dass mat Leit, déi do engagéiert sinn, dass dat sollt funktionéieren. Dass een einfach do ka mat enger ASBL kucken a sech als Gemeng net muss do veräntwerten an als Gemeng sech anere Punkten unhëlt, wéi an de Kantinnen, den Antigaspi an esou. Ech denken, dass een dat net einfach sollt verwerfen. Dass dat awer och net e Projet ass, wou een elo seet, iwwermuer stinn déi Frigoen do. Mee dass ee fir d'Zukunft kuckt, dass ee vläicht esou eppes an Zesummenaarbecht mat engem Veräin, enger ASBL kéint ëmsetzen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Här Cillien. Elo hat ech Iech bal vergiess. Pardon.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, vu datt alles gesot ginn ass an et awer elo bal 12.30 Auer ass, wëll ech just nëmme felicitéiere fir dës Motioun an déi wäerte mir och matstëmmen. Dat ass e gudde Projet. Et gesäit een, wann ee sech domadder befaasst, datt an deene Frigoe kee réie Fësch a kee réit Fleesch soll sinn. Dat alles bréngt déi Associatioun mat, dat Wëssen. An dem Sënn wäerte mir dat matstëmmen. Et ass alles gesot ginn, da brauch een net méi ze soen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cilien. Den Här Meisch nach séier.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Eng Zousazinfo aus eegener Erfarung: Wa mer elo ee Frigo hei virun der Gemeng stoen hätten, kéinte mer eis elo eppes siche goen, fir eppes ze iessen. Mee dat just am Rande.

(Gelaachs)

An der Gemeng, wou ech schaffen, do ass et esou, datt d'Gemeng der ASBL Foodsharing e Sall zur Verfügung stellt, an all Freideg vun 18 bis 20 Auer ass d'ASBL mam Personal selwer do. Si ginn dat Iessen eraus, wat se an de Supermarchéen an de Geschäfter gesammelt hunn. Den Undrang ass enorm. D'Gemeng stellt d'Lokalitéit zur Verfügung an de Stroum. Do stinn da Frigoen, a si als ASBL maachen d'Gerance. Si ginn d'Saache sichen, si ginn d'Saachen eraus an esou weider an esou fort. Just als Info.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt mech, Här Wagner, ech hunn eng falsch Versioun erageschéckt vu menger Motioun. Mir haten dee Postus mat Ärem Numm gestrach.

*consistant à en discuter avec une ASBL. Il s'agit notamment de voir comment garder le frigo propre, etc.*
*Si la commune se charge du projet, elle devra veiller à maintenir propre le frigo et à ce que les standards soient respectés.*
*La voisine de Zenia Charlé est engagée dans une association. S'assurer tous les deux jours qu'il n'y a rien de périmé dans le frigo n'est pas compliqué.*
*Zenia Charlé répète qu'il faut collaborer avec une association pour que la responsabilité de la commune ne puisse pas être mise en cause. Bien entendu, ces frigos ne vont pas être installés du jour au lendemain. Mais le collège échevinal ferait bien de réfléchir à la question d'un partenariat avec une association.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *cède la parole à monsieur Cillien, qu'il avait failli oublier.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *constate que tout a été dit. Il félicite les écologistes pour cette motion que les démocrates vont approuver. C'est un bon projet,*
*À titre d'exemple, on ne pourra pas mettre de la viande crue dans le frigo. Mais l'association en question dispose des connaissances nécessaires.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *plaisante sur le fait que s'il y avait un frigo devant l'hôtel de ville, les conseillers communaux pourraient aller se ravitailler en ce moment même.*
*(Rires)*
*La commune pour laquelle François Meisch travaille met une salle à disposition de Foodsharing tous les vendredis de 18 h à 20 h. L'association distribue les aliments récoltés dans les supermarchés et les commerces. La demande est énorme. La salle comporte des frigos et l'ASBL en assure la gérance.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'excuse auprès de monsieur Wagner. Les écologistes avaient retiré son nom de la dernière version.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au vote.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale qu'elle a remarqué qu'elle avait envoyé la mauvaise version de la motion en la lisant.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au vote.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *propose d'imprimer la dernière version de la motion.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se réjouit d'avoir obtenu autant d'informations, qui étaient bien plus précises que ce qui figurait dans la motion. Il doit avouer qu'il ne connaissait pas le détail du système. Désormais, il se dit ouvert à la suggestion.*
*Le collège échevinal va s'informer auprès de l'association et des communes qui utilisent déjà le système depuis des années.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'il cherche aussi un local.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne veut pas créer de problèmes. Il s'inquiétait simplement de la chaine du froid qu'il ne faut pas briser.*
*Désormais, il est ouvert à ce projet et fera des propositions concrètes sur la manière de mettre en place un frigo sur le terrain.*
*Pour Guy Altmeisch, c'est ce qui compte, peu importe que l'on approuve ou pas la motion. Il s'agit de mettre en place un système qui a une queue et une tête une fois que le collège échevinal aura toutes les informations à disposition.*
*Madame Pregno veut-elle que la motion soit soumise à un vote ? Ou préfère-t-elle attendre que le collège échevinal ait rassemblé des informations ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a cru comprendre que le consensus était large. Elle propose de voter la motion.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne raison à monsieur Ulveling. Il reste de nombreuses questions en suspens.*
*Il est évident qu'il faudra retirer le nom de la motion. Mais il faut aussi*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da kënne mer jo net ofstëmmen iwwert déi Motioun elo hei.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll awer esou éierlech sinn an dat hei soen. Ech hunn dat gemierkt, wou ech et gelies hunn. Do hunn ech geduecht, ech hunn eng falsch Motioun eragescheckt an et war net meng leschte Versioun.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da kënne mer net ofstëmmen driwwer.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech ka proposéieren, dass ech dat läschen an ech schécken dat nei eran. Wéi Der et gären hätt. Ech soen et awer einfach just emol.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eent wëll ech emol soen: ganz interessant, ganz interessant, ganz vill Informatiounen. A Gott sei Dank méi Informatioune wéi just: „collaborer avec l'association, selon son expérience dans la mise en place d'un tel dispositif".

Ganz flott Informatioune, ganz vill Informatiounen. Saachen, déi eis bis dato net esou an deem Detail bewosst waren. Ech mengen, mir si ganz oppen a mir huelen eis deem Probleem un. Mir informéieren eis, mir huelen déi Informatiounen, déi mer kréie vun där Associatioun, déi méi Erfarung huet doranner wéi mir. Respektiv vun deene Gemengen, déi dat iwwer Joren oder iwwer Méint schonn duerchzéien. Do informéiere mer eis.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir kucken no engem Lokal.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir kucken no Ërtlechkeeten, wou mer dat kënne realiséieren. Da si mir déi Lescht, déi doranner Probleemer gesinn. Ech gesi just Probleemer, wéi ech am Ufank erkläert hunn, mat där Ënnerbriechung vun der Kill-Situatioun an esou virun.

Mee selbstverständlech hu mer en oppent Ouer, fir dee Probleem do unzegoen. A mir wäerten och alles maachen, fir Iech eng Propos ze maachen, wéi dat um Terrain oder wéi dat an der Praxis ze realiséieren ass.

Ech mengen, dat ass jo dat Wichtegst. Et geet eis elo net drëm, fir déi Motioun hei unzehuelen oder net unzehuelen. Et geet eis drëm, fir wa mer eppes schafen, fir et dann esou ze schafen, dass mer et och kënne bäibehalen, an dass et Kapp a Schwanz huet, duerno wa mer déi Informatiounen all hunn, an dass mer wëssen, vu wat mer schwätzen.

Mir hunn zwou Méiglechkeeten: Wëllt Der, dass mer iwwert d'Motioun ofstëmme loossen? Oder zitt Der se zréck an Dir waart op déi Informatiounen, déi mir Iech proposéieren? Da komme mer nach eng Kéier op d'Motioun zréck.

Et ass, wéi Dir wëllt.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Da kommt, mir stëmmen driwwer of. Si fënnt jo e breede Konsens, hunn ech jo elo esou verstanen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da stëmme mer driwwer of.

(Audioopnam feelt)

Do muss ech dem Här Ulveling Recht ginn, et bleiwe vill Froen op. Iwwer wat stëmme mer elo of? Déi Motioun hei, mat den Nimm ewech, dat ass jo kloer. De Rescht, do si vill Froen nach, déi net beäntwert sinn. Wat ass den Text, iwwert dee mer ofstëmme vun der Motioun? Dass mer de Frigo op d'Plaz setzen?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mir mir stëmmen driwwer of, dass, dass de Schäfferot dëse Projet unhëlt, mat Foodsharing.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dass mer de Projet Foodsharing ënnerstëtzen an eng Analys maachen. Nee, ech wollt dat just kloerstellen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Also esou gesinn ech dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Well net, dass mer deen Text hei ofstëmmen a mer e Frigo sollen opstellen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee, ech hunn de Prozess gemengt. Also mir hunn de Prozess gemengt. Mir wëssen natierlech, dass et fir eng Gemeng schwiereg ass. Mee mir wëlle just, dass d'Gemeng den Initiator ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Okay.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass net, dass mir kee Projet oder esou gemaach hätten. Mir hu viru sechs Joer ugefaangen domadder. Mee deemools gouf et nach kee Foodsharing.lu. Et huet eis wierklech gefeelt un Instanzen, déi hätte Saache kënnen iwwerhuele fir d'Gemeng.

(Ënnerbriechung)

Jo, awer net esou, wéi et haut ass. Well d'Gemeng natierlech och als Unité publique immens schwiereg do steet. Mee mir hätte gär eng Initiativ.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir stëmmen driwwer of, dass mer de Projet Foodsharing als Gemeng tel quel ënnerstëtzen, ausbauen, eis informéieren an dann e Projet presentéieren? Ass dat an Ärem Sënn? Gutt. Stëmme mer of.

Mir stëmmen driwwer of, net iwwert d'Motioun, mee dass mer eis als Gemeng engagéieren, fir eis fir de Foodsharing staark ze maachen, eis ze informéieren an e Projet drop opbauen.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SÉCRETAIRE COMMUNAL ADJOINT):**

A wat maache mer mat der Motioun?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Motioun ass jo dann ersat duerch déi Ofstëmmung, déi mer da maachen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Brauche mer dann net e Schrëftstéck, eppes? Kënne mer eppes an d'Loft elo ofstëmmen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, richteg. Mee Dir verstitt jo awer, dass mer dat hei net kënnen esou unhuelen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Nee. Mee iwwer wat wëllt Der dann elo ofstëmmen? Eng Iddi?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dass d'Gemeng sech engagéiert …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mee da brauche mer jo net ofzestëmmen, well mir hu jo keng Ënnerlag.

*se mettre d'accord sur la formulation.*
*(Interruption de Mme Pregno)*
*Guy Altmeisch demande si le vote porte sur l'installation d'un frigo à Differdange.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *propose de voter que le collège échevinal s'occupera de ce projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *tient à préciser qu'il ne sait pas encore si le projet pourra être réalisé.*
*(Interruption et discussions)*
*Guy Altmeisch veut juste être sûr que le vote porte sur le fait que le collège échevinal analysera le projet du* food sharing.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que c'est sa façon de voir les choses.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne veut pas garantir que la commune installera un frigo.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *estime que la motion porte sur le processus. Elle connait bien les difficultés liées à la mise en place du projet. Elle veut juste que la commune commence le projet.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno a envisagé un tel projet il y a six ans. Mais à l'époque, Foodsharing Luxembourg n'existait pas.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno souhaite que la commune prenne l'initiative.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de soumettre au vote le fait que la commune s'informera et soutiendra le projet de* food sharing.
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch suppose que la motion est remplacée.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande s'il ne faut pas s'appuyer sur une pièce écrite.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que le collège échevinal ne peut pas approuver la motion telle qu'elle est présentée.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne comprend pas ce que monsieur Altmeisch veut soumettre au vote.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de voter sur l'engagement de la commune.*
*(Interruption de M. Ulveling)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que sans documentation, le conseil communal n'a pas besoin de voter.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que dans ce cas, il n'y aura pas de vote.*
*(Discussions)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *propose à madame Pregno de préparer une nouvelle version de la motion précisant que la commune s'engage à vérifier si l'installation de frigos est possible et à quels endroits elle peut le faire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que cela résoudrait les problèmes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que madame Pregno vient d'avancer une idée. Le conseil communal est d'accord. Il ne voit donc pas où est le problème. Il reste juste à définir les modalités et voir ce que permet la loi.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *concorde.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que si les écologistes préfèrent une motion, ils n'ont qu'à l'adapter légèrement. La motion peut être acceptée ou rejetée. Mais dans la forme, il faut une pièce écrite.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que la première phrase parle bien de mettre en place un frigo.*
*(Discussions)*
*Tom Ulveling n'approuvera pas la motion sous cette forme.*
*(Discussions)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *décide de retirer la motion. Elle se réjouit de l'engagement du collège échevinal et se dit convaincue que celui-ci agira rapidement.*
*En outre, si le collège échevinal a besoin de personnes de contact,*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da brauche mer dat net ofzestëmmen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Brauche mer dat net, eng Ënnerlag? Ech weess net. Här Leblond?

(Diskussiounen)

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir hat jo gesot, Dir géift déi Motioun nach eng Kéier nei eraschécken ouni Thierry Wagner dran. Da schéckt et nach eng Kéier un de Schäfferot, wou nëmmen drasteet, datt d'Gemeng sech engagéiert, fir dat an eenzel Quartieren anzesetzen, an da préift, wou een dat dote ka maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wa mer dat esou géife maachen, dann hätte mer dat en bonne et du forme an dann hätte mer keng Probleemer.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir hutt den Ustouss ginn, fir de Probleem ze léisen. A mir soen, mir sinn d'accord, fir en ze léisen, dann ass et jo kee Probleem. Ech mengen, mir si jo all hei um Dësch d'accord, fir ze soen, et muss an déi Richtung eppes geschéien. Wéi mer et maachen, wësse mer nach net. Mer musse kucken, wéi d'Legislatioun ass, musse kucken, wéi hei an do ass. Mee mir si gewëllt, eppes ze maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Genau.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Mee wa si elo onbedéngt wëllen eng Motioun hunn, wou dat drasteet, da kënne se jo mat deem Saz do, wat mer elo gesot hunn, dat selwecht draschreiwen, an eis et nach eng Kéier schécken. Et geet jo drëms, entweeder d'Motioun ofzeleenen oder ze stëmmen. Mee an der Form, wëlle mer, datt dat geschriwwe gëtt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Deen éischte Saz kënne mer jo net – do steet: „mettre en place un réfrigérateur partagé accompagné …"

(Diskussiounen)

Dat kënne mer jo awer net esou unhuelen.

(Diskussiounen)

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Oder, wann Dir drop behaapt, stëmme mer driwwer of an dann decidéiert …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Kommt, mir zéie se zréck. Mir huelen d'Ausso vum Schäfferot zur Kenntnis. Mir si frou, dass Der Iech op deem Wee engagéiert. Dir sidd jo schnell. Ech denken, Dir bréngt schnell eppes op d'Been.

Op jidde Fall, wann Der d'Kontakter wëllt vun deene Bierger, déi interesséiert sinn, kommt op eis duer respektiv mir ginn Iech se weider an da stitt Der am Kontakt. Eis geet et ëm d'Saach. Mir bréngen Déifferdeng zesumme weider.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Genau. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer gemeinsam eppes op d'Bee stellen, wat mer realiséiere kënnen a wat och hält. Et ass dat, wat wichteg ass.

Ech soen Iech Merci. Dann hale mer dat esou fest.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass am NetZeroCities jo souwisou …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da kéime mer zu deenen anere Froen. Well mer elo déi do haten, géif ech als nächstem dem Här Meisch d'Wuert gi fir seng Fro. Da fuere mer der Rei no. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hunn e puer Froen. Ech ginn d'Wuert herno weider oder mir huelen eng Fro no där anerer. Wéi Dir et am beschte wëllt.

D'Verkéierssituatioun an eiser Gemeng gëtt bekanntlech ëmmer méi schlëmm. Zäitweis steet alles komplett stëll. Dofir e puer Froen oder Remarken.

Wou ass de Projet drun, fir de Rond-point zu Nidderkuer duerch rout Luuchten ze ersetzen? Dat gouf jo schonn e puermol am Budget erwäänt.

Een anere Rondel, de Rondel bei der Industriezon Gadderscheier. Dat gëtt vun Dag zu Dag méi katastrophal a mëttlerweil richteg geféierlech. Do steet zäitweis alles komplett, an et kënnt kee méi an Déifferdeng eran oder eraus.

Des Weidere stinn d'Autoen Honnerte Meter an den Offaarte vun der Collectrice. Eis Noutdéngschter hunn et ëmmer méi schwéier, fir do duerchzekommen. Awéiwäit goufe Gespréicher gefouert betreffend déi katastrophal Organisatioun vun den Acteuren op der Plaz, ënner anerem d'Firma Kronospan oder d'Firma Cloos, mengen ech.

D'Uliwwerung vun de Camione schéngt do komplett willkürlech ze geschéien. De Fonctionnement bei a ronderëm der Bascule ass alles, mee net perfekt.

Dat waren déi zwou Froen zu deenen zwee Rond-pointen.

Nach zwou Remarken, déi ech mer notéiert hat. Oder eng Ureegung: Wéi vill Sue musse mer nach an e Parkleitsystem pompelen, bis endlech en akzeptabelt Resultat ze kréien ass? Do gi reegelméisseg ganz komesch Saachen affichéiert.

Eng lescht Remark zu der Woiwer Kräizung: Zu Stousszäite geet do guer näischt. Mir géifen eis wënschen, dass de Fonctionnement vun de Luuchten nach eemol géif ugepasst ginn. Wann déi Firma eis dat als intelligent Ampelsystem verkaf huet, dann hu se eis schéin ugeschmiert.

Mee konkreet hätt ech déi zwou Froen zum Rond-point Nidderkuer an zum Rond-point Gadderscheier.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. D'Wuert geet un den Här Bertinelli fir déi néideg Erklärungen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Alles, wat den Här Meisch elo gesot huet, hu mer jo och ëmmer bedauert an ugeklot. Leider Gottes ass et esou, mir waren alleguerten an de Budgetssitzungen, a mir wësse jo ganz genau, wat mer kënne realiséieren a wat mer net kënne realiséieren. Also dat ass emol déi éischt Äntwert.

Zweetens ass et sou, datt mer do vu ville Staatsstroosse schwätzen, wou Dir elo gesot hutt, Här Meisch. Wou ee wierklech muss ofwaarden, wéi d'Ponts et chaussées an de Fonds de route dorop reagéieren.

Ech wëll op dëser Plaz soen, datt mer d'Fréijoer dat neit Konzept wëlle virstellen, wat mer mat deem grousse Bureau d'études gemaach hunn, wéi dat sollt ausgesinn. Do muss een au fur et à mesure kucken.

D'Kräizung um Woiwer si mer drop fir d'Luuchten. D'Kräizung zu Nidderkuer, de Rond-point, do si mer och drop, do schaffe mer drun. Mee wéi gesot, muss een dat ufroen, éischtens, an zweetens budgetiséieren, fir et hinzekréien. Awer mir schaffen all Dag un deene Projeten.

Wann Der Iech erënnere kënnt, Här Meisch, hate mer zu menger Zäit d'Eroffueren an d'Woiwer Strooss, fir eriwwer ze fueren an d'Zolwer Strooss, ver-

*madame Pregno peut les lui fournir. L'important, c'est que Differdange avance dans la bonne direction.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *est certain que ce projet verra le jour. Il remercie madame Pregno.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Guy Altmeisch cède la parole à monsieur Meisch pour sa question.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que la situation sur les routes empire constamment. Par moments, le trafic est paralysé.*
*Le rondpoint à Niederkorn doit-il toujours être remplacé par des feux tricolores ?*
*Le rondpoint de la zone industrielle Gadderscheier est une catastrophe. Parfois, la situation est carrément dangereuse, car les voitures sont à l'arrêt sur des centaines de mètres à la sortie de la collectrice. Les services de secours ont du mal à passer. Le collège échevinal a-t-il déjà discuté avec les acteurs sur le terrain comme Kronospan ou Cloos ?*
*Qu'en est-il du système de guidage vers les parkings ? Combien d'argent la commune doit-elle encore investir pour arriver à un résultat acceptable ? Les panneaux affichent des informations bizarres.*
*Pour ce qui est du carrefour du Woiwer, il est paralysé aux heures de pointe. Il faudrait adapter le fonctionnement des feux tricolores. L'entreprise qui a vendu les feux tricolores à la commune s'est bien moquée d'elle.*
*François Meisch précise que ses deux questions concrètes concernent les deux rondpoints de Niederkorn et de Gadderscheier.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *donne raison à monsieur Meisch. Mais après les débats budgétaires, tous les conseillers communaux savent ce que la commune peut réaliser ou pas.*
*Deuxièmement, une partie des routes mentionnées sont des routes nationales. C'est donc à l'Administration des ponts et chaussées de réagir.*
*Le collège échevinal va présenter un nouveau concept de mobilité au printemps. Ensuite, il faudra le mettre en place au fur et à mesure.*

*Le collège échevinal est conscient des problèmes au Woiwer et à Niederkorn. Mais d'abord, il doit obtenir les autorisations nécessaires et ensuite, il doit budgétiser les travaux.*
*Quand Fred Bertinelli était échevin à la mobilité, il avait interdit l'accès à la rue de Soleuvre à partir de la rue Woiwer. Mais aujourd'hui, ce n'est plus le cas. Et en plus, personne ne comprend réellement qui a la priorité.*
*Mais avant tout, il faut un concept. Le collège échevinal veut calmer le trafic dans la rue de Soeuvre. C'était d'ailleurs une promesse du Fonds des routes, qui n'a jamais été maintenue. La commune essaiera d'atteindre cet objectif l'année prochaine.*
*Les négociations avec le ministère continuent, car il s'agit en grande partie de routes nationales. Le collège échevinal informera le conseil communal au printemps. Il y sera notamment question du tracé des CFL, de la collectrice Sanem-Bascharage, du contournement au Haneboesch… Comme il s'agit de routes nationales, des discussions sont en cours avec l'Administration des ponts et chaussées et avec les ministères. Differdange y participe afin de ne pas être oubliée.*
*Fred Bertinelli comprend parfaitement les doléances de monsieur Meisch. Quand le trafic est paralysé, il est temps d'agir.*
*En ce qui concerne le rondpoint à la sortie de la collectrice, la bourgmestre de Sanem est d'accord pour ne signer aucun accord avec Kronospan tant que la situation ne sera pas résolue. Fred Bertinelli cite l'exemple des inondations. Kronospan a construit une grande halle dans la zone industrielle, ce qui entraine des inondations dans le Fousbann, qui est le point le plus bas de Differdange. En tout cas, la bourgmestre de Sanem n'accordera plus de permis de construire.*
*Fred Bertinelli regrette de ne pas pouvoir faire plus, mais il s'agit de routes nationales. À Bettembourg, par exemple, la commune avait installé des feux tricolores à proximité des passages pour piétons, mais elle a dû faire machine arrière sur demande de l'Administration des ponts et chaussées.*

bueden. Datt d'Leit, déi vun der Autobunn, der Collectrice kommen, sollen uewe laanscht d'Bréck fueren an dann an d'Zolwer Strooss fueren. Dat ass ewechgeholl ginn.

Wéi gesot, de Probleem besteet do, datt kee sou richteg eens gëtt, wien do Virfaart huet an där Kräizung do. Do muss ee vill dru schaffen.

Mee wann een dat mécht, da muss een och kucken, datt mer e Programm hunn. Deen éischte Programm, wat mer wierklech wëlle maachen, dat ass d'Zolwer Strooss verkéiersberouegt ze kréien. Well et war vum Fonds de routes ëmmer gesot ginn, wann d'Collectrice fonctionéiert, da gëtt d'Zolwer Strooss berouegt. Och vun hinnen. Dat ass awer ni geschitt duerno, wou mer d'Collectrice bis erof bei d'Ateliere vun der Gemeng gefouert hunn. Soudatt mer dat op eisem Ordre du jour hunn a probéieren, dat d'nächst Joer hinzekréien.

Da kënnt automatesch mat a Fro d'Kräizung beim Berto. Da kommen nach aner Stroosse mat a Fro. A wéi gesot, si mer andauernd am Gespréich mam Ministère, well de Gros dovunner Staatsstroosse sinn, wou mer net kënne soen, dat maache mer elo. Do muss ee fir d'éischt froen.

Dat gitt Der gewuer am Fréijoer, wa mer dat grousst Verkéierskonzept virstellen. Et ass vill, wat am Süde leeft. Zum Beispill déi nei Tracé vun der CFL, déi eriwwer geet duerch Nidderkuer, mam neie Wee op Beetebuerg. Et ass vill an de Stroossen, mat der Fusioun mat der neier Kollektivstrooss Suessem-Bascharage, Contournement, deen erauskënnt am Haneboesch. Wou mer och laang, vill ze vill laang net dobäi waren, wat do geschitt. Mee dat geet iwwert d'Gemeng ewech. Dat si vill Staatsstroossen. Do diskutéiere Ponts et chaussées, do diskutéieren déi eenzel Ministèrë mat. An do probéiere mer, esou no wéi méiglech dobäi ze sinn, fir datt Déifferdeng do net vergiess gëtt.

Mee ech verstinn dat alles. Ech hunn dat och ëmmer ugeklot, wat den Här Meisch elo gesot huet. Mee, wéi gesot, wann et esou weidergeet, datt een net méi duerchkënnt, da muss eppes geschéien.

Wat de Rond-point ugeet vun der Autobunn, der Collectrice erof, hu mer en Accord mat der Madamm Buergermeeschtesch vun der Gemeng Suessem, déi näischt ënnerschreift, wat d'Kronospan do muss bauen, ier dee Probleem geléist ass. Wéi déi Saach mam Waasser. Well mir sinn herno déijéineg, déi de Probleem droe mam Waasser.

Well d'Kronospan déi grouss Hal hibaut, an déi Zone industrielle kënnt op déi Plaz, wat déi déifste Plaz ass, de Fousbann. Da leeft d'Waasser. Mir hunn elo schonn e Probleem mam Héichwaasser do. A soulaang, wéi dat net gereegelt ass, huet d'Buergermeeschtesch vu Suessem mer versprach, datt se näischt wäert ënnerschreiwen, keng Baugeneemegung wäert ginn. An hei wäert dat selwecht sinn. Ier déi Saachen, déi Probleemer do geléist sinn.

Ech verstinn dat awer, well dat geet mer och op d'Nerven, datt een do näischt ka maachen, well et Staatsstroosse sinn. An ech wëll och soen: Meng Frënn aus Beetebuerg haten elo dee ganze Wee bis erop op d'Autobunn rout Luuchte bei d'Zebrasträife gesat. Esou Punkten, wéi mir zu Uewerkuer hunn. An déi hu se erëm all missen ewechhuelen, well d'Ponts et chaussées gesot huet: Dat däerft Der net maachen. Obschonn et gutt gemengt war fir d'Kanner, déi an d'Schoul ginn. Fir datt een och nuets an am Niwwel gesäit.

Mee wéi gesot, mir schaffe wierklech händeréngend drun. An ech sinn och frou, datt mer elo deen een oder anere bäikréien an eisem Verkéiersservice. Leit mat Erfarung, déi eis do eng Hand matupaken an hëllefen, datt et méi schnell virugeet.

Mee ech kann awer verstoen, wann all Mënsch, deen owes vun der Aarbecht kënnt an duerch dee Verkéierschaos fiert, sech do opreegt. Mee et ass net ëmmer un der Gemeng, fir Léisungen ze fannen. Mir mussen och Léisunge fannen, déi mer zesummen huele musse mat den Instanzen, déi dofir zoustänneg sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir hunn eis dat opgedeelt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci fir d'Wuert. Ech hätt zwou Froen, ier ech d'Wuert herno weiderginn un den Här Cillien. Déi eng geet ëm d'Kommissiounen an déi aner iwwert de Parking am Ale Stadhaus.

Wat d'Kommissioune betrëfft, komme Leit bei eis a soen, bei verschiddene Kommissioune klappt dat einwandfrei, bei aneren net. Dat ass jo schonn thematiséiert ginn. Mir froen eis: Firwat ass et net méiglech, dass all Sekretär vun enger Kommissioun déi Deeg duerno e Rapport schreift, op d'Cloud setzt an de Gemengerotsmembere mailt?

Bei verschiddene Kommissioune klappt dat ganz gutt. A bei anerer einfach net. Zum Beispill d'Ëmweltkommissioun, mee et ass jo hei ewell ugeschwat ginn.

Déi zweet Fro, déi ech nach hätt, zum Parking Aalt Stadhaus. Mir si scho puermol drop ugeschwat ginn, dass d'Leit do mat der Diffcard geparkt hunn, ënner anerem an eise Kulturzentrum koumen an duerno si se net méi erauskomm. Dat heescht, si hunn den Auto misse stoe loossen an hu misse kucken, datt se eens ginn. Krute mir matgedeelt.

D'Fro ass: Wësst Dir eppes dovunner? Si mir déi eenzeg, déi dorop ugeschwat goufen? Merci fir d'Nolauschteren.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do kann ech näischt soen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, mee vum Verkéier, mat der Diffcard.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

D'Diffcard: Ech wëll de Gemengerot informéieren, dat war jo Designa, an dat war jo net nëmmen e Probleem, mir hu se och ugesicht fir déi Parkingen, déi méintelaang op waren, wou d'Dieren net zougaange sinn a wou dat net fonctionéiert huet. Do hu mer Schuedensersaz gefrot, mat der Gemeng Diddeleng a mat der Gemeng Esch zesummen, well déi méintelaang net fonctionéiert hunn.

Dat hat och näischt mam Bedreiwer ze dinn, et hat mat deem Mann ze dinn, deen zum Beispill d'Diffcard an déi Apparater entworf huet, dat ass Designa, dat ass eng däitsch Firma. A mëttlerweil hunn déi dräi Gemengen Designa gekënnegt a mir si mat engem aneren ënnerwee.

Mir sinn elo amgaange mat enger App fir d'Gemeng Déifferdeng, wou keng Barriär méi ass. Wou een iwwert déi App, mam Telefon drop kënnt a säi Parking ofgebucht gëtt, wou dann opan zougeet.

Do entschëllegt eis, mee et ass näischt, wou mir dofir kënnen. Et si véier Gemengen, déi do betraff sinn.

Mir haten de Fall, de Parking um Fousbann war op eemol um sechs Auer owes voll vu lauter Leit, déi keng Kaart haten an déi net duerften do parken. An déi Leit, déi eng Parkplaz do reservéiert haten, sinn net erakomm.

Wéi gesot, mir hunn andauernd mat där Firma telefonéiert, si solle kommen oder si sollen op d'mannst Gardienen dohinnerschécken an dat bezuelen, fir datt d'Leit do eran- an erauskommen. D'Diffcard wäert verschwannen, da wäert déi App amplaz kommen. Mir sinn amgaangen, drun ze schaffe mat enger neier Firma. Do kënnt eng App hin.

Mee dat wäert eng gewëssen Zäit daueren. Mir loossen eis awer net méi gefalen, wéi elo véier, fënnef Méint mat Designa, datt eis Parkhaiser alleguerten, datt do guer näischt fonctionéiert. Den Här Wagner huet jo och gesot, wéi vill Parkplazen nach fräi sinn.

Hire ganze System huet versot, deen ass nämlech gehackt ginn, hu si eis gesot.

*Fred Bertinelli annonce par ailleurs que des gens expérimentés vont être recrutés au sein du service de la mobilité. Il comprend parfaitement que les gens se fâchent le soir quand ils rentrent du travail et font face au chaos sur les routes. Mais certaines décisions ne peuvent être prises qu'en partenariat avec l'État.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *a deux questions portant sur les commissions et sur le parking de l'Aalt Stadhaus.*
*Pour ce qui est des commissions, certains semblent mieux fonctionner que d'autres. Pourquoi tous les secrétaires n'arrivent-ils pas à rédiger un rapport et à le téléverser sur le Diffcloud dans les jours suivant une réunion ? Certaines commissions y arrivent, mais d'autres comme la Commission de l'environnement n'y parviennent pas.*
*En ce qui concerne le parking de l'Aalt Stadhaus, madame Da Silva a entendu dire que des gens s'y étaient garés avec la Diffkaart, mais qu'ensuite, ils n'arrivaient plus à sortir. Le collège échevinal est-il au courant ? Les démocrates sont-ils les seuls à en avoir entendu parler ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne peut rien dire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande ce qu'il en est de la Diffkaart.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que la commune a eu de nombreuses difficultés avec la société allemande Designa, qui gère les parkings de la commune. Rien ne fonctionne. Ce n'est pas seulement un problème de Diffkaart. Les communes de Differdange, Dudelange et Esch ont demandé des dommages et intérêts. Fred Bertinelli précise que cela n'a rien à voir avec la personne qui a créé les Diffkaart et les horodateurs. Il s'agit de Designa.*
*La commune s'intéresse aussi à une application mobile permettant de payer le stationnement sur son téléphone. La barrière s'ouvre et se ferme automatiquement.*
*Fred Bertinelli répète que le collège échevinal ne peut rien aux problèmes. Il se souvient d'une situa-*

*tion au parking du Fousbann à 18 h où tous ceux sans carte ne pouvaient pas entrer.*
*La Diffkaart va disparaitre de toute façon et sera remplacée par une application mobile.*
*En tout cas, rien ne fonctionne avec Designa. Apparemment, leur système aurait été piraté il y a quatre mois, mais au bout de tout ce temps, il ne refonctionne toujours pas. Designa gère les parkings d'une cinquantaine de communes. Fred Bertinelli ne comprend pas comment il est possible que tous ces gens n'arrivent plus à se garer. Finalement, le collège échevinal a résilié le contrat.*
*Fred Bertinelli remercie les gens pour leur patience même si la commune n'y peut rien. Elle dépend du prestataire.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *passe aux commissions. Avant d'envoyer un rapport, celles-ci doivent d'abord le faire valider lors de la séance suivante. Or celle-ci a lieu un mois plus tard. C'est ce qui pourrait expliquer les retards.*
*Certaines commissions envoient leurs rapports directement, mais normalement, elles devraient le faire valider avant.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *propose d'envoyer le rapport aux membres de la commission rapidement pour qu'ils le valident. C'est c e qu'Eric Cillien fait au travail.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond qu'il n'a fait que fournir une explication. Il est évident que l'on peut améliorer les choses.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *comprend parfaitement que les conseillers communaux voudraient recevoir les documents rapidement et pas deux jours avant la séance du conseil communal. Le collège échevinal enverra un rappel aux commissions.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *ajoute que les secrétaires doivent aussi envoyer le rapport par courriel. Car autrement, il faut aller chercher les rapports de chaque commission sur le Diffcloud.*

Dee wär gehackt ginn an duerfir géif en net goen. Mee no véier Méint misst een awer eng Léisung hu fir seng Clienten, well déi wäerte 50 Gemengen hunn Designa, wou déi Parkhaiser geréieren. An et ka jo dann net sinn, datt déi 50 Parkplazen net ginn a méintlaang keen op seng Parkplaz kënnt. Déi Diskussioun war esou haart ginn, datt mer hinne gekënnegt hunn, an datt mer elo mat engem ënnerwee sinn, wou dat vill besser gëtt.

Mee, wéi gesot, biede mer ëm e bësse Gedold. Dofir kënne mir och net. Leider ass et awer virkomm. D'Leit dobausse solle wëssen, déi an engem Parkhaus stinn, datt mer net dofir kënnen, datt mer och do tributaire si vun deenen, déi déi Parkhaiser geréieren an och d'Elektronik dofir maachen. Dat ass d'Äntwert dorop. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Wagner, zu de Kommissiounen.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci. Eng Erklärung dozou wär, well vill Kommissiounen esou fonctionéieren, dass normalerweis de Rapport an der nächster Sitzung eréischt muss ofgeseent ginn. An déi Sitzung ass meeschtens ee Mount duerno. Soudass et ka sinn, dass do Retarde sinn.

Aner Kommissioune fonctionéiere sou, dass se de Rapport direkt maachen. Mee eigentlech misst en an der nächster Sitzung ofgeseent ginn, de Rapport.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Do kéint ee jo proposéieren, datt een de Memberen e schéckt, datt déi en ofseenen, an datt een zäitno de Rapport schreift, esou wéi ech dat normalerweis op der Aarbecht och maachen. Ech ginn en of, d'Leit kucken deen no a wa se hiren Accord ginn, da wär dee Probleem séier geléist.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Wéi gesot, dat ass eng Erklärung. Dat kann een effektiv ausschaffen, dass mer dat méi séier maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir ginn déi Recommandatiounen do virun. Ech verstinn dat och ganz gutt, dass dat soll e bësse méi zäitno beim Event selwer sinn, an net, dass een dat dann alles beienee kritt, zwee Deeg ier de Gemengerot ass. Nee, dat verstinn ech ganz gutt. Mir maachen e Rappell un déi verschidde Leit, déi am Sekretariat schaffen, fir dat ze verbesseren.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

A si sollen d'Rapporten och per Mail schécken, well soss kriss de guer näischt mat als Conseiller. Wann s de op der Cloud all eenzel Kommissioun muss uklicken, bass de eng Stonn amgaangen. Si sollen einfach eng Mail schécken, all Sekretär vun der Kommissioun un de Gemengerot.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Här Cilien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Et geet erëm un Iech, Här Bertinelli. Eppes, wat mer opgefall ass, wann een an den Haneboesch eroffiert, do sinn e puer Luuchten ëmgefuer. An et ass mer scho méi oft opgefall, d'Camione fueren d'Luuchten ëm. Dat gëtt d'Gemeng extreem deier.

Ech weess och elo net, ech hu keng Solutioun parat, wou ech Iech kéint soen, wéi mer dat geléist kréien. Mee wann d'Camione parken am Haneboesch, déi rennen Iech d'Luuchten do ëm. An et ass awer vill Geld, wat doduerch verluer geet. Si Kameraen do méiglech? Ech weess et net. Dat ass déi eng Saach.

Déi aner Saach ass eng Fro, déi ech nach hätt. Ech war de Weekend, wéi sou vill Leit, um Neijoerschconcert vun

der Harmonie. Am Sall vum Ale Stadhaus mécht d'Belëftung en extreeme Kaméidi. Dat stéiert schrecklech. Wann ee vir sëtzt, mengen ech, kritt een et net esou mat, mee ech souz an der Mëtt, an do héiert een et wierklech vill. Et stéiert bei engem Concert, wou Musek ass. Et stéiert warscheinlech och bei engem anere Spektakel. Ass do vläicht eng Méiglechkeet, kënnt Der emol eng Kéier kucken, fir déi Installatioun à jour ze setzen. Ech weess net, ob dat schonn ëmmer esou war, soss ass et mer net opgefall. Mee dës Kéier ass et mer extreem opgefall. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Cillien, ech äntweren Iech just op d'Strooss vun Nidderkuer. Dat hätt ech Iech och kënne soe mam Verkéiersreglement, datt mer elo säit leschter Woch gléckleche Proprietär vun där Strooss sinn. Virdru ware mir dat net. Et huet eis bis elo näischt kascht. De Staat hat déi Strooss gebaut, also d'Ekonomie hat déi Strooss gebaut. An elo, endlech, wou se fäerdeg ass, ass se un d'Gemeng ofgi ginn. Elo kënne mer eis drëms këmmeren. Elo kënne mer se mat an d'Reglement huelen.

Do sinn nach ganz vill aner Saachen. Dir hutt jo schonn héieren, datt do ganz vill Camionneuren nuets iwwernuechten, an da flitt alles do an d'Hecken. Do hu mer jorelaang nëmmen Dreck ewechgeholl. Alles dat probéiere mer elo hinzekréien, och dat mat de Luuchten. Dat kucke mer. Déi sti vläicht ze niddreg. Well déi hat Ponts et chaussées, mengen ech, nach gesat, wou dee ganzen Zoning do gemaach ginn ass.

Mee elo si mer Proprietär vun där Strooss, säit zéng Deeg. An elo kënne mer eis och drëms këmmeren. Wat mer och da wäerte maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Monsieur le bourgmestre, messieurs les échevins, je souhaite aborder la question de notre politique de recrutement telle qu'elle a été adoptée lors de la séance du conseil communal du 30 mars 2022.

Cette politique souligne l'importance de structurer et de formaliser les processus de l'engagement des fonctionnaires et des salariés de la commune, et de rendre les recrutements plus transparents et orientés vers la recherche du meilleur candidat pour chaque poste, basé sur les compétences nécessaires.

Est-ce que cette politique de recrutement est toujours à l'ordre du jour ? À savoir que, dans le cadre de cette procédure, il faut avoir au minimum quatre personnes : un collaborateur du service du personnel, l'échevin responsable du ressort, dont la présence est optionnelle, un collaborateur disposant des connaissances spécifiques dans le domaine et, en option, un membre du conseil communal.

Comment assurez-vous concrètement que les processus de recrutement soient respectés, efficacement dépolitisés et axés sur les compétences — surtout après l'engagement d'un fonctionnaire au sein du service communal ?

Ma deuxième question : est-ce qu'il y a des rapports qui ont été faits dans ce cadre ? Est-ce que nous, en tant que conseillers communaux, nous avons accès à ces rapports ? Parce que nous devons également voter les personnes qui devront être engagées dans la commune. Et on n'a aucun accès à ces rapports.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Aguiar. Ech weess d'Detailer elo net, ech ginn herno d'Wuert un den Här Hartung fir d'Detailer. Oder den Här Ulveling weess déi nach besser, ech ka mech just erënneren, dass déi Zesummestellung vun deem Rekrutementsgrupp, oder wéi nenne mer dat, dee Groupe de recrutement – Dir wësst jo, vu wat ech schwät-

**ERIC CILLIEN (DP)** *a remarqué qu'au Haneboesch, les camions renversent les éclairages. Cela doit revenir cher à la commune. Eric Cillien n'a pas directement de solution à proposer, mais les camions ne font pas attention. La commune pourrait peut-être installer des caméras.*
*Sa question suivant concerne la ventilation de l'Aalt Stadhaus. Il a remarqué lors du concert du Nouvel An qu'elle faisait énormément de bruit. Si on est assis au milieu de la salle, on n'entend plus la musique. Le collège échevinal pourrait-il chercher une solution ? Eric Cillien ne sait pas si la ventilation a toujours fait ce bruit. Il l'a remarqué récemment.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale que la commune n'est propriétaire de la route à Niederkorn que depuis la semaine dernière. C'est pourquoi elle n'a pas eu de frais jusqu'à présent. C'est l'État qui l'a construite. Désormais, la commune pourra l'intégrer au Règlement de la circulation.*
*Les problèmes sont nombreux. Apparemment, les camionneurs passent la nuit sur ce site et jettent leurs déchets dans les haies. La commune va essayer de prendre les choses en main. Fred Bertinelli répète que la commune n'est propriétaire de la route que depuis dix jours et qu'avant, c'était l'Administration des ponts et chaussées qui s'en occupait.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *aborde la question de la politique de recrutement telle qu'elle a été adoptée le 30 mars 2022.*
*Il s'agissait de formaliser les procédures de recrutement afin de les rendre transparentes et de permettre d'engager des personnes compétentes.*
*Cette politique est-elle toujours d'actualité ? En effet, la procédure prévoit que quatre personnes au maximum participent aux entrevues : quelqu'un du service du personnel, quelqu'un du service qui recrute, et éventuellement l'échevin de ressort et un conseiller communal. Comment le collège échevinal veille-t-il à ce que le processus soit dépolitisé ? Existe-t-il des rap-*

*ports ? Si oui, les conseillers communaux y ont-ils accès ? Car les conseillers communaux doivent approuver les recrutements.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *cèdera la parole à monsieur Ulveling pour les détails, mais il signale que certains appels à candidatures engendrent 80 réponses. S'il fallait chaque fois dépêcher tout un groupe, ces personnes devraient se rendre au frigo de* food sharing *au moins trois fois pour ne pas mourir de faim.*
*Blague à part, Guy Altmeisch explique que ce groupe a été réduit à un représentant du service du personnel et au chef de service.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'un collaborateur du service recettes est également présent pour répondre aux questions liées au salaire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme qu'il s'agit de la manière dont le groupe est composé.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle que tout cela a été fixé lors de la séance du conseil communal du 20 mars dernier.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *demande si toutes ces personnes sont invitées.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répète sa question. En effet, il a entendu autre chose.*
*(Interruption de M. Altmeisch)*
*Paulo Aguiar explique s'être renseigné et qu'on lui a répondu que l'on ne pouvait pas rédiger de rapports si on n'est pas invité.*

*Guy Altmeisch (LSAP) répond que cela est évident. Mais qui a informé monsieur Aguiar ? Si celui-ci souhaite des réponses concrètes, il doit poser des questions concrètes.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *réplique que c'est simple.*

zen –, dass deen ee Moment reduzéiert ginn ass, vu dass d'Leit, wa mer eng Plaz ausschreiwen, mir hu virdrun d'Chifferen héiere vun 80 Kandidaten, 50 Kandidaten. Déi Leit missten dann dräimol an de Foodsharing-Frigo goen, fir net ze erhéngeren. Dat wëlle mer jo evitéieren. Nee, Geck bei Säit. Et ass ganz wichteg, dat do. Ech verstinn Äert Uleies an ech verstinn Är Fro.

Aus organisatoresche Grënn hu mer jo dee Grupp do reduzéiert. Dat heescht, an deene Gruppen ass e Vertrieder vum Personalbüro, et ass deen zoustännege Ressortschäffen, an de Chef de service do. Déi Kandidaten, déi zréckbehale ginn am Virfeld – well soss hu mer jo hei, Dir kënnt Iech jo virstellen, bei 80 …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An ee vun der Recette ass do.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An et ass ee vun der Delegatioun dobäi.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, well heiansdo komme Froen iwwert de Salaire: Wéi vill Punkte kréien ech? Wat hutt Der virdru verdéngt? Wat verdéngt Der elo? Et ass ëmmer nach een Zweeten dobäi.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass esou, wéi déi Gruppe sech zesummestellen.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Mais si on regarde, lors de la séance du conseil communal du 20 mars, on a stipulé tout ça, on a discuté de ça. C'est là que nous avons déterminé qu'il y aurait au maximum quatre personnes.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Est-ce que ces personnes sont toujours invitées ? Ça, c'est ma question précise.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Est-ce qu'elles sont toujours invitées ?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Parce que nous avons une autre information. J'aime tout simplement poser la question : Wou ass de Rapport ? On m'a informé qu'on ne peut pas faire un rapport si on n'est pas invité.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Ganz kloer. Ganz richteg. Mee: „On m'a informé que", „Dans le dernier temps que" – sot mir konkreet e Beispill, wou dat do de Fall war. Da kann ech Iech konkreet äntweren. Et war vläicht, dass ech an där Reunioun dobäi war.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Ben, c'est très simple. Lors de la séance non publique, où on va discuter du personnel, il n'y a pas de rapports dans le Diffcloud. C'est tout simple. Donc s'il n'y a pas de rapports, on se pose la question : ces entretiens, comment est-ce qu'ils sont faits ?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

On comprend votre question.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et war nach ni een do. Am Verkéier war och ni een do.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Also ech sinn elo siwe Joer hei, ech hunn nach ni e Rapport gesi vun enger Kommissioun, firwat A an net B. Ech hunn ëmmer nëmmen, och déi Zäit an der Oppositioun, Fichë kritt mat Nimm an esou virun.

(Diskussiounen)

Ee Moment, jo, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech war a ville Gespréicher eng Zäit derbäi, well ech dee war, dee warscheinlech am meeschten, am beschten Zäit hat, fir de Gemengerot do ze vertrieden als Oppositioun. An och fir de Gemengerot ze vertrieden. Esou hunn ech dat och ëmmer gesot. An ech muss soen, dat ass jo herno ofgeschaaft ginn, iwwert déi nei Ausféierung vun der Buergermeeschtesch, awer och der Personalcheffin. An do war ech dann net méi dobäi.

Mee déi Zäit ass awer ëmmer gesot ginn, firwat e gewëssene Kandidat, wéinst enger gewëssener Qualifikatioun oder aus iergendengem Grond huet de Grupp sech fir deen oder dee Kandidat decidéiert. Dat stoung awer dran. Dat muss ech awer soen.

Entretemps war ech awer elo schonn, ech weess net genau, iwwer zwee Joer oder ee gutt Joer, oder méi laang, a kengem Comité de recrutement, well kee méi invitéiert ginn ass.

Dat huet awer elo näischt mat deem neie Schäfferot ze dinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Also ech schwätzen elo nëmme fir de CID. Do ginn déi Leit geruff, déi concernéiert sinn. An da gëtt an deem Rapport aktéiert: Déi an déi Plaze si fräi, déi an déi hu sech gemellt, déi an déi hu mer net gutt fonnt an déi an déi huele mer aus deem an deem Grond. An dee Rapport kënnt an de Schäfferot.

An de Schäfferot hëlt dann d'Decisioun, meeschtens sinn et déi aus dem Grupp. Dat ass och ëmmer unanime. Ech ka mech net erënneren, dass mer do iergendwann eng Kéier Sträit gehat haten. Déi ginn da vum Schäfferot aktéiert an agestallt.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee alles, wat Fonctionnaire ass, musse mir stëmmen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do hat ech elo nach net de Pleséier.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Mir mussen déi Leit stëmmen. Mir hätte gären och de Rapport vum Comité de recrutement.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mee dat war awer och nach ni an der Vergaangenheet sou. Ech si jo awer elo deen, deen am längsten hei ass. Nach ni an der Vergaangenheet hunn ech e Rapport kritt, firwat e Fonctionnaire besser wär wéi deen aneren.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Dach, Här Ulveling. An den Här Muller huet dat dach elo confirméiert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et sinn der op der Cloud hei. Zum Beispill vun dem Schäfferot vum 13. Dezember sinn der drop.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *pense qu'il a pu participer à la réunion.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle que dans la séance non publique, il sera question du personnel. Or il n'y a pas de rapports sur le Diffcloud. Comment ces entretiens se sont-ils déroulés ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste. Il n'y a jamais eu de rapports.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle qu'il est membre du conseil communal depuis six ans. Lui non plus n'a jamais vu de rapport expliquant pourquoi un candidat avait été choisi par rapport à un autre. Quand il faisait partie de l'opposition, il ne recevait que des fiches avec les noms.*
*(Discussions)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale qu'il a participé à beaucoup d'entretiens d'embauche parce qu'il était le membre de l'opposition à avoir le plus de temps libre. Mais cette procédure a été abolie par l'ancienne bourgmestre et la responsable du service du personnel.*
*Mais en tout cas, il existait une explication pourquoi tel ou tel candidat avait été choisi.*
*Depuis un an, Erny Muller n'a plus participé aux entretiens parce qu'il n'y a pas été invité. Cela n'a cependant rien à voir avec le collège échevinal actuel.*

**TOM ULVELING (CSV)** *peut donner l'exemple du CID. Les personnes concernées sont convoquées. Ensuite, on rédige un rapport pour expliquer pourquoi un candidat a été retenu. Ce rapport est remis au collège échevinal, qui prend la décision. Tom Ulveling ne se souvient pas d'un seul cas où le collège échevinal n'aurait pas été d'accord avec les choix proposés.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *demande ce qu'il en est des fonctionnaires.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Paulo Aguiar rappelle que le conseil communal doit approuver les recrutements. C'est pourquoi il demande à voir le rapport du comité de recrutement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rétorque que cela n'a jamais été fait. Il est le membre du conseil communal le plus ancien et il n'a jamais lu de rapport expliquant pourquoi un candidat avait été choisi.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *insiste sur le fait que ces rapports existaient bien et que monsieur Muller l'a confirmé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que les rapports e trouvent dans le Diffcloud. Il en a notamment été question lors de la séance du collège échevinal du 13 décembre.*
*Pour ce qui est des personnes recrutées aujourd'hui, le conseil communal n'a pas besoin d'un rapport. Guy Altmeisch fournira les explications tout à l'heure.*
*De toute façon, si un seul candidat répond à un appel, il est inutile de rédiger un rapport.*
*En ce qui concerne le coordinateur sportif, le rapport se trouve sur le Diffcloud. Mais pour les postes avec un seul candidat, il n'y a rien à écrire. Le collège échevinal ne peut que le proposer au conseil communal.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que la politique de recrutement a été approuvée par tout le conseil communal en mars 2022 sur demande du LSAP.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *proteste.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à monsieur Bertinelli de ne pas interrompre madame Pregno.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que c'était sur demande de certains conseillers communaux. Il s'agissait de rendre la procédure transparente pour permettre au conseil communal de prendre une décision éclairée. Le collège échevinal fait une proposition. Le conseil communal doit pouvoir juger si c'est la meilleure.*
*Si un collaborateur du service du personnel participe aux entretiens et s'il existe un rapport, les conseillers communaux peuvent vérifier que des entretiens ont bien eu lieu et que le bon choix a été fait. Et quand bien même il n'y aurait*

Déi Leit, iwwert déi mer haut ofstëmmen – ech erklären Iech dat herno –, do brauche mer kee Rapport dropzesetzen. Ech kann Iech dat elo net an der Publique erklären, ech erklären Iech dat an der Non-publique. Bei deene Leit war kee Rapport drop.

Ee Beispill: Wann ech eng Kandidatur erakréien, wat soll ech a mäi Rapport schreiwen, firwat ech deen huelen, wann nëmmen eng Kandidatur do ass fir de Posten. Dat erklären ech Iech an der Non-publique.

Déi aner, de Sportscoordinateur zum Beispill, vum Dezember, do ass e Rapport op der Cloud, wéi dat ofgelaf ass an esou virun. Do sinn och méi Kandidaten zréckbehale gi fir an den Entretien. Mee wann nëmmen ee sech mellt, mir halen deen zréck, wat solle mer an de Rapport schreiwen? Jo, et war een do, mir hunn dee geholl. Mir proposéieren deen dem Gemengerot.

Dat soen ech Iech an der Non-publique. Am Nachhinein wäert Der dat och verstoen, firwat kee Rapport drop ass.

Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wëll just betounen, dass déi Politique de recrutement opgestallt gouf am Konsens mam ganze Gemengerot. An dass mer eis Prozedure ginn haten am Mäerz 2022 – op Nofro vun der LSAP och –, dass mer u sech wéilten …

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee. Dat ass net esou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ee Moment.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Op Nofro vu verschiddene Vertrieder aus dem Gemengerot, dass mer eis sollte kompetenzorientéiert opstellen, dass mer Leit astellen, déi kompetent sinn. An dass mer och probéieren, dee ganze Prozess sou gutt wéi méiglech transparent ze maachen. Fir dass mer hei am Gemengerot kënnen déi Propositioun, déi vun engem Conseil de recrutement gemaach ginn ass, kënnen ënnerstëtzen. Well dat ass een, deen de Schäfferot oder de Conseil de recrutement proposéiert. An et wär jo dann och flott, wa mer eis eens wären, dass dat déi bescht gewielte Persoun ass.

Wann awer elo net méi garantéiert ass, dass eng Persoun aus de Ressources humaines dobäi ass a kee Rapport do ass – well wann déi Persoun, déi dobäi ass, oder een aneren e Rapport schreift, da weist dat natierlech all Vertrieder am Gemengerot: a) dass Entretiene waren a b) firwat, dass déi Persoun sech auszeechent.

Fir mech, och wa just een do ass, wëll ech gäre gewuer ginn, dass deen do ass. Well, wéi weess ech dann, dass just ee sech gemellt huet oder just een do ass, wa weeder eng Lëscht vu Kandidaten do ass nach ee Rapport do ass?

Dat heescht, entweeder muss eng Lëscht do sinn, an Dir sot, et ass just ee Kandidat do, deen der Task Description entsprécht, an da gesi mer dat op där Lëscht. Oder Dir sot, et ass e Rapport do an do steet dat dran. Mee wa weeder dat eent nach dat anert besteet, dann ass et fir eis net méi nozevollzéien, firwat dat ass.

An ech mengen, Dir wësst aus Ärer Zäit an der Oppositioun: „Vertrauen ist gut, Kontrolle ist besser." Mir wëllen dat einfach gären transparent a propper hunn. Merci.

Ech denken, mir sinn eis eens.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir sinn eis eens, honnertprozenteg si mer eis eens. Mee ech sinn dat jo och an der Oppositioun geléiert ginn, wéi hat Der gesot: „Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser". An oft sinn ech enttäuscht ginn, wann ech kontrolléiert hunn, dass ech falsch vertraut hunn oder falsch informéiert war. Well dat war net ëmmer esou transparent. Dir hutt e bësse vergiess, Saachen, déi dann déi Zäit net esou gutt gelaf sinn.

Mee ech huelen dat awer alles un, well deemno wéi d'Positioun ass, ob een op där rietser oder der lénker Säit ass, dann huet een eng aner Approche zu deene Saachen. An et huet een och eng aner Approche zu der Transparenz, an et huet een och eng aner Approche zu der Éierlechkeet. Mee ech akzeptéieren dat an ech wäert Iech dat an der Non-publique, mat deene Situatiounen, déi mer duerno ofzestëmmen hunn, erklären.

D'autant plus wëll ech Iech nach soen, dass wa mer ee Kandidat hunn, dass mer Iech jo eng Ofstëmmung presentéieren, mam Numm vum Kandidat, an dass Der och d'Méiglechkeet hutt, dee Kandidat net ze stëmmen. Soudass Der eng Alternativ hutt zu deem, wat ech Iech erklären herno. Oder mat menge Wierder zefridde sidd oder ob Der net stëmmt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat d'Fro schrëftlech eraginn an ech hat och nach …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, déi kommen, déi kommen. Déi hunn ech hei leien. An duerno komme mer zu der Non-publique. Här Diderich, hutt Dir nach eng Fro?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Nee.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, ass gutt. Den Här Aguiar huet seng. Da kéime mer un déi Froen, déi d'Kolleege vun deene Gréngen eis schrëftlech eraginn hunn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat och nach eng mëndlech ugemellt gehat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Solle mer déi nach huelen herno?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Up to you.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da kommt, ech fänken elo u bei eent, soss verhalen ech d'Nummeren net esou richteg. Wonnerbar. D'Fro 1: Ass e Bilan vum Projet Gemeinwohl-Ökonomie gemaach ginn?

Ech kann Iech selwer dorop äntweren. Wat mengt Der, e Bilan financier? Mengt Der e Bilan, wat vun Aarbecht geleescht ginn ass? Oder mengt Der just de Bilan financier?

Zum Bilan financier kann ech Iech soen, dass déi Initiativ Gemeinwohl-Ökonomie d'Gemeng 2022, zum Beispill, 52.000 Euro kascht huet, 2021 nëmmen 1.1.00 Euro kascht huet, well se do am Dezember ugelaf ass. Dass deemno e Budget annuel virgesinn ass vun 52.000 Euro. Dass deen och 2023 ausbezuelt ginn ass, an dass ech net méi spéit wéi Mëtt Dezember mat deene Responsabele vun der Associatioun, oder wéi nenne mer dat, ASBL iwwer Gemeinwohl-Ökonomie hei am Sall en Entretien hat vun zwou Stonnen.

Wou mer eis gemeinsam eens gi sinn – am Virfeld hat ech och nach Gespréicher mat deenen Employéen, Salariéen, déi mer hei an der Gemeng hunn, déi Kontakt hate mat där Associatioun, an déi mer bestätegt hunn, dass dat awer null Plus-value géif bréngen, null Plus-value fir hiren Alldagsjob an och keng Plus-value géif bréngе fir eis Gemeng an och net fir eis Bierger dobaussen. 52.000 Euro Steiergelder, dat ass jo awer alt scho Geld.

Doropshin hu mer déi Firma komme gelooss, den Här Krecké war bei mer, wéi mer mat hinne geschwat hunn. Do hu mer eng Analys gemaach iwwert dat, wat zréckbehale ka ginn. Et war ganz schwéier, well et war net vill am Dëppe fir zréckzebehalen. A mer sinn eis eens gi mat hinnen, dass mer dee

*qu'un seul candidat, les conseillers communaux ont besoin d'une liste ou d'un rapport pour s'assurer que c'est vrai. S'il n'y a ni liste ni rapport, le conseil communal ne peut pas faire son travail.*
*Monsieur Altmeisch le sait du temps où il faisait partie de l'opposition : c'est bien de faire confiance, mais il vaut mieux contrôler.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne entièrement raison à madame Pregno. Mais il rappelle que lorsqu'il effectuait des contrôles en tant que membre de l'opposition, il découvrait souvent que les informations dont il disposait n'étaient pas correctes. Tout n'était pas transparent non plus quand les écologistes étaient au pouvoir. Le rapport à la transparence dépend probablement du fait que l'on fasse partie de la majorité ou de l'opposition.*
*En outre, les conseillers communaux doivent approuver les recrutements. Ils peuvent donc décider de ne pas approuver un candidat s'ils ne sont pas satisfaits.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'elle avait envoyé des questions par écrit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il n'a pas oublié les questions de madame Pregno. Il demande à monsieur Diderich s'il a des questions.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *répond que non.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux questions écrites des écologistes.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'elle a aussi posé une question oralement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la première question concernant le bilan du projet de l'économie circulaire. Il ne comprend pas bien si madame Pregno veut un bilan financier ou un bilan du travail accompli. Il va commencer par le bilan financier.*
*Ce projet a couté 1100 € en 2021 et 52 000 € en 2022. La même somme a été versée en 2023.*

*À la mi-décembre, Guy Altmeisch s'est entretenu deux heures avec le responsable de l'ASBL. Au préalable, il avait mené des discussions avec les employés de la commune. Or ceux-ci lui ont confirmé que la plus-value du projet était absolument nulle. Et tout cela pour 52 000 € par an.*
*Ensuite, monsieur Krecké et Guy Altmeisch ont convoqué la société en question pour un entretien. Il s'agissait notamment d'analyser les résultats du projet. Malheureusement, il n'y avait que très peu de résultats. C'est pourquoi les deux parties ont finalement décidé de résilier le contrat. La commune va verser une somme minimale en 2024 en échange d'un bilan écrit. Ce bilan n'a d'ailleurs toujours pas été envoyé à la commune. Guy Altmeisch ne peut donc pas en dire plus à madame Pregno.*
*Le bourgmestre se dit content d'avoir trouvé un accord avec la société en question. Car les deux parties se rendaient compte qu'il n'y avait aucune utilité.*
*La deuxième question porte sur l'absence du projet Fusilli dans le budget.*
*(Interruption de Mme Pregno)*
*Guy Altmeisch propose de lire la question.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que normalement, c'est le conseiller communal qui le fait. C'est plus facile à comprendre pour le citoyen.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *énumère les questions. Pourquoi le projet ne figure-t-il plus dans le budget ? Qu'en est-il de la personne recrutée pour gérer le projet ? Quelle est la description de son poste ?*
*Guy Altmeisch explique qu'en décembre 2023, il restait encore 200 000 € sur cet article budgétaire. Cette somme a été reportée sur le budget de 2024 comme cela est habituel.*
*L'employé en question a de la chance. Il travaille toujours pour la commune et touche son salaire normalement. Il dispose d'un CDD jusqu'à mars 2025.*
*Cependant, Guy Altmeisch s'étonne de la question. Car quand il regarde le contrat, il n'y voit pas de*

Kontrakt géife kënnegen. Dass se fir d'Joer 2024 nach eng minimal Zomm géifen ausbezuelt kréien an da géife se eis e schrëftleche Bilan gi vun deem, wat zréckzebehalen ass.

Dee schrëftleche Bilan ass bis dato awer nach net bei eis ukomm. Dat zu Ärer Fro Bilan schrëftlech oder esou. E Bilan financier ass gemaach.

Mir si frou, dass mir esou mat der Firma eens gi sinn. Well Käschten-Notzen-Analys – et war einfach keng do, béidsäitege Konsens. A mer sinn och frou, dass mer déi finanziell Belaaschtung do net méi brauchen ze droen, mat deem, wat et bréngt.

Zweet Fro: Firwat figuréiert de Projet Fusilli net méi am Budget? Ech huele se elo stéckcheweis, wéi ech se hei stoen hunn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Fir d'Nolauschterer, wa mer et esou maachen, ginn normalerweis …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

A, ech ka se och ganz virliesen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, normalerweis mécht de Conseiller dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Kee Probleem. Maachen ech.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Maacht dat fir de Bierger dobaussen. Dann ass et nozevollzéien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Maachen ech. Firwat figuréiert de Projet Fusilli net méi am Budget? Wat ass mat der Persoun geschitt, déi dofir agestallt ginn ass? Wat ass déi aktuell Task Description vun dësem Employé communal?

Firwat figuréiert dee Projet Fusilli net méi am Budget? De Projet Fusilli war am Budget 2023 respektéiert. Am Dezember hat deen nach e Rescht vun 200.000 Euro. Dat heescht am Dezember waren déi nach net verbraucht. Do ass gesot ginn, mer brauchen deen 2024 net méi an de Budget ze setzen, well mer huelen dat, wat 2023 Rescht bliwwen ass. Do maache mer en Transfert op de Budget 2024. Wat jo legitim ass an net eng eenzel Situatioun just fir de Fusilli ass.

D'Persoun, déi sech ëm de Projet këmmert, déi huet Chance, déi ass zwar am Congé momentan, mee déi gehéiert awer nach zu den Employéen hei an déi gëtt och nach monatlech viru bezuelt. Déi huet e CDD, Contrat à durée déterminé, bis Mäerz 2025. Deen ass esou ausgestallt ginn, dee Contrat de travail. Ech hunn en hei leien.

An dofir wonneren ech mech iwwer Är Froen, well wann ech kucken, wien dee Contrat de travail ënnerschriwwen huet, gesinn ech hei awer keng Leit vun der LSAP drop, mee ech gesinn hei eng Buergermeeschtesch drop, ech gesinn e Vertrieder vun deene Gréngen drop an ech gesinn den Här Aguiar, den dee Kontrakt ënnerschriwwen huet. Dofir wonnert et mech, dass Dir mir den Detail frot vun deem Contrat de travail.

Dat gesot, dee Mann ass nach ëmmer hei. Mir hunn dee Kontrakt bis dato nach ëmmer respektéiert zu deene Konditiounen, wéi en déi Zäit mat Iech ausgeschafft ginn ass.

Wat ass déi aktuell Task Description vun dësem Employé? Ma deen Employé, dee schafft mat an der NetZeroCities-Grupp, fir dee Projet ze ënnerstëtzen. D'autant plus schafft e mat an de Kantinnen an an de Crèchen, fir de Gaspillage vun de Liewesmëttel ze reduzéieren. Wat jo och eng vu sengen Deskriptioune war an deem Kontrakt, wou Dir en agestallt hutt. Dat ass nämlech alles doran opgefouert, genau am Detail. Dat zur Fro 2.

Ass dat okay fir Iech?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Just eng Erklärung, déi ech elo net verstanen hunn: De Budget ass net opgebraucht ginn am Joer 2023, da misst déi Zomm jo awer op de Budget 2024 iwwerschriwwe ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

A jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Do ass en awer net.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Déi gëtt transferéiert.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Do steet awer näischt dran.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wa mer et elo drasetzen an et géif eng Facture nokomme vun 2023, da kréie mer déi jo 2023 net méi bezuelt. Mer musse waarden. Den Transfert kënne mer eréischt maachen ab Mäerz, aus technesche Grënn. Well déi Sue soss net disponibel sinn, fir Facturë vun 2023.

Da si mer bei der Fro 3: Wat sinn d'Ziler vun deenen dräi Mobilitéitsetüden, déi am Budget figuréieren? Firwat gëtt et der e puer an net just eng eenzeg? Do ginn ech d'Wuert un den Här Bertinelli, fir eis den Detail ze erklären. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wéi mer ugefaangen hunn, hu mer mol gekuckt, Dir hat eng Verkéiersetüd an Optrag ginn, Madamm Pregno, déi war vun engem Büro opgestallt, deen hei zu Lëtzebuerg ganz eleng ass. Dee Büro ass eng One-Man-Show. Dee fir alles, wat en huet musse wëssen, bei d'Schréidere gaangen ass, fir Informatiounen ze kréien. An iwwerhaapt näischt wousst, wat den nationalen Trajet zu Déifferdeng ugeet – Zuch, Bunn, alles wat hei zu Déifferdeng virgesi war.

Do hu mer eis e Büro erausgesicht, fir déi eenzel Informatiounen ze kréien. Déi awer och gesot hunn, si géifen déi Aarbecht, déi hie geleescht hätt, respektéieren a mat deem zesummeschaffen.

Déi Verkéiersetüde sinn iwwerhaapt net mateneen ze vergläichen. Déi zweet ass eng global fir d'ganz Gemeng Déifferdeng. Dat anert, dat war spezifesch op deen een oder deen anere Projet, wou Dir ugestallt hat, fir déi ze maachen.

An ech hunn och bis haut nach ëmmer vun deem Büro keng Informatiounen. wWou ech vun deem anere schonn esou Dossieren hunn, wat soll geschéien. Mee vun deem nach keng Informatioun kritt, wat an deem Dossier soll geschéien. Awer wierklech keng.

Dat ass de Grond, firwat mer déi hunn. Mer wollten och net soen, mir schaffen elo net méi mat deem. Déi Aarbecht wollte mer awer respektéieren, déi hie gemaach huet.

An zesumme mat deem anere Büro sollen déi sech koordinéiere fir deen neie Projet, dee mer dann do opsetzen. Datt déi matenee kënne schaffen. Dat ass d'Explikatioun dozou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Da géif ech op d'Fro 4 kommen: Wéini ginn d'Charta an d'Leitlinnen, déi am Coaching mam Colleen Besch ausgeschafft goufen, publizéiert, souwuel an de Printmedie wéi och online?

Déi Charte vun der Stad Déifferdeng, dat war e Kaddo, dee mer gemaach kritt hate vun där anerer Majoritéit. Do steet nämlech dran am Préface: „Nachdem der jetzige Schöffenrat im Jahre 2019, mitten in der laufenden Legislaturperiode…“ Dat heescht, et ass de Schäfferot vun 2019 bis d'Walen, dee sech hei presentéiert an deen déi Charta ausgeschafft huet. A mir hu se dohinner geluecht kritt, fir ze publizéieren.

*signatures socialistes. Le contrat a été signé par l'ancienne bourgmestre et monsieur Aguiar. Guy Altmeisch ne comprend pas pourquoi madame Pregno demande ces détails. Le collège échevinal respecte le contrat tel que les écologistes l'ont préparé.*
*Pour ce qui est de la description de sa tâche, il a été intégré au groupe de NetZeroCities et travaille également dans les cantines et les crèches pour réduire le gaspillage alimentaire. C'est ce qui figure dans son contrat de travail.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne comprend pas les explications de monsieur Altmeisch. Si le budget de 2023 n'a pas été utilisé, la somme en question devrait figurer dans le budget de 2024.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que oui.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que ce n'est pas le cas.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que la somme sera transférée.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répète qu'elle ne se trouve pas dans le budget.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que le collège échevinal a le temps jusqu'au mois d'avril.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique que la commune doit s'assurer que toutes les factures de 2023 ont été payées avant de transférer l'argent. C'est pourquoi le transfert ne sera fait qu'en mars.*
*La question suivante porte sur les trois études sur la mobilité.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que madame Pregno avait engagé un bureau d'étude composé d'une seule personne, et ce, pour un projet spécifique. Or cette personne ne connaissait pas suffisamment la situation de Differdange. C'est pourquoi le collège échevinal a recruté un deuxième bureau pour la soutenir.*
*La deuxième étude englobe tout Differdange.*

*Fred Bertinelli ajoute que la personne engagée par madame Pregno n'a toujours pas remis de dossier. L'échevin n'a aucune information. Cependant, il a voulu honorer le contrat existant.*
*Fred Bertinelli s'attend à ce que les deux bureaux coopèrent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à la quatrième question. Quand la charte élaborée par Colleen Besch sera-t-elle publiée ?*
*Le bourgmestre constate que cette charte est un cadeau de la majorité précédente et que le nouveau collège échevinal est désormais censé la publier. Or le collège échevinal n'a pas participé à son élaboration et ne l'a vue qu'en juillet 2024.*
*Madame Pregno veut savoir quand elle sera publiée.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'elle a été distribuée en interne.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique que chaque employé l'a reçue. Par ailleurs, elle est disponible au premier étage de l'hôtel de ville, à la bibliothèque, à l'office social…*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch ajoute que les nouveaux employés en reçoivent un exemplaire également pour qu'ils apprennent à connaitre les valeurs de la commune.*
*Ce qui est vrai, c'est qu'elle n'a pas été publiée sur internet. Mais le service compétent va la mettre en ligne rapidement.*
*En revanche, Guy Altmeisch ne pense pas qu'il soit nécessaire de la distribuer à tous les ménages, car cela couterait cher. Les gens qui le souhaitent peuvent emporter un exemplaire se trouvant à l'hôtel de ville.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve qu'il faudrait la mettre en ligne. En effet, les valeurs dont il est question sont soutenues par tout le conseil communal. Elle concorde avec monsieur Altmeisch qu'il ne faut pas la distribuer. Mais le service médias pourrait la mettre en ligne et faire un article dans le Diffmag. Ce serait positif.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *n'a rien dit de négatif sur la charte. Il demandera au service médias de la mettre sur internet.*

Mir haten éischtens net matgeschafft un där Charte. Zweetens hu mir déi Charte net kannt, bis mir hei am Juli déi éischt Gemengerotssitzung haten, do hate mir se hei leien.

Ech wëll Iech awer soen, dass déi Charte publizéiert ginn ass hei am Haus.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Se ass verdeelt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

All Employé an all Salarié huet déi Charte kritt. Se louch fräi ënnen am Biergeramt, fräi hei um éischte Stack, zougänglech fir d'Bierger an der Bibliothéik, zougänglech fir de Bierger am Service culturel, am Office, do, wou d'Leit kënnen eragoen. Do iwwerall war se an deem Modell, wéi mir se och kritt hunn als Conseiller, zougänglech fir d'Bierger hei an der Gemeng, hei an Administratiounen.

**JEAN-FRANÇOIS LEBLOND (SÉCRETAIRE COMMUNAL ADJOINT):**

An ass se nach ëmmer.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An déi läit och nach do. An et ass esou: All neie Salarié an neien Employé, deen agestallt gëtt, kritt eng iwwerginn, fir dass e sech kann driwwer informéiere, wéi d'Charte des valeurs vun der Gemeng Déifferdeng ausgesäit.

Online um Internet war se net, dat ass richteg. Se war net online um Internet. Ech hu mech informéiert gëschter an ech hu versprach kritt vun deem zouständegen Service, dass se se géifen op den Internet setzen, soudass mer se dann och digital weiderginn.

Ech menge punkto Printmedien geet dat duer mat där Publikatioun, déi mer do gemaach hunn oder déi gemaach ginn ass. Ech géif net agesinn, dass mer dat missten à tous les ménages ausdeelen, well et kascht jo an et ass jo eng Envergure, déi net méi ze kontrolléieren ass. An et ass och flott, wa mer se hei am Haus hunn, an d'Leit kommen hei eran, si kënne sech et da mathuelen. Dat zu deem Punkt.

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et kéint ee se vläicht digital e bësse promouvéieren. Et sti jo Valeuren dran, déi dee ganze Gemengerot matgedroen huet. Et wär jo awer och flott, wann dat no bausse gedroe géif.

Ech gesinn och net an, dat à tous les ménages auszedeelen, well, et ass jo awer en Dokument a mir wësse jo och herno, wou et da läit an de Residencen, ënnen, einfach an der Këscht. Mee näischt verhënnert, dass de Service médias eng flott Opmaachung mécht an online oder och emol am Diffmag eppes erausbréngt. Dat ass jo éischter eppes Positives fir d'Gemeng. Ech gesinn et emol positiv.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo, jo. Ech hu jo näischt Negatives géint d'Buch gesot. Ech wäert och de Service beoptragen, fir dat op den Internet ze setzen an ee klengen Appell op déi éischt Säit ze maachen, dass d'Leit sech kënnen doriwwer informéieren. Dat zu deem Punkt.

Fro 5: Wat ass mam Budgetsposte geschitt, fir déi néideg Vëloen ze kafen? Och wann zu dëser Fro eng Reaktioun vun der LSAP-Fraktioun komm ass, hätte mir gären eng offiziell Äntwert vu Säite vum Schäfferot.

Ma ech wäert Iech déi elo ginn, déi offiziell Äntwert. An ech si frou fir all Zousaz, deen d'Kolleegen nach kënnen do dobäi soen.

De Budgetsposte Vëlosakaf oder Vëloskaf war ni existent. Et ass vu Vëloe geschwat ginn am Walprogramm vun der LSAP – deen ass zougänglech fir all Mënsch nach. An dee Walprogramm vun der LSAP ass, nodeems se sech zesummegesat huet mam Koalitiounspartner, geännert ginn. An do ass e Koalitiounsprogramm ausgeschafft gi fir déi nächst Joren.

An an deem Koalitiounsprogramm steet a kenger Zeil, dass mer géifen e Vëlo kafe fir all Bierger oder fir all Kand. Mee wat drasteet, ass, dass mer de Vëlo méi attraktiv géife maachen hei an der Gemeng, an dass mer d'Vëlosschoul géifen ausbauen an d'Méiglechkeete fir d'Kanner fir ze léiere géife vum Metzkimmert ewechhuelen op eng méi flaach geleeë Positioun. Well do sinn zwee, dräi Kanner, bis se uewen ukomm sinn, déi pompelen nach haut no Loft. Dass mer dat awer méi zougänglech wëlle maachen a méi biergerfrëndlech a méi frëndlech fir eis Kanner an och fir eis Schoul an eist Schoulpersonal wéi déi Pist do uewen um Bierg.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat zu de Vëloen. Geet dat Iech duer als Erklärung? Fein.

D'Madamm Pregno huet nach eng Fro. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Villmools gär geschitt!

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn héieren – wéi dat dann esou ass …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Béis Zonge behaapten.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass mer zougedroe ginn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

An der Ëmweltkommissioun gouf iwwert de Weier Lasauvage geschwat. Wou Projete bestinn, dass an deem Noerhuelungsgebitt e Fëschweier ugeduecht wär. Ech brauch elo net ze verstoppen, dass mer eis e bësse Suerge maachen, wa mer iwwert dat Theema schwätzen.

Mir wollte wëssen: Gëtt et Iddien an déi Richtung? Lafe Gespréicher? Wëssend, dass mer hei an engem gewënschte Village touristique sinn, wou jo iwwer Jore sech vill Méi gemaach ginn ass, dat wierklech schéin ze gestalten. wWou vill Leit spadséiere ginn, wou mer e Restaurant hunn, dee vun deem Park, vun där Anlag, vun deem Weier profitéiert.

Mir hunn eng immens grouss Biodiversitéit ronderëm an an deem Weier an der Mëtt eng Insel, wat en Noerhuelungsgebitt fir sëllege Villercher ass. A mir wësse jo och, dass e Fëschweier dat iwwer kuerz oder laang géif zerstéieren. Dat gëtt eppes ganz anescht wéi dat, wat et elo ass.

A mir hunn dat weeder am Walprogramm nach am Koalitiounsprogramm fonnt. Dofir wollte mer mol froen, wat et domadder op sech huet. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat do mécht mer besonnesch Freed, fir Iech dorop ze äntweren. Wësst Der firwat?

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Da sinn ech frou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

All Fro mécht mer Freed, mee déi do mécht mer besonnesch Freed. Ech kennen dee Weier elo dräi Joer. Virdru sinn ech ëmmer vertréischt ginn, dass dat ni e Fëschweier kéint ginn, well en net déif genuch wär. Vun Experten, wou sech awer herno erausgestallt huet, dass et keng Experte sinn.

*dera au service compétent de la mettre en ligne.*
*La cinquième question porte sur les vélos que le collège échevinal est censé acheter. Madame Pregno demande une réponse officielle.*
*Guy Altmeisch signale qu'il n'y a jamais eu de poste budgétaire dédié à l'acquisition de vélos. Une proposition dans ce sens a toutefois été faite par les socialistes dans leur programme électoral. Après les élections, les socialistes ont entamé des négociations avec leurs partenaires et finalement, il a été décidé de ne pas inclure ce point dans le programme de coalition.*
*En revanche, il y est question de rendre le vélo plus attractif et d'agrandir l'école cycliste. Le Metzkimmert n'est pas idéal parce qu'une fois arrivés, les enfants sont à bout de souffle.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Altmeisch pour sa réponse.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à madame Pregno de poser sa question suivante.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *a entendu dire…*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** L'*interrompt. Il se prépare à entendre des ragots.*
*(Interruption)*

**TOM ULVELING (CSV)** *plaisante à son tour sur le fait qu'il va s'agit d'insinuations.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale qu'il a été question de l'étang de Lasauvage dans la Commission de l'environnement. Il serait question d'en faire un étang de pêche. Laura Pregno se dit inquiète. Des négociations sont-elles en cours? Elle rappelle que Lasauvage est un village touristique. Beaucoup de gens s'y promènent, y vont au restaurant ou visitent l'étang. Un ilot au milieu de l'étang accueille de nombreux oiseaux. Il est évident qu'un étang de pêche ruinerait tout cela.*
*Par ailleurs, il n'en est question ni dans le programme électoral ni dans le programme de coalition.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se réjouit de pouvoir répondre à cette question.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *en est contente.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *aime répondre aux questions. Dans ce cas-ci, on lui a longtemps raconté que l'étang n'était pas assez profond pour servir d'étang de pêche. Entretemps, il s'est avéré que l'expert n'en était pas un.*
*Guy Altmeisch se promène régulièrement sur ce site et a constaté que l'étang contient des carpes de quelque soixante centimètres. Il s'étonne des discussions au sujet d'un étang existant dans lequel se trouvent des poissons depuis des années. Il pratique la pêche depuis quarante ans et sait qu'il y a un nombre impressionnant de poissons. La pêche serait une plus-value, car elle permettrait de lutter contre la surpopulation et le manque d'oxygène qui en résulterait.*
*Comme le terrain se trouve en France, le service écologique a adressé une demande à la préfecture de Metz. La réponse n'a pas été présentée à la Commission de l'environnement. Mais en tout cas, l'avis de la préfecture est positif. Elle demande simplement qu'une société assure la surveillance de l'étang.*
*Guy Altmeisch rappelle par ailleurs que l'école Nature se trouve à côté. Les enseignants pourraient apprendre la pêche aux enfants.*
*Par ailleurs, les effets sur l'environnement seraient nuls. Pour ce qui est des oiseaux, il y a 300 ha de forêt autour de l'étang. Ils n'ont donc certainement pas besoin des trois arbres sur l'ilot.*
*Guy Altmeisch en a discuté avec les habitants de Lasauvage. Ils sont enthousiastes. Ils sont contents que cet étang serve enfin à quelque chose.*
*Quant à ceux qui disent qu'il s'agit de l'habitat de tritons, ils n'ont qu'à montrer à Guy Altmeisch où ces tritons se trouvent, car il n'en a jamais vu. La commune veut offrir une opportunité au dernier club de pêche de la ville. Les habitants sont enthousiastes. Une surveillance est*

Wann Der bei de Weier gitt – ech ginn elo säit dräi Joer ronderëm dee Weier trëppelen, da gesinn ech, dass do Kaarpen dra sinn. Déi Kaarpen, déi wäerten no bei 60 Zentimeter hunn. An elo kommen Diskussiounen op, elo mécht dann ee gär e Fëschweier aus engem Weier, dee scho besteet a wou scho Fësch iwwer dräi Joer dra sinn.

Ech ka roueg matschwätzen, well ech 40 Joer laang Fëscher sinn: Do ass eng Onmass vu Wäissfësch dran. Wann een eng Ouverture géif maache vun deem Weier fir de Fëscher, ass dat eng Plus-value fir dee Weier. Well déi Populatioun gëtt nämlech vill méi kleng, doduerch dass d'Fësch erausgefaange ginn. An doduercher ass d'Gefor och manner grouss, dass dee Weier op eemol wéinst Iwwerpopulatioun vu Fësch kippt, well e Manktem u Sauerstoff dran ass.

Dat gesot, vu dass de Weier op franséischem Terrain läit a vu dass de Weier der franséischer Legislatioun entsprécht, huet eise Service environnement eng Demande gemaach bei der Präfektur zu Metz. An dat huet sechs Woche gedauert, bis eng Äntwert komm ass. An déi Äntwert ass leider net – ech weess zwar net, wou d'Ursaach läit –, déi Äntwert ass leider net an der Ëmweltkommissioun gewise ginn.

Mee déi Leit, déi schreiwe ganz kloer, vu dass et jo hiren Terrain ass, hir Legislatioun, hir Natur, hir Gesetzgeebung, dass si sech positiv ausdrécke fir d'Schafe vun engem Fëschweier. Dass si sech just frou géife wëssen, wann eng Societéit, oder eng Firma oder esou beoptraagt géif ginn, fir d'Surveillance ze maache vun deem Weier.

D'autant plus gesinn ech eng Plus-value dran, wa mer do e Fëschweier hätten: Mer hunn eng Naturschoul niewendrun, wou Schoulkanner Natur begéinen. Firwat sollen déi Kanner net och Accès hunn zu deem Weier a mam Léierpersonal d'Fëscherei kenneléiere mat all hire Virdeeler, déi och bestinn.

D'autant plus huele mer, wa mer d'Fëscherei opmaache fir dee Weier, der Natur null ewech. Mer zerstéieren null Natur. Dat Villerchersreservat, wat Der sot, op der Insel, do si ronderëm, ech weess net, ech géif awer schätzen, 300 Hektar Bësch, wat Villerchersreservat ass. Wou mer net brauchen op dräi Beem zréckzegräifen, déi op enger klenger Insel stinn. Also maache mer beileiwen näischt futti. Do brénge mer just eng Plus-value.

An och mat de Leit selwer, hunn ech geschwat aus dem Duerf. Déi Leit, déi ware begeeschtert, fir esou eppes kënnen an hirem Duerf ze begréissen: „Endlech huet dee Weier eng Daseinsberechtegung", soen d'Leit aus dem Duerf mir. A mir huele weeder engem roude Molch nach engem schwaarze Molch de Liewensraum, well et ass kee rouden a kee schwaarze Molch dran.

An een, deen dat behaapt, dee soll mir deen éischte weisen. Ech si bal eemol d'Woch do, an ech weess net, wat mer do schlecht géife maachen. Wa mer dann och nach deem leschte Fëscherclub, deen nach hei an der Gemeng iwwerlieft huet, deen zu Nidderkuer besteet, d'Méiglechkeet ginn – an déi Leit si begeeschtert dovunner –, d'Gerance dovunner ze maachen an d'Surveillance ze maachen.eEch mengen, dann hu mer nach eppes geschaf fir déi Nidderkuerer Leit. An déi Nidderkuer Leit wäerten eis dankbar sinn, an déi Lasauvager och, fir esou eng Ouverture.

Dat si meng Erklärungen. Wann den Här Bertinelli, dee mat mer ëmmer kucke geet dohinner, nach kann e puer Erklärunge ginn, da sinn ech frou.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Op d'Iddi war ech och erféiert, wou mer dat gesot hunn. A wéi mer dohi kucke waren, muss ech zwar soen, dass ech terribel enttäuscht war. Mir si mol net duerchkomm fir bei de Weier, esou war en zougewuess.

Dee Wee war zougewuess. Mer sinn nëmmen een Deel komm. Do huet bestëmmt en halleft Joer keen no deem Weier gekuckt. Also d'Weeër, wou d'Leit solle goen, wéi Dir sot, touristesch, dat war zougewuess. Et ass ee mol net ronderëm komm. Eng Kéier samschdes moies war ech mam Buergermeeschter sur place, dat war an engem Zoustand, datt ee gesinn huet: Hei war jo scho méintelaang kee Mënsch méi. Oder hei ass méintelaang

kee spadséiere gaangen an huet no deem Weier gekuckt.

Déi Demande ass effektiv do. Mir hunn och dat gemaach, wat d'Leit soen. Wéi Der richteg sot, e Fëschweier muss verschidde Standarden hunn, datt en iwwerhaapt iwwerliewensfäeg ass. Dat hu mer alles gepréift a gekuckt. An et ass effektiv esou, datt dat e Fëschweier ka ginn, e Frelleweier ka ginn. Wou een dann och Fësch asetzt, wéi de Club dat wëll maachen.

Vu dass d'Demande riseg ass an eiser Gemeng, fir op dee Weier fëschen ze goen, a vu datt mer een hunn a kee Mënsch op dee Weier gaangen ass, ass et dach besser, et gi vill Leit dohinner fëschen.

Ech kann dat bestätegen, d'Begeeschterung, wéi de Buergermeeschter gesot huet, zu Lasauvage war ganz grouss. D'Restauratioun, d'Leit, déi niewendru waren, waren och all ganz frou: „Da komme mol erëm Leit heihinner, déi dann och vläicht emol an de Restaurant iesse ginn".

Wann en Hindernis gewiescht wier am Ëmweltberäich, dann hätte mer Iech dat jo gesot. Et ass nach net ganz fäerdeg. Mee mir sinn iwwerzeegt, datt dat ee gudde Projet ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Cillien an dann den Här Tempels.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Eng Fro dozou. Bei eis ass driwwer geschwat ginn. Ech hat Iech och schonn drop ugeschwat. Wann do elo eppes géif virkommen op ëmwelttechneschem Plang, vu datt et op franséischem Terrain ass, kënnen eis Servicer, Service des forêts, Ëmweltservice intervenéieren? Oder kënnen déi net intervenéieren? Ass garantéiert, datt déi aner dohinnerkommen?

D'Fro, déi mir eis gestallt hunn, ob do net eng Gefor besteet an deem Sënn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wat verstitt Der ënner ëmwelttechnesch? Wat kéint geschéien?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

E kippt.

**ERIC CILLIEN (DP):**

E kippt, jo, oder …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dass all Woch ee laanscht geet a Goldfësch dragehäit. Et kënnen dausend Saachen …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat kann och haut sinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da gi mer d'Goldfësch fëschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et waren och zwee Schwanen do. Déi waren och op eemol gekippt. D'Leit hu geduecht, si wiere vergëft ginn. Do ass awer eng Autopsie gemaach ginn an et hat sech erausgestallt, dass d'Schwanen eng Longekränkt haten.

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. De Ball läit alt erëm bei der Ëmweltkommissioun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Du hues jo och zwou Fotellen haut kritt.

*prévue. Bref, il ne comprend pas où est le mal.*
*Monsieur Bertinelli souhaite-t-il donner d'autres explications ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a pris peur lui aussi quand il a entendu parler de l'étang de pêche. Puis, il s'est rendu sur place et a constaté que l'accès était particulièrement difficile. Il s'est dit que personne ne s'était occupé de cet étang depuis au moins six mois. Madame Pregno parle de tourisme, mais le site est pratiquement inaccessible. Personne ne s'y est promené depuis des mois.*
*Fred Bertinelli confirme la demande de création d'un étang de pêche. Un tel étang doit respecter un certain nombre de standards. C'est le cas de l'étang de Lasauvage. Puisque personne ne visite cet étang, pourquoi ne pas en faire un étang de pêche ?*
*Comme l'a dit le bourgmestre, l'enthousiasme à Lasauvage est grand. Aussi bien le restaurant que les riverains sont contents.*
*Fred Bertinelli se dit satisfait de ce projet.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *avait entendu parler de ce projet. Comme l'étang se trouve en France, est-ce que le service technique ou le service écologique pourraient intervenir le cas échéant ?*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne comprend pas à quel type de situation monsieur Cillien fait allusion.*

**TOM ULVELING (CSV)** *suppose que l'écosystème pourrait être perturbé.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute que les gens pourraient y jeter leurs poissons rouges. Beaucoup de choses pourraient arriver.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que cela peut arriver déjà aujourd'hui.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose d'aller à la pêche aux poissons rouges.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *y a vu deux cygnes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme les propos de monsieur Altmeisch.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que ces cygnes sont morts. Les gens pensaient qu'ils avaient été empoisonnés. Une autopsie a été réalisée et on a constaté qu'ils souffraient des poumons.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que c'est à la Commission de l'environnement de jouer.*
*Il estime que tout d'abord, il faut clarifier la situation avec la France. Qui est responsable s'il arrive quelque chose ? Par exemple, en cas de dispute entre deux pêcheurs.*
*De toute façon, il est encore trop tôt pour parler de ce projet. Quand les choses deviendront concrètes, la Commission de l'environnement donnera son avis. Pour le moment, Guy Tempels ne sait pas exactement ce qui est prévu.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *lui donne raison. Il ne sert à rien que la Commission de l'environnement débatte d'un sujet dont on ne sait rien.*
*Guy Altmeisch clôture la séance publique.*

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech soen Iech elo mol, wat mir an der Ëmweltkommissioun festgehalen hunn. Oder wat mer diskutéiert hunn.

Eppes, wat gekläert muss ginn, dat ass wierklech déi Saach mam franséischen Terrain: Wien ass responsabel, wann eppes geschitt, wann do Leit Sträit mateneen hunn etc., well deen ee mengt, e misst hei sëtzen, deen anere mengt, e misst do sëtzen, si sëtzen a Frankräich. All déi Saachen, déi musse gekläert ginn.

An der Ëmweltkommissioun hu mir festgehalen, wann dee Projet do sprochräif ass – am Moment ass e jo an der Elaboratioun –, kënnt en an d'Ëmweltkommissioun an da géife mir gären dozou Stellung huelen. Ech weess och nach net genau, wat alles soll kommen. Oder mir wëssen nach net, wat wäert kommen. Mee wann et esouwäit ass, wäerte mir an der Ëmweltkommissioun dozou Stellung huelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels, dat ass ganz richteg, wat Der sot. Mir kënnen net alles direkt an d'Kommissioun ginn, ier mer mol wëssen, wat mer eraginn a wou mer dru sinn. Dat ass wouer.

A weider mam Jabel. Ass d'Fro domadder beäntwert, Madamm Pregno? Da sinn ech frou.

Et ass keng Fro méi do, da kënne mer an d'Non-publique iwwergoen.

Wëllplanzesom
Lëtzebuerg

## Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss d'nächst Joer bei Iech hunn?
## Mëtt August bis September ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Bestëbser an d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. Den Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée hunn viru puer Joer zesumme mat weidere Partner eng Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut. D'Baueren vun der *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Genossenschaft produzéieren dat Geseems vun heemesche Wëllplanzen op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.



E Feld vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fir d'Produktioun vu Geseems. Dëst gëtt duerno an d'LUX-Mëschungen ageschafft.



Déi dräi Mëschungen fir de Siidlungsraum. D'Qualitéit gëtt duerch eng Zeritifizéierung séchergestallt.

Kommt Iech en Echantillon vun enger LUX-Mëschung an de Guichet vun Ärer Gemeng sichen!

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen vu 25–50 m² an den Dierfer a Stied kennen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.


All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.

**Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.**

SICONA Naturschutzsyndikat
Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu


# SERVICE KRANK KANNER DOHEEM

FEMMES EN DETRESSE
SERVICE KRANK KANNER DOHEEM





**BETREIUNG VU KRANKE KANNER DOHEEM**
**GARDE D'ENFANTS MALADES À DOMICILE**
**BETREUUNG VON KRANKEN KINDERN ZU HAUSE**





**TEL.: 48 07 79**
**WWW.SKKD.LU**
INSCRIPTION EN LIGNE

FEMMES EN DÉTRESSE

Le Service « Krank Kanner Doheem » est financé par la participation des parents, des dons et par une convention entre Femmes en Détresse a.s.b.l. et le Ministère de l'Egalité entre les femmes et les hommes.